



# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 11.12.2020





Éditeur responsable : Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange  
Retranscription: Christiane Colbett  
Photos: Ville de Dudelange  
Impression: Imprimerie Mechtel  
n°9A / 2020 - Parution: mars 2021





# SOMMAIRE

|                                                                                                                                                            |           |
|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-----------|
| <b>1. CORRESPONDANCE</b>                                                                                                                                   | <b>4</b>  |
| <b>2. CIRCULATION</b>                                                                                                                                      | <b>4</b>  |
| 2.1. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses 2021                                                                 |           |
| 2.2. Confirmation d'un règlement d'urgence – rue Dominique Lang                                                                                            |           |
| <b>3. FINANCES COMMUNALES</b>                                                                                                                              | <b>5</b>  |
| 3.1. Présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2020                                                                                     |           |
| 3.2. Présentation et approbation du budget initial de l'exercice 2021                                                                                      |           |
| 3.3. Approbation du devis estimatif relatif à la rénovation de la façade principale de l'église St-Martin à Dudelange                                      |           |
| 3.4. Approbation du devis estimatif relatif à l'aménagement des aires de jeux au complexe scolaire Lenkeschléi                                             |           |
| 3.5. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement des bâtiments vestiaires et ateliers wagonnage au site NeiSchmelz                             |           |
| 3.6. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement du hall ateliers locomotives au site NeiSchmelz                                               |           |
| 3.7. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement des serrures « Salto » dans les écoles, maisons relais et crèches, phase 1                     |           |
| 3.8. Approbation du devis estimatif relatif à l'aménagement de chemins et de columbariums au cimetière Rellent                                             |           |
| 3.9. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de racleage et de réfection de diverses rues                                                       |           |
| 3.10. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la vitrine au bâtiment du « Tourist Info » 17, rue du Commerce                             |           |
| 3.11. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réparation d'un mur et de la pose de couvre-murs au foyer Minettsdepp                          |           |
| 3.12. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de renouvellement de la toiture à l'école StrutzbiERG D                                           |           |
| 3.13. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement des stores extérieurs à l'école StrutzbiERG D                                                 |           |
| 3.14. Modification du chapitre XXXV - Taxe d'occupation temporaire du domaine public - du règlement-taxes général                                          |           |
| 3.15. Approbation de l'acte de cession gratuite avec la s.à r.l. Immobilière Roxy, au sujet d'un terrain sis à la rue Dicks                                |           |
| 3.16. Approbation de l'acte de cession gratuite avec Monsieur Marcel Laurent, au sujet d'un terrain sis à la rue Dicks                                     |           |
| 3.17. Approbation de l'acte de cession gratuite avec Monsieur Thomas Stutz et Madame Nadine Remakel, au sujet d'un terrain sis à la rue du Mont Saint Jean |           |
| 3.18. Approbation de la convention de collaboration avec l'Université du Luxembourg pour la promotion de la démocratie participative au Luxembourg         |           |
| 3.19. Subsidés compensatoires à attribuer en raison de l'annulation du marché de Noël                                                                      |           |
| 3.20. Subsidés extraordinaires à attribuer                                                                                                                 |           |
| <b>4. OFFICE SOCIAL</b>                                                                                                                                    | <b>47</b> |
| 4.1. Approbation des bilan et compte de profits et pertes de l'exercice 2017                                                                               |           |
| 4.2. Présentation du rapport d'activité de l'exercice 2019 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2020 et du budget initial de l'exercice 2021    |           |
| <b>5. APPROBATION DES CHANGEMENTS À APPORTER À LA COMPOSITION DE GROUPES DE TRAVAIL</b>                                                                    | <b>59</b> |
| <b>6. PERSONNEL</b>                                                                                                                                        | <b>59</b> |
| 6.1. Approbation du relevé supplémentaire des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite           |           |
| 6.2. Création de six postes d'employés communaux et suppression de six postes de salariés (chargé de cours) (école régionale de musique)                   |           |
| 6.3. Création de cinq postes d'employés communaux, groupe d'indemnité B1, éducatif et psychosocial (éducateur diplômé)(service d'éducation et d'accueil)   |           |
| 6.4. Création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement C1, administratif (expéditionnaire administratif)(service santé scolaire)         |           |
| 6.5. Création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement B1, administratif (rédacteur) (service gaz et eau)                                |           |
| <b>7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS</b>                                                                                                 | <b>61</b> |



## Gemengerotssëtzung vum 11. Dezember 2020

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Kolleegen aus dem Gemengerot, e schéine gudde Mueren. Ech begrëssen lech hei an eiser Gemengerotssëtzung, haut de Freiden 11. Dezember, déi am Zeeche steet vun der Budgetpresentatioun vum Joer 2021. Dann natierlech och de classeschen Ordre du Jour. An den nächste Freiden, den 18. Dezember, ass et dann un de Gemengerotsmembere vu Majoritéit an Oppositoun, och dozou Stellung ze huelen, respektiv och zum Vott iwwerzegoen, wat de Budget ugeet. Voilà, also zwee wichteg Deeg, déi mer hei virun eis hunn. Ech wolt nach soen, dass säitens der CSV, d'Sylvie Andrich-Duval sech entschëllegt huet an d'Michèle Kayser d'Procuratioun kritt huet. An ech begrëssen aus sengem Schmelz-Exil eise Member vum Gemengerot vun deene Lénken, de Jos Thill, deen och iwwer Visio bäigeschalt ass, sou dass am Fong de Gemengerot deementspreechend komplett ass. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer op den Ordre du Jour iwwerginn.

## 1. KORRESPONDENZ

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Ënnert Korrespondenz hu mer näischt. An da géife mer gläich op den zweete Punkt weidergoen, Circulatioun, an do ginn ech d'Wuert un d' Claudia Dall'Agnol.

## 2. CIRCULATIOUN

### 2.1. APPROBATION VUM TEMPORÄRE CIRCULATIONSREGLEMENT FIR D'KIERMESSEN 2021

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Jo Merci, mir hunn zwee Circulatiounsreglementer guttgeheeschen. Dat éischt, do geet et ëm eis Kiermessen, d'Summer- an d' Wanterkiermessen, wéi och d'Bierenger Kiermes, déi hoffen ech, d'nächst Joer kënnen rëm ënner normale Konditiounen stattfannen, an dofir huele mer jo och dat Verkéiersreglement. Am Reglement selwer sinn och d'Deeg dran, wou op- an ofgeriicht gëtt. Et ännert sech eigentlech näischt zu de Jore virdrun. Dofir ass vu menger Säit zu deem Verkéiersreglement net allze vill ze soen. Ausser natierlech d'Hoffnung, dass mer et och kënnen a Vigueur setzen an datt d'Kiermesse stattfannen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci Claudia. Froen zu deem Verkéiersreglement?

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Merci, just eng kleng Fro fir d'Ritterfest zu Butschebuerg. Maache mer do och eng Kéier e Verkéiersreglement? Well dat hätt kënnen hei mat dragesat ginn elo. Oder brauche mer do keent?

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Normalerweise gëtt dat eenzel gemeet. An dat ass jo dann och just fir eng gewëssen Zäit. A wann dat en temporäert Reglement ass oder en Urgence-Reglement, dofir geet dat dann net duerch de Gemengerot. Mee wann dat awer de Wunsch ass, da kann een dat och eng Kéier am Virfeld huelen. Ech hu kee Problem domadder.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Hei geet et jo ëm d'Kiermessen. D'Butschebuenger Buergfest ass jo keng Kiermes.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Gëtt et e gewëssene Grond, firwat Dir dat frot? Da wësse mer och, wéi mer sollen domat ëmgoen.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Jo ech hu mech gefrot, well déi lescht Joren hate mir dat net duerchgoe gelooss, well fir all Kiermes maache mer jo een. An zu Butschebuerg gi jo och d'Stroosse gespaart an d'Parkinge geännert, d'Parkreglementer gi geännert... dofir: Et ass am Fong eng reng Formsach, fir dass mer solle richteg si mat allem. An ech mengen, dat hu mer bis elo net gemeet gehat.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Jo, wéi ech scho virdru sot, dat ass nëmmen eng kuerz Zäit, da sinn nëmmen dräi Deeg. An et huet schon alles seng Richtegkeet, soss hätt se eis scho laang dorobber gestouss. Mee dat ass awer kee Problem, wann Dir eng Kéier eng Kopie vun deem Verkéiersreglement wëllt. De Pit ass hei, deen denkt dorun, da schéckt deen lech déi. Oder dat vum leschte Joer dann eeben, oder virlescht Joer, wou et stattfonnt huet.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Voilà, nach weider Froen? Remarken? Neen dat ass net de Fall. Dat kënnen mer op de Vott iwwergoen. Wien ass mat deem dote Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

### 2.2. CONFIRMATION VUN ENGEM REGLEMENT D'URGENCE AN DER RUE DOMINIQUE LANG

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):**

Jo dat si lo leider keng Kiermessen a keng Fester. Hei geet et ëm e Chantier. Dir wësst, dass den Entrepreneur an de leschten Zich ass an der Rue Dominique Lang, tëschent der Parkstrooss an der Niddeschgaass, fir do fäerdeg ze maachen, sou datt d'30er-Zon an och de



Shared Space an d'Niddeschgaass kënnen opgoen. Lo krut awer den Entrepreneur vun der Post a vun der Creos den Optrag, d'Leitungen, déi se während dem Chantier an den Trottoir laanscht de Park Mayrisch geluecht hunn, weiderzeéien, an dat bis an d'Rue Edison. Well et an der Rue Dominique Lang-Strooss eebe wéi ech virdru sot, tëschent der Rue Edison an der Parkstrooss kee Parksträif gëtt, muss eng Fuerbunn gespaart ginn, fir datt den Entrepreneur och do ka schaffen. Fir dee mannsten Agrëff an de Verkéier ze hu gouf d'Fuerspuer an Richtung rue Edison/Breiningerbiere gespaart an domadder gëtt den ëffentlechen Transport dann och net gestéiert. Dir gesitt, et ass e Règlement d'urgence temporaire, wat de Schäfferot geholl huet, well den Entrepreneur huet de 25. November schonn ugefaange mat schaffen. Dofir hu mir dat misse maachen. D'Aarbechten dauere viraussichtlech nach bis zum Ufank vum Kollektivcongé. Also Kollektiv vum Wanter wuelgemierkt, Enn nächst Woch. Den Accès zu den Haiser an zu den Appartementer ass zu all Ament garantéiert. Deviatione goufen och gezechent. A wéi d'Gesetz et verlaangt, musse mer dat Règlement eeben hei duerch de Gemengerot approvéeieren loosse fir datt och alles seng Richtegkeet huet.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia fir déi doten Erklärungen an och Präzisierungen. Si Froen zu deem dote Verkéiersreglement an der Rue Dominique Lang? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géing ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Mir héiere Stëmme do uewen. Wa mer e bësse méi subtil géife schwätze mateneen, dat wier natierlech net Muttwéll. Mir soen lech vun hei aus Merci. Mer géifen zum Vott iwwergoen. Wien ass mat deem Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir lech villmools Merci.

### 3. GEMENGEFINANZEN

#### 3.1. + 3.2. PRESENTATIOUN AN APPROBATIOUN VUM BUDGET RECTIFIÉ VUM EXERCICE 2020 + PRESENTATIOUN AN APPROBATIOUN VUM BUDGET INITIAL FIR DEN EXERCICE 2021

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer zum nächste Punkt iwwer, an dat ass virun allem d'Presentatioun vum Budget rectifié 2020 a vum Budget initial 2021. Et ass gewosst, dass de Gemengerot vun haut an och vum nächste Freiden am Zeeche steet vun der Budgets-presentatioun an och fir déi Prioritéiten iwwert d'Investier, déi mer tätege wëllen. Et kann een am Fong och soen, dass dës Gemengerots-sitzung eng vun deene wichtegsten am Joer ass, well jo och de Budget e ganz wichtegt Dokument ass. Fir dat ze weisen hu mer eng Rei Dokumenter nieft dem

Budget. Do hutt Der jo och de Rapport vun deenen zwou Finanzkommissiounen, déi mer haten. Déi lescht Finanzkommissioun huet elo nach dee leschte Méinde getaagt, de 7. Dezember. Dir hutt natierlech och d'Circulaire vum Inneministère virleien, déi natierlech och Op-schloss ginn iwwert d'Gemeengefinanzen. Ech wéilt och virop vun hei aus eise Comptabel, dem Pascal Poull e ganz ganz grouse Merci soen awer och eise Servicer. Eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus deene verschiddene Servicer, fir hiert Matabréngé bei der Ausschaffung vun dësem Budget. Et muss ee soen, grad dëst Joer war et méi wéi jee e kollektiven Effort fir dëse Budget, deen am Zeeche steet vun der Covid-Kris, an och mam Abroch vun den ëffentleche Finanzen, zesummenstellen. D'Virgaben, déi eis geleet hu bei dëser Opstellung waren natierlech déi vun der leschter Circulaire budgétaire vum 15. Oktober 2020, wou am Fong d'Ausrichtung gi gëtt, makroekonomesch. Ëmmer gekuckt par Rapport zum Kont vum Joer 2019. D'gesäit een am Budget rectifié dass d'Gewerbbesteier, den ICC, en Abroch huet vu 24,4% an de Fonds de dotation globale des communes en Abroch huet vun 11,5%. Wann een dat selwecht kuckt fir den Initial 2020: do huet d'Gewerbbesteier en Abroch vun – 21% an de Fonds de dotation globale des communes – 5,4%. Ech mengen, dat ass d'Ausgangsbasis, déi mer haten, wat d'staatleche Dotatiounen ugeet fir souwuel de Rectifié wéi och den Initial 2021 opzesetzen.

Mir wëssen et alleguer, Dir wësst et alleguer, d'ëffentleche Finanzen, d'Staatsfinanzen an doduerch och d'Gemeengefinanze ginn duerch dës Covid-Kris ganz staark a Matleedenschaft gezunn. Eng Rezessioun zeechent sech un an et bleift och generell eng Incertitude, trotz allen Zenarien a Prognosen, déi ugeduecht, déi gezechent gi vu verschiddenen institutionellen Acteuren, sief dat de STATEC, sief dat d'Europäesch Kommissioun, sief dat de Conseil national des Finances publiques, sief dat d'Cour des Comptes, sief dat d'Banque Centrale, wéi d'Relance kéint stattfannen, a wéi och d'Reprise an der Economie kéint stattfannen, bleift schwéier anzuschätzen, well och makroekonomesch vun enger Reprise, vun enger Relance oft entweder „en V“ oder „en U“ geschwat gëtt. Wéi gesot, do ginn et verschidden Zenarien. Et bleift awer ze soen, dass trotz der Kris, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, steet d'Lëtzebuurger Land besser do wéi vill aner europäesch Länner. Nach ass et sou, dass mer an de Staatsfinanzen en Defizit hu vu 5 Milliarden, an dat bréngt natierlech och mat sech, dass 213 Milliounen Euro manner, generell, an de Gemeengesector fléissen. A fir d'Stad Diddeleng maachen dat am Rectifié 2020 12 Milliounen an am Initial vun 2021 8 Milliounen aus. Also summa summarum, iwwert déi zwee Budgetsjore sinn 20 Milliounen manner Einnahmen, déi mer hunn um Niveau vun eise Recettes ordinaires.



Et ass awer och kloer, dass mer als véiertgréisst Stad hei am Land mat eisen 21.500 Awunner och an der Responsabilitéit sti fir zu der Relance bäizedroen an och kloer eng antizyklesch Politik matzestalten an och unzekuerbelen. Dofir hu mer kloer déi Richtung gewielt, fir 2021 ronn 47,8 Milliounen an de Budget ze setze fir z'investéieren. Dat sinn natierlech Investor, déi direkt de Lëtzebuerger mëttelstännige Betriber, den Handwierksbetriber zegutt kommen. Deene Leit, déi do schaffen an hire Familljen natierlech och. Fir dësen Invest ze stäipen an och héichzehale gräife mer am Initial 2021 op eis Reserven zrëck. 4 Milliounen gi mer sichen. A fir déi Investissementer, den extraordinären Deel kënnen ze finanzéieren, wëlle mer 20 Milliounen léine goe falls dat néideg ass. Natierlech musse mer do mol de Kont vum Joer 2020 ofwaarden. Op alle Fall déi zwee Parametere si wichteg, fir eise Budget am Equilibre ze halen an och fir d'Investier héichzehalen.

Taxenerhéijunge fir 2021 si keng virgesinn. Et wär och onverantwortlech fir d'Haushalter an der aktueller Krisensituatioun nach weider ze belasteschten. A wann ee jo och weess, ass aus sozialpolitesch Consideratiounen an och duerch d'Kris de Mindestloun wéi och de REVIS ëm 2,8% ab den 1.1.2021 erhéicht ginn. Also e politesche Choix fir déi Einnahmen, déi mer manner hunn, duerch Taxenerhéijung kënnen iergendwéi ze recuperéieren, dee Wee gi mer 2021 net. D'Roll vun de Gemengen an och déi vun der Stad Diddeleng, déi war natierlech essentiell während der ganzer Kris. D'Gemeenge waren awer och, dat muss ee soen, fir d'Regierung en zuverlässige Partner während dem 1. an och während dem 2. Lockdown. Do muss een awer och soen dass d'Gemengen nach méi eng grouss a wichteg Roll hu während a fir d'Relance unzekuerbelen a mir huelen och do eng Rei Initiativen. Déi wëlle mer och als Stad Diddeleng wouerhuelen an iwwert deen dote Wee droe mer kloer zur Resilienz zesumme bäi a weisen eis och domadder solidaresch iwwert déi verschidde Moosnamen an och iwwert déi verschidden Investor, well dat och Elementer sinn, déi eise Bierger zegutt kommen. 2021, wéi gesot, mat deene 47,8 Milliounen Euro, déi mer investéieren, setze mer natierlech de Fokus op Schoul a Kannerbetreierung, op urbanistesche Projete mat all hire Facetten, op Logementsprojeten an op d'Preparatioun vum Kulturjoer 2022 iwwert eng ganz Rei Investor.

Mir wäerten do och herno méi am Detail drop agoen. Mee et sinn am Fong déi véier Punkten hei, déi véier Elementer, déi am Zeeche sti vun de Prioritéite vum Joer 2021. A priori an där Enveloppe vu 47,8 Milliounen Euro hu mer keng Projete wechgeleest. Dass mer dës Investor tätege wëllen, trotz Abroch vun den öffentlichen Finanzen, trotz Réckgrëff op Reserven an en Emprunt, ass am Fong en phase, en lien, mat deem, wéi mer bis elo gewirtschaft hunn, mat der Ëmsetzung vun eise Projete virun der Crise sanitaire an och virun der ekonomescher Kris. Mir haten ëmmer hei am Virdergrond stoe Projeten, déi kee Prunkbau sinn, keng Projeten, déi „nice to have“ sinn, mee Projeten, déi Diddeleng onbedéngt brauch, fir sech weider kënnen ze moderniséieren a weider kënnen dynamesch ze bleiwen. An där Optik hu mir hei zu Diddeleng jo och ni geschafft. Mir hunn ëmmer

no eise Mëttele gekuckt a Prioritéiten op déi Projete gesat, déi fir dës Stad wichteg an utile sinn. An an där Optik si mer och 2021.

An de 50er Joren, an engem komplett anere politesche Kontext, sot de Pierre Mendès-France: „Gouverner, c'est choisir, si difficile que soient les choix.“ Et ass sécher keen einfache Choix, op Reserven an op en Emprunt zrëckzegräifen a sech wëllen ze verschëlden. Mee et huet de Virdeel, zou der Relance bäizedroen an Diddeleng weider ze promovéieren. Et wär sécherlech e méi einfache Choix gewiescht, net drop zrëckzegräifen, mam Resultat, manner z'investéieren a mam Nodeel, dass mer weeder Diddeleng weiderbréngen nach liewenswäert halen, nach zu der Relance bäidroen. Dat si keng Choixen, déi mir fir 2021 treffen. De méi schwierige Choix huet awer och de Virdeel, dass mer d'Moderniséierung vun eiser Stad ofsécheren, wou all Generatioun mat abegraff sinn, all Generatioun zegutt kënnt, a wou mer natierlech och iwwert deen heite Wee mëttel- a längerfristeg Akzenter setzen. Also mat oder ouni Kris, normal Zäiten oder net, dësen héijen Invest ze tätegen ass noutwenneg fir Diddeleng kënnen weiderbréngen. Wa mer lo op d'Eckdaten eragi vum Budget rectificié 2020, dat an enger e bësse méi genereller Aschätzung vun de Staats- a Gemeengefinanzen. Wann een de Budget rectificié 2020 ukuckt, wann een do bei de Recettes ordinaires bleift, do hu 92.248.538,21.- €, bei den Dépenses hu mer 83.812.314,60 €, dat mécht eis e Boni vun 8.436.223,61.- €. Wa mer eriwerginn op d'Recettes extraordinaires, do hu mer Einnahme vun 7.577.723,10.- € an Ausgabe vun 37.700.837,33.- €, also e Mali am Extraordinaire vun 30.123.114,23.- €. Wa mer natierlech déi Sue eriwuerhuelen aus dem Kont 2019, déi 31.140.029,16.- €, da komme mer op e generelle Boni 39.576.252,77.- €. A wa mer do de Mali aus dem Extraordinaire ofzëien, hu mer am Fong am Budget rectificié 2020 en Iwwerschoss, e Boni définitif vun 9.453.138,64.- €.

Dat ass eng gutt Ausgangspositioun, an do maache mer par Rapport zum Initial 2020 en Iwwerschoss vu 6.328.157.- €, also ronn 6,3 Milliounen méi. Dat heescht, mir hunn trotz deenen 12 Milliounen manner, déi am Budget rectificié 2020 sinn e gudden Ofschloss am Rectifié. Natierlech, wéi gesot, déi 12 Milliounen – Fonds de dotation globale des communes an ICC – manner staatlech Dotatiounen. Am Rectifié 2020 ass natierlech och déi 1 Millioun Restanten dran, dee kläreschen Deel wéi all Joers. An natierlech och manner Participatioun vun den Elteren, par Rapport zu der Maison Relais. Déi Hausse vun de Recettes extraordinaires ass virun allem duerch eng ganz Rei staatlech Subsidien an och Report vu Subsidien, déi mer kritt hunn. An den ordinären Dépenses, grad eeben duerch de Lockdown si 5 Milliounen Dépenses manner. Wann ee kuckt, den Initial '20 par Rapport zum Rectifié '20, dat ass engersäits awer och de ganze Volet vun de Manifestatiounen, déi mir dobaussen organiséieren, déi eeben duerch de Lockdown ewechgefall sinn. Et sinn Aspuerungen am Personal, et sinn awer och hei an Haus, an Centre culturel régional Op der Schmelz eng ganz Rei Concerten, déi ewechgefall sinn. Quitt dass mer de politesche Choix geholl hunn, den Artisten awer



en Deel vun hirem Cachet auszebezuelen. Quitt dass se dann '21 oder méi spéit am Joer '21 kënnen oprieden. Mä haten awer och wa mer engersäits Depensen aspueren duerch d'Covid-Kris och en Rei Depensé méi, sécherlech dat ganz Material, wat mer hei hu missen uschaffen, fir Desinfektiounsmëttelen an alleguerten eise Gebaier. An awer och duerch d'Decisioun vun der Regierung, grad eeben och a Krisenzäiten déi méi schwach Haushalter ze ënnerstëtzen, fir d'Allocation de vie chère ëm 50% ze erhéijen. Do si mer natierlech och nogezunn. An et huet awer och an dësem Budget ausgemeet, dass eis Allocation de vie chère vu 650.000.- € op 1,3 Milliounen € eropgaangen ass. Mee ech mengen, dat ass awer e ganz wichtegen an och néidegen Invest.

Par Rapport och zum Initial 2020, d'Dépenses extraordinaires, déi ëm 1,3 Milliounen an d'Luucht gaange sinn, engersäits duerch d'Stëmme vun zousätzleche Kreditter och hei am Gemengerot an och deen oder anere Report bedéngt duerch de Lockdown. Generell also wéi gesot eng gutt Ausgangsbasis fir 2021. Mir hunn op där anerer Säit, nieft dëser Kris, virsiichteg an responsabel gehaushalt. Dëst par Rapport zum Rectifié 2020. Wann een elo iwwergeet op de Budget initial 2021. Och do géif ech dann op de Volet ordinaire an extraordinaire agoen. Recettes ordinaires: 102.372.150,70.- €, Dépenses 95.165.710,97.- €, dat mécht eis e Boni am Ordinaire vun 7.206.439,73.- €. Recetten am Extraordinaire: 32.674.600.- €, Depenses: 47.837.637,20.- €. Dat mécht eis dann am Extraordinaire e Mali vun 15,1 Milliounen Euro. Ech ginn herno nach weider drop an, an de Recette vum Ordinaire, do si 4 Milliounen Reserve mat dran an an de Recette am Extraordinaire, wéi gesot, do ass en theoreteschen Emprunt dra vu 26 Milliounen Euro. Mir hunn, wa mer de Kont vun '19, respektiv de Rectifié '20 mat eriwuerhuelen, sou wéi mer e lo opgestallt hunn, hu mer dann e Boni vun 9.453.238,54.- € sou dass mer en de definitive Boni vum Initial '21 ze verzechnen hu vun 1.496.540,98.- €. Dat ass am Fong sou wéi mer den Initial 2021 opgestallt hunn. Wat am Fong d'Investier an d'Exekutioun vun de Projeten ugeet, bon wat fanne mer do rëm? Ech wäert herno op eng Rei vu Projeten agoen, an d'Kollegen an d'Kolleginnen hei aus dem Schafferot en fonction vun hire Ressorte jo och op hir Projeten, op hir Ressourcen. Do sinn engersäits natierlech Projeten dran, am Budget initial '21, déi den Ament lafen, déi en cours sinn, déi sech iwwert 2-3 Budgetsjoren zéien. Et sinn nei Projeten dran, déi mer dëst Joer gestëmmt hunn, mee déi d'nächst Joer fir d'éischt exekutéiert ginn. An et sinn natierlech komplett nei Projeten, déi een am Budget '20 net erëmfënnt, déi een awer am Budget initial erëmfënnt, an déi mer och do wëllen ëmsetzen. Also déi dräi Parametre si Bestanddeel vun den Investier ronderëm déi 47,8 Milliounen Euro. Wéi gesot, d'Reserve 4 Milliounen, an dann 20 Milliounen theoreteschen Emprunt. Et muss ee soen dass mer dës Kéier, duerch den Apport eebe vun den effentleche Finanzen an der Situatioun sinn, wou mer en Emprunt ophuelen, wëssend dass mer vun 2017 un, also 4 Joer hannerteneen, keen Emprunt opgehall hunn an natierlech och generell, als Stad Diddeleng, wéi déi 102 Gemengen hei am Land, vun enger exzellenter ekonomescher Situatioun konnte profitéieren. 2017,

2018, 2019, well do exzellent Jore waren um Niveau vun de Staatsfinanzen, also och exzellent Jore fir de Gemengesector. Dat soll een net vergiessen.

Wann ech e bësse méi am Detail op de Budget initial aginn: An de Recettes ordinaires, do hu mer am Fonds de dotation globale des communes 63 Milliounen Euro drastoen, bei der Gewerbesteier 1,7 Milliounen Euro, an am Impôt foncier 825.000.- €. Also vu staatlechen Einnahmen, staatlechen Dotatiounen, mécht dat 65,5 Milliounen aus, also gutt 64% vun eise Recettes ordinaires. De Rescht, nieft dem Emprunt, dat sinn natierlech staatlech Subventiounen, déi mer kréien, fir Missiounen, déi mer ëmsetzen. Sief dat fir de Fonctionnement vun de Crèchen, vun de Maisons Relais, mee awer och d'Participatioun vun den Elteren. D'Schoulen an d'Coursen, déi mer ubidden och an der Museksschoul, dat sinn déi Elementer, déi mer an de Recetten erëmfannen. A wéi gesot, d'Gemengentaxen, dat si ronn 10 Milliounen Euro, wou mer och dëst Joer eng nei Taxe drasetzen, wat zwar eng Null-Operatioun ass um Niveau vun de Recetten an den Depensen. Dat ass ab dem 1.1.2021, wann de Staatsbudget d'nächst Joer gestëmmt gëtt, dann ass jo dann CO2-Steier déi agefouert gëtt. A vu dass mir als Stad Diddeleng jo Proprietär si vun eise Gasresseau, gëtt natierlech och déi Taxe erhuewen um Niveau vum Reseau an et gëtt natierlech och weider facturéiert un de Bedreier vum Reseau, den ekonomesche Bedreier. Sou dass et fir d'Stad Diddeleng eng Null-Operatioun deemtspriechend och gëtt. Ech wollt hei och nach eng Kéier drop agoen, par Rapport zu deem, wat ech virdru gesot hunn, dass et kee politesche Choix ass an och keng politesch Optioun ass, 2021 d'Taxen ze erhéijen an och do ervirsträichen, dass déi lescht Adaptatioun vun de Gemengentaxen 2016 war. Also vun 2017 bis 2021, also mat 2021 mat abegraff, also 5 Joer laang keng keng Hausse vun den Taxen. An et wär och sécherlech net verantwortbar, wann ee weess, dass mer grad déi Diskussioun och hei hate ronderëm de Restanten, wou mer och genau wëssen, dass déi méi schwach Haushalter déi sinn, déi Schwierigkeeten hunn, am Bezuele vun den Taxen nozekommen, wësst mer dass och do dat natierlech en Impakt hätt, wa mer dat géife maachen. An dëser aktueller Kris ass dat, mengen ech, kee politesche Choix.

Wat d'Dépenses ordinaires ugeet, natierlech kascht et eis eppes, dës Gemengerot, dës Gemengerotssitzungen an déi Leit, déi hei sëtzen an hire Congé politique kréien an och huelen, an dee muss mer jo och rembourser. Dat ass an der Héicht vun 256.000.- €. Mir hunn awer och de Solidaritéitsbeitrag par Rapport zum Chômage, de Fonds pour l'Emploi, dat sinn 91.750.- €, dat si jo 2% vun der Gewerbesteier. An eise Recette fanne mer jo och eis Annuitéiten erëm, dat sinn 1,2 Milliounen Euro. Bon, den Ament muss ee jo soen dass mer an enger confortabler Situatioun sinn, wat d'Pro-Kapp-Verschëldung ugeet, déi läit bei 672.- €. Wann een den Emprunt géif ophuele vun deenen 20 Milliounen €, géif dee jo réischt 2021 spillen an do hätte mer dann Annuitéite vun 1400,806.- € pro Awiner, mee dat ass theoretesch, mir wësse jo guer net, mir wësse jo guer net, ob mer déi 20 Milliounen hei zéien oder net, a



wéi gesot, déi Annuitéiten, déi den Ament bei 1,2 Milliounen sinn, spillen net 2021, mee réischt 2022, well mer den Emprunt jo réischt am 2. Semester ophuelen, onofhängeg vum Montant, wou et deementspreechend och ass. Dann d'Participatioun vum CGDIS, 50% wou jo d'Fraise sech d'Gemengen an de Staat deelen. Do läit eis Contributioun dëst Joer bei 856.544.- € Dat ass dee ganze Volet ronderëm Frais de Fonctionnement respektiv awer och Personal. Mir hu jo hei d'Decisioun geholl, dass mir Proprietär bleiwe vun de Gebailechkeeten an do ass jo och an dësem Budget, am Extraordinaire jo och eng Depense, déi mer tätegen, fir och do eise CGDIS an eis Gebailechkeeten weider ze securiséieren. Wat och neierdengs weider an den Dépenses ordinaires dran ass, mee dat ass net anescht hei zu Diddeleng, wéi och an de Budgete vun deenen anere Gemengen. Mir hunn 120.000.- € agesat fir Vollekszielung, wéinst dem Recensement, de jo 2021 soll stattfannen. Quitt dass jo do am Ament Diskussiounen lafen, fir do e Report ze maachen. Mir brauchen awer do natierlech Leit, déi do aktiv ginn. An do hu mer och Indemnitéiten agesat fir déi Leit, déi do aktiv gi ronderëm de Recensement, dee jo all 10 Joer stattfënnt.

Dann, an den Dépenses Ordinaires e weideren Deel, dee wichteg ass, dat sinn déi ganz Efforten, déi gemaach gi si grad eeben an der Covid-Zäit, mee virdrun hu mer mengen ech och Akzenter drop gesat, dee ganze City-Management, déi ganz Efforte ronderëm d'Geschäftswelt, déi mer weider stäerke wëlle mat der Promotioun vum Centre commercial vun eisem Stadkär. Fir d'Geschäftswelt weider z'ënnerstëtze maache mer eng ganz Rei Moosnamen: 120.000.- € nieft der Locatioun vun de Geschäfte, déi mer hunn. LetzShop, wou mer weider ënnerstëtzen, LetzShop, deen och duerch d'Covid-Kris en immense Boost kritt huet a reegelerrecht explodéiert ass a punkto Commanden. Diddeleng ass och dovunner betraff mat deene Commercen, déi op LetzShop sinn. Natierlech och déi erfreesch Noricht, dass während der Covid-Kris och nei Commercen opgaange sinn a mer och iwwert eis City-App eisem Commerce jo och d'Méiglechkeet ginn hunn, eng nei digital Vitriin ze ginn iwwert d'City-App mat der Rubrik Shopping. Ech mengen och déi féiere mer weider, wéi och déi Diskussiounen, déi mer weiderféiere mat de Geschäftsleit an och Lëtzebuerger Designer, fir dass se och weider Animatiounen an Aktivitéiten hei kënnen maachen. Sécherlech, d'Geschäftswelt, an dat mierke mer och elo, huet natierlech ënnert der Crise sanitaire ze leiden. Dofir ginn et jo eng ganz Rei Moosnamen, déi mer geholl hunn 2020: Sief et mat mat deenen Initiativen „MäinDiddeleng.lu“ a mat deene Bongen, ronderëm 300.000.- €, respektiv mat Diddeleng.lu 60.000.- € waren dat Initiativen, déi mir als Stad Diddeleng geholl hunn, nieft den Initiativen, déi d'Regierung geholl huet fir generell den Handel ze ënnerstëtzen. Op alle Fall och 2021 wäert dat weider am Fokus stoen. Wou mer mat de Geschäftsleit an och mam Geschäftsverband wäerte weider schaffen. Wat natierlech och en Nidderschlag fënnt an och do eng kleng Erhéijung, well och d'Regierung eng Erhéijung ugekënnegt huet: d'Allocation de vie chère, déi eropgeet op 750.000.- €. Och do déi méi schwach Haushalter, déi weider ënnerstëtzt ginn an dëser Kris. Also och sozial

Komponenten, déi ganz wichteg ginn.

D'Personal wäert och wéi üblech an dësem Budget drastoen. Engersäits déi normal Evolutioun vun de Karriären, awer och nei Astellungen, déi mer tätege wäerten, wann eeben och d'Maison Relais um Ribeschpout, respektiv d'Schoul op Lenkeschléi opgeet, wou mer edukatiivt Personal astellen. Dat mécht ronn 1 Millioun aus am Budget. Also wierklech och do en Hoff. Op där anerer Säit hu mer jo och d'Crèche am Quartier Italien, wou d'Personal jo integral vum Staat iwwerholl gëtt a wou mir op där anerer Säit den Invest un de Maueren zu 100% gedroen hunn. Wat awer och ervirzesträichen ass, an et gëtt net oft doriwwer geschwat, wat d'Personal ugeet, dass mer als Stad Diddeleng eise Rôle als Ausbilder wouerhuelen. Net manner wéi 24 Apprentië sinn an deene verschiddene Services tätege. Ob dat an eise Structures d'accueil ass, ob dat an eise verschiddene Regiebetreiber ass, wou d'Apprentien en Handwierk léieren. Mir iwwerhuelen do als Formateur, als Stad Diddeleng Responsabilitéit. An natierlech huet dat och am Budget säin Nidderschlag. A mir wäerten natierlech och an deem dote Kontext och déi Bestandsopnam, déi mer maache ronderëm d'Optiméierung vum Asetze vun eise Personal och weiderféieren. Dann, wéi gesot, wat een nach dran erëmfënnt, do wäerte mer herno nach méi am Detail drop agoen. Dat ass ronderëm d'Preparative vun der Kulturhauptstad. 18 Projeten, déi jo zu Diddeleng stattfannen. 12 vun A.s.b.l.en, déi mir als Gemeng ënnerstëtzen, 6 vun der Stad Diddeleng. Do hu mer 300.000.- € ageschriwwen, an eise Kulturschäfte wäert sécher herno nach am Detail drop agoen. Och do lafen d'Preparativen op Héichtouren.

An de Recettes Extraordinaires: do hu mer jo an deenen 32,6 Milliounen € en theoreteschen Emprunt drastoen vun 20 Milliounen €, dat mécht 61,2 % aus vun den extraordinairë Recetten an de staatlech Subsidien, déi mer kréien, déi also konnex sinn zu den Investier, zu den Dépenses extraordinaires, wou mer e Subsid kréien. Dat mécht dann also 12,6 Milliounen aus, dat sinn dann 38,8%. An déi Subsidien, déi mer kréien, déi dann eebe konnex sinn, mat deenen Investier, déi mer tätegen, ass par Rapport zu eisem Hall Polyvalent ½ Millioun, par Rapport zum Klimapakt, d'Renovatioun vun der Haaptentrée vun der Fassad vun der Kierch, wat eis hei och nach am Laf vum Dag wäert beschäftegen, d'Schoul Lenkeschléi, de Floater – och fir 2022. An, wat awer och ganz positiv ass, an dat muss ech hei ervirsträichen, och en neie Moment, deen ervirkomm ass duerch d'Covid-Kris awer och duerch d'Iwwerdenke vun de Subsidie generell. Et ass jo sou dass am Inneministère d'Subsidie fir d'Gemengen ëm 5 % eropgesat si ginn. Wat awer en Novum ass. An dovunner profitéiere mer och direkt bei der 3. Phas vun der Ëmsetzung vum Shared Space dass d'ëffentlech Plaze mat subventionéiert ginn. Dat war jo bis dato ni de Fall. An dofir hu mir hei an den Recettes extraordinaires ½ Millioun drastoen, an do ware mir eis och mam Intérieur eens, mir hunn och scho mat hinne Récksprooch geholl, dass si eis fir déi 3. Phas och e Subsidie kënnen ginn. Dat ass net réckwierkend fir déi leschte Joren. Mee op alle Fall, déi nei Projeten, déi mer hei iwwert déi 3. Phas an Ugrëff huelen, déi



kréie mer iwwert den Inneministère mat finanzéiert. Déi aner Voleten hu mer jo iwwert d'FEDER-Subside mat finanzéiert kritt an och dëst Joer steet jo en Deel vun de Subside mat dran. Mee awer, mengen ech, en neie Moment vun der Subsidpolitik um nationale Plang, wou mer awer och natierlech um lokale Plang dovunner profitéieren. An och dat ass ganz positiv. Pacte Logement: do hu mer 91.800.- € dragesat. De Pacte Logement, dee jo dëst Joer ausleeft, a wou jo och drop gewaart gëtt datt en neie Pacte Logement gestëmmt gëtt, wou och d'Gemeenge weider ermutegt ginn an de Logement z'investéieren. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck. Wéi gesot, nach eng ganz aner Rei Projeten, wou mer och Subside kréien: Strutzbiërg fir de Gymnase an och fir d'Piscine vum Sportsministère 3 Milliounen a da fir d'Equipements collectifs 1/2 Millioun. Dat zu eise Recettes extraordinaires.

Wann ech elo op d'Dépenses extraordinaires aginn, also d'Investier, déi mer tätege wëllen... et zeechent sech kloer eraus, dass mer d'Investier steigere. Also den Investitiounsvolume par Rapport zum Initial 2020 a par Rapport zum Rectifié 2020, dee jo do variéiert huet vu 36 Milliounen op 37 Milliounen. Elo 47,8 Milliounen €, et gëtt also hei kräfteg gesteigert, e kräftegen Invest. Mir leeën also e Zant zou, dat am Kontext vun enger Kris a vum Abroch vun den ëffentleche Finanzen. Vun deene 47,8 Milliounen Euro gi ronn 13,2 Milliounen Euro also ronn 28 % a komplett nei Projeten. Ech hunn lech virdrun d'Architektur erkläert wat am Fong déi 3 Elementer sinn, déi eis Investier ausmaachen. 72% vun de Projeten, 72% vum Budget vu Projete sinn also gesat duerch Projeten déi en cours sinn respektiv duerch Projeten, déi mer gestëmmt dëst Joer gestëmmt hunn an déi dann d'nächst Joer fir d'éischt ëmgesat ginn, nieft deenen, déi fir '21 nei gestëmmt ginn. D'Prioritéiten, dat hat ech virdrun och scho gesot, ass alles ronderëm Logement an Equipements collectifs: 29% Kultur, respektiv déi ganz, Fräizäitgestaltung, respektiv déi Investier do ronderëm 23%, an natierlech och den Enseignement, e ganz wichtege Deel, nieft der leschter Tranche vun Investier, déi mer tätege ronderëm d'Schoul Lenkeschléi sinn awer eng ganz Rei kleng awer wichtege Renovatiounsprojeten an eise sëllege Schoulgebaier och Quartiersschoulen, déi mer hei hunn. Ech mengen och dat ass net onwichtig hei ervirzesträichen. Ech gi vläicht op déi Voleten an, déi mech als Buergermeeschter a menge Ressorte méi beschäftegen. An ech géif do mam Urbanismus ufänken. 2020 hu mer hei am Gemengerot de PAG an d'Prozedur geschéckt. Dee wäert eis natierlech '21 beschäftegen: Mir sinn an enger Situatioun, wou mer d'Prozedur ofgeschloss hunn, wat d'Reklamatiounen ugeet. Do hu mer ronn 70 Reklamatiounen, déi erakomm sinn. Auditounen, eng 1. Tranche, déi mer lo viru gutt 2 Wochen haten, déi nächst wäerten '21 stattfannen, Ausgangs Januar/Februar. Dat si mer am Gaang ze organiséieren. Mir waarden och nach op d'Avisé vum Environnement an och par Rapport zum Intérieur... Dee vum Environnement krute mer schonn, respektiv dee vum Intérieur, wat am Fong hiren Avis ass zu eisem PAG. Dee Groupe de travail, de sech d'nächst Woch gesäit an dee wäert och beschäftegt gi mat der weiderer Ausaarbechtung vum PAG, fir dass mer da

kënnen och 2022 den definitive Vott huelen. Dat Ganzt wäert eis nach 2021 beschäftegen. Dofir hu mer och e Kredit agesat vun 140.000.- €. An och an deem Kontext d'Ausaarbechtung ronderëm de Plan Directeur Hesper. Wéi gesot 90.-000.-€, déi zwee gehéieren zesummen, respektiv lafe parallel.

Dann am Stadkär – ech hat virdru geschwat iwwert déi nei Subsiden – am Shared Space wäert och déi 3. Phas eis weider beschäftegen. Déi 2. Phas, déi jo fäerdeg ass, déi 3. Phas, déi jo d'nächst Joer ufänkt. Ronn 3 Milliounen Euro fir déi 3. Phas. Am Fréijoer wäerten d'Aarbechte lassgoen op der Kinnenplaz. D'Ausschreiwunge sinn ofgeschloss, d'Attributioun vum Marché ass am Gaang finaliséiert ze ginn. D'Claudia wäert och op déi nächst Projeten agoe ronderëm generell de Stroossebau. Mee bon, dat hei ass jo e Projet, wou Ponts & Chaussées de Lead huet, wou mir eis jo drugehaangen hunn, wat de Shared Space ugeet. Si hunn de Lead, well si och de ganze Volet Zouftgen a Rue du Commerce maachen. Do hu mir och e Kredit ageschriwwen vun 3,7 Milliounen Euro. Déi zwee Projete lafe parallel an den drëtten Projet, deen derbäi kënnt, dat ass am Fong d'Haaptentree vum der Kierch, vum der Fassad. 2021 hu mer 800.000.- € do dragesat. Mär si jo Proprietär vun där Kierch, wat e wichtege Patrimoine ass am Stadkär. Sief et e Patrimoine architectural, e Patrimoine historique, e Patrimoine culturel an e Patrimoine culturel, wou mer jo och Subsidë kréien op där anerer Säit vum Kulturministère, vum Sites et Monuments. 2022 wäerte mer dann éischter un deenen 2 Tieren en Invest maachen, lénks an op där rietser Säit. Mee in globo kann ee soen, ass fir 2021 ronn 7,5 Milliounen virgesinn, fir déi dräi Projeten do ëmzesetzen. Dann, natierlech de ganzen Invest, dee mer tätege ronderëm eis Schoulen an eis Maison Relais. Lenkeschléi mat deene verschidde Komponenten, 1,2 Milliounen Euro. D'Josiane wäert sécherlech nach méi am Detail dorop agoen. De Ribeschpont mat 3,5 Milliounen Euro an d'Crèche am Quartier Italien mat de ganzen Alentouren 1,5 Milliounen Euro. Also ech mengen och hei e gudden Invest a Schoul a Kannerbetreierung. An niewebäi och do de Gymnase an d'Piscine um Komplex Strutzbiërg, wéi och déi oppe Schwämm, déi mer weiderféieren. Och do, wéi gesot, iwwer 5 Milliounen Euro, wou mer wierklech investéieren, an do wäert de Loris och nach méi am Detail drop agoen. Dat sinn déi Projeten, déi gesat sinn, déi eis eppes kaschten, an déi et och wichtege ass, weiderzeféieren. Wat e Projet ass, dee mer dëst Joer gestëmmt hunn, deen d'nächst Joer wäert an d'Exekutioun kommen an och am Hierscht fäerdeg sinn, dat ass an der Beetebuergerstrooss eisen Hall Polyvalent, also en Invest, dee mer maache fir eis Diddelenger Veräiner. Gutt 4 Milliounen Euro, déi mer am Budget stoen hunn. D'Etüd-Käschten, déi waren dëst Joer am Budget. E Projet, deen eis am Ganze 4,3 Milliounen kascht, dee jo am Holzbau ass, deen och an der Kreeslafwirtschaft ass, a wou jo och geplangt ass, dass deen am Hierscht 2021 fäerdeg ass, also och eng nei Bleif fir eis fir eis Veräiner. En neien Hall Polyvalent, wou och villsäiteg ka genotzt ginn a wou mer och natierlech hei en neien, modernen, ekologesche Bau wäerten hunn. Wat mer och dragesat hunn ass eng déck Millioun fir eis Regiebetreiber, fir den Neibau. Mir hate jo virum leschte



Gemengerot hei d'Konventioun, wou mer den Terrain jo kritt hu vum Här Hoferlin, well mer déi jo brauche fir den Neibau ze maachen, well d'Regiebetriber wierklech an engem Enkpass sinn a mer och ëmmer weider dran investéiere fir ze moderniséieren. Well mer wierklech hei déi Méiglechkeet hunn. Et ass jo virgesinn, dass och am Laf vum Joer den Acte notarié gemeet gëtt, sou wéi dat och an der Konventioun feststeet. Mee hei ass et och wichtig, dass mer an der Rue de l'Abattoir un d'Aarbechte kënne kommen an d'Prämiss dovun ass, dass mer d'Terraine kréien. Op där anerer Säit musse mer och hei soen dass mer, well d'Firma en tant que telle jo Faillite gemaach huet, dass och Primavera aus dee-ne Gebailechkeeten, déi eis jo gehéieren, eraus ass. Do ass de Contrat de bail och gekënnegt ginn. Mee och si hunn hir Aktivitéiten ofgebaut, well et hinnen och generell net gutt geet an eng Rei Branchë vun hinne Faillite gemeet hunn. Sou dass hei déi nei Momenter och gi sinn, fir deen doten Neibau kënnen an Ugrëff ze huelen. Mee ech mengen dass mer sécherlech och eng Kéier an en informelle Gemengerot zrëckkommen, fir lech eng Ausrichtung ze ginn, wéi deen Neibau kann ausgesinn. Well et e ganz komplexe Projet ass, dee sech och a Phase wäert ëmsetzen. Et ka jo net alles an enger Kéier gebaut gi well nieft dem reguläre Betrib jo alles muss oprechterhale ginn och wann en Neibau, eng Modernisatioun gemeet gëtt.

Dann am Park Le'h, zwee wichtig Projeten, wou mer als Gemeng jo Proprietär si vun den Terrainen a wou mer och hei eng gutt Millioun virgesinn hu fir d'Infrastrukturkäschten. Dat ass engersäits fir d'Déierenasyl, wou mer Bauhär sinn, wou mer 250.000.- € dragesat hunn. An och d'Fleegestatioun fir d'Wëlddéieren, wou mer zwar net Bauhär sinn, mee wou mer wëlle finanziell contribuëieren, do wäert de Ren nach méi am Detail drop agoen. Och do e Projet, wou 1,5 Milliounen gesat sinn. A wat eis och wichtig ass, ech menge mir hu jo hei am Gemengerot och ëmmer déi Projete gestëmmt, wat d'Modernisatioun ugeet, engersäits vum Gemengegebaier, vum fréiere Police-Gebai, vum Kiosk. Wat mer lo an Ugrëff wëllen huelen ass déi fréier Pompjeeskass, wou eng Rei vun eise Servicer sëtzen, an dofir hu mir fir 2021 mol gutt 250.000.- € dragesat, well dat och e Gebai ass mat all senge Schwierigkeeten, well dat och e Gebai ass, wat um Inventaire supplémentaire ass, a wou mir och natierlech mat Sites et Monuments musse kucken, wéi mir dat och fachgerecht renovéiere kënnen. De Fuerpark vun der Gemeng, dee schléit mat 520 000 € zu Buch, dee mer jo och ëmmer erëm konsequent erneieren, well mer do och Gefierer hunn, déi schonn e gewëssenen Alter hunn an déi am Alldag am Asaz sinn. A fir där Missioun vum Intérêt général kënnen nozegoe brauche mer natierlech och Gefierer, déi fueren. An ech mengen do ass et wichtig, dass mer eisen Unimog fir de ganze Salage an Dénneigement kënnen erneieren 200.000.- €, an en neie Chargeur 135.000.- €, dat sinn déi 2 Haaptprojeten, déi mer hei wëllen drasetzen. Dann awer, en Hoff dee mer dëst Joer och maachen an och dat fënnt seng Nidderschrëft am Budget, dat ass um Niveau vum Wunnensbau, vum subventionéierte Wunnensbau, wou mer jo och Subsidë kréie vum Logementsministère. De Projet an der Rue du Commerce,

wou mer jo ½ Millioun drasetzen, wou jo 12 Unitéiten matten am Stadkär geschaf ginn. Dann de Projet Lenkeschléi, deen och am Hierscht wäert ufänken. Déi 5 Maisons unifamiliales, wou mer jo och jonke Famillje wëllen zegutt komme loosse, wou mer jo och hei de Projet gestëmmt hunn am Gemengerot, den Devis. 1,6 Milliounen, déi mer hei drasetzen. An natierlech en neie Projet, 2021, an der Rue Nic Bodry. 12 nei Unitéiten, déi do entstinn a wou mer 2021 2,4 Milliounen dragesat hunn. Engersäits d'Acquisitioun vum Terrain, déi mer jo och vum Logementsministère subventionéiert kréien, respektiv awer och de Bau. Dat ass e Projet, deen eis '21 an '22 wäert beschäftegen. Also dräi Wunnensbauprojeten, wou 29 Unitéite wäerten entstoen, also net onwichtig. Dann, nieft dem Wunnensbau dann awer och nach e méi kleng Projet, deen eis awer och nach herno wäert beschäftegen, well mer hei en Devis virleien hunn. An dat ass op eise Kierfecht, um Rellent, do wäerte mer 20 nei Kolumbarien ariichten. An dat schléit mat 100.000.- € zu Buch.

Dann, fir nach op en aneren, awer wichtige Projet anzegeen, well en och regelméisseg an der Diskussioun ass, dat ass virun allem NeiSchmelz, awer och NeiSchmelz a Kulturjoer 2022. Nieft den ordinären Depensen, déi mer tätege ronderëm Projeten, déi mer '21 initiéieren an déi wäerte virun allem '22 zu Buch schloen, wäert awer eng Rei nei Investor op NeiSchmelz getätegt ginn. Engersäits hu mer, wéi gesot, d'Infrastrukturarbechten, déi mer maache musse. Do hu mer 1 Millioun dragesat, generell, fir déi ganz Kanalisatioun. Dat ass eng Oplag, déi mer kritt hunn, an den Diskussiounen ronderëm d'Entwécklung vun NeiSchmelz vun der AGE, vum Wasserwirtschaftsamt. Dat ass eng Conditio sine qua non. Wou mer déi ganz Verbindung vun NeiSchmelz musse maache mat eise Bassin de rétention zu Biereng, deen och weider muss ausgebaut ginn. Wou mer och an Diskussiounen si mam Proprietär, fir zousätzlech Terrainen ze kréien, fir deem kënne gerecht ze ginn. Do sinn eng Rei Diskussiounen, déi lafen, déi de Moment ganz gutt lafen. Mee do muss nach en Invest gemeet ginn um Niveau vun den Aarbechte ronderëm d'Kanalisatioun. An do stinn 2021 éischt Kreditter dran an der Héicht vu 600.000.- €. Ech hat virdru gesot, 1 Millioun, mee do hat ech mech geiert, et si 600.000.- €.

Da maache mer och Investissementer ronderëm d'Kulturjoer 2022 op NeiSchmelz. Dat sinn engersäits de Floater, dee mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn. De Baseng beim Waassertuerm, déi Iwwernuechtungsgeleeënheet, déi mer jo hei kréien, am Kader vum Red Rock Trail jo déi insolite Giten, wou ee kann iwwernuechten, an dat schléit mat 915.000.- € zu Buch. Dat fënnt een och am Budget erëm, dee Budget hu mer jo och hei gestëmmt. Dann hu mer natierlech déi ganz Exekutioun ronderëm d'Konventioun, déi mer och hei gestëmmt hu mam Fonds de Logement. Ronderëm déi 2 Gebaier, de Vestiaire Wagonage mat 950 Milliounen Euro, also eng konsequent Renovatioun, déi mer do maachen, dat Gebai wat dem Kollektiv D 2022 zur Verfügung gestallt gëtt, respektiv de Lokomotivhall, wou mer 590.000.- € investéieren, wou och eng Renovatioun gemaach gëtt, mee éischter eng Renovatioun Minimum+. Mee op alle Fall



sinn dat Projeten, wann een déi 3 zesummen hält, déi maache ronn 3 Milliounen aus. A wann ee generell kuckt, den Invest, dee mer op NeiSchmelz maachen, sief et ronderëm d'Kulturjoer, déi 3 Milliounen, respektiv awer mat deem Invest ronderëm d'Kanalisation an och dem ordinären Deel, komme mer awer op gutt 5 Milliounen Euro, déi mer generell op NeiSchmelz investéieren. Mir wäerten herno jo och nach iwwert d'Devisé schwätzen, déi mer hei virleien hunn um Ordre du Jour. Mir si jo Locataire vun deenen 2 Gebaier vum Wagonage a vum Vestiaire, respektiv vum Lokomotivhall. Do ass natierlech och de Fonds de Logement, deen en Invest mécht, wat den Daach an d'Statik ugeet, well si jo deementsprechend Proprietär sinn. Op alle Fall sinn dat net onwichtig Projeten, déi mer hei hunn. Voilà, ech mengen ech wär zum Schluss komm vun der Presentatioun vun den Depensen, respektiv awer och vum Budget initial 2021.

En Investitiounsvolume vu 47,8 Milliounen, wou mer wierklech nach eng Kéier ukuerbelen, steigern. Am Fong e Pic vun Investissementer, déi mir hei zu Diddeleng maachen, du jamais vu, mee awer néideg, Kris hin oder hir, fir déi Elementer, déi eis Stad kennzeechne ronderëm d'Dynamik, ronderëm d'Modernisation, ronderëm d'Liewensqualitéit, Diddeleng liewenswäert halen, an och Projeten, déi all Generatiounen zegutt kommen. All déi Elementer fënnt een hei erëm. An déi probéiere mer natierlech duerch déi Prioritéiten, déi mer eis hei am Budget setzen, ze errechen. Voilà, ech géif heimadder meng Interventioun ofschléissen an un de Loris Spina weiderginn, fir dass hien op seng Ressorte kann agoen. Merci.

**LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):** Merci, Här Buergermeeschter, léif Frënn a Kolleegen aus dem Gemengerot. Also an dëse maskéierten Zäite freet ee sech nach méi, dierfen ze schwätzen. Et ass e schwieereg, komplizéiert a belaaschtend Joer wat zu Enn geet, an trotzdem kuckt ee mat enger gewëssener hoffnungsvoller Perspektiv op '21. An dësen aussergewöhnlechen Zäite war d'Erstelle vum Budgetsdokument, sou wéi den Här Buergermeeschter et och schonn ugekënnegt huet, fir de Pascal Poull a seng Servicer dëst Joer nach eng vill méi komplex Aufgab. Mee zesumme mat dem Personal aus deenen anere Gemengeservicer ass et hinne gelongen, dëst sou wichtegt, mee komplex Dokument lesbar a kloer hei ze presentéieren. Dofir och vu menger Säit all deene Bedeelegten e grouse Merci. Dëst Joer fänken ech ganz uewen am Alphabet un an zwar mat der Biergerbedeelegung. Zesumme mat der Uni Lëtzebuerg starte mer d'"Plateforme de collaboration pour la promotion de la démocratie participative." Dat ass sécherlech e ganz groussen a wichtige Moment fir Diddeleng, awer och national gesinn. Well d'Biergerbedeelegung domat endlech hei zu Lëtzebuerg richteg ukomm ass, an d'Bierger engersäits, mee awer och verschidde Politiker d'Wichtigkeet erkannt hunn. Hei zu Diddeleng, an dat ass wéi mer dat vun der LSAP-Majoritéit säit jeehier gewinnt sinn, huele mer d'Bierger ganz ganz eescht. E puer Projeten, déi Der kennt: Biergerforum, Kannergemengerot, Jugendgemengerot, Comités de quartier, Projet NeiSchmelz, TICE, nei Buslinnen erschaffen, alles dat ass am Dialog mam Bierger geschitt. Dat ass

der Uni Lëtzebuerg och net entgaangen. Deementsprechend si si un eis erugetrueden, fir dass mir als Ville-Pilote bei dësem Projet kënnen matwierken an un enger Plattform, déi national als Referenz gëllt, matwierke mussen. Wat heescht dat fir Diddeleng? A wat sinn eis Avantagen? Engersäits sinn déi Projeten, déi mer schonn op der Schinn hunn: Biergerrot, Biergerpanel, en vue vun engem Budget participatif. Awer och eis al Bekannten: Kannergemengerot, Jugendgemengerot, oder och eis Kommissiounen, kënnen hei mat deem qualitativ héichwäertege Partner wëssenschaftlech analyséiert ginn, begleet ginn a mir erwaarden eis och do e richtig gudden Input. Mer kréien eng gewësse Visibilitéit no bausen. E Website gëtt organiséiert. A mat sou engem Réseau integréiere mir natierlech national an international Kontakter. Ausserdeem wäerten Eventer a Konferenzen an deem Kader organiséiert ginn, wou natierlech och en Deel hei zu Diddeleng wäert stattfannen. Am Budget fannt Dir awer och déi 50.000.- € rëm, déi mer och soss déi Jore virdrun haten, fir eis Roadmap bäizebehalen, Biergerrot, Biergerpanel an awer, wéi gesot, en vue vun engem Budget participatif. Do ass et och wichteg, ronderëm déi professionell Begleedung, déi mer och hei hunn a brauchen, fir déi Kompetenzen ze kréien an ze erweidern, d'Kommunikatioun no bausen ass essentiell fir d'Reussite vu sou engem sportleche Projet.

Domadder hat ech d'Stéchwuert Sport ginn. Dir hutt et alleguerter matkritt: Sait dem 14. Mäerz hunn eis Infrastrukture misse fir d'éischt ganz zougemaach ginn. Saitdeem ass et op en neits en Upassen un déi aktuellst sanitär Restriktiounen a Recommandatiounen. A gleeft mer, knapps hat de Premier oder d'Madame Lenert de Mikro op der Pressekonferenz ausgemaach, sinn d'Messagen héich gelaf. Engersäits bei eisem Service des Sports, awer och ech selwer si mat Froe bombardéiert ginn. Mol wollt e Bierger wëssen, ob en nach dierft schwamme goen, mol war et e Veräin, dee wollt wëssen, ob d'Verstärken nach kënnen genotzt ginn, en anere Sportler wollt wëssen, ob säin Terrain nach accessibel ass oder en Enseignant wollt wëssen, ob e mat de Kanner nach ka schwamme goen. Mat vill Engagement, Professionalitéit an där néideger Rou hunn eis Leit ronderëm de Sven Loscheider vum Service des Sports am Dialog mat de Veräiner, de Schoulen a mam Bierger sech un dee jeeweilege Pandemie-Kader ugepasst, an dat am Sënn vun deem jeeweilege Sport. Mat deelweis ganz individuelle Léisungen. Wa mer bedenken, wéi wichteg de Sport ass fir eis Kanner, fir déi Erwuesenen, egal ob als Aktiven oder am Ëmfeld, oder als Fan, sou war et eis wichteg, jeeweils mat deene Beträffenen eng gemeinsam Léisung am Diddelenger Sport ze fannen. Dass dat net ëmmer sou einfach ass, dat kënnt Der lech virstellen. Als klengt Beispill, mol einfach wann ech mir virstellen, dass ech moies fréi, viru 5 Auer, muss meng Botzekippe lassschécken an dann ass meng éischt Aufgab ass fir mol iwwerhaupt ze kucken, wien ass disponibel? Wien ass am Krankeschäin? Wien ass a Quarantän oder wien ass am Isolement? Verschoune wäert ech lech dëst Joer mat deene Statistiken, déi mer soss ëmmer hei presentéieren, well se sinn net wierklech relevant, bezéiungsweis vergläichbar. Wat d'Sportsjoer



20 – 21 eis bréngt, bezéiungsweis wat de Covid zou-  
léisst, wësse mer net. An trotzdeem investéiere mer  
weider an eis souwisou qualitativ héichwäerteg Sports-  
infrastrukturen. Ob de Recetté-Säite gesi mer natier-  
lech d'Akommes vum Staat fir d'Notze vum Hartman a  
vun de Piscine fir eis Frënn vum LNB. Bei den Dépenses  
extraordinaires, de Buergermeeschter huet et ugedeit,  
hu mer gréisser Projet-Pharen.

Engersäits d'oppe Schwämm. Knapp 5 Milliounen, wou  
do virgesi sinn, wou mer dee Projet zu Enn féieren, wou  
mer eis alleguer freeë wäerten, wa mer do e flotten,  
moderne Site kënnen opmaachen. Den Challenge bleift  
hei ganz kloer, den Timing anzehalen. Och do ass Covid  
net eise Kollege. Firwat soen ech dat? D'Liwwerzäite  
vu ganz ville Materialien hanken natierlech un där Covid-  
Pandemie-Kris mat drun. Och do um Chantier stellt een  
ëmmer erëm fest, dass d'Ekippen net vollzäleg sinn, well  
déi domadder geplot sinn. Dofir ass den Challenge hei,  
fir den nächste Summer kënnen prett ze sinn. De Cam-  
pus Strutzbiërg, dee gesi mer och mat 3,5 Milliounen  
an eise Budgetsdokument hei erëm. Do ass eng vun de  
Komplexitéite sécherlech, während dem lafenden Betrib  
kënnen dee Chantier kënnen iwwert d'Bün ze bréngen  
an och de Verkéier ronderëm de ganze Site kënnen am  
A ze hunn. Mir schwätze vun engem Schoukkomplex, en-  
ger Sportsinfrastruktur, wou och Maison Relais kënnen  
dovu profitéieren, eis Veräinswelt wäert dovun profitéie-  
ren, awer och de grand Public. Ech erënnere hei nëm-  
men un de ganz beléifte Babyschwammen. Ausserdeem  
fanne mer 2 x 100.000.- € erëm fir ronderëm de Stade  
Meyer e Sportskomplex ze erriichten. Mee net nëmme,  
et ass och en urbanistesche Projet hei drugeknäppt.  
Engersäits ass et an engem besteeënde Wunnquartier  
an anerersäits kommen do nach nei Awunner bäi, sou  
dass do d'Erausfuhrung ass, d'Liewensqualitéit an  
deem Quartier fir béid Säiten héichzehalen.

De Stade Kennedy, och do wäerte mer konzeptuell dru-  
erugoe mat de Partner, déi um Terrain sinn, den CAD, den  
Tennis, den American Football oder awer och de Rugby.  
Wat hei bei deenen dote Projeten dëst Joer an d'nächst  
Joer nach vill méi intensiv wäert gemaach ginn, dat ass  
dee flotten Austausch, dee mir mam Sportsministère  
hunn. Engersäits profitéiere mer vun hirer Erfahrung, déi  
si awer landeswäit an deem Kader hei hunn, a si soen eis  
och direkt, wou mer vu Subsidé kënnen profitéieren, wat  
mer dann natierlech och natierlech wäerte maachen.

E sportlechen Highlight ass sécherlech den Tour de Lu-  
xembourg, deen zu Diddeleng wäert Halt maachen. Mir  
hunn d'Chance, well mer dat am Dialog mat den Orga-  
nisateurre konnte sou fir Diddeleng festhalen, dass mer  
e „Contre la montre“ wäerten op Diddeleng kréien, sou  
dass de Start an den Depart hei zu Diddeleng wäert  
sinn, sou dass de ganze Caravaning och hei permanent  
wäert Halt maachen. Vum Datum hir ass et ganz in-  
teressant, well et ass eng Woch virun der WM, déi de  
26. September 2021 wäert stattfannen, sou dass mer  
iwwerzeegt sinn, dass mer wierklech qualitativ héich-  
wäerteg Cycliste wäerten op Diddeleng kréien, déi wä-  
erten engersäits hir Form nach virun der WM testen,  
bzw. hirer Form de leschte Schlëff wëlle ginn. Dat gëtt

sécherlech e sportlechen Hit a mär profitéieren dovun-  
ner, fir ronderëm e klengt Fest ze organiséieren, wou  
ganz Diddeleng kann dovun profitéieren an ënner anerem  
och eis Geschäftswelt an d'Horesca-Betrib am Zent-  
rum. An deementspriedend si mer frou, dass dat sou  
geklappt huet an Aklang mat den Organisateuren. Wat  
mer soss och nach rëmfannen am Budget ass natier-  
lech eis LASEP, eis Sportskommissioun an och d'Sport-  
leréierung, déi mer dëst Joer net wéi gewinnt konnten  
hei empfänken. De Cru 2020 war ganz speziell. Eng ganz  
Rei vun Kompetitiounen sinn net bis zum Enn ausgedroe  
ginn. An trotzdeem sinn eng Rei vu Championen, Cou-  
pe-Gewënner a Rekordhalter festgehalen ginn. Als Sport-  
skommissioun si mer eis eens ginn, dass mer deenen  
en Diplom zoukomme loosse an als Cadeau e Bong fir  
eis Geschäftswelt och heimadder ze ënnerstëtzen. En-  
gersäits hu mer, wéi gesot, d'Valorisation vum sport-  
lechen Exploit an anerersäits probéiere mer och hei eis  
Geschäftswelt, déi et wierklech net einfach huet, wéi  
Dir et alleguerte wësst, weiderhi mat deem Bong ze  
ënnerstëtzen.

Änlech schwierig sinn d'Viraussetzunge fir d'Joer 2021  
am Kader vun der Kultur. Dës Branche, Dir wësst et  
alleguerten, huet extrem ënnert der Covid-Pandemie ge-  
lidden. Verschidde Beräicher aus der Kulturlandschaft  
si quasi vun Ufank u vu Restriktiounen betraff gewiescht  
an zum Deel als Lescht rëm Ouverturen erméiglecht  
kritt, bzw. ass et nach verlängert gi bis de 15. Janu-  
ar einstweile mol. Dat huet e gewëssene Frust mat  
sech bruecht. A fir den John a seng ganz Ekip war  
et net einfach, dës Zäite schaffen ze goen. Concerten,  
Eventer, Theaterstécker, Ausstellungen asw. konnten  
net wéi gewinnt feststellen. Mer schwätzen hei vu ronn  
450 eenzel Programmationenspunkten, déi ugegraff hu  
misse ginn. 143 dovun si verluecht ginn, 72 komplett an-  
nuliert, woubäi dat awer haaptsächlech net-kulturell  
Manifestatiounen waren. Hei ass et dann eeben drëm  
gaangen, ganz schnell, wichteg an effikass, pragma-  
tesch Léisungen ze fannen. An dat mam Artist a mat  
sengem Management zesummen. D'Fête de la musique  
huet deelweis online stattfonnt, an de Summer hate  
mer am Projet „Ënnert dem Waassertuerm“ mat iw-  
wer 1300 Visiteuren bei eisen 11 Soiréeën nach eng  
flott Surprise konnte bidden. Iwwerhaapt hate mer dëst  
Joer trotzdeem tout confondu hei op der Schmelz 10  
000 Visiteuren ze verzechnen. Ënner anerem, well mer  
hei nei Kollaboratiounen fonnt hunn. De Moien ass eng  
vun deenen. Verschidde Gemengeservicer hunn hir Ver-  
sammlungen oder Presentatiounen heihinner verluecht.  
Verschidde Ministère, Schoulen – fir nëmme déi ze  
nennen - konnten hir Versammlungen hei ausliewe loos-  
sen, well mer hei eebe vill méi Raimlechkeeten a Plaz  
hunn. Eis Centres d'Art hu sech och ugepasst, an 8 vun  
den 10 Expoe konnten trotz dem sanitäre Kader statt-  
fannen. 2/3 vun de geplangte Residenzen am Dudetown  
House oder am Park Dominique Lang konnte realiséiert  
ginn. Hei waren 51 Artisten, déi insgesamt 208 Nui-  
tëiten do verbruecht hu fir am Kader vum Jazz, Danz a  
Konscht kreativ konnte sech auszetoen. 74% vun eiser  
Programmation ware lëtzebuergesch Kënschtler be-  
traff - 2020. Finanziell si mer frou, dass mer d'Subside  
vum Staat gehéicht kruten. Deemno kann ee soen dass



de kulturelle Musterschüler Diddeleng hei en zousätzleche Bonbon kritt huet. Vun eise Recetten, dat därerf een nach eng Kéier ernimmen, dass mer 75% un eis Artisten zrëckfléissee loossen. Wat lo d'Programmation 2021 ugeet, souwäit dat méiglech ass, kann ech dat heite mol direkt festhalen: De Kannerbicherdag, do si mer am Gaang, un enger Online-Alternativ ze schaffen. De Celtic, dee gëtt an de Summer verréckelt, ënnert de Waassertuerm, wou Der dann och am Budget eng nei Bün rëmfant, wou dann och am Kader vum Summer stage eis ??? au Sud 1:05:46 an eis Harmonie kënnen oprieden.

Eng ganz Rei vu lëtzebuergesche Premiere wäerte mer am Kader vun der Musek an och vum Theater hei zu Diddeleng erëmfannen. An de Rescht vun de „usual suspects“ sinn och am Budgetsdokument virgesinn. Eng Rei vun Anniversaire wäerten d'nächst Joer hei stattfannen: 125 Joer Diddelenger Stadsmusek, 100 Joer Diddelenger Regionalbibliothék an och 75 Joer Musekschoul wäerten hei feieren. De Centre d'Arts, do ginn Expoen dat ganz Joer hei organiséiert, och do ass de Kalenner scho geféllt. A ganz besonnesch freeë mer eis, dass de Cercle Artistique de Dudelange, wéi och eisen Diddelenger Photoclub do kënnen ausstellen. A besonnesch freeën ech mech och op d'Retrospektiv vum Jean-Pierre Adam. Esch 2022 ass natierlech scho virgesinn am Aarbechtsprogramm vun eisem Service Culturel. Där wësst et, dass hei ganz vill spannend a villverspriedend Diddelenger Projeten zrëckbehale ginn, 18, den Här Burgermeeschter huet et virdrun ernimmt gehat, an dat a ganz diverse Sparten. Vun Ufank un hu mir als Kulturservice des Projete begleet a wäerten dat och ganz aktiv an Zukunft maachen. De Floater ass och schonn e puer Mol hei ernimmt ginn an och op NeiSchmelz freeë mer eis zesumme mam Kollektiv D, de participative Kulturprojet ze lancéieren. Houfreg si mer och dass mer en Appel à candidatures maachen, fir en Artistepool zesummenzestellen, fir Oeuvres d'art ze produzéieren fir an eisen ëffentleche Gebaier, déi mer wäerte bauen.

Konkret fänke mer mat der Crèche Italien un an och e Lenkeschléi steet d'nächst Joer um Programm. Hei iwwerhuele mår als Diddeleng en nationale Virreiderroll a beweisen op en Neits, wéi wichteg Kultur a Konscht eis ass. Freeë kënnen mir eis och op de Konschtprojet ronderëm de Chantier Strutzbierg, wou mer virum Ofrapen nach e kreatiivt Freedefeier wäerten erliewen. An dat mat diversen Artisten, déi mat deem Material, wat se virfannen, sech kënnen kënschtlersch austoben. An des weidere sinn ech och ganz sécher, dass 2021 eis dynamesch Kulturkommission wäert aktiv an am reegelméissegem Austausch mat eisem Service un der Diddelenger Kulturlandschaft schaffen.

Eise Centre Doc, deem ass elo säit 25 Joer an der Gare Usine ënnerbruecht. Där hutt bestëmmt gemierkt, dass de Budget hei lichter vu 40.000.- € op 50.000.- € gehéicht ginn ass. Zesumme mat der Uni schaffe si weider um historieschen architekturele Guide vun Diddeleng, deem dann hoffentlech d'nächst Joer wäert fäerdeg ginn. Och si bei Esch 2022 dobäi a schaffen natierlech un deem dote Projet an e weidere Projet iwwert d'Rela-

tioun tëschent de Lëtzebuurger an den Afrikaner a vice versa soll thematesch opgeschafft an duergestallt ginn.

Eis regional Bibliothék ass natierlech Member am nationale BIB-Reseau an deementspriedend, well mer all déi Konditiounen mat Bravour erfëllen, profitéieren mer vun de staateleche Subsidien. Vun Ufank u si mir am E-Book-Projet mat dran, an dat wäert och d'nächst Joer sou bleiwen. Trotz Corona-Restriktionen hate mer bis November 2020, also bis de leschte Mount, iwwer 5100 Frequentatiounen an eiser Bibliothék ze verzechnen. Mir hunn iwwer 230 nei Memberen enregistriert a 1550 nei Exemplaire konnten och katalogiséiert ginn. Deementspriedend hu mer lo iwwer 35 000 Titelen, déi hei zu Diddeleng disponibel sinn. '21, ech hunn et virdrun ugekënnegt, steet ganz kloer am Kader vum Centenaire, a souwäit de Covid dat erlaabt, sinn do eng ganz Rei flott Manifestatiounen virgesinn, wou sécherlech een Héichpunkt ass d'Séance académique hei op dëser Plaz mat eiser Ministesch. Des weidere sinn Ausstellungen a Liesunge fir Grouss a Kleng virgesinn. De Francis Kirps, dee wäert och op Diddeleng kommen. Als Gewënner vum Servais-Präis 2020, freeë mer eis dann natierlech ganz besonnesch op dëse Besuch. Des weideren hu mer Aktivitéiten a Liesunge virgesi mat eise Schoulkanner an hoffen, dass mer dann och nees Samschdes Moies, wéi gewinnt, Kanneranimatiounen kënnen lancéieren. Am Dossier vum Budget fant Der och erëm, dass mer ronderëm eis Muséeë eis Mission d'expertise weiderféieren an dat mat de Partner vum Terrain.

An da wär ech am Ressort Fêtes et Manifestations ukomm. Jo, wou et änlech wéi mat der Kultur ass, wou et och mam Christian Flammang senger Ekipp net einfach ass, déi verschidde Manifestatiounen mussen ofzesoen. Eppes wat bis elo nach stattfënnt, dat ass de Wochemaart. An ech mengen, trotz de strenge Mesuren, huet e weiderhi seng Attraktivitéit behalen. An och déi nei Stänn, déi mer do kënnen mëttlerweil presentéieren, droen hiert dozou bäi. Si organiséieren och de Prix du Bénévolat, deem dëst Joer och anescht stattfonnt huet. Mir konnte jo d'Laureaten net empfänken. Dir wësst et, d'Laureaten, déi si vun deenen eenzele Veräiner an Associatiounen selwer proposéiert ginn. Hei maache mer et änlech wéi beim Sport: déi Laureate kréie felicitéiert, kréien e Certificat heemgeschéckt, an als Cadeau, als Merci, kréie si e Bong, fir dass si eis Geschäftswelt elo nach virun de Feierdeeg kënnen ënnerstëtzen. D'Bénévolat huet dëst Joer am allgemenge ganz vill gelidden. Ganz vill Veräiner an Associatiounen kämpfen deelweis ëm hir Existenz. Finanziell ass et e ganz schwieregt Joer, well d'Eventer, d'Evenementer, d'Matcher an d'Fester annulléiert hu misse ginn. Deementspriedend sinn d'Einname wechbliwwen an eng ganz Rei vu Fraise lafen awer weider. Nieft deene Subsidien, déi se vu Gemengesäit kréien, sti mir hinnen natierlech logistesches zur Verfügung. Well mir sinn eis eens, dass eng aktiv Veräinswelt souzesoen de Bols vun eiser Stad ass. An eis alleguerten ass et wichteg, dass mer weiderhin eng wibbeleg an aktiv Veräinswelt hei zu Diddeleng behalen. Manifestatiounen, sou wéi Dir se am Fong kennt, sinn am Budgetsdokument virgesinn, och wa mer am Tirang e Plang A, B oder C musse virgesinn.



Éier ech zum Ofschloss kommen, wëll ech lech awer och net verheemlechen, dass ech d'Gemeng beim SES, beim Waassersyndikat vertrieben an do ass festgehal ginn dass de Waasserpräis fir de Meter Cube bleift wéi d'lescht Joer och. An dat war och am Comité unanime sou votéiert ginn. Mat deem Präis kënne mer nämlech d'Ausgaben, wéi se vum Plan financier quinquennal virgesi sinn, decken. Deementspriedend hoffen ech, dass mär dann och hei kee Problem domadder hunn. Covid hin oder hir, mär hunn hei e Finanzdokument virleien, wat der aktueller Situatioun gerecht gëtt. No an no gi weider Punkte vun der Schäfferotserklärung ëmgesat an et gëtt weider investéiert, ouni dobäi de feste Buedem ënnert de Féiss ze verlossen. D'Sport- a Kulturstad Diddeleng leeft an ass aktiv an attraktiv. Mir wuessen als Stad qualitativ weider. Eis Biergerinnen a Bierger ginn eescht geholl a mat a verschidde Prozesser agebonnen. Mer halen d'Liewensqualitéit héich a suerge mat eisen diversen Attraktiounen, Fester an Eventer dofir, dass net nëmmen déi Diddelenger sech hei wuelfillen. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Loris Spina fir d'Presentatioun fir d'Joer 2021, wat seng Ressornten ugeet an ech ginn da weider un de René Manderscheid.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN):** Merci, Här Buergermeeschter, ech ginn dann traditionsgeméis fir d'éischt op déi zwee gréisste Voleten vu menge Ressornten an, an dat ass dat Soziaalt, respektiv d'Ëmwelt- an Naturschutzproblematik. Ech fänke mat dem Sozialen un. Dir wësst dass d'Vie sociale, d'Zesummeliwien, hei zu Diddeleng keng eidel Wieder sinn. Diddeleng wäert weiderhin am Sozialberäich hir Verantwortung droen an och iwwerhuelen. Dir wësst, d'Solidaritéit géint iwwer de Bierger a schwierige Liewenssituatiounen, souwéi hir Ënnerstëtzung sinn eng zentral Komponent vum eiser Politik vum der LSAP Diddeleng. Mir hunn hei zu Diddeleng am soziale Beräich 6 Pilieren, dat ass den Office social, dat ass de Service Emploi, dat ass eise CIGL, dat ass eise Service à l'Egalité des Chances et la Non-Discrimination, eis Cellule Logement an d'nächst Joer wäert och de Service Logement dobäikommen. Aarmut zu Lëtzebuerg, dat ass alles eng Saach vum der Definitioun. D'Aarmutsrisiko ass an de leschte Joren, besonnesch säit Ufank vum der ekonomescher Kris 2008 konstant gewuess, a läit elo bei 18,7% vum der Lëtzeburger Bevëlkerung. Besonnesch säit 2011 ass e rasanten Trend no uewen ze verzechnen, d.h. ëmmer méi Leit lafe Gefor, an d'Aarmut erofzerutschen. Waren nach 2011 13,6% vum der Lëtzeburger Bevëlkerung an deem Fall, si mer, wéi gesot, haut bei 18,7%. Wat Aarmut ass, mengt jiddereen ze wëssen, awer eng exakt Definitioun ass schwéier ze maachen. De Begrëff Aarmut léisst sech nëmme subjektiv deiten, d.h. all Mensch versteet eppes Anesches ënner Aarmut. Et muss een oppassen, dass Aarmut jee no Gesellschaftsform, sozial Roll a Geschlecht fonctionéiert. Ouni staatlech Subventiounen, d.h. déi sougenannte Sozialtransferten, wéi z.Bsp. d'Allocations familiales, de REVIS an de Chômage, wäeren nach méi Leit hei zu Lëtzebuerg vum Aarmut betraff.

D'Aarbechtslosegkeet, deiere Loyer, en Unfall, eng Scheedung, eng Faillite, alles dat sinn d'Ursaache firwat d'Leit bei eis den Office social mussen a wäerten opsiiche kommen. Ech kommen op den Office social, wou ech awer net an den Detail wäert drop agoen, well mer dat de Mëtten nach um Ordre du jour, um Programm hunn, respektiv de Budget vum Office social drop stoen hunn. Ech wëll awer nach betounen dass eis Maison sociale, wou den Office social doheem ass, awer och eis Leit vum ONIS, vun der ARIS, doheem sinn, déi ënner anerem och ATI – haut TUC-Ekippen betreien, respektiv dass do der Permanencé sinn a ware vum Surendettement a vun der Jugend- an Drogenhëllef. Zum Office social gehéiert awer och eis Cellule Logement. Dir wësst, déi prekär Situatioun um sougenannte fräie Wunnengsmaart ass bekannt. Fir vill Leit sinn d'Loyeren ze héich, respektiv sinn d'Offere vu Wunnengen dürfteg. Dofir bedreift d'Diddelenger Gemeng eng aktiv Wunnengsbaupolitik, a mir hunn am Ament +/- 70 Logementer zur Verfügung, d.h. Haiser an Appartements, respektiv Chambres meublées. 2020 hate mer am Budget virgesinn d'Renovatioun, respektiv den Neibau vum eise Haus an der Rue du Commerce 37-39, respektiv de Projet mam Veräinshaus, dee mer wäerten warscheinlech am Februar zur Verfügung gestallt kréien, respektiv um Ribeschpont, och zwee grouss Haiser, fir Famillje mat Kanner, déi mer vun der Oeuvre paroissiale iwwerholl hunn, respektiv wäerten iwwerhuelen. 2021 sinn da virgesinn d'Weiderféiere vum der Renovatioun, respektiv Neibau vum der Rue du Commerce. De Buergermeeschter huet et scho gesot: Quartier Lenkeschléi, Kaf vu Maison unifamilialen, an der Rue Nic Bodry de Kaf vu Maison uni- a bifamiliale si virgesinn. Fir eis Cellule Logement ass nieft der Wunneng awer och d'Betreiung ganz wichteg. Et geet net duer, dass ee Wunnengen huet, mee déi Leit, déi dra wunnen, déi mussen betreit ginn, dat heescht ënner anerem mussen mer se finanziell begleeden, mer mussen eng finanziell Gestéi vum hirem Akommen maachen. An de Stot mussen mer heiansdo souguer och organiséieren, dat heescht, d'Aarbecht am Stot, d'Propretéit, d'Hygiène de vie, alles dat si Saachen, déi eis Assistante sociale mussen am A behalen, well mer soss déi eng oder aner béiss Iwwerraschung géifen erliewen. Déi Leit déi an der Cellule setzen, wëssen, vu wat ech schwätzen.

D'nächst Joer wäerte mer dann awer kënnen definitiv eise Service Logement kënne fonctionnel ugoe loossen. Mee fir dass deen och fonctionéiert, brauch een dofir och Personal, dat wëll ech ënnersträichen. A mir hu schon am Laf vum Joer eise Chargé de direction agestallt, dee jo bekanntlech mi-temps Office social ass a mi-temps fir de Service Logement. Mir hunn och dëst Joer rëm e Chômeur de longue durée agestallt, deen een och dem Service Logement kann zur Verfügung stellen. A mir hunn en Techniker ausgeschriwwen gehat, dee mer och am Fréijoer spëtstens wëllen astellen. Mir hate schon ausgeschriwwen, mir haten awer kee Succès. An och eng Assistante sociale mussen mer d'nächst Joer nach astellen, fir eis Ekip do ze verstärken. Alles dat sinn Outilen, déi néideg sinn, fir d'Cellule, respektiv de Service Logement fonctionéieren ze loossen. Da wëll ech nach un eis Matinée Logement erënneren,



déi mer 2018 fir d'éischt organiséiert hunn. Dëst Joer hätt dat sollten nach eng Kéier sinn, well mir dat jo an engem Rhythmus vun 2 Joer wollte maachen, mee duerch déi bekannte Pandemiesmesurë konnt dat net organiséiert ginn. Mir wäerten awer kucken, dass mir dat d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer nees wäerten organiséieren, well déi Matinée hat deemools décke Succès. An da wëll ech nach un eis Cellule de Contrôle Logement erënneren, dat heescht d'Kontroll vun de Cafés-Zëmmeren. Och do si mer relativ äerdeg an och do gi mer permanent kontrolléieren, an de Succès ass och do grouss. Déi Zoustänn wéi mer se kannt hu wéi mer ugefaangen hunn an déi Zoustänn haut, dat ass en Ënnerscheed vun Dag an Nuet. Och dat huet gefruucht. D'Zesummenaarbecht mat aneren Organisationnen ass néideg. Et muss een déi ganz Sozialaarbecht wéi e Puzzle kucken. Dofir brauche mer Partner déi eis hëllef, fir dass alles fonctionéiert. Ech soen do d'Zesummenaarbecht mat der AIS, mat der Croix Rouge, d'Jugend- an Drogenhëllef, de Surendettement, de LISCO, awer och ProFamilia, de Cent-Buttek an de Fréisenger Kleederschaf si Partner vum Office Social vun der Maison Sociale, fir kënnen zesummen ze schaffen. Solidaritéit an Zesummeliwwen hunn ech gesot, si keng eidel Wieder. Mir bidden nach eng ganz Rei aner Saachen un, wou mer de Leit kënnen hëllef, wéi z.B. d'Aide familiale, dat ass d'Ënnerstëtzung beim Stot bei Krankheet vun engem Elterendeel, d'Subventioun beim Kaf vu Schoulmaterial, de Plan d'Action Canicule, dat heescht den Hëtzeperiodsplang vir eeler Leit, de Repas sur Roues, den Telealarm, d'Ënnerstëtze vum Weltbuttek, de Label Fairtrade-Gemeng, d'Entwécklungszesummenaarbecht.

D'Solidaritéit hält net op den Diddelenger Grenzen op, dofir „Diddeleng hëllef“ gëtt och ëmmer nach vun eis finanziell ënnerstëtzt. An de Buergermeeschter huet et scho gesot, de SPAD, den Neibau vum regionalen Déierenasyl ass virgesinn, respektiv d'Weiderféiere vun der Kastratiounscampagne fir Kazen an Hënn. An och en décke Volet ass dann, wéi scho gesot, d'Fleegegestatioun fir Wëlldéieren an der Le'h, wou mer och wäerte finanziell dëst Joer an och weider ënnerstëtzen.

Da kommen ech zu der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. D'Aarbecht selwer – do sinn ech nach ëmmer houfreg, dass mir déi eenzeg Gemeng sinn, déi e Service Emploi hun, den 1994 als Pilotprojet gegrënnt ginn ass a bei der Wiederaféierung vun den Aarbechtslosen zu Diddeleng eng virbildlech Aarbecht leescht. Mir hunn do aktuell 3 Plein temps-Mataarbechter schaffen, déi ganz vill Aarbecht maachen. Wann ech soen, ganz vill Aarbecht maachen, dann heescht dat natierlech fir d'éischt emol d'Betreiung an d'Berodung vun de Leit, déi bei eis an de Service Emploi kommen. An der Natur vun deem Service ass, dat ass ganz kloer, dass eis Leit vill méi Zäit, vill méi Moyenen hunn, fir kënnen de Leit konkret ze hëllef, fir mat hinnen ze schaffen, fir dass se rëm eng Aarbecht fannen oder eventuell och en Apprentissage. Dat zweet, wat ganz grouss Zäit an Usproch hält, dat ass eis Initiative sociale, wou se musse betreien. Do geet praktesch schonn ee Plein Temps drop fir déi ganz Initiative sociale ze betreien.

An dann d'Zesummenaarbecht mat e ganze Koup Acteuren, wéi de Lycée Nic Biever, eise Service à l'Egalité des Chances, den Office social, eis ARIS-Leit, de Service Ensemble, d'Antenne locale pour jeunes, d'Maison des Jeunes an hire Projet Outreach, d'Chambre des Salariés, d'Arbeitsamt, de City Manager an all d'Entreprises hei um Site vun Diddeleng, alles dat si Partner, déi mat eis zesummeschaffen, fir dass dee Chômage sou kleng wéi méiglech hei zu Diddeleng gehale gëtt. An dann de Projet „Chômeurs de longue durée“. Dir wësst, am Juni 2017 hat den deemolegen Aarbechtsminister Nicolas Schmit de Projet lancéiert, fir Laangzäitaarbechtsloser eng Aarbecht ze verschafen. Dee Projet besteet doranner, dass d'Gemengen an och d'Gemengesyndikater solle Leit astellen, wa méiglech mat engem CDI, an domat kréie se och vum Staat dann déi néideg finanziell Ënnerstëtzung. Mir hei zu Diddeleng hunn et ronn bruecht, nach all Joers 1-2 Leit anzustellen. Ech denken do wou mer ugefaangen hunn, 2018, do hate mer 4 Leit, 2019 do hate mer der 3 an och '20 an '21, do hate mer 1-2 Poste virgesinn, fir kënnen déi Leit ze beschäftegen. Eise CIGL. D'Haaptzil vum CIGL ass nach ëmmer, de Leit ouni Aarbecht eng nei Perspektiv ze ginn. Dofir kréien d'Leit beim CIGL net nëmmen eng Aarbechtsplaz ugebueden, mee och Weiterbildungsméiglechkeeten, fir kënnen erëm eng Kéier op den Aarbechtsmarché ze kommen. Duerch de CIGL kréien awer och d'Diddelenger Bierger eng Verbesserung vun hirer Liewensqualitéit duerch hir Déngschtleeschungen, an ech denken do un de „Coup de main“ an de „Recycler“, dat sinn alles Initiativen, déi net méi ewechzedenke sinn. Wann ech kucken dass de „Coup de main“ dëst Joer 1570 Klienten hat, respektiv de „Recycler“ 1139, da gesitt Dir, wéi ech gesot hunn, e Service deen net méi ewechzedenken ass. Doriwwer eraus bekëmmert sech de CIGL awer och nach ëmmer ëm de Fauchage tardif an der Industriezon Riedgen a Wolser vun November bis Mäerz an e mécht och e ganze Koup Aarbechte vun der Gemeng, wou se gefrot gi sinn, dat si kleng Entrepreneurs-Aarbechten, wéi d'Cité Jardinière, de Märchepark, de Buerfousspark, an der Le'h, de Kannerwanderwee, de Butschebuerger Schoulgaart, den Deicher Schoulgaart, d'Bongerten an der Rue des Champs am Laangen Dall an hannert der Butschebuerger Schoul, souwéi Entrepreneursaarbechten u verschidden Hochbeeter um Ribeschpont, Butschebuerger an um Däich. Aktuell huet de CIGL 21 Leit mat engem CDD ënnert Kontrakt.

Da kommen ech zum Service Chancëgläichheet a Solidaritéit et la Non-Discrimination. Chancëgläichheet ass a bleift en Haaptuleies vun der Diddelenger LSAP. Mir wëllen déi bis elo weidergefouert Politik a Saache Chancëgläichheet an Integratioun konsequent weiderféieren. Mir si mat der Schafung vum „Service à l'Egalité des chances et la Non-discrimination“ nei Weeër gaangen. Nieft der Berodung kréien hei d'Leit konkret Hëllef ugebueden, eng Léisung fir hir Problemer ze fannen. Dat ass Zougang zum Aarbechtsmaart, Vereenbarkeet vu Famill a Beruff, Ofbau vun haislecher Gewalt asw. Weider Missioun vum Service à l'Egalité des Chances sinn awer och d'Chancëgläichheet fir Männer a Fraen op lokalem Plang ze promovéieren. An eiser Gesellschaft sollt et eng grondleeënd Viraussetzung sinn dass Fraen a Männer



a) d'selwecht behandelt ginn a b) gläichwäerteg ugesi ginn a gläichgestallt bedeelegt sinn. Also och eng Missioun vun eisem Service à l'Egalité des Chances. Weider Aktivitéite sinn eng berodend Funktioun par Rapport zur Gemeengepolitik, d'Ausschaffe vun engem järelechen Aktionsprogramm op der Grondlag vun der europäescher Charta, Chancëgläichheet an der Verwaltung an an de Betriber – z.B. an eise fréiere Kader „Audit Beruff a Famill“. An da Chancëgläichheet fir Bierger a Biergerinnen. A fir dat Thema méi no ze bréngen, ginn dann och eng ganz Rei vun Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagne veranstaalt. Ausstellungen, Konferenzen, Workshoppen a Formatioune ginn do ugebueden.

Ech ginn dann eriwuer an den Ëmweltberäich. Fir de Bericht fir den Ëmweltberäich hat ech 40 DIN-A-4 Säite kritt vun eisem Service. Ech wäert natierlech net déi 40 DIN-A-4 Säiten hei virlesen. Mee ech wëll awer mol allgemeng betounen, dass Ëmweltschutz längst net nëmme Landschafts- an Naturschutz ass. Ëmwelt- an Naturschutz ass eng partnerschaftlech Zesummenarbecht vun dem Staat an de Gemengen zesumme mat de Wirtschaft, Verbänn a mat de Bierger. Um lokalen Niveau sinn d'Gemenge gefuerdert, eng Virreideroll ze spillen. Als Klimaschutzgemeng an als Standuert vun engem vun deene gréissten Naturschutzgebidder hei zu Lëtzebuerg, d'Haard, huet d'Diddelenger Gemeng natierlech d'Verpflichtung, nohalte mat eisen natierleche Ressourcen ëmzegoen, Aartevillfalt ze schützen an domat en aktiven Ëmwelt- an Naturschutz ze bedreiwen. Diddeleng ass a bleift eng Stad mat enger héijer Liewensqualität. D'Diddelenger Gemeng muss sech konsequent hirer ekologescher Verantwortung stellen, dat heescht et gëllt global ze denken a lokal ze handeln. Ëmweltschutz geet bei jiddwerengem vun eis un. D'Haaptstell ass fir mech nach ëmmer eis Gréngt Haus, do kritt all Bierger Informatiounen zum Thema Naturschutz, d'Offallkonzept, Spezial- a Containeroffall, Offalltrennung, Recycling-Parken, Energiespuermoossnamen, Waasserspueermoossnamen, Kompostéieren, Ëmweltchemikalien, ekologescht Botzmaterial asw. asw. Souwéi hu mer eng Bibliothék, mat Bicher, Magasinnen a Broschüren zum Thema Natur an Ëmwelt, wou jiddwer Bierger sech kann do informéieren. D'Diddelenger Gemeng leescht sech nach ëmmer dee Luxus, dass mer 3 Haaptamtlecher hunn. Dat huet net all Gemeng. 3 Haaptamtlecher, plein temps Mataarbechter, de Patrick Hoss, de Marco Thorn an de Jérôme Morbé, déi aktiv do sinn. Haapttheme sinn och 2021 a bleiwen: de Klimapakt, de „Covenant of Mayors“ an och neierdénge den Naturpakt. De Klimapakt: 2021 leeft den éischte Klimapakt op den 31. Dezember aus, an ech denken, dass an deenen 8 Joer intensiv a vill drop geschafft ginn ass a sou munches ass ëmgesat ginn. Nodeems no der éischter Upassung, no der leschter Upassung vum Moosnamekatalog an där domat verbonnerter Verschäerfung vun de Bewäertungskrittären op ronn 60% erofgestuift gi sinn, schléisse mer dës Joer mat 67,6% of. Dir wësst, Klimapakt 2 wäert d'nächst Joer an d'Liewe geruff ginn, dës Projet de loi deen am August '20 an der Chamber deponéiert ginn ass, soll eng Dauer vun 10 Joer hunn: vum Januar '21 bis den Dezember 2030. Net méi spët wéi haut ass eng Konferenz am Ëmweltministère mat deene re-

sponsabele Gemenge fir ënnert de Klimapakt, resp. den Naturpakt weider Detailler ze ginn fir dass d'Gemengen och d'nächst Joer deene Pakt kënnen zoustëmmen. Den zweete Volet ass natierlech de „Covenant of Mayors“, dat ass en Engagement, dass an zwee Joer soll en Aktionsplang op d'Bee gestallt ginn iwwer erneierbar Energie an zum Klimaschutz. A wéi gesot, dat Drëtt ass dann nei, dat ass den Naturpakt, wéi gesot am August och deponéiert ginn, och eng Dauer vun 10 Joer vum Januar '21 bis den Dezember '30. Änlecht Fonctionnement wéi de Klimapakt: och Moosnamekatalog mat e puer Themfelder an och Zertifizéierungsniveauen.

Wéi gesot, haut ass déi Konferenz, wou mer méi Detailler doriwwer gewuer ginn. De Bericht 2020, do brauch een net extra dorop opmierksam ze maachen dass opgrond vun der Covid-19-Situatioun och eis Aktivitäten am Service écologique hu missten zrëckgeschrafft ginn. Virun allem e ganze Koup Traditiounsveranstaltungen, wéi z.B. eise Floumaart an eist Fairt Frühstück hu misse ganz ofgesot ginn. Och eng ganz Rei Informatiounsversammlungen a Reunioune konnten net ofgehalé ginn, wouduerch verschidde Projeten, wéi z.B. den Nohaltekeetsmasterplang licht a Versuch gerode sinn. 2021 gëtt och weider op villen Theme geschafft an ech picke mer der just e puer raus: d'Loftqualitéit. Energieverbrauch an de kommunale Gebaier: Eise Solar- an Thermographiekadaster steet weider de Bierger zur Verfügung. Photovoltaik: d'nächst Joer ass dann och fir d'Maison Relais Ribeschpont eng virgesinn. Stroossebelichtung: de 5-Jores-Programm gëtt weidergefuert. Dat heescht, all déi al Luuchte ginn ëmgerëscht op LED. „Energiesparen macht Schule“, dee Projet leeft weider. D'Ënnerstëtze vum Klimabündnis, d'Offallwirtschaft, och do kommen d'nächst Joer warscheinlech Neierungen op eis duer, mee do muss mer nach fir d'éischt mat der Ëmweltkommissioun e puer Detailler klären.

D'Superdreckskecht fir eis Betriber. Do wäerte mir dann d'nächst Joer de Service Santé scolaire op de Leescht huele respektiv och d'Gas- a Waasserwierk. D'SICONA-Syndikat gëtt weider ënnerstëtzt. Jardin communautaire NeiSchmelz, Subventioun vun alternativen Energien a selbstverständlech och de Kaf vun engem neie Vélo, de Pedelec gëtt vun der Gemeng weider finanziell ënnerstëtzt. Alles dat si Projeten, déi weidergefuert ginn.

Dann d'Senioren, eis eeler Leit. Diddeleng huet e guden Ambiente, dass eis eeler Matbierger sech hei kënnen wuelfillen an e Liewen a Gemeinschaft an Autonomie féieren. Diddeleng bitt eisen eelere Leit en Doheem. En altersgerecht Liewen ze garantéieren, ass a muss eent vun eisen Ziler sinn. An Diddeleng, do sinn ech der Meinung, verfüegt iwwer all déi Moosnamen. D'Seniorengeneratioun hält eng wichteg Plaz an der Diddelenger Gesellschaft an. Ech fänken u mam Club Senior, deen elo säit 17 Joer besteet, an aus eisem Gemengeliewen hei net méi ewechzedene wier. Virun 2 Joer ass e ganz nei gemeet ginn, d'Raimlechkeete sinn zum Deel frësch renovéiert ginn a frësch organiséiert. De Club Senior, d'Offer ass Weiterbildung, Berodung an Informatiounen, Beweegungsgueter, kulturell Uebueter, Organisati-



oun vu sozialen a multikulturellen Aktivitéiten, gesellegt Beisammensein, intergenerationell, respektiv interkulturell Projeten mam Jugendhaus, mat de Schoulen, mat de Maison Relais, alles dat si Projeten an Themen, déi do behandelt ginn. „Senior Plus“: d'Stad Diddeleng an Zesummenaarbecht mat der Stéftung Hëllef Doheem bitt de Service „Senior Plus“ un. Dat heescht all deene Leit ab 60 hir Autonomie soll gestärkt ginn an d'Gefill vum Elengsi soll verhënnert ginn. Senior Plus gëtt hinne Rotschléi a fachkënneg Ënnerstëtzung fir net mat sozialen a gesondheetleche Problemer konfrontéiert ze sinn, mobil ageschränkt ze sinn. Wéi gesot, déi éischt Berodung, déi si huelen, déi ass gratis, an d'Gemeng Diddeleng bezilt integral dee Beitrag. Flexibus: dee richt se un all Persoun ab 60 um Diddelenger Territoire. Dat ass e Bus, dee geet d'Leit bei d'Dir afsichen a bréngt se och erëm zrëck, wéi gesot, de Flexibus ass eng Demande fir Senioren, déi och ganz gutt ukënn. Eng weider Déngschtleeschung säit 1975 ass de „Repas sur roues“, awer net nëmme fir eeler Leit, mee och fir Leit mat engem Handicap, Leit déi krank sinn oder Leit déi en Unfall haten a selwer net méi kënne kachen.

Mir haten dëst Joer rëm 92 Leit, déi vun deem Service profitéiert hunn. Den Telealarm, de Service, deen et bei eis an der Gemeng säit 1992 gëtt, do hu mer nach aktuell 2 Ubidder, dat ass HELP a Sécher Doheem, an dee Service gëtt vu ronn 300 Leit am Joer profitéiert. An da wéi gesot de CIGL; de Service de proximité, de Coup de Main, de Recycler ass och net méi ewechzedende fir den eelere Leit eng Hëllef ze sinn. Weider Infrastrukturen um Territoire vun der Stad Diddeleng sin eist Altersheim, de Foyer vun der Croix Rouge, den ALA, d'Dagess-tätt, d'CHEM mat der geriatrescher Abteilung, an net ze vergiessen de Fitnessparcours am Schnauzelach. Sou wéi all eis Veräiner, déi an deenen Domainer aktiv sinn, déi ginn natierlech weider finanziell a materiell a logistesesch ënnerstëtzt. An dann hutt Der och gesinn am Budget, dass mer dëst Joer déi éischt Tranche fir eis Maison de Séjour Um Goldknapp virgesinn hunn. Do hu mer 30.000.- € am Budget virgesinn. Dat ass en Artikel, deen ass an 3 gedeelt.

Hygiène a Propriétéit ass en Domaine, dee mer e bësse méi Suerge mécht. Dir gitt jo och warscheinlech mat oppenen Aen duerch Diddeleng, an do stellt Der jo fest, dass net ëmmer all Bierger sech drun hält. Dat heescht, Hygiène a Propriétéit, do sinn zwee Acteure wichteg: a) d'Gemeng, déi kuckt, dass se propper mécht a propper hält an natierlech déi Diddelenger Biergerinnen a Bierger, déi solle probéieren, alles deem mat deem néidege Respekt ze begéinen. Mee do muss ee feststellen, dass dat awer net ëmmer sou evident ass. Mam Wuesstem vun eiser Stad an der positiver Entwécklung vun eiser Bevëlkerung stellen sech och hei nei Erausforderungen an Ufuerderungen un eis Gemengen. Nei Ufuerderungen a punkto Propriétéit an Hygiène, d'ëffentlech Plazen, d'Parkanlagen, d'Trottoiren, d'Stroossen, musse geflegt an an engem propperen an akzeptabelen Zoustand gehale ginn. Jidderee soll säint zur Aktioun „Proppert Diddeleng“ bäidroen. Eis Gemengeservicer hu mer verstärkt, fir d'Propriétéit an eiser Gemeng ze garantéieren. Mir hunn all Dag hei um Territoire vun der Gemeng

+/- 40 Leit, déi nëmme fir Hygiène a Propriétéit suergen. Bei eiser Sensibiliséierungscampagne hate mer dee richteg Reflex fir eng propper Stad. A mir hunn och wëlle, fir 2021 eng nei Campagne ze starten. An Dir hutt et jo scho gesinn, déi grouss Zigarettstänner, déi mer opgestallt hunn, de „Zéro Mégots“, dat ass ee vun den Haaptakzenter, d'Zigarettekippen, dass mer dat och e bëssen an de Grëff kréien. Investitioun an ëffentlechen Toiletten a Muppentoiletten gëtt weidergefouert. A mir hunn eis och dëst Joer en neie Müllcamion ugeschaaft, fir eis Servicer ze verstärken. All Bierger soll also matmaachen a bestreift sinn, an enger propperer a liewenswäerter Stad ze liewen.

Gas, Waasser a Kanalisatioun: konstant Weiderféierung vun eisen Efforte am Beräich vun der Ofwaasserentsorgung a Kanalwiesen, am Sënn vun Ëmwelt a Preventioun vun Iwwerschwemmungen. Eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut. Alles dat si Montanten, déi fannt Dir am Budget erëm. Dat sinn héich Montanten, déi een a première Vue net gesäit, well se am Buedem sinn, déi awer ganz wichteg sinn.

Da kommen ech nach bäi eis Gemengesyndikater. De STEP, do brauch ech jo haut net méi drop anzegoen. Do hate mer jo virun e puer Wochen Geleeënheet, an engem informelle Gemengerot iwwert de STEP ze schwätzen. Ech wëll just nach eng Kéier widderhuelen, dass mer wäerte goen an den Ausbau vun enger 4. Stuf an dass mer müssen den Terrain definitiv kafe fir de Recyclingszenter zu Keel-Téiteng. De Minettkompost ass och e Syndikat deen a Beweegung ass an do proposéieren ech, anstatt lo hei am Detail drop anzegoen, do proposéieren ech et ze maachen, wéi mer et beim STEP gemaach hunn. D'nächst Joer, dass mer déi Responsabel vum Minettkompost an en informelle Gemengerot wäerten invitéieren, dass Der do alles am Detail virgestallt kritt. Ech wëll just soen – wann ech soe Beweegung – d'Stad Lëtzebuerg wäert Member ginn. Januar '22 ass dat virgesinn an Dir hutt och vläicht schon op der Press gelies, dass d'Gemenge vum SIEDEC och ëmgestallt hunn op eng gréng Tonn. An dat wäert alle mat enger Konventioun mam Minettkompost gereegelt sinn, sou dass si da wäerte bei eis dat liwweren. Mee dat bedéngt natierlech alles och vill Aarbecht, vill Investitiounen. D'Wierk gëtt vergréissert, et gëtt erneiert an dat aalt Kompostwierk gëtt komplett ofgerappt an duerch en neit ersat. Wéi gesot, do gëtt nach ganz vill geschafft. SIDOR ass en anere Syndikat wou ech d'Diddelenger Gemeng vertrieeden. Dee wäert '21 seng 50 Joer feieren an do wëll ech just ënnersträichen, dass do och den Tonnage-Präis vu 96.- € fir de Menage wäert d'selwecht bleiwe wéi dëst Joer, respektiv wéi d'virlescht Joer. Domat hunn ech dann lech e ganz klengen Aperçu ginn iwwert meng Ressorten an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci och dem René Manderscheid fir seng Presentatioun, wat seng Ressorten ugeet an och d'Aschätzung vum Budget 2021. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.



### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo, voilà, Merci Här Buergermeeschter. Ech ginn dann och eenzel op meng Ressorten an. Ech wëll awer am Virfeld, an den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, soen datt och wa mer elo manner Recettë kréien, dass mer awer an deem Beräich Kannerbetreuung net wäerte spueren, och wann et scho Projete sinn, déi um Lafe sinn. Nach maache mer awer och nei Projeten, an ech wäert elo eng Kéier kuerz dorobber agoen. D'Crèche, ech fänken u mat deene Klengsten, dëst Joer kréie mer eng drëtt Gemengecrèche bäi, déi fannt Der erëm am Budget mat 1,5 Milliounen, sief et d'Gebai, de Mobilier oder d'Alentoure vun der Spillplaz. D'Gebai gëtt am Juni fäerdeg. Mir hate vill Retarden duerch Covid. Liwwerungen, déi net komm sinn an och Aarbechten, déi net konnten ausgefouert ginn, dofir wäerte mer eis elo freeën, wann déi Crèche opgeet. Do komme 45 Plaze bäi, sou datt d'Gemeng lo wäert 110 Plaze fir an d'Crèchen hunn. D'Konzept, do wëll ech elo hei net drop agoen, dat wäert ech wéi versprach an enger eenzeler Sëtzung virstellen a mat lech diskutéieren. Bon, mir hunn natierlech schonn eng Waardelëscht an der Crèche. Dat heescht awer elo, déi Waardelëscht ass ëmmer ofhängeg vum Précoce, dat heescht wa Leit dann herno d'Kanner an de Précoce ginn an net an d'Crèche, da ginn do natierlech Plaze fräi. D'Kritäre vun der Waardelëscht: do ass et net anescht, wéi mer et soss an de Crèchen hunn. Natierlech passe mer immens drop op, datt Monoparentallen eng Plaz kréien an och Leit, déi zu zwee schaffe brauchen eng Plaz an enger Crèche. Natierlech hale mer ëmmer eng kleng Reserve fir Urgencen, wa Leit müssen d'Urgence hiert Kand iergendwou ënnerkréien. Bon, d'Fraisen, déi sinn net nëmme bei deem neie Gebai. Mir ënnerhalen natierlech och déi besteeënd Gebaier, sief et lo Saachen, déi an de Minettsdäpp müssen nei gemaach ginn, mir schwätzen dann awer och hei vun den ordinaire Frais, déi e bësse méi verspreecht sinn am ganze Budget, sief et lo pedagogesch Material, Aktivitéiten oder och kleng Ekipementer, dat sinn 200.000.- €. D'Crèche ass mëttlerweil och mat 150.000.- € an der Restauratioun am Ordinairen erëmfannen.

Da ginn ech weider op d'Maison Relais. Och do wäert 2021 e grouesse Moment sinn, och wann dat e lafende Projet ass. Dat ass natierlech d'Maison Relais am Ribeschpont. Och déi wäert Mee/Juni fäerdeg ginn. Do kréie mer 170 nei Plaze bäi. Wat eis hei zu Diddeleng natierlech gutt kënnt, mir hu wéineg Waardelëschten an dat dote bréngt vill mat sech an hëlleft eis ganz vill, de Leit entgéint ze kommen. Wat awer aussergewöhnlech ass, ech hat et zwar scho gesot, warscheinlech d'lescht Joer: dat sinn déi dräi Klassesäll. Et ass alles ëmgedréint, et ass eng Maison Relais mat dräi Klassesäll. Do hate mer och schonn eng éischt Reunioun mam Präsident vum Ribeschpont an do kucke mer dann déi dräi Klassen dann z'intégréieren. De Précoce natierlech dann och an der Ganzdaagsbetreuung, wat och ganz wichteg ass fir eis. Bon, dat kascht eis nach eng Kéier 3,5 Milliounen fir d'Gebai, och de Mobilier, eng Spillplaz, en Naturschoulhaff. Ech mengen am Ribeschpont hu mer schonn en Naturschoulhaff. Hei wäerte mer och net an eng aner Richtung goen an och hei wäert et en Naturschoulhaff ginn. Weider Investitiounen sinn natier-

lech déi fest, wéi bei der Maison Relais, Schwämm, ech menge wann Der do laanscht fuert, da gesitt Der dass sech d'Situatioun do immens verbessert huet. Déi Kleng hunn och elo Hochbeeter do stoen. Hei wäert elo déi 2. Phas gemaach ginn, dat betrëfft nach en Deel d'Maison Relais an dann d'Entrée natierlech vun der Schwämm. Butschebuerg, do ass et am Fong e ganz kleng Projet, deen ech wëll soen, deen awer wichteg ass: ënnenan an der Kantin, war bis elo d'Spulkichen net getrennt vun der Kantin, mir maachen do eng „Séparation de réfectoire“. Och dat fannt Der erëm.

D'Restauration scolaire, och déi geet natierlech weider an d'Luucht, vu que datt mer jo och méi Kanner kënnen ophuelen, an dat sinn dëst Joer 1,5 Milliounen fir d'Restauration scolaire. Wat awer och elo am Budget erëmfannen ass, dat ass „Frais d'encadrement pour enfants à besoins spécifiques“ an der Maison Relais. Ech mengen Dir wësst, wa mer hei spezifesch Encadrementer wëlle maachen, da musse mer eis selwer drëm këmmen, well et d'Maison Relais ass. Et ass net wéi an der Schoul, datt do de Ministère dat iwwerhëlt.

En anere Projet, dee mer och ëmmer erëm vill diskutéieren. A praktesch all zweete Gemengerot, ass de Pedibus. Och do si mer ënnerwee. Mir waren am Brill, mir hunn zesumme mat der Maison Relais, dem Präsident, der Circulatioun an och den Elterevertrieeder d'Points de rencontre definéiert, an dem Claudia seng Circulatioun déi wäert sech och elo drëm këmmen, datt, wou déi Points de rencontre sinn, datt dann och e séchere Schoulwee entsteet. Ech mengen dat ass eng grouss Aufgab. Nach wäert ech mat den Elterevertrieeder net méi spéit de Méinden eng „Teams“ hunn, wou mer driwwer diskutéieren, wéi mer dat Ganzt ugin. Weider Projekte sinn do Butschebuerg a Lenkeschléi. A wann ech elo d'Zesummefaassung géif maache vum Budget, Maisons Relais, Kannerbetreuung, dann ass den Invest vun der Gemeng am Ordinaire bei 4,1 Milliounen an am Extraordinaire bei 3,8 Milliounen. Wann ech d'Crèche nach derbäihuelen an déi zwee zesummerechnen, da si mer bei 9,5 Milliounen. Ech mengen do gesitt Der dass mer ëmmer erëm ganz vill investéieren an d'Kannerbetreuung, well dat mengen ech e wichtige Punkt ass fir eis. Dann zum Enseignement. Och do kënnt elo dëst Joer 2021 zwar keen neie Moment am Budget, et kommen nach vill Suen, déi mer müssen investéieren. Mee en neie Moment, well d'Schoul wäert de 4. Januar ophunn. Bon, d'Klassesäll an d'Produktiounskiche sinn all fäerdeg. Mir waren och gëschter sur Place a mir hu gekuckt, wat nach muss gemaach gi fir kënnen de 4. Januar unzefänken. Mir sinn awer ganz gutt, och mam Agrément, sou datt deem dann näischt méi am Wee steet an déi 1,2 Milliounen dann de Schluss si fir d'Ouverture vun der Lenkeschléi.

Naturschoulhaff: ech ginn elo net drop an, mir hunn dat herno um Ordre du Jour vum Gemengerot. Ech wäert do nach eng Kéier global op den Naturschoulhaff agoen. Wat awer elo ganz wichteg ass, dat ass, datt mer net ëmmer nëmmen investéieren an nei Gebaier, mee mir investéiere konsequent, säit Jore schonn, och a besteeënd Gebaier. Ech wëll just hei nach eng Kéier be-



tounen, déi Iddi, ëmmer Quartiersschoulen ze hunn... Ech kann lech soen, déi ass eis 2020 zegutt komm. Ech kann lech soen, déi Gemengen, déi nëmmen 1 Gebai oder nëmmen ee Risegebai hunn, déi ware vill méi geplot wéi mär, déi déi eenzel Gebaier hunn, och wann et e groussen Invest heiansdo ass, fir déi ze ënnerhalen. Wouhin investéiert gëtt... ech mengen d'Toiletten, déi hate mer schonn am Budget d'lescht Joer am Brill. Mee déi ginn elo fäerdeggestallt. Et kommen awer och ganz vill nei Mesuren, déi do gemaach ginn. Wat mer och maachen, wou mer elo e ganz Konzept hunn, dat ass de Schoulmiwwel. All Schoulsall, deen elo fäerdeg gemaach gëtt kritt e Mobilier encastré. Mir fänken u mam Brill, do wäerte mer lo 6 Klassenäil maachen. An da maache mer eng „Etude de mise en conformité“. Ech mengen, mir müssen dat am Brill maachen, do ass et d'Sécurité dans la Fonction publique, déi eis virschreift, wéi mer wat müssen upaken, an dofir maache mir do eng Etüd, well dat sou e grousst a komplex Gebai ass. Bon, de Strutzbierg, do ass mäi Kolleg de Loris schonn drop agaangen. Trotzdeem wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt dat och e wichtege Projet ass och fir d'Schoul, fir d'Schoulkanner, mee awer och d'Alentouren, déi do ronderëm kommen, dee wierklech vill bréngt fir d'Schoul an och fir d'Maison Relais, den Ausseberäich. De Projet dauert 3 Joer, e kascht och 3,5 Milliounen dest Joer, och dat ass e risegen Invest. Bon, un deem ganzen hänken natierlech och ganz vill Aarbechten, déi mer um Strutzbierg musse maachen. D'Chaudière muss nach demenagéiert ginn, mir hunn eng Détection Incendie déi muss ersat ginn. Wat awer och wichteg ass, dat Gebai, den Deel wou d'Direktioun de Moment dran ass, do remplacéiere mer d'Storen, an och den Daach gëtt do erneiert, well deen ass an engem schlechten Zoustand. Sou datt Der gesitt 258.000.- € ginn och um Strutzbierg erneiert. Nei gëtt nach an der Gafelt de Buedem an der Spillschoul gemaach.

An och an Italien, do ass et zwar nëmmen e Blitzableiter. Ech wëll awer do betounen, dat ass vläicht net dee wichtigste Posten, mee domat si mer an Italien konform an et ass eis och méiglech do dann elo Precoce opzehuelen. Dat war fir eis ganz wichteg, dofir ass dat e ganz flotte Projet. Butschebuerg, dat ass ee vu mengen éischte Projeten, déi ech als Conseiller eng Kéier gemaach hunn, e Schoulhaff. Mir si lo 15 Joer duerno ongeféier, dee gëtt och erneiert. Do gesitt Der, '21 maache mer fir d'éischt emol d'Pläng an '22 gëtt dee realiséiert. Ganz wichteg, an dat hu mer gesinn, datt dat immens wichteg ass, och elo während där Kris, dat ass d'Informatik. Déi spillt eng ganz grouss Roll, a mär hunn decidéiert, eis Schoulen domat z'ekipéieren, an dofir ginn och déi Budgeten an d'Luucht. Mir wäerten ufänke mat Butschebuerg, wou mer ganz gutt ënnerwee sinn, si ginn ekipéiert, si kréien och iwwerall Wifi, si wäerten och weider I-Padde kréien, well genau si hunn dat an hirem Plan de développement scolaire stoen. A mir wëlle si natierlech sou séier wéi méiglech ënnersëtzen, dass si dat alles kënne maachen. Bon, duerno ass et de Ribeschpont an da weider Schoule wäerten och ekipéiert ginn. Educ Design geet liicht an d'Luucht, well si eis do eng Hand upaken, well de Volet Schoul, et

ginn ëmmer méi Gebaier, do brauche mer schonn eng extern Hëllef.

Da géif ech weider op deen nächste Beräich goen. D'Maison des Jeunes, och wann Der do lo am Ordinaires näischt erëmfant, pardon am Extraordinaires näischt erëmfant, am Ordinaire steet vill dran. Ech wëll awer einfach eng Kéier ganz kuerz iwwert déi e puer Wuert verléieren. Si si sou e bëssen déi Vergiesse gewiescht an där ganzer Kris. Ufank des Joers hate mer ganz vill Jugendlecher do. Ech muss soen, lo de Moment si wéineg Jugendlecher do, sou tëschent zéng a fofzéng ass sou d'Moyenne wou all Dag mol kommen. An déi wou awer lo do sinn, dat sinn déi, déi et brauchen. Si musse begleet ginn, si verstinn net ëmmer alles, si doe sech schwéier mat der Kris, an dofir wëll ech mol hei soen, alles wat déi gelescht hunn, d'Jugendterrass oder sief et datt se mat hinne schwamme ginn, eemol d'Woch de Kachcours an och d'opsichend Jugendaarbecht, dat fält alles ënnert d'Maison des Jeunes. E Merci do der ganzer Ekip, well déi hunn immens vill gelescht. Outreach, do wäert ech lech, sou wéi dat ëmmer ass, den Detail zoukomme loossen. Do waren 21 Jonker an der Betreung. Wat ganz wichteg ass, mir hunn och e ganz jonkt Meedchen wat am Service volontaire ass beim Outreach, wat dann herno dierften Auxiliaire de vie maachen, dat ass enorm gutt. Do war och eng Stagiaire vun der Uni.lu do, an Zesummenaarbecht - ech mengen de René Manderscheid huet et scho gesot - natierlech mam Service Emploi a mat der ALJ a mat der Adem, ass um aldeegleche Plang vum Outreach. Service Jeunesse, deen hat ech d'lescht Joer virgestallt. Mir hunn do Retarde kritt, a mir wësse firwat. Well mer iwwerall Personal gebraucht hunn an net och nach konnte Personal op dee Service ofsetzen. An och dee Projet wäert dann elo am Januar awer ulafen. Do waren och schonn Echangen, am Virfeld, mam ONE an och mam Outreach. Sou datt mir eis do lues a lues raschaffen. Dann nach e puer kleng Projeten... kleng, ech soe kleng...

Ech mengen - Aire de jeux - d'Spillplazen hu mer ëmmer konsequent frëschgemaach. Mir haten eng Phas 1, mir kommen elo an d'Phas 2 - do wäerte mer de Wolkeschdall frëschmaachen. Lauschterwee um Gehaansbierg. Dat ass e Projet vun d'lescht Joer, dee gëtt awer elo réischt dëst Joer realiséiert, sou wéi de Bongert zu Butschebuerg. Wat ganz nei ass am Budget, dat ass de Kannerwanderwee. Mir waren eis deen ukucken, zesumme ma Fierschter. En ass an net méi sou engem gudden Zoustand, sou dass mer decidéiert hu mam Romain Zouang zesummen a mam Fierschter, dee ganz nei ze maachen, do méi Beweegungsspiller eranzebréngen an och méi Sënesspiller. Well ech mengen eng weider Attraktioun, niewent dem Buerféisswee, dee wierklech grousse Succès huet, ass dann och dee Kannerwanderwee.

Eltereschoul, vläicht ganz wichteg, do maache mer lo, wann et dann erëm erlaabt ass, eng Permanence an der Gare um Büro. Dat heescht, dat ass d'Ana Luisa, hat ass all 14 Deeg eng Kéier do, mécht Rendez-vous mat den Elteren. Da kënne d'Eltere bei hatt an de Büro goen, wa se Problemer hunn. Baby Plus - Initiative Liewensufank, do bleiwe mer vum Budget hir liicht gi



mer rof, mee mir wäerten awer d'nächst Joer, well mer et dëst Joer dann net konnten, en Éischt-Hëllef-Cours maache fir jonk Elteren. Well dat wichteg ass, wann een e Bëbee huet.

Babysittercourse fir d'Senioren, och dat wëlle mer ubidden. An natierlech déi Babysittercourse fir Jonker wäerte mer och zesumme mam Jugendhaus ubidden. Dee leschte Volet, dat ass d'Informatik. Déi geet an d'Luucht. Ech mengen dat gesitt Der, wann Der déi ganz Budgeten auserneen huet. Dat ass awer net fir näischt. Ech mengen Dir gesitt, mir kréien all Dag nei Gebaier bäi, mir kréie Personal bäi, dann ass et normal, datt d'Informatik och wiisst. Wéi wichteg eigentlech déi Informatik war, dat hu mir lo gesinn an där ganzer Kris, Télétravail, wat déi Leit do hu misste leeschten, och eis Informatiker, all déi Laptops an jour setzen, fir datt eis Leit kënne vun doheem schaffen. Ech wëll einfach mol eng Kéier e grouse Merci soen, och u si, ouni lo wëllen detailléiert op déi verschidde Budgeten anzegoen, soen ech e grouse Merci. A wéi gesot, den Detail, dee fannt Der jo rëm am Budget.

Cours informatiques, do hu mer de Gros missen ofsoen. Et sinn eenzeler, déi konnte mer maachen, anerer net, mee mir wäerten awer d'nächst Joer do geziilt weiderfueren. De SIGI, do sinn ech och dran, an do wëll ech awer soen, do ass e bësse méi e grouse Moment, och wann de Budget do net terribel an d'Luucht geet, sou ass et awer dass de SIGI am Gaang ass, de SIGI-Nova ze schreiwen. An dat ass e ganz neie Programm, wou si an d'Gemeinde ginn, wou lo schonn eenzel Projet-Piloté lafen, an da sur place mat deem Gemeindebeamten de Programm skripten an dann och d'Besoinen ausgeschafft ginn an all eenzel Service. A mir wäerte lo do déi éischt Presentatioun hei an der Gemeng gemaach kréien am Januar. Deen Datum steet.

Iwwer d'City-App, do huet den Här Buergermeeschter och scho vill driwwer gesot. Mir bauen dat aus. An ech muss soen, dat ass einfach ze handhaben. Mat engem Klick hutt Der alles drop. Wann Der do eleng de Shopping ukuckt. Do hu mer all d'Geschäftsleit ugeschriwwen, do hunn déi meescht matgemaach. Do kann een iwwer de Link och op de Site vum jeeweilege Geschäftsmann goen, wann en een huet. Soss kënne si profitéiere vun der City-App. Wat lo dëst Joer nach virgesinn ass, also Ufank dës Joers, dat ass den Annuaire, wou mer eis Servicer virstellen. Also, wou der einfach e Service de Population huet, dann hutt der de Chef de Service, ëmmer mat senger Telefonnummer, sou datt Der och iwwer déi App dann direkt Kontakt zur Gemeng kritt. Ech mengen, allgemeng, wollt ech dem Pascal Poull eng Kéier Merci soe fir déi vill a gutt Aarbecht. Et ass wéi ëmmer e gudd Budget, wou mer vill investéieren, a Kanner, a Famill an och soss. Voilà, villmools Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir seng Presentatioun. D'Prioritéiten '21. An ech ginn da weider un d'Claudia Dall'Agnol.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Jo, Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot. Wann een als lescht schwätzt, dann huet een d'Chance dass scho ganz vill Detailer zum Rectifié an zum Initial gesot goufen, an dat erlaabt mir all Joers, mech méi kuerz de faassen an net an all Detail ze verfallen an lech och net musse mat Zommen erschloen, well Dir fannt déi souwisou alleguerten am Budgets-dokument erëm. An och meng Fraktiounskolleeginnen a -kolleegen, déi d'Presidence vun eenzele Kommissiounen hunn, weess ech, datt déi nach wäerten op verschiden Themen agoen, wat mär dann erlaabt, bei deenen Theme méi kuerz ze sinn. Fänke mer un, wéi all Joers beim Verkéier. Dir wësst dass mer am Gaang sinn um Parking résidentiel ze schaffen, fir deen op ganz Diddeleng auszewäiten. Firwat, ech mengen dat hunn ech hei schonn e puer Mol gesot. Et huet kee Wäert méi, Quartier pro Quartier auszebauen, well mer domadder de Problem just an aner Stroosse verlagere. Mir hu jo dem Gemengerot an och der Verkéierskommissioun schonn déi néideg Infoe ginn. Mir hunn och elo alles an d'Stad geschéckt, fir en Avis préalable ze kréien. Mir hunn deen Avis awer nach net schréftlech zréck. Wann dee bis do ass, da kënne mir dat hei am Gemengerot stëmmen. An dann och am Hierscht, wann alles klappt, de Parking résidentiel op ganz Diddeleng auswäiten. Dofir hu mir jo 2020 scho 4 nei Agenten - am Volleksmond Pecherten - bäikritt a mir wëllen och dee Service d'nächst Joer mat 2 Mann oder Frae verstärken. Mir bestellen natierlech d'nächst Joer och weider Horodateurs. Dat ass e ganz grouse Posten, well déi alleguerten och „contactless“ sinn an natierlech mat Kaarte fonctionéieren, fir datt mer prett sinn, wann de Parking résidentiel bis agefouert gétt.

Dir wësst, datt mer virun e puer Joer de System agefouert hunn, datt ee ka via säi Smartphone de Parkticket kann huelen. Mir hunn eisen ënnerierdesche Parking och méttlerweil dorunner ugeschloss. Déi App heescht „Open Go“. An natierlech wäert Der dat och um ganze Gebitt vun der Stad Diddeleng kënne gebrauchen, wann de Parking résidentiel bis a Kraaft ass. Am Joer 2019 hate mer 28 542 Transaktiounen. Mir sinn dëst Joer op den 31.10. op ronn 20 347 gewiescht. Enn des Joers, dat ass jo net méi laang, gesi mir da wéi vill méi oder manner 2020 déi App gebraucht ginn ass. Mee ech tippen och datt et Covid-bedingt och op der App „Open Go“ ënner Gänseféiercher „e bësse méi roueg“ war.

Zum öffentlechen Transport: Nei sinn 2 RGTR-Linnen, 316 an 324, déi de Multimodal Riedgen an den Eurohub mat der Gare Beetebuerg verbannen. Wat dann awer och mat sech bréngt, datt déi Leit, déi do an de Zone industriell schaffen, net méi mussen onbedéngt mam Auto kommen, mee en Alternativ hunn, wat gutt fir de Verkéier an a ronderëm Diddeleng ass. D'CFL bitt jo hire Car-Sharing-Modell „Flex“ och hei zu Diddeleng säit e puer Joer un. Si si ganz zefridden domadder a si wëllen dat och weiderféieren. Gemengerhand hate mer 2 Reservatiounen pro Auto, pro Dag. All Locatioun war am Duerchschnëtt 4,8 Stonne laang an et goufe pro Locatioun, och am Duerchschnëtt, 42 Kilometer zréckgeluecht. Flex huet eis gesot, datt se ganz zefridde si mam



Erfolleg vun hire Statiounen hei zu Diddeleng. Zum TICE, dee wäert och weider ausbauen. Dee bestellt 5 nei Diesel-Gelenkbusser d'nächst Joer. Och de Flexibus wäert weider fonctionéieren an dee gëtt och weider ganz ganz gutt genotzt. Bis Mëtt November ware ronn 35 933 km uechter Diddeleng mat deem Bus zréckgeluecht ginn. An nodeems den ëffentlechen Transport Mëtt d'lescht Joer gratis ginn ass, soll de Flexibus dat d'nächst Joer och kënne ginn. An e wäert och kënne déi Diddelenger bis bei de Globus, ancien Hela féieren, well déi Demande ëmmer erëm komm ass. En plus soll an Zukunft, dat heescht, soubal de Bedreiwer beliwert gëtt – dat huet sech och Covid-bedingt e bësse verzögert – soubal dee beliwert gëtt, wäert dee Bus och en Elektrobus sinn.

Mir hunn 2019 jo ugefaangen, all eis Foussgängersträifen op de Leescht ze huele fir datt se sécher sinn, gutt belicht, fir datt kee Foussgänger do zu Schued kënnt. A se sollen natierlech all handicapéiertegerecht sinn an de Virschléi, déi d'staatlech Verkéierskommissioun fir Foussgängersträife virgesäit, gerecht ginn. An natierlech wäerte mer och 2021 mat deem Projet weiderfueren.

2020 hu mer jo och eisen ënnerierdeschen, souwéi eise Fohrmannsparking nach besser beschëldert fir datt jidder se direkt fënnt a kee muss onnëtz duerch Diddeleng fueren op der Sich no enger Parkplaz. Mir hu jo d'lescht Joer och ugefaangen, de Vëlo méi genau z'analyséieren an e Réseau, respektiv éischt Routen weider ze entwéckelen an och ze zeechnen. Zënter deem ass vill geschitt, sief et wat de Marquage ubelaangt, oder och z.B. Schëlter, datt een double sens ka fueren. A mir wäerten natierlech och d'nächst Joer, also 2021, mat deem Projet weiderfueren.

Mir hunn och eng Vëloszielstatioun bestallt, déi an de Park Mayrisch soll kommen. Leider ass déi awer wéi sou villes, wéi meng Virriedner scho gesot hunn, duerch de Covid nach net ukomm. Soubal se awer do ass, wäert se natierlech och installéiert ginn. Mir hunn am Kader vun der Verkéierswoch am September en Dépliant erausgi gehat, dee misst Der kritt hunn. Wann net, an der Gemeng sinn der nach ze kréien. „Dudelage à vélo“ op zwou Sproochen, wou een all praktesch Informatiounen erëmfënnt, wat z.B. de Vëlo, d'M-Box, VTT-Pisten, de Verkéiersgaart, eis Vëloswäschstatioun an och d'Vëlospisten, wou een dat erëmfënnt.

Den ORT, Office Régional du Tourisme Süden ass iwregens mam Partner Esch 2022, wou mer jo och dobäi sinn, am Gaang, un engem Vëloswee duerch déi ganz Südgemengen ze schaffen. De Minett-Cycle-Tour heescht dat, deen och bei eis duerch d'Gemeng soll lafen. Dee Wee soll natierlech fir 2022 fäerdeg sinn an awer och doriwwer eraus bestoe bleiwen. Weider Detailler doriwwer kréie mer awer réischt an den nächste Wochen. Mir hunn dann e Projet eraginn, souguer zwee, beim Ministère, fir beim Vëlossummer matzemaachen, dee vum 31. Juli bis den 29. August wäert lafen. Bon, lo waarde mer op d'Äntwert a mir hoffen natierlech, datt déi positiv ass. De Schäfferot an och de Service Circulation, déi stinn zesumme mam Sportservice a reegel-

méissegem Kontakt an Austausch mat der Vëlosinitiativ Diddeleng. Firwat? Bon, zesumme komme mer natierlech besser virun, well si eis och kënne direkt op Problemer hiweisen. Mä kënne direkt reagéieren, wann et an eiser Muecht läit oder et och weiderginn. A mä kënne och direkt erklären, firwat eppes vläicht net sou einfach ze realiséieren ass, wéi si sech dat virstellen a wéi mä et vläicht och gären hätten. Eise Service huet dëst Joer och weider gekuckt, wou op ëffentleche Plazen a Gebaier Vëlosstaange gefeelt hunn, fir datt mer och do konnten norüsten. An der Niddeschgaass si ronn 10 Staange bäikomm, och hei beim Centre Culturel an bei de verschiddene Schoulen ass nogerüst ginn, wou et ne duergangen ass. Wa lo nach Plaze sinn, wou et Sënn mécht, der z'installéieren, da rëscht mer do och gären no, einfach e Coup de Telefon bei de Leit am Service de la Circulation, an da rullt dat. Et solle jo och nei Vëloschëlter opgehaange ginn. Net nëmmen hei zu Diddeleng, mee allgemeng am Land. Bon, dat huet geschleeft, well e Modell vum Ministère, respektiv vun der Ponts & Chaussées sollt kommen. An deen ass lo endlech Enn November komm, sou datt mer och lo do kënne Gas gi fir déi Schëlter ze maachen an opzehänken. Déi proviso-resch Vëlospist tëscht dem Centre Culturel an dem Skate Park NeiSchmelz ass jo och fäerdeg. D'Reglement ass hei am Gemengerot gestëmmt. D'Konventioun mam Fonds de Logement ass och hei am Gemengerot gestëmmt. Ech mengen, ech hat et d'leschte Kéier gesot, ech widderhuelen et awer nach eng Kéier: bis dat alles accordéiert vum Ministère zréck ass kënne mer déi Vëlospist net opmaachen.

D'nächst Joer wëlle mer dann och Vëlosfläckstatiounen op 2 bis 3 Plazen an Diddeleng montéieren, wou een da selwer ka bei klenger Boboe säi Vëlo flécken. Där Installatiounen ginn et am Ausland. Och matten a Grousstied ginn et där. Mol sécher hu mer eng Gemeng hei zu Lëtzebuerg fonnt, déi där Vëlosfläckstatiounen huet, an no engem Coup de Telefon mat hinnen hu si eis gesot, dass si ganz gutt Erfahrungen domat gemaach hunn, sou datt mä dat dann och wäerte maachen. Eise Verkéiersgaart ass dëst Joer fäerdeg ginn. Wat jo och ganz flott ass. Zum Vël'OK ech hat lech d'lescht Joer gesot, datt endlech neier erausgesicht ginn, an datt lues a lues eis al Vëlo kéinten duerch neier ersat ginn. Mee wéi Dir lech net wonnert, huet och do de Covid eis e klenger Stréch duerch d'Rechnung gemaach an d'Livraison vun den neie Vëloen huet sech ëm Méint verzögert. Mir waarden also nach op déi 20 neier, déi mer dëst Joer bestallt hunn. Ech krut awer gesot, also net nëmme mä waarden op Vëloen, déi mer bestallt hunn och all déi aner Gemengen, déi an deem Verbond mat dra sinn. Also et geet kengem besser. A mir kruten awer gesot, datt se Liicht um Enn vum Tunnel géife gesinn an datt d'Liwwerung drop an drun ass an datt se da kënne installéiert ginn. Nei Statiounen fir 2021 si geplangt op Lenkeschléi an op Ribeschpont. Dir wësst vläicht och, datt Monnerech an de Réseau bäigetrueden ass, wat immens flott ass, well mer doduerch de Süden, Monnerech, Féiz, Steebrécken asw. weider erschléisse konnten. Vläch e puer Zuelen: bis Enn November, dat sinn déi aktuellst, déi mer kritt hunn. Diddeleng hat 504 Abonnenten, wat der 106 méi si wéi Enn Dezember d'lescht Joer. Dat heescht trotz



Corona an dass d'Vël'OK-statiounen dunn iwwerall zou waren, sinn der ëmmer nach bäikomm. An eis Statiounen, déi am beschte ginn, mee ech mengen, dat wësst Der, dat ass d'Gemeng an d'Gare. Zum Personal beim Vël'OK, wéi gesot bis Mëtt November, dat sinn déi aktuellst Zuelen, déi ech do hunn, waren 20 Leit beim CIGL, déi vun der ADEM geschéckt gi sinn. Dorënner och endlech een Diddelenger, deen am November selwer do zougestouss ass. Der wësst, datt d'Gemege keen Afloss dorobber hunn, wie geschéckt gëtt vun der ADEM, soumat hu mir och keen Afloss dorobber, fir do Diddelenger hinzekréien. Mee mår si ganz frou, datt awer lo een dobäi ass. De CIGL huet och 4 Encadranten, an all déi schaffen Temps plein.

De Projet Nightrider gëtt och zesumme mam Pro-Sud weitergefuert, den Nightlight-Bus, deen d'Leit gratis op Diddeleng bréngt, Freides a Samschdes, gëtt och weitergefuert. Den TICE wäert och weider op den Haaptachsen, dat heescht op den normale Linne, Freides a Samschdes nuets, an och d'Virowender vun de Feierdeeg fueren, soubal natierlech de Cuvre feu eriwuer ass. Alles an allem bidde mer also jidderengem d'Geleeënheet, duerch all déi Mesuren, déi ech elo opgezielt hunn an déi mer schonn e puer Joer en place hunn, nuets gesond zrëck op Diddeleng ze kommen. Eise Mobilitéitsdag, wësst Der, huet säit 2019 eng aner Nues kritt. Mir wëllen op deem Wee weiterfueren. Dat heescht, datt d'Leit och aktiv kënnen matmaachen.

Am Kader vun der Mobilitéitswoch hate mer jo och Course fir Leit, déi wollte Vélo fuere léieren an och dat ass gutt ukomm. Mir haten eng Partie nei Bushaischer bestellt, mee och déi sinn duerch de Covid nach net ukomm. Soubal mer se hu wäerten se och installéiert ginn, well mir wëllen natierlech iwwerall do, wou et méiglech ass, en Ënnerstand hunn. Genausou wéi mer och Sëtzegeleeënheeten installéiert hunn, do wou et méiglech ass. Ech hunn elo e puer Mol gesot, datt Saachen net ukomm sinn duerch de Covid. Ech wëll awer eng Lanz brieche fir all déi Firmaen, déi eis dat solle liwweren, well mer och ëmmer a ganz enkem Kontakt mat deene stinn, fir ze wëssen, wou eis Saachen dru sinn. An ech muss soen, déi waren ëmmer alleguerte ganz fein. Si hunn eis ëmmer gesot, och éierlech gesot, wat lass war. A si sinn och alleguerte selwer an enger ganz schwéierer Situatioun well se selwer och ganz dacks nëmme kënnen mat den hallwen Ekippe schaffen. Dat nämmlecht gëlt fir d'Entrepreneuren. Ech mengen de Loris hat et virdu kuerz ugesprach. Et ass net einfach, seng ganz Ekippen zesummenzehunnen. An dofir mengen ech och vun eiser Säit hei en décke Merci un all dat, wat se trotz allem a Covid-Zäite gelescht hunn.

Dir wësst et, d'Mobilitéit ass e ganz komplex Thema a gräift a vill Beräicher an. Wann et net sou komplex wär, dann hätte mir alleguer heibanne sécherlech schonn déi bescht Léisung fonnt. Mir wëllen awer alleguerten eng zukunftsfaeg Mobilitéit an eng Mobilitéit mat längerfristige Visiounen. An do gouf jo scho ganz vill wäertvoll Aarbecht an de leschte Jore gemeet. PAG mat Bedeelegung, de Buergermeeschter ass drop agaangen... d'Veloskonzepter, Leitsystem fir Foussgänger, de Klimapakt

an all déi Viraarbechte wëlle mer jo netzen, fir se an d'Leitlinn SUMP – sustainable urban mobility plan – also en Nohaltegkeetsplang fir d'Mobilitéit an enger Gemeng, ze netzen. Mir wëllen also bei deem Projet Bilanz zéien, evaluéieren, mee awer och längerfristeg Ziler festleeën. Mir wäerten och eis Awunner mat abannen. Dorobber ass de Loris jo virdu méi am Detail agaangen. Well am Kader vum Biergerpanel sinn eng ganz Partie Froen zur Mobilitéit hei zu Diddeleng gestallt ginn, an déi Äntwerten, déi wäerten natierlech herno an d'SUMP mat afléissen. Wéi gesot, dee SUMP-Prozess hu mer 2020 gestart. Déi lescht Reunion huet leider missen online stattfannen, mee mir hoffen datt mir ganz geschwënn rëm kënnen live diskutéieren an datt dat Ufanks d'nächst Joer rëm wäert de Fall sinn.

Mir hu 4 nei Chargy-Bornen och dëst Joer hei am Gemengerot gestëmmt, wouvun der och schonn 3 stinn: Fohrmann, Spidol a Lenkeschlei. Déi beim Centre Culturel, do waarde mer nach op eng Autorisatioun vun der Ponts & Chaussées fir eng Traversée kënnen ze maachen. A soubal mer déi hunn, gëtt dat gemaach an déi Borne och installéiert.

Zu der Voirie, bon, wann ech Voirie soen, da wësst Der, et gëtt gebuddelt, a wa gebuddelt gëtt, dann ass dat zwar fir eng gutt Saach, mee bis déi Saach zum Virschäi kënnt, dat wësst Der, hu mer e Chantier. An da si vill Leit net ëmmer ganz frou. Wa mer awer wëllen eisen Awunner an och all deene Leit, déi all Dag hei op Diddeleng schaffe kommen, wa mer déi wëlle mat séierem Internet, propperem Waasser, Stroum a Gas versueren, da komme mer awer leider net laanscht d'Schantercher, well mår mussen eist Netz à jour halen. Dir wësst et, d'Leitungen hu leider ëmmer nëmme eng begrenzte Liewensdauer. A fir datt mer, wéi an de vergaangene Joren och, kënnen do weiterfueren, hu mer déi néideg Montanten am Budget stoen, fir an enger Partie Stroossen net nëmme dat Ënnerierdescht, mee och dat, wat d'Leit gesinn, nämlech d'Strooss selwer, ze erneieren. Z.B. Raclagen, herno ass nach eng Kéier en Devis um Ordre du Jour. E gutt Beispill ass awer och de Shared Space an alles, wat do ronderëm ass, d'Rue du Commerce... An ech mengen, de Buergermeeschter ass lo schonn dorobber agaangen, a mir hunn och scho méi dacks hei am Gemengerot doriwwer geschwat, respektiv mir kommen nach méi dacks op déi Projeten zrëck.

Eis Servicer sinn duerch eis City-App jo och vill méi einfach ze erreechen, wéi dat soss war duerch déi Fonction Report-it. Dat heescht, wann d'Leit dobaussen eppes feststellen, wat net gutt ass, wat soll gefléckt ginn, da kënnen se dat nach op der Plaz via Smartphone mat enger Photo dokumentéieren an hir Doleance eraschécken. An ech wëll och hei nach eemol ganz däitlech soen, et bréngt näischt, sech d'Fangere wond ze schreiwen op de sozialen Netzwierker. D'Bierger sollen et direkt un déi richteg Servicer mellen. Via Telefon, via SMS, weinst menger och via Fax oder via déi App hei. Da kënnen se och sécher sinn, datt eppes ënnerholl gëtt, datt dat och zäitno ënnerholl gëtt, an datt se do och direkt déi richteg Äntwerte kréien, ouni datt do wëll Spekulationen ouni Kapp a Schwanz stattfannen. Am Kloertext heescht



dat: einfach direkt mellen amplaz vu Meckeren, da kann och eppes ënnerholl ginn.

Gi mer bei d'Museksschoul. Dir wësst et, mir hunn eng ganz aktiv regional Museksschoul a se waren och dëst Joer all Dag um Dill fir ronn 1350 Kanner, Jugendlecher an Adulten e qualitativ héichwäerteg Museksunterricht kënnen ze bidden. Bon, ech gi bei der Musekschoul net op d'Detailer an, well mir hunn de leschte Gemengerot réischt déi definitiv Schoulorganisatioun gestëmmt an eisen Direkter war och deemools hei, fir op all Är Froen ze äntweren an och an d'Detailer ze goen. Vlächicht just kleng Bemierkungen zum Budget: wann ech soen, et si méi Schüler, da sinn dat 13,1% méi. Dann heescht dat och natierlech generell méi Ausgaben, z.B. wat d'Instrumenter oder och d'Geréiere vun deenen Instrumenter ugeet an natierlech och den Entretien dovunner. Am Danzen, an dat gouf och schonn hei gesot, wëlle mer 2021 de Buedem am Studio vun der Sportshal un d'Ufuerderunge vun den Danzklassen upassen. Dat ass eng Ausgab, déi awer nëmmen eng Kéier wäert zu Buch schloen. Dann, de Loris sot et, d'Museksschoul feiert 75. Anniversaire. Dofir ass e kleng Budget virgesinn. Mir wäerte viraussiichtlech am Dezember eng Séance académique organiséieren an och eng Publikatioun vun engem Buch zu der Geschicht vun der Museksschoul erausginn.

Eriwwer zum Tourismus: mir organiséiere weiderhin eis Visites guidéeën, déi d'Leit kënnen bei eis an der Gemeng buchen. A mir hu jo och dëst Joer en neien aktualiséierten Depliant heiriwwer erausginn. Leider huet awer de Covid dem Tourismus, an dat net nëmmen hei, de Krunn ganz séier zougedréint gehat. Mir schaffen och weider mam ORT Süden zesummen, Dir wësst et, mir schaffe scho säit e puer Joer als Südgemengen an engem Verbund zesummen. Den ORT Süden ass iwwregens geplënnert. Déi sinn elo an der Infofabrik zu Esch an der Uelzechtstrooss an domat si se vill méi einfach ze fannen an och vill méi no bei de Leit. Si hunn och hiren Numm geännert. Si heeschen elo net méi Red Rock Region, si heeschen elo Visit Minett. An och hire flotten Internetseite heescht elo VisitMinett.lu an net méi RedRock.lu. Giten, Floater 2022, do ass de Buergermeeschter an och de Loris schonn drop agaangen, well dat éischter mam Kulturjoer ze dinn huet. Mee mir erhoffen eis natierlech dorausser och vill Tourismus hei zu Diddeleng.

Wann ech soen, de Covid huet dem Tourismus geschuert, da gëllt dat selbstverständlech och fir d'Visitten am Kader vum Jumelage. Just als klengt Beispill, Feltre sollt erofkomme fir d'Buergfest. Bon, d'Buergfest konnt net stattfannen a Feltre konnt net erofkommen. Mir hoffen datt dat dann am nächste Joer vlächicht méiglech wäert sinn. Fir méi Detailer hu mer d'Präsidentin vun der Kommissioun an och Member vum Comité vum ORT Süden hei um Dësch. Ech wëll och nach eng Kéier en Appell maachen, datt mer ëmmer hoffen, datt d'Clibb an d'Associatioune sech bereet erklären, mat eise Partnergemengen, mat eise Jumelage-Gemengen zesummenzoukommen. Vlächicht an deen een oder anere flotte Projet eranzegoen, soubal d'Situatioun et wäert erëm erlaben. An da wäert d'Gemeng an déi zoustänneg Kommissioun

och sécher bereet sinn, déi Projeten ze ënnerstëtzen. Vum Jumelage ass et net wäit zur Integratioun. Mir hunn d'Chance zu Diddeleng iwwer 100 verschidden Nationalitéiten ze hunn an dorobber si mir och ganz houfreg. A mir ënnerstëtzen och dofir eis Integratiounskommissioun weiderhi fir d'Fêtes des Cultures ze organiséieren, déi dëst Joer leider och huet missen annulléiert ginn. An och d'Integratiounskommissioun huet sech ganz vill virgeholl hunn ech héieren, an eis Präsidentin vun der Kommissioun wäert sécherlech nach dorobber agoen a senger Interventioun.

Zu der Integratioun gehéieren natierlech d'Sproochecoursen, déi mer wäerte weiderféieren. Mir haten d'lescht Schouljoer ronn 1006 Participanten an deene Course fir Lëtzebuergesch, Franséisch Englesch a Portugisesch. Wat net vill manner ass, wéi dat Schouljoer virdrun. Do waren et der 1062, an dat trotz Covid. Niewent eisen eegene Course wësst Der jo datt och nach Italienesch ugebuede gëtt. An och déi wäerte mer weider ënnerstëtzen. Da bidde mer jo via de Service Ensemble nach eise Café des Langues un a bon, och do hu missen duerch d'Covid-Situatioun eng Rei vu Séancen ausfalen, mee et soll natierlech weidergefouert ginn an dat nämmleche gëllt och fir den Tandem des langues. De Service Ensemble, Dir kennt en alleguerten, da wësst Der och datt deen eng ganz Rei aner Saachen ubitt, vu Sportscoursen iwwer Permanenzen, Info-Versammlungen... an natierlech gëtt dee Programm weidergefouert an am Laf vum Joer wäerte sécherlech och nach déi eng oder déi aner Saach nei kënnen dobäikommen, soubal d'Situatioun et erëm erlaabt. Eis sougenannte Giftboxen, Geschenkbude sinn opgestallt ginn. Wat net méi gebraucht gëtt, awer nach gutt ass, kann een an déi Boxe leeën an dat geet da gratis iwwer an aner Hänn. Dat heescht un een, deen et ka gebrauchen. D'Kanner aus der Maison Relais Diddelfamill an aus dem Centre d'Hébergement hunn déi Giftboxen am Quartier Italien an op der Schmelz, wou se stinn, bemoolt. An ech wëll, well sech déi Kanner eebe souvill Méi ginn hunn a well et sou e flotten a wäertvolle Projet ass, och nach eemol drop opmierksam maachen, datt déi Geschenkbuxe keng Dreckskësche sinn an och keen 2. STEP ass. De Ren ass schonn allgemeng op d'Propretéit agaangen, an dofir brauch ech dat net ze maachen. An datt d'Leit sollen déi Geschenkbuxe och sou unhuelen, fir dat wat se geduecht sinn, nämlech Saachen draleeën, déi nach gutt sinn an en aneren och ka gebrauchen. An ech mengen am Numm vun de Kanner, déi sech souvill Méi ginn hunn an och am Numm vun Ensemble an de Leit aus dem Quartier géif ech do Merci soe fir de Respekt, deen Der deene Saachen zollt.

Op NeiSchmelz ass de Projet Ensemble och aktiv. Urban garden Workshop, alles wat méiglech war eeben a Pandemie-Zäite gouf gemaach. Pause-café, oprafe vun Dreck, Atelier créatif ... an alles dat soll natierlech och weider stattfannen. Och eis Bicherkabinnen, déi al Telefonskabinnen, wou elo Bicher dra sinn, konnte mer dëst Joer endlech op den Zuchsquaien opstelle well mer d'Erlabnis vun den CFL kritt hunn. D'Quartierszeitung, déi Ensemble rausbréngt mat senge Partner, huet en neie Look kritt a gëtt an deenen zwee ernimmte Quar-



tieren ausgedeelet. Hei ginn d'Leit informéiert, wat an hirem Quartier passéiert. Neierdénks gëtt déi Zeitung och am Quartier Brill ausgedeelet. Firwat? Ma ech hunn lech d'lescht Joer gesot, datt mer de Service Ensemble och wëilten op aner Quartieren ausdeen. Als éischt maache mer dat emol am Quartier Brill. An dofir ass lo jo och eng zweet Persoun bäigestouss, an zwar ass ab de 15. Mee den Cédric Czaika an d'Ekipp bäikomm. Mir hunn eist Ina also verduebelt. An domat kënnen mer dann eise Service Ensemble och weider ausbauen.

Ech kéim zum Schluss. An ech soen et all Joers hei bei de Budgetdiskussionen. Datt mer e Budget hei presentéieren als Majoritéit, deen deene Prinzippe fir déi meng Partei, d'LSAP, d'Sozialisten, astinn, gerecht gëtt an déi mär natierlech och perséinlech als Sozialistin um Härz leien, nämlech Fräiheet, Solidaritéit, Gerechtegkeet an och Sécherheet. Dat ass dëst Joer net vill anescht an dofir kann ech dëse Saz och erëm widderhuelen. An ech weess, datt e gudden Deel hei am Sall dat genau sou gesäit. An ier ech lech Merci soe fir d'Nolauschteren, wëll ech natierlech och de Servicer, déi dozou bäigedroen hunn, fir d'Budgetsdokument ze erstellen, Merci soen. Alleguerten de Mataarbechter an de Servicer. Virdrun hunn ech de Firmae Merci gesot an och den Entrepreneuren, fir déi et a Covid-Zäiten heiansdo net sou einfach war, well vun doheem geschafft ginn ass, well an Ekippen opgedeelet ginn ass a well och mol deen een oder deen anere krankheetsbedéngt gefeelt huet oder a Quarantän war. Dofir war dat heite keen einfacht Joer. Mir hoffen dass 2021 besser gëtt, an dofir erlaben ech mer als lescht Riednerin, an eiser aller Numm mengen ech, hinnen e grouss Merci ze soen. An lech Merci fir d'Nolauschteren.

#### **DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Merci Claudia och fir den Abléck an de Budget wat Deng Ressorten ugeet. Mir wäer lo zum Schluss ukomm vun der Presentatioun vum Schäfferot, wat d'Prioritéite si fir d'nächst Joer. Dat heescht, den nächste Freiden, haut aacht Deeg, kënnt Der natierlech, wéi dat hei eng Traditioun ass, dozou Stellung huelen, éier dann och de Schäfferot Stellung hëlt a mer zum Vott iwwerginn. Voilà. Dat heescht, dat wär fir haut an deem Sënn gemeet. An ech géif dann elo proposéieren, dass mer och den normalen Ordre du jour weiderginn.

### **3.4. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DEN AMENAGEMENT VUN DE SPILLPLAZEN AM SCHOULKOMPLEX LENKESCHLÉI**

#### **DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Ech géif lech awer proposéieren, dass mer de Punkt 3.4., den Devis ronderëm Lenkeschléi virhuelen. Well am Fong den zoustännege Mataarbechter, respektiv den Här Giorgetti, deen de Projet begleet, ënnerwee ass fir heihinner. Dat heescht, soubal se hei si géife mer dann dee Punkt huelen. Ech géif proposéieren, datt mer lo den Devis géife virhuele ronderëm d'naturu Spillplaz an och de Schoulhaff. Wéi gesot, d'Aire de jeux vu Lenkeschléi. D'Schoul Lenkeschléi ass jo en dernière Ligne droite fir dass se am Januar kann opgoen, fir dass déi Rentrée och do ka stattfannen. An natierlech ass dat heiten och

e Volet, den Devis, respektiv d'Amenagement, wou de Kanner zegutt kënnt. A bei eis am Schäfferot war et d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, wat sech in extenso mat all deem auserneegesat huet, och mat den Acteure bei der Ausschaffung. Dofir géif ech him och d'Wuert gi fir d'Presentatioun hei ze maachen.

#### **JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):**

Jo, villmools Merci Här Buergermeeschter. Ech wëll lo kuerz op deen Naturschoulhaff agoen, dee mer bei der Lenkeschléi maachen. Do sinn et e puer verschidde Voleten. Et ass net nëmmen deen ënneschte Schoulhaff, deen um Rez-de-chaussée ass, mee et ass och en zweeten Deel fir den C1 virgesinn op deem ieweschten, um 1. Stack. Fir d'éischt vläicht zu deem ënneschten Deel. Dat Ganzt ass wéi ëmmer zesumme mam Aarbechtsgrupp ausgeschafft ginn. Si hunn natierlech wéi ëmmer hir Besoinen och mat rabruecht, a mir hunn dann elo alles zesumme festgehalen. Wat ganz wichteg ass an deem Naturschoulhaff, et ass net sou, dass et nëmmen ee Belag ass. Et si verschidde Belager dran, och Mulch a Sand an alles wäert Der erëmfannen. Dir hutt och Fotoen do. Et ass ganz vill virgesi fir ze klammen an och Beweegung. Wat flott ass, ass dee Beräich riets, deen hannert der Turnhal läit, dat ass, bon, et kann een net soen, et ass e Fussballfeld, mee et ass en Terrain, wou se kënnen all méiglech Sportarte maachen. A wat do ganz speziell ass, dat sinn am Fong datt Podiumen do dobäi sinn. D'Kanner kënnen am Fong souwuel Theater spille wéi och Fussball spillen, an d'Kollege kucken no, déi wëllen. Also et ass scho ganz ganz flott amenagéiert. Ech freeë mech ganz vill dorobber, datt dee Schoulhaff sou amenagéiert gëtt. Nach wëll ech soen, datt dee Schoulhaff net fäerdeg ass fir de Januar. Ech mengen, alles wat do muss gemaach ginn, all d'Spiller asetzen, dat wäert réischt am Fréijoer fäerdeg sinn. Nach ass de Schoulhaff esou, datt e ka benotzt ginn, just ass en nach net fäerdeg amenagéiert mat Spiller. Um éischte Stack dann dee Beräich fir d'Spillschoul.

Dir gesitt op de Pläng – dat Eenzezt, wat mer do gemaach hunn – mir hunn ëmgedrënt. Well dee Beräich mat der Bänk, déi Bänk ass am Fong eng Sätzgeleeënheet, wou d'Kanner sech kënnen e bësse setzen an och en Austausch hu mam Schoulmeeschter. An et sinn och Hochbeeter. Déi kommen awer an d'Mëtt. Firwat an d'Mëtt? Majo, well riets vun deene Bänken an deenen Hochbeeter do sinn d'Schoullassen, do ass den C2. Dat heescht, et wär net gutt, wann d'Spillschoul do géif während hirer Paus spillen, an déi niewendrun zur Fënster rakucken, déi sëtzen do ze léieren. Dat ass am Fong déi eenze Emännerung, dee mer gemaach hunn. Et sinn och Beweegungsspiller a wéi gesot och Hochbeeter, an déi kënnen genotzt gi vum C2 oder iwwerhaupt vu sämtleche Kanner. An dat anert ass wierklech eng Spillplaz, déi ausgeriicht ass op en C1. Wichteg ass, zemools elo an där Zäit, an dat hunn ech virdu schonn eng Kéier gesot, ganz wichteg ass déi verschidde Beräicher. Wou d'Kanner sech kënnen an engem eenzelen Deel ophalen. D'Spillschoul z.B., déi ka ganz uewen um 1. Stack bleiwen, den C2 kéint lo an der Mëtt bleiwen, do hu mer en extraen Agang hannen, wou déi Kanner och eenzel erakommen. Souwuel ass et och sou am Schoulhaff. Do



hei ass et elo sou, datt de Belag, ech war gëschter do, et ass am Fong alles fäerdeg amenagéiert. Dat um 1. Stack dat misst méiglech sinn, d'Hochbeeter an d'Bänk an sou, dat kréie mer installéiert... Just de Fallschutz, do brauche mer e bësse méi laang. Bis et méi waarm gëtt. Also do wäert et Abrëll gi bis se dat kënne benotzen. Wéi gesot, e ganz flotte Projet. A mir si jo lo bei all Schoulhaff e bëssen an déi Richtung gaangen Naturschoulhaff, fir d'Kanner der Natur méi no ze bréngen, an och d'Spillplaz hannendrun ass jo dann an deem Sënn amenagéiert wéi de Schoulhaff dann. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Josiane fir d'Presentatioun an d'Erklärung. D'Diskussioun ass op, wa Froe wäeren?

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Jo Merci fir d'Wuert. Also déi „Aire de jeux au complexe scolaire Lenkeschléi“, déi offiziell Bezeichnung. Mir hunn eis déi Pläng ugekuckt. Déi Pläng vun der naturnoer Gestaltung versprechen wierklech eng flott Spillplaz am Schoulhaff. A wann een dat liest: „Sandfläche zum Buddeln, Matschen für Kleinkinder, Hochbeet, Bolzen, Weidentunnel, Picknicktisch, Erdxylofon“, do wënscht een sech, rëm Kand ze sinn. Déi ganz Pläng gesi gutt duerchduecht aus, an et mierkt een, datt de Groupe de travail hir Wënsch konnt abrénge. Déi verschidde Beräicher sinn den ënnerschiddleche Besoine vun de Kanner aus alle Cyclen ugepasst an domat ass der sozialer Funktioun, déi de Schoulhaff huet, Rechnung gedroe ginn. D'architektonesch Gestaltung ka wesentlech dozou bäidroen, wéi héich oder niddreg den Aggressivitéitspotential während de Pausen ass. Hei kann duerch sou Moossname präventiv geschafft ginn. Mir géifen eis wënschen datt och an aner Schoulen de Schoulhaff sou kéint opgewäert ginn duerch eng naturnoer Gestaltung. D'Eltereveeneegung hat scho viru ville Joren e Virstouss an dës Richtung gemaach an hat probéiert, mat den Acteuren um Terrain, den Enseignanten an de Kanner, also Biergerbedeelegung, zesummen nei Weeër ze goen. Mee leider ass de Bëtong op de meeschte Plaze leie bliwwen an et sinn zwar Spiller drop gemoolt ginn an et sinn och déi eng oder aner Geräter opgeriicht ginn, mee e schlëssegt Konzept konnt een deemools net wierklech erkennen. Op Lenkeschléi gesäit dat lo anescht aus a vill besser. Just 2 Froen: d'Hochbeeter: op de Pläng gesäit dat aus, ass wann déi op der Nordsäit wäer vun der Schoul, a well d'Schoul jo awer en héicht Gebai ass... Kréien déi genuch Luucht? An dann och – also dee Schoulhaff ass jo lo nach net fäerdeg. Wou ginn d'Kanner dann elo an der Paus hin? Kéinten se eventuell och op déi Spillplaz, déi niewent der Schoul ass, auswäichen? Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madame Heinen.

**JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV):** Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech wëlt just eng Klengegkeet soen. Mir sinn natierlech mat deem Konzept absolut averstanen, sou wéi dat ausgesäit. D'Madame Heinen huet et gesot, wann ee gesäit, wat haut fir d'Kanner gebuede gëtt, da muss ee sech wierklech freeë fir si. Wann ee kuckt, mir hate fréier e Schoulhaff an dat war et och. Da

konnte mer eis ameséieren. A fir de Rescht kréie si ganz vill hei gebuede. An dat ass am Sënn fir de Kanner hei och eng Riseförderung ze ginn. Ech mengen, wa si souvill Méiglechkeeten hunn, dann ass dat och nëmmen zu hirem Benefice. Mir sinn natierlech absolut dofir. Meng Remark, dat ass just eng Klengegkeet niewendrun, dat ass déi Spillplaz, déi niewent der Schoul ass. Do ass déi Spillplaz jo hannendrun, do kréien ech ganz oft vun aneren Eltere gesot, dass déi am Fong net ganz 100% an der Rei wier. Dat heescht, do gëtt d'Gras heiansdo ganz héich stoe gelooss, do wollt ech froen: Ass dat bewosst gemaach? Well si soen do géif et dann och de Risiko ginn, wann d'Kanner do spillen, dass do Zecke sinn an dass d'Kanner eventuell géife Gefor lafen. An do ass da meng Fro: Ass dat bewosst gemaach, dass dat sou héich do stoe bleift? A wann dat sou ass, dann ass dat natierlech OK. Mee wann awer do kéint heiansdo méi duerno gekuckt ginn. Well et si ganz vill Leit, déi sech bei mech beschwéiere kommen. Do soen ech, ech froen dat no. An dann ass dat natierlech eng Aufgab, déi dann och eng Kéier hei ka gefrot ginn, firwat dat da sou ass. Dat ass meng Remark dozou. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Friedrich.

**ROMAIN ZUANG (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, e puer Wuert mengersaits hei zu där naturnoer Spillplaz. Perséinlech freet et mech, dass mer dës Kéier, an ech mengen et ass fir d'éischt, dass mer gläich beim Bau vun enger Schoul, respektiv Maison relais e Konzept fir eng Spillplaz, respektiv hei fir eng Terrass, virleien hunn an dat och kann direkt ëmgasat ginn. An der Period 2005 bis 2011 ass op Initiativ vun der Familljekommissioun mat hirer deemoleger Präsidentin dem Josiane, d'Schoulhaff, déi duerchwegs, an dat muss ech der Madame Heinen an och dem Här Friedrich gären zouginn-, gro Makadammsfläche waren, meeschtens just eng Sandkaul fir déi Kleng an eventuell zwee Goaler haten, wou déi Grouss Fussball spille konnten, méi frëndlech gestalt gi sinn. Dëst an Zesummenarbecht mat dem Léierpersonal an de Kanner vun den eenzele Schoulen. Et si Spiller opgeriicht ginn, faarweg Fallschutzbuedembeleg sinn agebaut ginn, gréng Ecker sinn entstanen, Spiller sinn op de Buedem agezeechent ginn asw. D'Kanner konnten also méi wéi just duerch den Haff een deem aneren nolafen oder am Seel sprangen. Wat ee gemierkt huet war, datt et zu manner Konfliktsituatiounen komm ass. D'Aggressivitéit ass effektiv erofgaangen. D'Kanner hunn also manner gestridden. Si ware beschäftigt, a si hu sech och de Cyclen no ronderëm hir Spiller opgehalen. Deen eenzege Bemol, dee war ëmmer dass d'Aarbechten un de Schoulhaff net ëmmer während enger Vakanz konnte gemaach ginn, an sou koum et natierlech zu Inzidenzen op d'Pausen an dären Oflaf während der Schoulzäit, déi ëfters hu missen zäitversat stattfannen, respektiv och während de Maison Relais-Zäiten, wou d'Plaz am Haff ageengt war. Hei op Lenkeschléi komme mer also net méi an dës Situatioun. Et brauch net méi am Nachhinein frësch geplangt ze ginn, opgerappt ze ginn asw.. De Betrib wäert also net méi perturbéiert ginn. 200.000.- Euro, dat si vill Sue kann



ee soen, mee wann ee kuckt, wat déi Zomm alles beinhalt, dann ass dës Montant fir dës Envergure gerechtfäerdeg. An dee Montant, dat ass net nëmmen den Haff mat sengem naturnoe Konzept, mat diverse Spiller, y inclus e Mini-Stade – wann ech e sou kann nennen – fir Ballspiller, mee och eng Spillplaz fir de Cycle 1 op der Terrass um 1. Stack ass hei an deem Präis mat dran. Wéi Der alleguer wësst, ass eng vun de Bedingunge fir den Agrément fir eng Maison relais ze kréien, déi, dass een eng Spillplaz muss matbauen. Normalerweis gëtt déi subsidiéiert mat engem Montant vun 8.500.- €. Well mir awer hei en naturnot Konzept ëmsetzen, kréie mir – wann ech dat gutt verstanen hunn, eng 60.000 € – wat jo net grad wéineg ass, bal en Drëttel vum Staat erem. An dofir si mir als Fraktioun selbstverständlech dofir, fir fir dësen Devis ze stëmmen. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Zuang. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da ginn ech hei d'Wuert weider un eis Schäffin d'Josiane.

#### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo voilà, ech wëll lo vläicht kuerz op déi eenzel Remarken agoen. Natierlech ass et hei flott wann een eng Fläch huet, wou een hei och ka vun Ufank u mat engem Aarbechtsgrupp ausschaffen. Da gesäit dat selbstverständlech herno nach méi naturgestalt aus, wéi dat nach virun 20 Joer de Fall war. Ech wëll awer erënneren dass, an där Zäit op alle Fall, wou ech do war, hu mir am Ribeschpout en Naturschoulhaff amenagéiert. Dee kënnt Der lech gären ukucke goen. Och do si Weidentunnellen, och do leie Beleg um Buedem, och do ass e kleng Buerfousspad dran. Dee leschte Projet, dee mer ageweit hunn, a wou ech awer muss soen, deen ass immens gelongen, och wann nach ëmmer Bëtong do ass, dat ass d'Gaffelt. Wann Der lech d'Gafelt ukucke gitt, wéi flott dat ginn ass, wéi dat mam Holz gemaach ass, wéi naturno och do probéiert ginn ass ze gestalten... Bon, et bleift ëmmer eng Bëtongsfläch do wéi gesot. Et ass awer wonnerschéi ginn. D'Kanner wëllen och heiansdo mam Ball spillen oder mat klengen Autoe fueren. Wann een do nëmmen Naturschoulhaff huet, dann hu se dee Moyer net. Ech mengen et ass e Kompromëss tëschent deem enge wat mer benotzen an tëschent deem aneren. Da wëll ech awer och soen, deen nächste Projet dee kënnt, an dat ass Butschebuerg. Butschebuerg ass wierklech de Moment eng Bëtongsfläch. Mir haten do probéiert, am Ufank, mat klengen Elementer méi naturno ze maachen. Mee och dat wäert geännert ginn. Wann Der hannert der Butschebuurger Schoul eng Kéier kucke gitt, do stinn déi Hochbeeter, et ass immens schéin amenagéiert. Also op Butschebuerg wäerte mer dat dote maachen. Et ass wierklech, och vun eiser Säit aus, de Wonsch, net nëmmen déi Bëtongsflächen do an de Schoulhaff ze hunn. A sou wéi mer se erneieren, do wäerte mer dat och änneren. Dann, zu den Hochbeeter war d'Fro. Jo, déi stinn op enger Plaz wou Sonn dru kënnt. Mir hunn dorop opgepasst. Et war nämlech eng Remark, déi mer direkt kruten, dass déi Hochbeeter och Sonn kréien. Dann zum Här Friedrich, deen hat gefrot mam Gras op der Spillplaz. Do muss ech elo éierlech soen, dat kann ech elo hei net soen „Dat ass esou“,

mee ech wäert dat awer eise Service Jardinage weiderginn. Vläch eng kleng Iddi: Report-it, City-App, do kënnt Der et direkt mellen. Mee ech wäert dat doten awer weiderginn. OK. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane. Just nach eng Remark par Rapport zum Här Friedrich. Ech mengen wann Der sou Réckmeldungen kritt... ech mengen d'Bierger kënnen ëmmer an eise Servicer uruffen an da kann een dat ophuelen. Nieft dem Report-it geet et iwwer Telefon, iwwer E-mail, wéi d'Claudia dall'Agol dat virdru gesot huet. Also ginn eng ganz Rei Moyer, wou ee kann Elementer un d'Gemeindegesservicer erun droen, déi sech dann där Saach unhuelen.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Ech hat nach gefrot, ob d'Kanner da lo kënnen op d'Spillplaz auswäichen, soulaang dat hei net fäerdeg ass?

#### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Pardon, jo, ech hat vergiess, déi ze beäntweren. Also absolut, déi kënnen déi Spillplaz benotzen, wuel wëssend, datt et elo Wanter ass. Ech mengen och eng Spillplaz, do muss d'Wieder jo awer gutt sinn. Souwisou, och herno, wann d'Schoul fonctionéiert, si kënnen ëmmer mol op déi Spillplaz goen, déi kënne si roueg benotzen. Dat ass zwar eng Spillplaz, wou och de Public ka sinn an dat anert ass e Beräich, wou nëmmen d'Schoul an Maison Relais ass, wann déi fonctionéiert. Mee si ka benotzt ginn, si kënnen dohinner goen.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Voilà, ech mengen mir hunn den Tour gemeet. Da géif ech proposéieren, datt mer zum Vott iwwer d'Wäert wat dësen Devis ass vun 220.000.- €. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** An da soen ech lech villmools Merci.

### 3.3 APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'RENOVIATION VUN DER HAAPTFASSAD VUN DER KIERCH SAINT MARTIN ZU DIDDELENGER

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer op deen nächste Punkt weidergoen, respektiv op deen ee Punkt zrëckkommen, an dat ass den Devis deen Der virleien hutt fir d'Renovatioun vun der Fassad vun der Kierch, virun allem de viischten Deel. Dofir begrëssen ech hei an eiser Ronn vum Büro HLG den Daniel Giorgetti, den zoustännege Mann, deen deen dote Projet begleet vum Bureau d'Etudes an och den Ivica Repusic aus eise Service Technique, deen och bei eis am Haus deen dote Projet begleet. Et ass jo sou, dass mer, dat hutt der jo och raushéieren an der Virstellung vum Budget virdrun, dass mer 2021 e Montant agesat hu fir deen doten Deel wëllen ze renovéieren – d'Hauptentrée. 2022 éischter da lénks a riets wat d'Tierm ugeet, mee virun allem dann elo d'Hauptentrée. Et ass jo sou datt déi heite Kierch e Monument national ass, wou mer dann och, vu dass mer jo och Proprietär sinn als Gemeng, bei deem dote Patrimoine jo och vu Sites et Monuments a vum Kulturministère och e Subsid kréien an mer déi heiten Aarbechte jo och wollte pa-



rallel maache loossen zu den Aarbechte vun der 3. Phas vum Shared Space. Sou dass mer och mat enger ganzer Rei Acteuren, sief et engersäits schonn Diskussiounen gefouert hunn, sief et mat Sites et Monuments, sief et awer och mam Architektbüro, deen déi 3. Phas vum Shared Space mat ëmsetzt, dass mer dat och kënnen zesumme koordinéieren. Op där anerer Säit ass déi heiten Diskussioun och – wann ech lo déi al Termen huelen – mat der Kierchefabrik, respektiv och mam Bistum, wou mer och eng Entrevue de part et d'autre haten, wou och dat ugeschwat gouf. Voilà, dëst gesot, géif ech awer vläicht och direkt dem Daniel Giorgetti d'Wuert ginn, fir e bësse méi am Detail an de Projet anzeféieren, fir och eng ganz Rei Donnéeën ze ginn. Well et jo hei virun allem drëms geet, och Aarbechten, Interventiounen ze maachen, bei der Haaptentrée, ronderëm de Rosaire, wou effektiv Alteratiounen sinn, wat an engem schlechten Zoustand ass. Dofir géif ech dann hei ganz gär dem Daniel Giorgetti d'Wuert ginn a mir kënnen och vläicht och schonn d'Haaptentrée ablenden.

**DANIEL GIORGETTI, INGÉNIEURS-CONSEILS HLG:** Gudde Moien, Merci fir d'Invitatioun bei lech. Ech mengen haut geet et e bësschen ëm dee Projet Kierch, dee mer a verschidde Phasen opgedeelt hunn. Fir datt mer eeben net an enger Kéier sou e risege Budget musse stemmen. A mir hunn dat am Fong no Prioritéiten opgedeelt. Déi éischt Prioritéit war jo de Chouer. Ech mengen dat war deen, deen am mannste Léift krut iwwert all déi Joerzénge, a wou déi meeschten Aarbechten ustoungen, notament mam Daach, dee komplett futti war, d'Fassad. An déi zweet Prioritéit hu mer definéiert, dat ass de Portal d'Entrée. Also dat ass déi zentral Achs, wou een erageet. Wou mer am Fong vill Beweegung an der Fassad hunn, wou mer kleng Beweegungen hunn, wou mer vill Schied hunn op de Pierre de tailen. An dëse Projet gesäit am Fong vir, de ganze Fronton, dat heescht vun der Trap bis uewen zum Giewel a Stand ze setzen an ze securiséieren. E bësse problematesch ass datt mer eis Uergel hunn, déi op der Bannesäit widderpecht, de Giewel. Dat heescht datt mer all d'Interventiounen hu musse gréisstendeels vu bausse planzen. An ech mengen all déi Punkte sinn hei am Projet integréiert. Och d'Vitrauxen, déi mir op där Säit hunn, déi ginn och nei gemaach. Idem fir den Hall d'Entrée, deen de Moment net accueillant ass op der banneschter Säit, dee soll och nei amenagéiert ginn. Ech mengen allguer déi Saachen, déi mer lo hei am Budget hunn, sinn déi déi mer 2014 – 2016 am Service des Sites et Monuments ausgeschafft hunn. D'Präisser si liicht ugepasst ginn no eiser Schadenskartéierung, déi mer lo dëst Joer gemaach hunn. An déi nächst Etapp gesäit eeben aus, fir dat ëmzesetzen. Am Budget si Steeën dran, Pierres de taille, och deelweis Eclairage vun där Zone d'Entrée ënnen. Och e klengen Deel Mise en conformité fir d'Garde-corps laanscht d'Trapen erop, déi fir de Moment net konform sinn, fir déi konform ze setzen. An am Fong all déi Saachen, déi connectéiert sinn zu där viischer Fassad. Zu de Subventiounen, ech mengen dat ass jo eng Fro, déi direkt uschlëssend kënnt, wou de Budget virläit. Mir hate scho préalablement Rendez-vous mat der Madame la Ministre de la culture, a si huet eis am Fong confirméiert, datt mer déiselwecht Taux de subvention

kréien, wéi mer op der éischer Phas hunn. Dat heescht dann och mat deenen Tauxen hu mir lo eng Simulatioun gemaach. Meng Ausso ass elo natierlech net verbindlech fir de Kulturministerium. Mee mir kommen awer dann op eng Subventioun vun etwa 210.000.- €, wa mer déi Tauxen applizéieren, déi mer och bei der éischer Phas haten. Dat war et elo vu menger Säit ganz succint. Wann elo méi detailléiert Froe sinn, da mengen ech ass et am beschten, Dir stellt déi dann direkt.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Merci dem Här Giorgetti fir d'Presentatioun an awer och déi e bësse méi schwierig a kniwweleg Interventiounen, déi effektiv hei néideg si ronderëm d'Haaptentrée. Wann natierlech elo nach Froe sinn oder Remarken? D'Diskussioun ass op.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Merci, Här Buergermeeschter. Also d'CSV huet jo bis elo nach ëmmer déi Renovatioun do ënnerstëtzt. Mir hunn och ëmmer nogefrot, ob dee Gesamtkäschtepunkt vun där Entreprise kéint ofgeschat ginn. Am Budget 2014 hat Der eis vun engem Gesamtkäschtepunkt an 3 Etappe vun 3 Milliounen geschwat, nodeems 2012 schonn 1,1 Milliounen an deen hënneschten Deel mat den 2 Sakristeien an de Budget gaange waren. Elo fir 2021 kënnt nach e Montant fir just d'viischt Fassad vun 800.000.- € dobäi. Fir 2022 nach enker 700.000.- €. Do sinn ech lo frou, dass ech hei déi Informatioun kritt hunn, déi eis leider op meng Nofro an der Finanzkommissioun net geliiwert gi war. Dat heescht, dass d'Tierm och solle gemaach ginn. Ech hat, wou ech den Devis fir d'éischt gelies hunn, den Androck, daat misst dann d'viischt Fassad mat den Tierm sinn. Et ass awer elo wéi et ausgesäit fir 2021 nëmmen de Aganksdeel mat der viischer Fassad. Ech sinn awer frou fir ze héieren dass dann awer och fir eng nächst Phas déi 700.000.- € virgesi sinn am Pluriannuel financier fir 2022, dass d'Tierm och gemaach ginn. Wa mer eis dat do elo ukucken, da si jo lo scho bal déi 3 Milliounen fort. Also et schéngt jo en zimmlech deiere Projet ze ginn an deen sech och an der Zäit vill méi laang zitt, wéi dat gesot gi war. Subsiden: wann ech dat bis elo richteg nogekuckt hunn am Budget, dann hu mer 2016 281.000.- € vun der Kierchefabrik kritt a 404.000.- € vum Service Sites et Monuments an elo 2021 kréie mer nach eng Kéier ronn 250.000.- € vum Service Sites et Monuments. Also hu mer ongeféier 1 Millioun am Budget gehat. Ob mer se och kritt hunn, dat weess ech net. Dat kënnt Der eis da vläicht confirméieren. Dat geet also iwwert eng ganz laang Zäit, an Dir hat d'Argument nach ginn, dass déi Aarbecht hei lo nach misst gemaach ginn am Kontext vum Shared Space 3 ronderëm d'Kiercheplaz an d'Franz-Kinnenplaz. Dat ass awer elo, géif ech soen, net 100% stéckhalteg, well, wa mer lo schonn déi Mëttelfassad hei an der Phas 3 vum Shared Space maachen, dann ass de Shared Space schon ofgeschlossen, wa mer d'Tierm maachen. Dat heescht et steet herno awer och nach eng Stee do mat engen Schantje wann de Shared Space scho fäerdeg ass. Mee et ass awer wichteg, dass elo ugefaange gëtt. An dat anert Argument, dat war dat mat der Infiltratioun an der viischer Fassad. An do gi mer lech Recht, dat ass natierlech eng Urgence, et ass net fir dat kommen ze



loossen. An dat rechtfäerdeg natierlech och dass dee Projet hei elo méiglechst fréi ugaange gëtt. Well et hätt jo ee kënne an enger éischter Approche, wann elo alles méi lues geet (mir kréie manner eran, mir hu méi Ausgaben, et muss gespuert ginn). Do hätt vläicht ee kënne d'Tendenz hunn ze soen: „Da komm, mir loossen elo mol déi Kiercherestauratioun do op der Säit.“ Also ech soen net, dass ech dat elo gewiescht wär... mee et hätt ee sech kënne Stëmme virstellen, déi dat gesot hätten... An et ass awer elo kloer ... (Hilaritéit am Sall). Den Här Thill wäert vläicht nach zu Wuert kommen dozou... An et ass awer elo ausser Fro, dass dat heiten eng wichteg Saach ass, déi dringend ass, an déi och déi Infiltratiounen do ka bekämpfen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, doduerch dass elo nach näischt un de Säite gemaach gëtt ass awer nach ee Problem net geléist, an dat ass dee vun enger massiver Infiltratioun op der rietser Säit, dat ass direkt beim Tuerm. An do si schonn déi éischt Schied banne bei de Molereien entstanen, dat heescht, déi Infiltratiounen loosse schonn hir Spueren an et ass ze hoffen, dass déi net nach ze vill schlëmm gi bis mer endlech un déi Tiern kommen. An dat wäert jo dann, wéi Der eis elo confirméiert hutt, 2022 ginn. Dann hätt ech awer nach eng Fro: An deem Devis hunn ech elo näischt gesinn, wat d'Agankstrafen ugeet. Ech mengen den Här Giorgetti huet elo eppes ugedeit, dass d'Trapen derzou gehéieren, mee déi Trapen hunn an de leschte Joren zolidd gelidden. Op ville Plaze sinn d'Nuese rofgebrach. Bon, do gëtt natierlech mat Skateboarder erfro, do gëtt heiansdo mat schwéierem Material, Concertsmaterial erageschleeft an esou... Déi Trapen hunn zolidd gelidden, sinn deelweis noutdürftig gefléckt ginn, mee stellen nach ëmmer e Risiko duer fir déi Leit, déi do rop an erfro ginn. An et si schonn a leschter Zäit Leit do gefall. Lo wollt ech einfach froen: Ass et dann elo virgesinn, déi Trapen och ze erneieren? An an deem Kontext ass och meng aner Fro: Ass et eventuell virgesinn, eng Ramp fir PMR ze installéieren? No engem änleche Konzept wéi mer et elo virgestallt kritt hu bei de Baussenanlage vum Gymnase um Strutzbiere. Wou sech jo ganz streng un d'Reegele gehale ginn ass vum Accès vu Behënnerten, deen an engem Gesetz festgehalen ass.

Da wier och vläicht elo de Moment, wann déi Trap sollt nei gemaach ginn, fir do och u sou eng Ramp ze denken. Et ass scho richtig, dass am lénken Tuerm e Lift ass fir Leit eranzeloossen. Dee Lift huet awer e kleng Problem: en ass net ëmmer ageschalt. Wann an der Kierch näischt lass ass, dann ass en net ageschalt. Leit, déi also awer zu enger anerer Ursaach eng Kéier wélten an d'Kierch kommen, kommen dann net do duerch dee Lift eran. An ausserdeem fënnt een awer och am Gespréich mat de Leit eraus, dass se e bësse retizent sinn, fir dee Lift ze gebrauchen. Sou dass ee sech kéint virstellen, dass eng Ramp, déi do no de Virgabe vum Gesetz installéiert géif ginn, vläicht awer och eng gutt Saach wier. Mee ech wollt eben nofroen, ob dat och virgesinn ass. Fir de Rescht ënnerstëtze mir de Projet natierlech. Bon, ech war den éischten Ament e bëssen erschreckt, wou et geheescht huet, et ass ebe just dee mëttelsten Deel, mee dee schéngt jo dee wichtegsten ze sinn. A wa

mer d'Confirmatioun hunn, dass d'Tierr och geschwënn drukommen, . eréischt da gräift jo eist Argument, dass déi Kierch soll schéin do stoe wann deen Deel vum 3. Shared Space fäerdeg ass. Well et ass en nationaalt Monument, et ass en Diddelenger Monument. Et ass ganz wichteg, dass dat an der Rei ass. A mir si frou, dass dat elo schonn an absehbarer Zäit fir dee groussen Deel vun der viischter Fassad, inklusiv Tierr, wäert méiglech sinn. An da soen ech lech Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci dem Här Gangler. Nach weider Stellungnamen?

**MONIQUE HEINEN (DÉ GRÉNG):** Merci fir d'Wuert. D'Kierch gehéiert der Gemeng an ass Monument national. D'Besetzverhältnesser si gekläert, an eng Konventioun mat dem Fong ass virun engem Joer gestëmmt ginn. Dëst Gebai, matten am Stadkär, huet en historeschen an architektonesche Wäert, gëtt net nëmme fir de kathoulesche Culde genotzt, mee och fir Musekscourse vum der Museksschoul, fir Concerte vum den Amis de l'Orgue an och aner Concerte kënne hei organiséiert ginn. Touristesche gesinn ass d'Kierch St. Martin e Bijou. D'Uergel ass wäit iwwer d'Grenze bekannt, an et ginn och Visites guidéeën ugebueden. Zesumme mat dem Neimaache vum der Place Kinnen wäert déi renovéiert Südsäit dann déi ganz Plaz virun der Kierch optesch verschéieren. Mir kënne deesen Devis vu bal 800.000.- € fir d'Renovatioun vum der Südsäit matdroen, och wa mir eis bei der Konventioun enthalen haten a mir eis wënsche géifen, den Zougank an dëst schéint Gebai fir nach aner Evenementer méi einfach méiglech wier. Mir hunn eis dat selwecht gefrot, firwat déi zwee Tierr net derbäi wieren. Mir hunn eis och gefrot, ob déi Ausgab dann awer elo wierklech néideg ass. Mee wann do Infiltratiounen sinn, muss dat jo wuel gemaach ginn. Bon, et hätt een och vläicht kéinten dat awer dann alles zesumme maachen. D'Tierr mat där Südsäitfassad. Mee dat hält eis awer elo net dovun of, den Devis matzedroen. Ech hu just nach eng Fro wéinst der Verglasung. Gëtt dat do reforcéiert? Do steet „Verre de sécurité“? Wéi ass dat isolatiounsméisseg? Gëtt do gekuckt, dass dat dann och vläicht e bësse besser isoléiert ass? Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci der Madame Heinen.

**BOB CLAUDE (LSAP):** Merci, Här Buegermeeschter. Och d'LSAP-Fraktioun seet dem Här Giorgetti vum Bureau d'études Merci fir déi präzis Explikatiounen. No der Meederchererschoul Zentrum, deem haitege Strutzbiere B, gebaut am Joer 1895, ass d'Porkierch, gebaut am Joer 1896, dat zweeteelste bestoend ëffentlecht Gebai vum Diddeleng. Eis Kierch ass niewent eiser Gemeng ee vun den Emblemer vum eiser Stad. Am Joer 2017 ass d'Kierch als Monument national klasséiert ginn. Wéi all Gebai, muss och d'Kierch vum Zäit zu Zäit reparéiert a renovéiert ginn. Esou sinn an der Vergaangenheet méi oft besonnesch Aarbechten um Daach gemaach ginn. Déi spektakulärst waren d'Reparaturen un de Kierchtierr. Eng vun den eelsten Erënnerungen aus menger Kannerzäit ass dat Bild, wou ech an der Sandkaul vum der Spillschoul am Klouschter souz an den Aarbechter,



déi uewen an engem Kuerf ronderëm de Kierchtuerm hounge, nogekuckt hunn. Dat war an de Joren 1955 – 56. Do ware verschidder nach net do. (Hilaritéit am Sall) Wéi et am Walprogramm vun der LSAP an an der Schäfferotserklärung steet, wier d'Renovéierung vun der Kierchefassad an Etappe weidergefuert ginn. Haut geet et nom hënneschten Deel mat der Sakristei un d' Renovéierung vum mëttelsten Deel vun der Haaptfassad an der Hall d'Entrée vun der Kierch. De Käschtépunkt beleeft sech ëm 795.000.- €. Dës Aarbechte si besonnesch néideg gi weinst Infiltratiounen an der Koordinatioun vun der 3. Phas vum Shared Space. Dat hei ass eng Etapp. An de kommende Jore geet et an Etappe weider, an et kann een nëmme hoffen, datt d'Renovatioun vun der ganzer Fassad a kierzester Zäit fäerdeggestallt ass. D'LSAP-Fraktioun wäert dësem Devis estimatif zoustëmmen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**  
Merci dem Här Claude. Nach weider Stellungnamen?

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Fir d'éischt emol e Merci un de Service informatique vun der Gemeng, dass ech ka vun heiheim aus awer un der Sëtzung vum Gemengerot deelhuele. Mat eis, déi Léng, gëtt et am Gemengerot weinstens eng Partei, déi d'Meenung vun der Libre Pensée Luxembourg a vun der Liberté de Conscience deelt. Mär vun déi Léng sinn dem Minister Dan Kersch dankbar fir d'Gesetz vum 13. Februar 2018, mat deem hei zu Lëtzebuerg op d'mannst emol en éischte Schrëtt a Richtung vun Trennung vu Kierch a Staat gemeet ginn ass. Mee datt mer vun enger richteger Trennung vu Kierch a Staat nach ganz wäit ewech sinn, dat beweist dëse Projet, dee mer hei virleien hunn. Ech wëll fir d'éischt duerleeën, firwat déi Léng fir d'Trennung vu Kierch a Staat sinn an déi Trennung sou wichteg fannen. An duerno nach eng Kéier op den Historique vun dësem Projet agoen. Firwat fanne mir déi Trennung vu Kierch a Staat sou wichteg? Virun 100 Joer hat d'kathoulesch Kierch hei am Land quasi e Reliounsmonopol. An haut hu mer eng ganz aner Situatioun am Land. Mir hu vill verschidden Nationalitéiten. Mir hunn och vill verschidde Reliounen, a mir hu vill Mënschen, déi iwwerhaapt net gleewen. Eise kathouleschen Äerzbëschof seet selwer, d'Katholice wäert just nach eng Minoritéit hei zu Lëtzebuerg. A laangfristeg ass en Zesummeliewen a sou enger villfärliger Gesellschaft nëmme méiglech, wann déi éffentlech Autoritéiten, also de Staat an d'Gemengen, weltuschaulech strikt neutral sinn. Dat ass fir eis déi eenzeg konsequent Méiglechkeet, engersäits d'Rechter vun deene verschidde Gleewegen, mee anerersäits och d'Rechter vun deenen Ongleewegen gläichberechtigt ze schützen.

Ech kommen da kuerz zum Historique vun dëser Geschicht. Am Mäerz 2017 hat dëse Gemengerot, wou ech deemools iwwregens jo och drasou, eng Déclaration d'intention ugeholl, mat där d'Porkierch am Besëtz vun der Gemeng bleift an da fir en Apel an e Stéck Brout un de Kierchefong verlount gëtt. Als eenzeg Partei am ganze Land hunn déi Léng géint sou Accorde gestëmmt, well se zur Konsequenz hunn datt de Proprietär, also d'Gemeng, déi grouss Investitiounen muss bezuelen, ouni

kënnen eleng ze decidéieren, wat mam Gebai geschitt. Et wär also vill méi logesch gewiescht, a fir d'Gemeng vill méi bëlleg, dem Kierchefong, wéi laut Gesetz vum 2018 och méiglech, d'Proprietéit vun der Porkierch ze iwwerdreen. De Vott vum Mäerz 2017, bestätegt am Dezember d'lescht Joer, huet zur Konsequenz datt Gemeng lo 800.000.- € am Budget 2021 investéiert an dann nach eng Kéier 700.000.- € am Budget 2022 fir d'Renovatioun vun der Haaptfassad vun der Kierch. D'Gemeng hat virun 2018 schonn 2,2 Milliounen investéiert. Mir kommen also lo schonn op 3,7 Milliounen Euro Käschen. An domat si mol d'Säitefassaden nach net abegraff. Wann et sech géif ëm eng privat Wunneng handeln, dann hätt laut Lëtzebuurger Mietgesetz d'Gemeng d'Recht, 185.000.- € Loyer am Joer maximal ze verlaange fir dat Gebai. Ech widderhuelen: 185.000.- €. D'Gemeng freet hei just 1.685.- € Loyer d'Joer vum Kierchefong fir d'Kierch a blecht dann anerersäits awer nach all Joer 25.000.- € fir den Entretien a Reparaturen bannen an der Kierch. Sou datt de Kierchefong mat dësem Deal also e Bommegeschäft mécht. Ech erlabe mer hei och eng Parenthèse: Wann een dee Chiffer gesäit, deen als Loyer fir eng Mietwunneng méiglech wier, also déi 185.000.- € am Joer, vun deenen ech virdru geschwat hunn, da gesäit een dass eist Mietgesetz alles anescht wéi sozial ass an dringend reforméiert muss ginn. Enn vun der Parenthèse.

Ech komme kuerz op d'Déclaration d'intention vum Mäerz 2017 zrëck. Deemools stoung am Text, deen d'Majoritéit gestëmmt huet, folgenden Abschnitt: „Pour le cas où la disposition suivante ne sera pas contraire à la loi, la fabrique de l'église fait d'ores et déjà part de son intention de supporter une partie des frais extraordinaires de réfection et de conservation de l'immeuble. L'autre partie étant à charge de la Ville.“ Antëschent ass et mat deem Abschnitt gaange wéi mam Maradona op der Fussballweltmeesterschaft 1986. D'Hand Gottes ass intervenéiert a vun enger Participatioun vum Kierchefong ass keng Rieds méi. D'Gemeng muss alles selwer bezuelen. Zum Schluss wëll ech nach soen, datt dat hei fir déi Léng keng Fro ass vu Patrimoine erhalten oder net. Et geet net drëm, ob e schützenswäerte Patrimoine soll renovéiert ginn oder net. Et geet ëm Gläichbehandlung. Nämlech Gläichbehandlung tëschent Gleewege vu verschidde Reliounen a Gläichbehandlung tëschent Gleewegen an Net-Gleewegen. An déi Gläichbehandlung, déi gesi mer an dësem Projet net. Mir gesinn nach ëmmer immens Privileegie fir d'kathoulesch Kierch. Dëse Projet fonctionéiert an eisen Aen nom Saz vum George Orwell a sengem Buch „Animal Farm“: „All animals are equal, but some animals are more equal than others.“ Ganz zum Schluss nach eng Fro un eisen Här Buergermeeschter: An deenen ale Kierchefabrick waren d'Buergermeeschteren automatesch Member an der Kierchefabrick. An et géif mech interesséieren, ob dat bei deenen neie Kierchefabriken, also déi déi lo „Conseil de gestion paroissiale“ heeschen, och de Fall ass. Déi Léng stëmmen dësen Devis natierlech net. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.



#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Thill fir Är Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech d'Wuert vläicht weiderginn un den Här Giorgetti fir op eng Rei méi technesch Froen anzegoen an da géif ech och nach op e puer Punkten agoen.

#### DANIEL GIORGETTI INGÉNIEURS-CONSEILS HLG:

Majo Merci fir Är Froen, ech fänken direkt hei un. Déi eng Fro war jo, op d'Trap mat integréiert wär an de Konzept. Also mir hu lo net, well mir jo am Fong vum Sites et Monuments beoptraagt sinn, net beoptraagt sinn, mee d'Konzept gesäit eng Restauratioun fir. Dat heescht och d'Trap soll an deem Sënn net neigemaach ginn, mee restauréiert gi mat der Méthode de greffe de pierre. Also dat ass elo net explizit am Budget, also et ass am Budget mat dran, ënnert der Positioun „Grefe de pierre“ datt eebe verschidde Stécker ersat ginn, zemools déi ofgebrachen Nuesen. Mir wäerten hei net mat Mortier de réparation fuere mee mat stenge Greffen, déi do gemaach ginn. Den zweete Punkt, dat war de PMR-Accès. Ech mengen, wéi Der gutt wësst, datt de PMR-Accès lo ... et kënnt eng nei Legislatioun raus fir de PMR-Accès, wou notament de Risiko besteet, datt d'Penten staark reduzéiert, nach méi flaach gi wéi se am Fong an dësem Gesetzestext sinn. Dat heescht, mir géingen onendlech laang Rampe kréie fir eranzekommen. A jiddwereen, deen d'Kierch kennt, dee weess, datt den Dénivelé net extra grouss ass. Mee et ass bal e Meter. Dat heescht mir hätte relativ laang Rampen do virdrun an dat wär schonn e relativ groussen Impakt op d'Gestaltung vun der Plaz. An ech mengen dëse Punkt misst da separat mat der Denkmalfleeg a mam Architekt ausgeschafft ginn, falls dee Souhait do wär, fir dat mat enger Ramp ze maachen.

Eng Optioun war eeben deemools fir deen Accès PMR éischer iwwert déi säitlech Dieren hannen ze maachen, well do den Dénivelé net sou grouss ass. Mee och do, souwäit ech weess, ass dat net am Detail étudiéiert gi well eeben den Lift PMR do war. Ech mengen dat war lo alles zu de PMR-Rampen an Trap. Da war nach eng Fro zu de Vitrauxen. Ech menge d'Vitrauxen, de Verre de sécurité, dat ass eeben elo d'Technik, wéi mer d'Vitruaxe restauréieren. Dat heescht, dee Verre de sécurité, dee sëtzt am Fong an där Eebene, wou elo de Vitraux dran ass an de Vitraux ass duerno hannendru gesat. Wann Der an de Chouer vun der Kierch gitt, gesitt Der déi Technik relativ gutt. Dat heescht, mir kréien duerch dee Verre de sécurité eng besser Waddichtegkeet an eng besser Schlagregendichtegkeet, awer den Effet Isolation thermique bei sou engem Gebai, och wa mer dat géingen duebel verglaast maachen, wär sou minimalistesch, datt mer am Fong ausser enger manner schéiner Optik energetesch net vill dovunner hätten. Mir liewe besser domadder wann et waddicht ass a reendicht ass. Den Aspect thermique, deen ass an dësem Fall negligabel. Sou dass am Fong dee Coût supplémentaire fir elo hei nach e Kombi-Vitrage anzebauen, mat Verre de sécurité, Isolatiounsschicht an dann de Vitraux virdrun ze setzen, déi Käschte géinge sech verduebelen, fir am Fong kee Rendu ze hunn. Ech hoffen, ech hunn Är Fro domat beäntwert.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Giorgetti, deen op déi méi technesch Voleten agaangen ass. Ech wollt vläicht do nach eng Kéier unhänke par Rapport zum PMR-Zougang. Ech mengen et war ëmmer kloer ausgemeet mam lokalen Interlocuteur, an dat ass jo och deen, deen eisen Interlocuteur ass, dass dee Volet vum Lift dee wier, wou een de Accès zur Kierch kéint garantéieren. A wann deen elo net solle kënne genotzt gi well en zou ass, dann ass et jo un der lokaler Kierchefabrick, déi jo d'Gestioun dovunner mécht, respektiv dem Paschtouer, dofir ze suergen, dass dee Lift méi ka genotzt gi wéi en de Moment ka genotzt ginn. Dofir hu mir deemools deen Invest jo och gemeet fir dat kënne iwwert deen dote Wee ze garantéieren. Generell Consideratiounen, den Här Gangler huet iwwert de Präis geschwat, dee viru Joren opgestallt gouf mat deene verschidde Etappen, mat deene verschidde Phasen. Ech mengen dat war zu engem Zäitpunkt, wou mer gesot hunn, komm mer maachen och en Umschlag, wat déi ganz Renovatioun géif kaschten. Wat kënne déi verschidde Etappe sinn? An da géife mer eis den Zäitkader ginn, wou mir och deementspriedend probéieren, dat ëmzesetzen.

Mee et war ëmmer de Mot d'ordre, dass een do ëmsetzt, wou e bëssen eng Prioritéit och ass an do hu mer mam hënneschten Deel ugefaangen a féiere lo mam viischten Deel weider '21, respektiv dann 2022 an 2023 mat den Tierm. Ech wëll awer nach eng Kéier drop agoen, well Dir jo effektiv d'Fro gestallt hat an der Finanzkommissioun. An dass Dir do vläicht en Doute hat. Dir hutt mech gefrot, op '21 och den Tuerm virgesinn ass an ech hunn lech ganz kloer geäntwert, dass '21 d'Haaptentrée virgesinn ass. Dat ass näischt anescht wéi dat, wat och haut hei am Raum steet. An dass mer am Kader vum PPF kucken, déi zwee Tierm an Ugrëff ze huelen. Mee wat hei d'Prioritéit ass, dat ass dass do wou d'Infiltratioun sinn, dass mer do Nohuelbedarf hunn an dat renovéieren. Well contrairement zu deem wat den Här Thill gesot huet, ass et awer sou, datt mir hei alleguerten zum gréissten Deel der Meenung sinn, dass dat heite Patrimoine wuel ass, deen erhale muss ginn. Egal wie Propriétaire ass. Ob dat elo d'Gemeng ass, oder ob dat elo de Fong ass. Par Rapport awer zu deene Formulatioun vum Här Gangler spieren ech awer och eraus, dass eng ganz Rei vun Exigenzen un den Dag geleeht gi vis-à-vis vun der Gemeng. Ech stelle mer heiansdo d'Fro, ob déi selwecht Exigenzen net och den nei geschafene Kierchefong hätten kéinten anhalen an ob mer hei net éischer an eng Richtung gaange wäeren, dass éische deen heite Patrimoine net sou renovéiert gi wär an där Zäitschinn, déi mir eis ginn als Gemeng, well mer grad d'Wichtigkeet vun de Kierchen erëmkennen, wéi par Rapport zum Fong. Déi lescht Diskussiounen, déi ech mam Bistum hat, déi sinn net onbedéngt an déi dote Richtung gaangen. Dat par Rapport zu den Exigenzen, déi een hei formuléiert vis-à-vis vun enger Gemeng, déi Propriétaire ass oder vis-à-vis vun engem nei geschafene Kierchefong. Ech mengen dass fir si dat heiten net déi Prioritéit hat, déi et fir d'Sad Diddeleng och kann hunn. D'Madame Heinen huet geschwat par Rapport zu aneren Evenementer. Bon, déi fanne jo hei statt. Mir hunn hei Uergelfestival, mir hunn hei Concerten. Wann



Dir der Meenung sidd, dass nach aner Evenementer do solle stattfinden...

Mir beweegen eis hei am Kader vum Gesetz, well ech lech soen. Da musst Der och vläicht soen, dass Der éischer der Meenung sidd, dass mer dat heite Gebai sollen desakraliséieren. Wann dat hei eng Majoritéit fénnt, wann och de Bistum mat op de Wee geet, da kënne mer och aner Evenementer do maachen. Mee ech hunn awer och ganz kloer hei eraushéieren, dass dat net de Choix ass. Dass dat doten als Monument national, als déi Kierch wou de Culte catholique och seng Aktivitéite ka wouerhuelen, a wou natierlech Ouverture bestinn, am Dialog mat der lokaler Kierchefabrick a mam Paschtouer, datt do och aner Evenementer kënne stattfinden. A bis elo si mer nach ëmmer do deementspriedend, eens ginn. Mee wann Dir un aner Saachen denkt, da musst Dir dat kloer hei formuléieren, mee da bréngt dat och vläicht aner Saache mat sech. Also et soll ee sech net hei hannert verschidde Riedner verstoppen, et soll ee scho ganz kloer soen, wat ee mengt. Dem Här Thill wéilt ech soen, d'selwecht wéi par Rapport zu der Madame Heinen: Et kann een net Äppel mat Biere vergläichen. Dir kënnt lo net hei schwätzen iwwert d'Mietgesetz. Mir beweegen eis hei am Kader vun engem Gesetz an d'Gesetz ass gestëmmt gi vun enger Majoritéit.

Dat kann ee gutt fannen, dat kann een net gutt fannen. Et kann ee vläicht soen, e bëllege Loyer. Dat wat mir hei maache vu Loyer, Här Thill, dat wëll ech just soen, mir halen eis hei als Stad Diddeleng un d'Gesetz. Wann Dir der Meenung sidd, dass mir eis net un d'Gesetz sollen halen, dass mer méi solle froen, da beweege mir eis ausserhalb vum Gesetz. Op alle Fall géif ech der Meenung sinn, dass mer eng Majoritéit hei am Gemengerot fannen, déi der Meenung ass, dass mer d'Gesetz sollen anhalen, sou wéi et de Moment virläit. Ob een dat lo gutt oder net fénnt. Mee op alle Fall mir exekutéieren dat sou, wéi et eng Majoritéit an der Chamber fonnt huet, wéi et och do deementspriedend gestëmmt gouf. An et geet wuel drëms, hei e Patrimoine ze erhalen. A wa mir dat net maachen, dann hätte mir hei e Patrimoine, dee mengen ech, an engem schlechten Zoustand wär, an dat wär net eng gutt Saach. A wann Der scho mat darselwechter Verve lech draleet an d'Gesetz zitéiert, wéi Dir dat virdrun an Ärer Interventioun gemeet hutt, da misst Der jo och wëssen, wat mat deem Gesetz geschitt ass iwwert Kierchefabriken. Dat ass ofgeschafft ginn dat Gesetz. An domat ginn ech lech och d'Äntwert zu Ärer leschter Fro, déi Der hei gestallt hutt. Wann ee wëll a sengen Ausféierunge sinn, da soll een och deementspriedend komplett sinn, wann een iwwer Gesetz ausféiert, déi dëse Kader geréieren. Mir respektéieren natierlech déi politesch a philosophesch Consideratiounen, do ass jiddweree fräi. Mee mir beweegen eis hei an deem Kader, deem d'Gesetz eis gëtt, respektiv mir beweegen eis net an deem Kader, deem d'Gesetz eis net gëtt. Voilà. Dëst gesot, mengen ech sinn ech op déi verschidde Punkten agang, déi sech ausserhalb vun deem Devis befannen an awer en Lien indirect domadder sinn. Nach musse mer higoen, fir déi hei Aarbechten kënne ze maachen, dass mer dësen Devis hei och stëmmen. Ech ka mer och scho gutt virstellen,

wéi de Vott hei am Gemengerot wäert ausgoen. **Dofir géif ech dem Gemengerot mol hei proposéieren: Wien ass mat deem Devis vu 795.000.- €, sou wéi en hei virzefannen ass, averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen, vun der LSAP, vun der CSV an eisem onofhängege Member. Wien ass dergéint? Dat ass den Här Thill. OK.** Merci villmools. An da soen ech och dem Här Giorgetti Merci hei fir seng Presenz a fir d'Erklärungen, déi en eis konnt ginn.

### **3.5.+3.6. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE REAMENAGEMENT VUN DE VESTIAIRES-GEBAIER AN DE WAGONNAGE-ATELIEREN UM SITE NEISCHMELZ + APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DER REAMENAGEMENT VUM LOKOMOTIVATELIER UM SITE NEISCHMELZ**

#### **DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Mir gi lo weider op NeiSchmelz. Mir hunn do zwee Devisen. Ech géif och déi zwee Devisen, wann Der erlaabt, zesummen huelen, well et am Fong e Ganzt ass. Dat ass engersäits jo d'Preparative fir d'Kulturjoer 2022. Do hate mer jo schonn hei am Gemengerot Konventioun, déi mer guttgeheescht hunn. Wou mer jo déi zwou Gebailechkeete kënne notzen, wou während dem Kulturjoer 2022, also bis '23, bis et eriwwer ass, d'Gemeng jo Proprietär ass an duerno och Proprietär gëtt. Mee hei ass et jo dann esou, dass am Kader vun där Interventioun, wou jo de Fonds de Logement wäert intervenéieren um Niveau vun der Struktur, um Niveau vun der Statik an och um Niveau vun den Diech, sou wéi dat och an der Konventioun festgehalen ass. Mir waren als Locataire bereet, hei och en Deel ze droen, fir dass am Kader vum Kulturjoer och eng ganz Rei kulturell Aktivitéiten, respektiv awer och Gastronomie, respektiv och de Kollektiv D seng Aarbechten do ka maachen. Wat de Vestiaire vum Atelier Wagonnage ugeet, dat ass jo e Montant vun 950.000.- €. Do ass et sou, dass mer schonn eng méi konsequent Renovatioun maache bannendran. Bon, et ass natierlech och en Deel vun der Renovatioun, dee vum Kollektiv D gemaach gëtt, éischer sou eng participativ Renovatioun, déi ass och ofgekläert mam Kulturministère, mat Sites et Monuments, mat Reuniounen, déi mer mat hinnen op der Plaz haten. Do hu mer hei en Devis, do kann ee rausliesen, dass een awer och sanitär Installatiounen huet, dass een natierlech och elektresch Installatiounen huet, dass mer och Aarbechte maachen un de Fënsteren. Do kréie mer natierlech och als Gemeng e Subside vu Sites et Monuments, dat ass mat hinnen ofgekläert. Sou mengen ech dass déi heite Renovatioun e bësse méi eng konsequent Renovatioun ass an dofir och e bësse méi deier ass. Mee op där anerer Säit eis awer och zegutt kënnt, well mer jo och eng ganz Rei Subside kréie fir Investor, déi mer als Locataire maachen an ech mengen dat ass och méiglech, well mir dat mat Sites et Monuments ofgekläert hu respektiv och mam Proprietär ofgekläert hunn. An déi Subventiounen kënne bis zu 40% goen.

Mir beweegen eis jo och am Kader vum Gesetz. Dann de fréiere Lokomotivatelier, do ass eng Renovatioun vu 590.000.- €. Och dat ass éischer eng Renovatioun, déi méi minimal ass, oder e Minimum+, wou mer och



natierlech, wa mer häerno Proprietär gi wäerte méi investéieren. Mee hei ass am Fong virgesinn, dass och hei de Fonds de Logement en Invest tätet. D'Statik an den Daach, ech mengen dat ass hir Responsabilitéit, a mär eis drunhänke fir e puer méi soft Renovatiounen ze maachen, fir dass et och ka genotzt ginn am Kader vum Kulturjoer. Sief et fir eng gastronomesch Notzung, respektiv och eng kulturell Notzung, sou wéi mir dat am leschte Gemengerot beschwat haten, ronderëm Ausstellungen, ronderëm Concerten, wou ee Gastronomie a Kultur ka matenee verbannen. An ech mengen dass dat heiten net onwichtig ass, déi zwee Investier. Well deen iwwergeuerdent jo e Ganzt gëtt. Et gesäit een hei raus aus den Devisen, dass tëscht deenen zwee Gebaier och d'Plaz amenagéiert gëtt. Mir haten an engem viregte Gemengerot jo d'Verkéisersreglement mat der Piste cyclable, mat engem Wee, wou een duerch de Site ka goen. Mir wësse vun enger viregter Presentatioun, déi mer hei haten am Gemengerot, dass den Hall Fondouq och genotzt gëtt fir d'Kulturjoer. Also dass een iwwergeuerdent gesäit, dass de Site NeiSchmelz e ganz ganz flotte Pol gëtt fir d'Kulturjoer. An dass déi heiten Investier déi mer maachen, spezifesch der Stad Diddeleng, mee generell awer och dem Kulturjoer, zegutt kommen. Also summa summarum, also iwwergeuerdent, si jo gutt, fir 2021, mat deem heite Projet dran, sinn et jo gutt 3 Milliounen, déi mer op NeiSchmelz investéieren. Hei kommen jo och nach déi Elementer dobäi, déi och am Budget stinn. Voilà, ech géif et heibäi beloosse mat den Erklärungen. D'Diskussioun ass op. Wann Der Froen hutt, stellt déi roueg. An ech mengen den Här Repusic ass och zur Verfügung, wann nach Froe wäeren, déi méi technescher Natur wäeren. Ech géif et mol hei bei der Presentatioun beloossen an d'Diskussioun opmaachen.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo, Merci Här Buergermeeschter. Ech kann am Fong am Numm vun der CSV just dat widderhuelen, wat mer och am leschte Gemengerot gesot hunn, wéi mer am Kader vun der Approbatioun vum Contrat de prêt à usage mam Fonds de Logement gesot hunn, dass am Fong hei zwee Uleies, déi der CSV um Häerz leien, hei realiséiert ginn. Éischtens emol d'Valorisatioun an de Schutz vun eisem Patrimoine industriel op NeiSchmelz an zweetens, d'Visibilitéit vun der Diddelenger Schmelz an domadder och hiner Geschicht, déi fir d'ganz Region wichtig ass, dass am Kulturjoer 2022 déi Visibilitéit op jidde Fall ginn ass. D'lescht Kéier wou Rieds war hunn ech gefrot: „Wéini fänke mer u mat den Aarbechten?“ Du krut ech geäntwert: „Soubal mer den Accès an d'Halen hunn, leeë mer lass. Lo ass mol meng Fro nach eng Kéier: Wéi gesäit et do lo mam Timing aus? Dir hutt lo nach gesot gehat, fir den Hall Atelier Locomotives, dat ass do wou mer déi Rénovation Minimum+ maachen, wéi Der gesot hutt. Dat heescht, de Fonds de Logement, dee mécht – wann ech dat richtig verstane hunn – fir d'éischt d'Statik, déi mer am leschte Gemengerot virgestallt hunn an da komme mir no mat där Rénovation Minimum+. Do ass meng Fro och nach eng Kéier, Dir hutt gesot, do gëtt och fir gastronomesch a kulturell Aktivitéiten ze erméiglechen... Maache mir dat am Fong prett? An do ass jo och d'Fro mam Sanitaire. Et ass jo do ugeduecht, trotzdem dass een dat dann herno nach ka benotzen? War-

scheinlech zäitlech limitéiert, net sou definitiv wéi beim éischte Projet, wéi et beim Wagonnage ass. Do ass nach eng Kéier meng Fro. An, wat ech och gutt fannen, dat ass dass déi Plaz tëscht de Gebaier amenagéiert gëtt. Ech mengen dat ass och eebe wichtig. Éischtens mol aus Sécherheetsgrënn fir vun engem Gebai an dat anert ze kommen. Mee ech denken, dat ass och eppes, wat e bëssen eng Beliewung vun deem Quartier och bedeit. Wann ee kann zu Fouss, mam Vélo, mat de Kutschen asw. kann dohi goen. Et muss ee jo och bedenken, de ganze Site virun der Hall Fondouq oder niewendrun, deen ass jo och schonn immens gutt genotzt ginn, virun allem vun eiser Jugend, mat deem flotte Street-Basketball-Terrain, dee mer do hunn, mee awer och vun der Gemeinschaftsgärt. An ech denken dass dat e Ganzt ass. Do ass just meng Fro och, wa mer do vu sanitär Infrastruktur schwätzen, ass do ugeduecht, dass do och eppes hikënn, eng Toilette, eppes wou ee ka Waasser zapen... ass do iergend eppes Definitives ugeduecht, oder ass et sou geduecht, dass do och dann d'Leit déi z.B. déi Street-Terrainen, oder soss aner Saachen, déi mer do organiséieren, oder de Verkéisersgaart, wann déi dee benotzen, dass déi sollen an déi nei Gebaier, déi mir lo hei amenagéieren an dem Ateliers-Hall oder deem aneren Hall, dass déi do d'sanitär Struktüre solle benotzen? Dat ass vläicht just en Detail, mee am groussen ganze si mir mat deenen zwee Devisen averstanen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BÜRGERMEESCHTER):**

Merci der Madame Kayser fir déi doten Zoustëmmung. Nach weider Stellungnamen?

**MARTINE BODRY-KOHN (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter. Meng Interventioun ass relativ kuerz. Mee ech well awer trotzdem hei, well ech mech ganz engagéiere fir de kulturelle Beräich, a vläicht och am Numm vun der Kommissioun hei dierf schwätzen, datt ech frou sinn, datt mer och hei fraktiounsiwwergräifend en Accord fannen an ech mengen d'selwecht denken. D'Madame Kayser huet et och elo grad gesot, virun allem muss een dat gesinn an där Valorisatioun vun deem ganze Quartier. Ech mengen do entsteet an Zukunft de Quartier NeiSchmelz. Dat ass an Zukunft. Mee virun allem wa mer zrëckkucken, huet do ëmmer d'Häerz geschloe vun der Stad Diddeleng, an dat läit eis natierlech ganz uewen. Mir wëllen och do d'Bréck schloen tëscht fréier an haut, dofir ass dat och fir eis flott ze gesinn, datt de Patrimoine souwäit wéi dat méiglech war - mir hate jo do laang Diskussiounen mam Sites et Monuments a mam Fonds de Logement, wat erhalenswäert ass, wat mer kënne mat eriwwe huelen an deen neie Quartier. An ech mengen dat hei ass flott ze gesinn dass déi zwee Gebaier lo scho relativ mëttelfristeg eng Bestëmmung kréie mat deenen zwee Gebaier am Kader vum Kulturjoer 2022. Dat bedeit dann och déi Visibilitéit an et dréit och deem Ganze Rechnung, datt Diddeleng hei eng Virreideroll huet, a punkto Kultur, mee och a punkto Tourismus. An dat gëtt och hei valoriséiert. A mir sinn och doriwwer ganz frou, fir dat ze gesinn. Ech mengen de Quartier NeiSchmelz, dat ass jo och an der Stad, bei der Regierung sou unerkannt ginn, datt mir do eis net zefridde gi mat enger Nieweroll, mee datt mir gärden do eng Haaptroll spillen, souwuel an der Kultur wéi am Tou-



rismus. Ob dat lo deen Trail ass, deen do entsteet, mee awer och an Zukunft déi nei Nationalgalerie beherbergt. Also ech mengen dat hei ass e Quartier, vun deem wäerte mer nach vill héieren iwwert eis Gemeengegrenzen eraus. Dofir si mer lo ganz frou datt mer gesinn, datt et hei virugeet, datt et geschwënn ufänkt, an natierlech ënnerstëtze mir dat als LSAP-Fraktioun voll a ganz. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci der Madame Kohn. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech vläicht op déi zwou Interventiounen agoen. Mir hunn déi eemoleg Chance, nieft dem Projet NeiSchmelz, en neie Quartier dee wäert entstoe mat senger sozialer Mixitéit awer och mat senger funktionaler Mixitéit, well de Quartier NeiSchmelz ass jo méi, wéi nëmmen en neie Wunnquartier. Dass mer hei e Quartier hunn, deen eng flott Dynamik, an de Quartier selwer an an Diddeleng ka bréngen an, mengen ech och mat der Ausrichtung vun der Nationalgalerie, mat dem Depot a mat och alleguerten den Aktivitéiten déi do ronderëm kënne stattfannen, kann Diddeleng schonn, dat kéint een hei soen, d'Hauptstad vun der Lëtzebuurger Konscht ginn. Ech mengen dass dat net oninteressant ka sinn a sécher och eng Unerkennung ass fir dat kulturellt Schaffen iwwert déi lescht 30 Joer, wou dat an dëser Gemeng, och am Kader vun der Decentralisatioun, gemeet gouf. An natierlech ass och an deem Kontext, dat ass da méi mëttel- a längerfristeg, mee da kuerzfristeg a mëttelfristeg ass natierlech déi ganz Bestriewung ronderëm d'Kulturjoer 2022 eng flott Geleeënheet, fir nach eng Kéier en Zant bäizeleeën. Well jo dann och vill Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg kommen, mee awer sécherlech och aus dem Inland Leit heihinner kommen. Nach muss een en Ausbléck halen, wéi déi ganz Evolutioun vun der Covid-Kris wäert sinn. Dat muss ech jo net verstoppen, dass schonn eng ganz Rei Kulturhauptstied mat deenen anere Gemengen déi do matmaachen, sech en „Szenario-Bis“ ausdenken, well se effektiv duerch d'Covid-Kris betraff sinn. Mee ech mengen dat hei ass eng eemoleg Geleeënheet an dat war de richtege Invest zum richtege Moment, dee mer hei tätegen.

Par Rapport zu der Fro vun der Madame Kayser: Den Accès zu den Halen, mir hu jo sou e gudd Kontakt mam Fonds de logement, deen hu mer, an deen hu mer ëmmer. An déi Aart a Weis, wéi mer un deen heite Projet eruginn, dat ass jo partnerschaftlech. Dat heescht, wéini geet et lass? De Fonds de logement huet jo och elo eng Rei Devisen erageholl fir déi Aarbechten ze maachen, déi si maachen a mir koordinéieren eis Aarbechten zesummen. Verschidde Saache wäerte kënne parallel lafen. Et muss ee kucke mat wat si ufänken. Mir sinn do an enker Zesummenaarbecht mat hinnen, fir dat sou gutt wéi méiglech iwwert d'Bün ze kréien. Ech mengen dass dat och ganz ganz gutt wäert vonstatte goen. An d'Iwwerleeung ass jo och dass, wa mer fir d'Kulturjoer dat doten notzen, dass et domadder jo net gedoen ass. D'Iwwerleeung ass schonn, dass mer aus där Dynamik eraus, ech soen einfach mol am Joer '23, '24, '25 déi zwou Gebailechkeete kënne notzen. Dat heescht, déi Investor, déi mer lo maachen, dat heescht net, dass

mer '23 alles zoumaachen an dann nach eng Kéier den Invest maachen. Neen, mir wëllen dovunner profitéieren a mir musse eebe kucken en cours de route, wéi een déi aner Investor kann tätegen. Vläch muss mer kuerzfristeg zoumaachen, vläch muss mer deementsprechend d'Aarbechte parallel maachen. Ech mengen dat ass nach ofzeklären. Mee d'Iwwerleeung ass schonn, zemools wann een och gären hätt – an ech schwätzen hei vun dem Volet vum Lokomotivatelier, wou schonn deen een oder anere Kontakt mat Gastronome besteet, fir ze kucken... Och deene muss ee jo eng gewësse Certitüd ginn als Gemeng, wann een do ee komme léisst, deen dann éischer am klassesche Sënn säi Fonds de commerce matbréngt oder seng Installatioun. Et muss ee jo do eng gewësse Certitüd gi vun enger Verfügungsstellung. An dee gëtt sécherlech net zefridde mat engem Joer. Deem muss ee vläch 2, 3 Joer Perspektive ginn. Vläch muss mer och als Gemeng en Appell maachen an da kucke wie sech mellet mat enger ganzer Rei Kritären. Bon, do loosse mer eis och begleeden, fir dat kënne deementsprechend ofzewéckelen.

Par Rapport och zu der Fro vum Sanitär, respektiv driwwer eraus, hu mer jo och hei am Budget '21 200.000.- € jo drageschriwwen fir déi ganz Reseauen, ech mengen dat ass néideg an dat hëlleft par Rapport zu deenen do zwou Haiser oder Gebailechkeeten. An et ass jo och virgesinn am Vestiaire Wagonnage, dass do Toilette sollen hikommen. Dass déi Leit, déi op de Site kommen, déi kënne notzen. Bon, nach wëll ech awer och éierlech hei soen, deemno wéi den Afflux dann och ass fir 2022 komme mer vläch net derlaanscht, fir och mobil Toiletten dohin ze setzen, fir och déi Fluxe kënne opzefänken. Dat ass lo einfach hypothetesch ugeschwat. Voilà, ech wier op déi verschidde Froen agaangen. Da géif ech virschloen, dass mer zum Vott iwwerginn. Kënne mer dee Vott zesummenhuelen, déi zwou Gebaier zesummen? Wien ass effektiv da mam Devis vun 950.000.- € averstane fir de Vestiaire Wagonnage a mam Devis vu 590.000.- € fir de Lokomotivschapp? **Dat ass unanime.**

Da soen ech lech och villmools Merci fir déi doten Zousëmmung. Eis Mataarbechter sin jo och schonn am Gaang, dass mer déi néideg Ausschreiwungen, respektiv déi néideg Devis kënne maachen, sou dass mer dann och direkt dat do kënne an Ugrëff huelen.

### 3.7. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE REMPLACEMENT VUN DE „SALTO“-SCHLÄSSER AN DE SCHOULEN, MAISON RELAI A CRÉCHEN, PHAS 1

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Gutt da komme mer zum nächste Punkt. Dat ass Approbation vun engem Devis estimatif fir d'Replacement vum eise „Saltoen“ an eise Schoulen, eise Maison Relai an eise Crèche. Dat muss mer maache well déi Schliessanlag, déi mer de Moment hunn net méi vu Salto ënnerstëtzt gëtt. Déi hale mat der Produktioun op. Dat sinn déi Schlüsselen déi mer hu mat de Pucen. Salto huet do en neie System, éischer sou mat de Badgen, op dee mer mussen dann zrëckgräife fir d'Diere kënne opzespären. An am Fong ass hei de Prin-



zip, dass mer d'Schoulen, d'Maison Relaisen an d'Crèchen hei mat deem hei System ekipéieren. An dass mer natierlech, déi Salto-Schlüsselen, déi lo do sinn, dass mer déi recuperéieren, in house, fir d'Gemeng. Dofir hei dann dee Montant vun 150.000.- € wat am Fong 280 Pièce sinn, respektiv och iwwert deen dote Wee da kann ofgewéckelt ginn. Voilà. Dat sinn d'Erklärungen, déi ech wollt ginn. Ech weess net, ob d'Josiane nach eppes do wollt bäifügen?

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):** Neen, ech mengen et ass alles gesot. Et ass just well mer lo déi nei Gebaier kréien, déi ginn dann direkt mam neie System, da misst ee verschidde Schlüsselen hunn, dofir maache mer lo direkt déi nei dann iwwerall.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Remarken?

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Jo ech wollt froen, do steet Phas 1. Kënnt do nach eng Phas 2? Gëtt dat dann nach méi deier?

**JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):** De Moment ass et jo nëmme sou, dass mer d'Maison Relais, d'Schoulen an d'Crèche maachen. Duerno komme jo eis eegen. Wann eng Kéier bis keng Reserve méi do sinn, da musse mer och eis Atelier an all déi aner Gebaier vun der Gemeng mat deem neie System ausrëschten. Dat ass dann d'Phas 2.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Respektiv wann nei Gebaier gebaut ginn, ech denken do un eis Regie-Betriber, da fonctionéieren déi mat deem neie System. Wa mer nei Gebailechkeete renovéieren, ech denken och hei un déi fréier Pompjeeskass, da wäerte mer op dat zréckgräifen. Iergendwann eng Kéier ass jo deen ale System net méi viabel, da fonctionéiert dee jo net méi. Dat heescht, effektiv kënnt dann eng 2. Phas, wou mer dat dann och ëmrëschten.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci. Ech konnt mir och näischt ënnert sou engem Salto-Schlüssel virstellen, bis ech dann een am Grapp hat, well ech d'Garten und Heim-Gebai sollt opspäeren. Dat si jo ganz performant Schlüsselen, déi dann individuell programméiert kënne ginn, dass een dann och just den Accès huet zu deem an deem Gebai. Dat ass jo dann och sou geduecht. Mee ech hu mer awer och scho Froe gestallt, z.B. an de Schoule, ass et lo dann och sou, dass d'Léierpersonal net nëmme d'Hauptentrée kritt, mee kritt do z.B. och ee Léierpersonal fir säi Sall en individuell programméierte Schlüssel? Oder ass dat elo an enger Schoul, do kréien se all dee selwechte Schlüssel? Dat ass awer am Fong eppes, wat mech interesséiert. A wéi ass et z.B. mam Accès... et geet jo hautdesdaags ëmmer ëm Sécherheet, an et dierf net eran, deen net dohi gehéiert. Mee wéi ass et z.B. mat de Leit, déi do an d'Kiche kommen, an de Maison relaisen? Kréien déi just den Accès fir an d'Kichen oder och den Accès fir an d'Büroen? Also dat ass jo dann och logistesche eng extrem Aarbecht, vu dass all Schlüssel individuell muss programméiert ginn. Ass dat sou? Ass dat och sou ugeduecht? Meng Fro ass dann och, dat ass jo dann och e

bësse „Big brother is watching you“. Wa mer e bësse weiderdenken, ass et dann och sou, dass ee sech mat deem Salto-Schlüssel och muss erëm ausbadgen, fir dass ee gesäit, wéi laang ass een an engem Gebai dran? Dofir, ech mengen dat hei ass eppes, do wësse vill Leit guer net, wéi een Impakt dat op dāi Liewen huet, wann s de de Salto-Schlüssel einfach sou an eng Dier hanks. Wéi gesot, dat sinn e puer konkret Froen, ob dat wierkelech sou individuell programméiert gëtt. Do brauch ee jo och mol net méi bei de Männchen ze goen, deen dat programméiert, dat geet jo hautdesdaags online. Hunn ech dat richtig verstanen? An dofir kënnt jo och dee Käschtepunkt. A menger Meenung ass et esou, an drāi Joer kënnt nees en neie System. Dat gëtt e bësse sou eng never ending Story. Wa rēm een iergendeppes Neits erfënnt, da musse mer rēm eng Kéier alle nei maachen. Bon, et ass eebe sou.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Wëllt Dir och dozou Stellung huelen?

**ROMAIN ZUANG (LSAP):** Bon, ech wollt dat doten e bëssen explizéieren, well ech relativ kënne sinn an deem System. Et ass esou, datt mer schonn ëmmer fir d'Schoulen ee Schlüssel, een Haapt Schlüssel hate fir d'Klassesäll alleguerten. Dat heescht do gëtt et kee fir op den eegene Sall. Am Salto-System waren déi bis elo just op den Hauptdieren. Dat heescht bannen an hate mer en haarde Schlüssel, en normale Schlüssel, wéi ee seet. An déi Saltoen, déi gi lo net all drāi Joer gewiesselt. Dat heiten ass einfach well deen heite System mat der Puce, wéi mer elo grad gesot hunn, dass deen net méi weidergebaut gëtt. De nei Badge, den huet den Advantage, dass een domadder och, wéi de Numm et seet, kann abadgen. An effektiv, Abadgen ass och eng Pflicht ginn, och an der Maison Relaisen. Dat heescht, och do schaffen d'Leit jo no gewëssen Horairen. Dat ass lo net sou, dass dat eppes mat „Big Brother“ ze doen huet, deen do eng Iwwerwaachung mecht. Abadgen wann een kënnt, ausbadgen wann een geet, geet just op de Lecteur vun der Aarbechtszäit, an dat ass eng ganz normal Saach, déi et an all Betrib gëtt.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Merci fir déi doten Erklärungen. Bon, an där gudder aler Zäit, do hat jiddereen e Passepartout a konnt iwwerall zu all Moment eragoen. Dofir ass déi heiten Iwwerleeung vum „Big Brother is watching you“ net grad déi richtig, well dat Ganzt hei, den Asaz vun deene Badgen, dat spillt sech jo an engem kloer definéierte Kader of an dat ass de professionelle Kader par Rapport zu där Missioun, déi e soll wouerhuelen, independamment vum Rôle deen een huet, a wou een an der Gemeng schafft als Personal. An dofir ass et awer och wichteg dass ee mat deem Badge do, mat deene Saltoen, generell, och wa mer hei schwätzen iwwert Schoulen, Maison Relais, Crèchen, och par Rapport zu aner Gebailechkeeten. Dass verschidden Accése méiglech sinn, en Fonctioun vun där Aarbecht, déi ee mécht. A verschidden Accèsen hält net méiglech sinn, well dat jo och eng Saach vun der Sécherheet ass. De Virdeel vun deem heite Badge ass, an dat ass virdrun net gesot ginn, dofir wëll ech dat hei awer och ervirsträichen, dat ass déi ganz Gestoun vun



deene Badgen: wou ee kann eragoen an erausgoen awer och mat der Auer... Dass am Fong eise Personalbüro d'Gestioun dovunner mécht. A wat net onwichtig ass, fir ze kucken, ob jiddereen och déi Stonne schafft, déi e soll schaffen. Oder wann Iwwerstonne gemeet ginn oder net genuch, dass een och iwwert deen dote Wee am professionelle Kader en Iwwerbléck huet. Ech mengen dass dat heiten awer e ganz ganz wichtigen Outil ass. An, wéi gesot, mir befannen eis an engem professionel Kontext, an d'beweegt een sech do, wou een sech an engem professionelle Kontext soll beweegen, an net anerwäerts.

**LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):** Jo, Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt präziséieren, dass mer dee System do lo säit 20 Joer hu mam Salto. Also dat ass net eppes, wat een effektiv nëmmen e puer Joer hält. A mir recuperéiere jo, wéi d'Josiane gesot huet, déi Saltoen, a mir setzen se och nach an. De Virdeel vun dem Salto-System a vun deem neie System ass, wéi der Buergermeeschter elo gesot huet, ech ka ganz präzis enger Persoun, och fir ganz kuerz Zäit, temporär, soe mer mol vun 08:00 bis 10:00 den Accès zu engem Gebai ginn oder engem Klassesall oder soss enger Gebailechkeet, wou mer och de Veräiner zur Verfügung stellen. Dat heescht, do kanns Du vill méi geziilt, ganz kontrolléiert, och als Veräin dat limitéieren, dass de zu engem gewesene Moment an e Schoulgebai kanns goen z.B. fir deng Reunioun ofzehalen, mee dann awer och nëmmen Accès hues zu der Entrée an och déi Raimlechkeeten, wou eeben deng Reunioun stattfënn. An och, wéi gesot, zäitlech limitéiert. Bezéiungsweis bei engem Veräin, wann een e Memberwiessel huet, datt een deen Accès, och wann een de Schlëssel vläicht nach net ofginn hätt - de Salto - wat jo soss fréier eeben e Problem war, dass ech da kann iwwer Computer deen Accès läschen. Dat heescht dann ass och do eng weider Garantie a Sécherheet fir eis Gebailechkeeten.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Voilà, ech menge mir hätten den Tour gemeet an déi grouss Wëssenschaft vun de Salto-Schlësselen. Voilà, da géif ech de Gemengerot froen, ob Der hei mam Devis vun 150.000.- € averstane sidd? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.8. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DEN AMENAGEMENT VUN DE WEEËR A COLUMBARIEN UM KIERFECHT RELLENT

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Voilà da géife mer op den nächste Punkt weidergoen. Do gi mer dann op eisen neie Kierfecht, op Relient. Do hu mer am initiale Budget vun '21 100.000.- € virgesinn. Dat ass en Devis. Do kënn Der rausliesen, dass mer am Fong, do wou lo schonn déi besteeënd Columbarium sinn, nach eng Kéier zousätzlech 20 Columbariumen an e Wee amenagéieren, sou dass mer am Fong och genuch Plaz hu fir an deenen nächste Joren. Voilà, et ass well och hei eng Demande do ass, a mir där entsprechend wëllen nokommen. Remarken, Froen dozou? Neen. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime,** da soen ech lech och do villmools Merci.

### 3.9. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE RACLAGE AN D'REFEKTION VU VERSCHIDDE STROOSSEN

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass en Devis vu Raclage a Refektioun vu verschidde Stroossen. Dat ass, wéi gesot, e Montant vu 600.000.- €. An do hutt Der och den Devis virleien, wat alles an deem Raclage muss gemeet ginn. Dat ass effektiv sou technesch Positiounen. Dass d'Claudia vläicht nach op gewëssen Detailler wëllt agoen. Ech kann lech just soen dass hei virgesinn ass: d'Rue de l'Etang, rue de la Vallée, d'Rue des Prunelles, d'Rue Schortgen, an d'Rue des Aubépines virzehuelen. Mee ech kann dem Claudia nach d'Wuert gi fir eng ganz Rei aner Detailler.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Neen, et ass u sech alles gesot. Den Devis ass sou détailléiert, datt jidderee sech dran erëmfënn. D'Stroossen huet de Buergermeeschter lo grad opgefouert. Dir wësst, datt mir eis all Joers e puer Stroosse virhuelen. A wéi gesot, déi wou de Buergermeeschter opgezielt huet, sinn déi fir 2021.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Här Martini.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Merci fir d'Wuert. Wann déi Raclagé gemeet ginn, firwat ginn do net gläichzäiteg aner Aarbechte mat gemeet, wéi d'Gasleitung frëschaachen? Ech weess, dat ass en anere Käschtepunkt. Mee ech brauch lech och net ze soen, dass mer virun e puer Deeg an enger anerer Strooss zu Diddeleng eng grouss Gasfuite haten, wou an der Strooss geschafft ginn ass. An déi Gasfuite hätt kënne ganz grave Konsequenzen hunn, well dee Gas ass an e Privathaus ragaangen. Wéi gi mer an Zukunft vir, fir dat ze verhënnere? Ech sinn déi gëschter réischt gewuer ginn am Detail. Wann ech weess, datt mer e Raclage maachen, wann ech awer och weess, dass déi Gasfuite doduerch entstane ass, well op der Strooss uewe geschafft ginn ass... Wéi verhënnere mer dat, dass an deenen dote Stroossen eppes geschitt? Respektiv dass mer net a 5 Joer musse kommen a soen, mir mussen déi Gasleitung lo awer frëschaachen? Well déi hunn elo e gewëssen Alter. Net dass mer dann nees mussen oprappen an dropbeuelen. Well mir bezuele jo lo am Fong all Kéiers duebel. Also lo net all Kéiers, ...

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Et huet net ëmmer eppes domat ze dinn, wann eng Gas- oder Waasserfuite ass, datt de Reseau schlecht ass. Mir probéieren eise Reseau sou gutt wéi méiglech ze erhalten, a wéi gesot, mir setze jo och all Joer déi néideg Montanten an de Budget, net nëmme fir Raclagen, mee och fir eist Netz à jour ze setzen. Ech mengen, eng Äntwert hutt Dir lech selwer ginn. De Käschtepunkt ass eppes ganz Anesches, wann s de eng ganz Strooss oprapps mat oppenem Gruef, wéi wann s de just de Raclage méchs, also dat lewescht, wat futti ass. Do muss een natierlech och soen, et ass net nëmmen eng Saach vu Käschtepunkt. Wann Der am Budget kuckt, wat eng



ganz Strooss frëschmaache kascht, a wann Der kuckt, wat ee Raclage kascht, dann ass dat en immensen Ënnerschied. Ech mengen, de Buergermeeschter huet virdrun d'Zuele vum Budget ginn, da wësst Der, mir kënnen eis zwar Spréng erlaben, mee mir kënnen net all déi dote Stroosse matenee frëschmaachen. Dofir maache mer dat an Etappen. Da mussen natierlech och d'Leit do sinn. Net nëmme Leit an der Gemeng, mee och déi Firmae mussen genuch Leit hu fir, wa mer déi Stroosse wëilten alleguer zesumme maachen, fir do parallel ze schaffen. Well soss hu mer d'Leit erëm eng Kéier um Hals, well et net virueet. Dir wësst och, d'Leit soen: „Jo, mee d'gëtt dräimol opgerappt bei mir virun der Dier an ech gesinn ni ee schaffen. Bon, dat kënnen eis Techniker lech besser erklären. Et si Saachen, déi kënnen nëmme gemaach gi wann et dréchen ass, et si Saachen, déi mussen „raschten“, well mussen vu banne d'Gasleitungen, d'Waasserleitungen gekuckt ginn. Dee Moment gesinn d'Leit näischt an hirer Strooss a si mengen d'géif näischt geschéien. Da spillt och eng Roll, wéi dat do geplangt gëtt... wat fir Stroosse sinn dat? Wat bréngt dat vu Verkéier mat sech? Dat heescht, wa mir lo soen, mir maache d'Rue de l'Etang, déi sécherlech gelidden huet, well et ass alles derduerch gefuer.

All Bus, all Camion huet elo missten duerch d'Rue de l'Etang fueren. Wa mär d'Rue de l'Etang dëst Joer maachen, dann net nëmme, well et néideg ass. Mee et ass och well mer lo kënnen de Verkéier anescht deviéieren. Well lo aner Saache fäerdeg sinn. A sou gëtt dat au fur et à mesure geplangt. Et gëtt och zum Beispill zesumme gekuckt, mir setzen eis all Joers zesumme mat der Post, do wäert och an deenen nächste puer Wochen deenen hire Plang rauskommen. Wat wëllen déi oprappen? Wou kënnen mär zesumme schaffen? Da mussen mer och, ech mengen déi Fro hat Der schonn eng Kéier gestallt, kucke wa mir sou Chantiere maachen - grouss Chantieren, wéi Dir lo sot - datt mer wëilten oprappen, wéi eng Strooss frëschmaachen... Do mussen mer och kucken, datt mer den ëffentlechen Transport deviéiert kréien, och dat. Den TICE huet nëmme bestëmmte Moyaenen. All Kéiers wann e Schantjen ass, brauchen déi nei Bussen an nei Chauffeuren. Dat ass e Ganzt. Dat ass eng Koordinatioun vu verschidde Chantieren, a momentan wär et net ginn, déi dote Stroossen allegueren zesummen opzerappen. Mir géifen dat net nëmme käschteméisseg, mee och logistesche net fäerdegbréngen. An ech mengen der Buergermeeschter wollt awer nach eppes dozou soen.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Ech mengen Du waars scho ganz am Detail. Ech wollt just nach bäifügen dass mer de Raclage op deene Stroosse maachen, wou mer keng Interventioun um Réseau brauchen ze maachen. Wa mer eng Interventioun um Réseau maache mussen, jo da maache mer e komplett neie Projet, wou mer alles virgesinn. Soss brauchen mer kee Raclage ze maachen. Dat do ass e bëssen d'Erklärung firwat mir just hei Raclage op deenen dote Stroosse maachen, wa mer net brauchen un de Réseau ze goen.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Merci fir d'Wuert. Keng Fro, mee eng Bemierkung. Mir haten eng Diskussioun an engem anere Kontext, en Ëmweltproblem. An do hunn ech mir erlaabt gehat, ze bemierken, datt mer um Ëmweltplang hei zu Lëtzebuerg nach e ganze Koup Hausaufgaben ze maachen hunn, well mer reegelméisseg den Offall, haaptsächlech dee kriddelegen, an d'Ausland exportéieren. Ech wollt just bemierken, datt mer hei e Beispill hunn. Beim Raclage falen 900 Tonnen Déchets contaminés un. An dat steet och am Devis, déi ginn an d'Ausland exportéiert. Also um Ëmweltgebit hu mer nach jett Hausaufgaben hei am Land ze maachen. Merci fir d'Wuert.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Do si mer eis net oneens. Madame Heinen.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Ech wollt just froen, dass Der d'Stroossen nach eng Kéier sot. Well déi sti jo néirens, an ech wollt mer déi opschreiwen.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

D'Stroosse sinn: d'Rue de l'Etang, d'Rue de la Vallée, d'Rue des Prunelles, d'Rue Schortgen, d'Rue des Aubépines. Dat ass also och ee Quartier. Kënne mer zur Ofstëmmung iwwergoen? Ass de Gemengerot mat deem Devis vu 600.000.- € averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

### 3.10. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE REMPLACEMENT VUN DER VITRINN AM GEBAI VUM „TOURIST INFO“ 17, RUE DU COMMERCE

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op deen nächsten Devis. Dat ass en Devis vun 18.000.- € an der Rue du Commerce, wou eise Syndicat d'Initiative seng Lokalitéit huet awer och eisen Tourist Info Point. Bon, wéi mer deemools dat Haus do kaaft hunn, do ass kee gréisseren Invest gemeet ginn un de Fënsteren an um Büro. Dat ass awer elo néideg, well an der Tëschenzäit do all Dag besat ass. An hei ass dann en Devis vun 18.000.- € fir dat doten méi gerecht, méi konform ze maachen. Fir datt déi Leit, déi do detachéiert sinn da kënnen och a gudde Konditiounen schaffen. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.11 APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'REPARATURAARBECHTEN UN ENGER MAUER AN D'POSE VUN ENGEM COUVRE-MURS AM FOYER MINETTSDEPP

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer op den nächsten Devis eriwwe. Dat ass de Foyer Minettsdepp, wou mer jo Proprietär sinn, an do mussen mer d'Mauer frëschmaachen an e Couvre-murs dropmaache fir dat ze schützen. An dat schléit mat 20.000.- € zu Buch. Och mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.



### 3.12 + 3.13 APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'AARBECHTE FIR DEN DAACH ZE ERNEIERE VUN DER SCHOUL STRUTZBIERG D + APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE REMPLACEMENT VUN DE BAUSSECHTE STOREN AN DER SCHOUL STRUTZBIERG D

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op de Strutzbiereg D. Do sinn am Fong zwou Interventiounen, déi mer wëlle maachen. Strutzbiereg D dat ass jo de Modulbau. Engersäits musse mer do den Daach frëschmaachen, well et ass jo e Modulbau, e Préfabriqué vun der Firma Kadoldo (3:43:18) an dee musse mer frëschmaachen, do muss eng Ofdichtung gemeet ginn. Also am Fong och d'Reewaasser weider um Kanal och uschléissen. Dat ass eng Interventioun, déi mer nach musse maachen. Dat sinn 48.000.- €. Do si jo och eng Rei Servicer, déi och do sinn. An natierlech wéilt mer och mat engem Devis vun 13.000.- € d'Storen, déi baussent Storen och frëschmaachen. A fir just virzepräifen, mir kënnen och, wa mer den Daach do frëschmaachen, vu dass et e Modulbau ass, keng Photovoltaik maachen, well dat natierlech e Gewicht huet, deen de Modulbau net géif packen. Wann een eng Fro an déi Richtung stelle wéilt... Madame Heinen, Dir wollt eng Fro stellen?

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Ech wollt froen, wéi eng Servicer do dra sinn? Also ech weess dat lo net. Vir-dru war gesot ginn d'Direktioun. D'Direction régionale ass jo awer um Krakelshaff, an dat wier jo awer Staat. Dofir wollt ech froen, wéi eng Servicer do dra sinn. A vu que dass et e Modulbau ass, bleift deen awer elo éiweg do? Wat sinn d'Projete mat deem Bau?

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci. Här Martini

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Ech hat déi selwecht Fro schonn eng Kéier gestallt fir d'Schoul um Ribeschpout, do sinn och bausse Store gemeet ginn. Wann déi Storen an de Ficellen hängen, da kann ech lech elo scho soen, dass se näischt bréngen, well se permanent rop gi soubal e bësselche Loft ass. An da kënnt awer d'Hëtzt an d'Sonn, wou an d'Gebai raschléit. Dofir wollt ech just dorobber hiweisen am Gudden, dass mer, wa mer dat do lo maachen, dorobber oppassen. Wéi gesot, ech kennen aner Gebaier, wou dat an de Ficellen hängkt, an dat bréngt guer näischt.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci. Dat huet mer gäre mat op a ginn et un eis Servicer weider.

#### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN):

Effektiv d'Direktioun 7, déi sëtzt um Krakelshaff. Mee Dir wësst, dass mer e ganze Koup Leit spëtzialisé hunn, déi an eise Schoulen intervenéieren. Dat sinn d'Pedagogen, d'Psychologen an och Logopedie. An dat Personal sëtzt um Strutzbiereg an deem Gebai D do. An déi gi jo och dauernd a verschidden aner Gebaier. Dofir ass dat do hire Büro hei zu Diddeleng, an natierlech wëlle mer och, dass se hei bleiwen an net all Kéier mussen hin an

hir. Also dat sinn hir, déi Leit déi do sëtzen. Jo, den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, dat ass e Modulbau, dee kann ee réckelen. Dat ass elo näischt, wat net op eng aner Plaz gestallt gëtt. Mee ech menge lo de Moment soll e mol do stoe bleiwen. Well et ass och virgesinn an de ganzen Alentouren vun der Schwämm déi jo do kënnt, datt dat Gebai lo mol do stoe bleift.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Josiane fir déi doten Erklärungen. Da kënnen mer zum Vott iwwergoen. Wien ass averstane mat deem heiten Devis? **Dat ass unanime**, da soen ech lech och do villmools Merci.

### 3.15. APPROBATION VUM AKT FIR D'CESSION GRATUITE MAT DER S.À.R.L. IMMOBILIÈRE ROXY, FIR EN TERRAIN AN DER RUE DICKS

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer op de Punkt 3.15. goen. Dat ass eng Cession, déi hei gemeet gëtt an der Rue Dicks vun der Immobilière Roxy un d'Stad Diddeleng. Dat ass am Fong 1 Ar fir d'Utilité publique an dat gëtt am Fong als Integratioun an d'Voirie publique gemeet. Voilà. Ass de Gemengerot mat där Cession averstanen? **Dat ass unanime**. Merci.

### 3.16. APPROBATION VUM AKT FIR D'CESSION GRATUITE MAM HÄR MARCEL LAURENT, FIR EN TERRAIN AN DER RUE DICKS

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Dann, direkt hannendrun, kënnt rëm eng Cession gratuite. Mir bleiwen an der Rue Dicks, des Kéier awer dann tëschent dem Här Marcel Laurent an der Stad Diddeleng. Och Integratioun an d'Voirie publique, och Utilité publique. An do sinn et 40 Centi-Ar. Och domadder averstanen? **Dat ass unanime**. Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.17. APPROBATION VUM AKT FIR D'CESSION GRATUITE MAM HÄR THOMAS STUTZ AN DER MADAME NADINE REMAKEL, FIR EN TERRAIN AN DER RUE DU MONT SAINT JEAN

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

An da komme mer op déi drëtt Cession gratuite. Do gi mer dann op Butschebuerg. Dat ass den Här Stutz an d'Madame Remakel, déi och eng Cession maachen un d'Stad Diddeleng an der Rue du Mont Saint Jean, 0,32 Ar. Och do gesitt Der op de Pläng, datt dat eng kleng Parzell ass, an och dat ass d'Integratioun an d'Voirie publique. Och domadder averstanen? **Dat ass unanime**. Da soe mer lech villmools Merci.

### 3.18. APPROBATION VUN DER KONVENTION FIR D'ZESUMMENARBECHT MAT DER UNIVERSITÉIT LËTZEBUERG FIR D'FËRDERUNG VUN DER PARTICIPATIVER DEMOKRATIE ZU LËTZEBUERG

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op d'Konventioun iwwert d'Biergerbe-deelegung, déi mer hei virleien hu mat der Uni Lëtze-



buerg. Wou mer als Stad Diddeleng jo nei Weeër ginn a wou mer eis wëssenschaftlech wëlle begleede loosse vun der Uni Lëtzebuerg. Wat jo och eng Première ass hei am Land a punkto Biergerbedeelegung, dass mer den akademesche Volet och mat bäihuelen an do als Stad Diddeleng als Laboratoire, als Ville-pilote kënne fungéieren. A wou och sécherlech an der aktueller Biergerbedeelegung, déi mer bedreiwen, mat de besteeënden Erfahrungen, déi mer gemeet hunn an awer och déi wou kommen, dass mer eis do sécherlech qualitativ verbessere kënnen, well et ass sécherlech nach Sputt no uewen, well et awer nach e ganz neie Moment ass. Quitt dass d'Biergerbedeelegung jo generell a ville Gemenge ëmmer méi opkënnt, mengen ech si mer prett fir haut hei e Schratt méi wäit ze goen. Well et och eng Saach vun der Gouvernance ass, a well et och sécherlech zu der Meinungsbildung an der Entscheidungsfindung ka bäidroen iwwert déi Erfahrungen, déi mer déi lescht Jore gemeet hunn. An dat heite jo virun allem och, en Sens général, am Kader vun der Stadplanung an der Stadtentwicklung gemeet gouf, a mer sécherlech do mat der Uni Lëtzebuerg e ganz staarke Partner hunn an och hei den Ausbau maache vun der aktueller Zesummenaarbecht, déi mer mat der Uni Lëtzebuerg hunn. Nieft de Studentewunnengen, nieft der Maison des Chercheurs, nieft der Konventioun, déi mer mat hinnen hunn, mam Zentrum fir zäitgenëssesche Geschicht, iwwert e Projet iwwert d'Migratioun, dat ass d'Konventioun vun 2018, mengen ech ass hei e 4. Projet, deen déi Zesummenaarbecht konsolidéiert. An ech géif d'Wuert weiderginn un de Loris Spina, deen duerch d'Konventioun féiert an dee sech bei eis ëm d'Biergerbedeelegung këmmert.

**LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):** Jo, Merci Här Burgermeeschter. Wéi och scho virdrun a menger Ried ugekënnegt, si mer ganz frou dass mer hei e kompetente Partner mat der Uni Lëtzebuerg kritt hunn am Kader vun der Biergerbedeelegung, wou mär zu Diddeleng jo schonn eng Zäitche ganz gutt an aktiv ënnerwee sinn. Biergerbedeelegung ass ëmmer méi modern. Nach ass et awer e bëssen Neiland. Sou eng richteg Kultur hu mer doranner nach net hei zu Lëtzebuerg. An awer wësse mer a mierke mer dass d'Politik sech ëmmer méi op dofir mécht an och de Bierger selwer ganz bereet ass, matzeschaffen, matzeschwätzen a matzediskutéieren. A fir dass dat net nëmmen op Reseau wéi Facebook, Twitter an Instagram stattfënnt, ass et awer wichteg, dass een do e bëssen e Kader bitt an de Bierger och d'Méiglechkeet bitt, konkret matzeschaffen, wou dann och déi richteg Plaz ass, fir seng Suergen an Matiwwerleunge bäizebréngen, bezéiungsweis wou mär se dann och als politesch Responsabel kënne mat abezéien.

Dat Ganzt ass eng politesch Volontéit, déi mir ganz laang hunn. An ech mengen et ass eng kleng Suerg, déi een ëmmer sou huet, datt een hei eng Démocratie participative ënnerstëtzt. Sécherlech de legislativen, demokratesche Kader, wéi mir en hei bannen an och soss zu Lëtzebuerg kennen. Also dat Ganzt ass als komplexer unzegesinn. Déi Konventioun, déi mer hei virleien hunn, déi bezitt sech lo einstweilen iwwert 2 Joer. Der gesitt et hei stoen, d'Ziler, déi mer eis do ginn. Wat mer domadder wëllen erreechen, sinn natierlech engersäits

déi Konzepter, déi mer lo hunn, dass mer déi wëssenschaftlech an analytesch begleeden fir do kënnen als Ville-pilote ze fungéieren an eeben op den Input vun der Universitéit ze hoffen. Ganz konkret sinn dat déi Projeten, déi mer hei kennen am Sall: dat ass de Biergerrot, de Biergerpanel, awer och d'Participatioun ronderëm en neie Quartier. En Développement wéi NeiSchmelz, do erwaarde mer eis hei en Input. An, natierlech ganz spannend och, de Projet mam Budget participatif, wou et ganz vill Optiounen a Méiglechkeete ginn. A wou een am Fong geholl zesummen hei mat eisem kompetente Partner soll kucken, fir erauszefannen, wat ass dann elo dee beschte Modell fir hei zu Diddeleng. Wou mer dann och do erëm Virreider wäeren hei zu Lëtzebuerg. Des weideren erwaarde mer eis vun där Konventioun, dass mer e Website do op d'Been stellen, wou dann och eng gewësse Visibilitéit no baussen garantéiert soll sinn. Awer net nëmme fir Diddeleng natierlech, do sollen am Fong geholl sämtlech Experienzen a Best Practices, déi am Land gesammelt ginn, kënnen do regroupéiert ginn. A wann dann eng aner Gemeng oder en anere Partner Loscht huet, sech op dee Wee ze beginnen, da kann e via dee Website och schonn e puer Ureizer do fannen.

Um nationalen Niveau gëtt natierlech do e Réseau opgebaut, wou dann och déi grouss Regiounen ronderëm ka profitéieren, well mer do ëmmer erëm frou si fir Synergie kënnen ze knäppen. A mir selwer waren zu Metz, déi säit Joren an der Biergerbeweegung ganz aktiv sinn, an déi hunn eis och do flott Tuyauen op de Wee mat konnte ginn. Dës weidere geet et dorëm, eng Plattform ze kreéieren, fir herno e Genre nationale Referenzkader ze setzen, wou déi ganz Biergerbedeelegung hei am Land kann dovunner profitéieren. Des weidere probéiere mer dann och international Synergien ze fannen, wou dann och aner Eventer kënne stattfannen, déi ronderëm dëse Sujet dréien. Ënner anerem kënnen dann och international Konferenze besicht ginn, respektiv hei zu Diddeleng organiséiert ginn. An do gëtt et ënner anerem dee flotte Projet vun der Ecole d'Eté, deen och hei ernimmt ass an do hu mer eis den Challenge gi fir dat och hei kënnen z'organisieren.

Fir de Rescht gesitt Der dass do d'Uni, de Raphaël Kies eisen Uspriechpartner ass. Et ass och deen, deen mer säit 2 Joer hei zu Diddeleng kennen, deen zesumme mam Patrick Hoss, deen intern hei zu Diddeleng d'Biergerbedeelegung leet, mat deem mer eis getraff hu fir dës Kooperatioun kënnen op d'Been ze setzen. Dir gesitt natierlech och de ganze Volet ronderëm den RGPD, dee gëtt natierlech berécksiichtegt a respektéiert, sou wéi mer dat méttlerweil och kennen. Dat Ganzt, wat mer do erfannen, dat huet e finanziellen Impakt. Dat gëtt natierlech bridderlech tëschent zwee gläichberechtigten Partner gedeelt. Wou d'Uni a mär eis dat zu jee 50% opdeelen, sou dass mir an eisem Budget 126.000.- € virgesinn. Firwat déi Sue gebraucht ginn, dat gesitt Der och: dat sinn virun allem Personalkäschten. Engersäits de Raphaël Kies selwer, awer och kréie mer eng Coordinatrice zur Verfügung gestallt, an och kann op en Etudiant zrückgegraff gi fir an eise Recherchen, eisen analyteschen Analyse vun deene Projeten, déi mer hunn, bezéiungsweis wëllen op d'Bee setzen, ze ënnerstëtzen.



An déi Leit wäerten och physesch zu Diddeleng present sinn, fir dass mer och do kënne besser zesummenzeschaffen. Ech wär ganz frou, wann de Gemengerot eis hei géif unanime gréng Luucht ginn, well wann ech dat richteg interpretéiert hu wéi mer déi lescht Seancen heiriwwer geschwat hunn, dass awer jiddereen der Meenung ass, mir sollten dem Bierger d'Wuert ginn an dem Bierger och nolauschteren. An déi Projeten, déi mer ugeleiert hunn an deene leschte Méint a Joren, déi hu jo och groussen Zousproch fonnt, an deem Sënn ass dat heiten nëmme konsequent. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Loris fir déi doten Erklärungen, an d'Diskussioun ass op.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo, Merci Här Buergermeeschter. Am Juni 2018 hate mer eng éischt Konventioun mat der Uni gemaach. An ech wollt mol kuerz nofroen, wéi lo de Bilan war vun deenen 3 Joer Konventioun, wat do genau ënnert dëser Konventioun gelaf ass. Well déi war jo och mat engem Budget vu vill méi modesten 20.000.- € pro Joer verbonnen. Hei ass elo e ganz neie Moment. A fir dës „Collaboration pour la promotion de la démocratie participative au Luxembourg“ an dee Projet „Mettre en place une plateforme de référence nationale dans le domaine de la démocratie participative“ gëtt och herno eng Evaluatioun vun eisen existéierende Projets participatifs gemaach an „L'expérimentation“ vun de „Concepts novateurs“, Biergerpanel, NeiSchmelz, Kannerparlament si genannt ginn, déi ginn dann och do mat afléisse gelooss. En neie Moment ass an där Konventioun. Do steet eppes dra vum Budget participatif. Dat ass jo e ganz neie Wee, dee soll gemaach ginn. Dat ass sécher e groussen Challenge an eng grouss Erausforderung, fir dat op d'Schinn ze bréngen. Souwäit ech weess, ass et zu Lëtzebuerg just d'Stad Lëtzebuerg, déi probéiert huet, dat op d'Schinn ze bréngen. Wéi dat dann herno ëmgemat gëtt, da kréie mer dann am Plan de travail, deen an deenen nächsten zwee Méint soll ausgeschafft ginn, virgestallt. An iwwert de Site web, de Loris huet et scho gesot. Iwwert de Site web de référence kënne mir dat jo dann och kucken. Och soll en nationalen a grenzüwwerschreidende Réseau geschaf ginn zum Thema Démocratie participative an et soll eng Referenzplattform geschaf ginn. Et soll jo och, wéi et an der Konventioun heescht, mat Hëllef vu Fërdergelder national an international Evenementer a Projeten zum Thema participativ Demokratie organiséiert ginn. Do ass meng Fro: Ass do schonn ugeduecht, wou mer un déi Fërdergelder kommen? An ass och vläicht am nationale Budget vun der Regierung eppes an déi Richtung virgesinn? Souwäit sou gutt. Eng Gemeng no beim Bierger: Matdiskutéieren. Matdecidéieren. Mir wëllen eng Ënnerstëtzung vun der Participatioun vum Bierger. D'Proposé vun de Bierger mussen eescht geholl ginn an an déi verschidde Projete mat afléissen. Sou hate mir als CSV et an eisem Walprogramm fir déi lescht Gemengewale formuléiert. A virun allem dee Saz: „D'Proposé vun de Bierger mussen eescht geholl ginn“. Dat ass e ganz wichtegt Element. Mir haten och hei zu Diddeleng scho gutt Usätz: Aarbechtsgrupp NeiSchmelz, Aarbechtsgrupp PAG. Bei deenen Aarbechtsgrup-

pe gouf och probéiert, den Iddien an Doleancë vun de Leit wäitestgeeënd Rechnung ze droen. Zum Beispill, d'Importenz, fir bei der Ausschaffung vum PAG och drop opzepassen dass d'Quartiersstrukturen erhalte bleiwen, dass d'Gebaielcheeten och no de Wënsch vun de Leit solle klasséiert ginn. D'Identitéit vun de Quartiere wollte mer fërderen a mir sinn natierlech och alleguerte beméit, et sou ze maachen, wéi och vill Bierger et gesot hunn, de Patrimoine industriel op NeiSchmelz ze erhalten.

Ech hunn och e puer konkret Froen zu dëser Konventioun. Et steet hei dran, et soll e Comité de suivi organiséiert ginn, an do sollen et 6 Memberen am ganze ginn, an ech mengen 3 vun der Uni an 3 vun der Stad Diddeleng. Do ass meng Fro, wéi do och soll d'Rekrutement vun deene Leit geschéien? Dann ass meng Fro, et steet och dran, et gëtt eng Coordinatrice genannt fir 2 Joer. Ass dat deen Här - et steet do Coordinateur/Coordinatrice - dee virdu schonn erwäant ginn ass, oder kënnt do en neie Projektkoordinator derbäi an ass deem säi Salaire dann och couvréiert mat deem, wat hei virgesinn ass? Dann hunn ech awer och ganz konkret Froen. Zum Biergerrot zum Beispill, dee scho bei eis en place ass. Mir hunn do ni e Feedback kritt, wat genau do gelaf ass, wéi de Rekrutement war. Ech weess just dass do Schwierigkeete waren. D'Leit sollte sech mellen, oder sinn ugeschriwwen ginn. Déi hu sech net all gemellt. Et wär vläicht och am Sënn vun der Transparenz vum Dialogue participatif och vläicht net ongutt, do mol eng Kéier de Bilan ze zéien. An da genau sou, wéi beim Biergerpanel ass och meng Fro: Wéi vill Leit hu sech gemellt? Wéi ass do d'Representativitéit? Alter, Geschlecht, Nationalitéit... Wéi soll kommunikéiert ginn? A sou weider, a sou weider. Ech war nämlech e bëssen erstaunt dass gëschter nach eng Kéier e groussen Appell lancéiert ginn ass op de soziale Medien, fir dass d'Leit sech solle mellen. Meng Fro ass, ob do effektiv nach net deen Echo war, wéi mir eis dat vläicht virgestallt hunn.

Firwat soll een als politesch Responsabelen op Biergerbedeelegung setzen? E Projet fënnt méi eng grouss Akzeptanz an der Bevëlkerung wann d'Leit vun Ufank u mat agebonne ginn. D'Planung gëtt och inhaltlech besser. D'Leit um Terrain bréngen hiert spezifesch Wëssen iwwert den Terrain mat, an et ass eng Win-Win-Situatioun. Leit déi sech an engem participative Prozess engagéieren, kréie méi Vertrauen an déi representativ Demokratie a sinn och manner ufälleg fir extremisteschen, ondemokratesche Stréimungen nozelafen. Wat awer genau sou wichteg ass: „Wann macht Bürgerbeteiligung keinen Sinn..?“, ech zitieren den Här Konstantin Wolf, en Expert fir Biergerbedeelegung. „Wenn es keinen Entscheidungsspielraum mehr gibt, die wesentlichen Entscheidungen schon gefallen sind. Information ist keine Partizipation. Bei echter Beteiligung läuft Kommunikation immer in beide Richtungen, und die Bürger können einen wesentlichen Einfluss auf Entscheidungen nehmen. Ist dieser Einfluss jedoch politisch nicht erwünscht, dann macht man besser eine gute Information, verkauft die dann aber nicht als Partizipation.“ Ech hoffen, eise Schafferot huet gutt nogelauschtert, an hält sech dat zu Häerz. „Eine wichtige Voraussetzung zum Gelingen



eines Bürgerbeteiligungsprozesses ist der Mut zum Dialog. Die Offenheit zur Offenheit. Wenn man sich konstruktiv austauschen will, dann erfordert das erstmals die innere Bereitschaft dafür: Wer dagegen Partizipation als Show und Entertainment einzusetzen versucht, wird scheitern. Die Bürger haben da einen guten Riecher und entlarven dieses Partizitainment sofort." Sou hu si dat genannt. Vlächet huet et dës Konventioun gebraucht, fir eise Schäfferot zu engem Ėmdenken ze initiéieren a si och nees verstinn, wat Participatioun bedeit: eng Ouverture zu de Meenungen, eng Akzeptanz zum Dialog. Hei an de Gemengerotssëtzunge vermësse mer dat ganz oft. Mee vlächet bréngt dëse Projet et fäerdeg, dass de Léierprozess bei eise Schäfferot asetzt, de Grosche fält, an och an dësem Grupp vun 19 Diddelenger Bierger eng participativ Biergerbedeelegung gelieft gëtt. Mir si gespaant.

Voilà. Dat war meng Ried. Déi hat ech gëschter Moie ganz ganz fréi preparéiert fir zu dëser Konventioun Stellung ze huelen. Mee wéi ech dunn eng hallef Stonn méi spéit d'Tageblatt opgemaach hunn an op enger Facebook-Säit gelies hunn, wat do stoung, du krut ech bal Mipperchen: Ech denken eise Schäfferot, deen huet wierklech nach net alles verstanen. Dir wëllt eng Virbildfunktion si fir participativ Demokratie zu Lëtzebuerg? Mee Dir hutt emol déi elementar Elementer dovun net verstanen. Dir kënnt dach net, obwuel Dir dat jo ëmmer sou maacht, de Gemengerot am Virfeld iwwerhaupt net informéieren, wa sou eng Konventioun an der Pipeline ass. An dann de Culot hunn, grad dës Konventioun schonn z'ënnerschreiwen. Mat Pomp an Trara an der Press Äert immenst Demokratiebewusstsein an der Press sou ze beweihräucheren, an eis, déi 19 gewielte Conseillere, och Diddelenger Bierger, doen, eng Konventioun duerchzewénken, déi schonn ënnerschriwwen ass, déi mer nach ni gesinn hunn, geschweigs driwwer diskutéiert hunn. Wou Dir dach elo wëllt den Dialogue participatif zur Referenz als national an international Plattform héichstiliséieren. Also ech weess net, wéi et lech alleguerte geet, och dobaussen, och déi Leit vun der Press déi hei sinn... Ech mengen dat hei ass sou eng kaffesck a cocasse Situatioun, op jidde Fall huet d'Uni nach vill Aarbecht mat dësem Schäfferot, wa se deem mol wëll erklären, wat participativ Demokratie heescht. De Gemengerot ass participativ demokratesch gewielt ginn. Mir allen 19 heibanne si Representante vun eiser Stad. Den Här Buergermeeschter huet am Artikel an der Zeitung gesot: „Bürgerbeteiligung zuzulassen, sei eine Sache des politischen Willens. Für die Stadt sei dies kein „l'Art pour l'art“, sondern habe einen wichtigen Stellenwert bei der Meinungsbildung und Entscheidungsfindung.“

Biergerbedeelegung an eisen Aen, déi fänkt hei an haut un. Oder ass well de Biergerpanel den neie Gemengerot? Ech hu mech do mol ugemellt, well do steet sou léif dran, do kéint ee mat dem Schäfferot diskutéieren. Also wéi gesot, de Gemengerot ass participativ demokratesch gewielt ginn. Mir allen 19 heibanne si Representante vun eiser Stad. An d'Politik am Gemengerot, dat heescht net, Politik am Elfebeentuerm maachen, dat heescht net zu 5 oder eventuell nach deenen anere 5 Parteikum-

panen zesummen d'Politik fir Diddeleng ze decidéieren. D'Oppositioun bausse vir ze loosse. D'Oppositioun z.B. bei den 19 Kommissiounen net emol a Betruecht ze zéien, fir als Präsident eng Roll do ze spillen. Dat heescht net, d'Veräinssubsidien am stille Kämmerlein, am Schäfferotskämmerlein intransparent nach ze modifiéieren. Dat heescht virun allem net, Konventiounen ze ënnerschreiwen an dann zum Duerchwénken dem Gemengerot heihinner ze leeën. Den Här Buergermeeschter huet sou ganz optimistesesch gesot: „Die Konvention wird am Freitag in der Gemeinderatssitzung diskutiert und der Bürgermeister hofft auf eine parteiübergreifende Zustimmung.“ Majo, Här Buergermeeschter, dat hei ass keng Diskussioun, dat hei ass jo schonn erëm e Fait accompli. Mir kréien do einfach eppes dohinner gesat, wat scho laang decidéiert war. Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn an der Oppositioun alleguerten am selwechte Boot. Mir wëllen ëmmer matdiskutéieren, mir brénge konkret Proposen, mir wëlle mat plangen, fir Diddeleng no vir ze bréngen. Mir sinn natierlech oft averstane mat de Proposé vun eise Schäfferot, wann et am Sënn ass vun Diddeleng. Mee mir fannen dës Konventioun zum Beispill net schlecht. Mee mir sinn absolut net averstane mat der Aart a Weis, dem Non-Respect, wéi de Schäfferot mam Gemengerot ëmspréngt. Dat ass diametral opposéiert zum Inhalt vun dëser Konventioun.

Hei an dësem Haus ass et einfach Usus, net am Sënn vun der participativer Demokratie ze diskutéieren, auszeloten, nozelauschteren an da vlächet och emol am Konsens eng Prise de position auszeschaffen. An hei ass en trauregt Beispill dovunner. Hei gëtt an eisen Aen d'participativ Demokratie net gelieft. Eng schonn ënnerschriwwen Konventioun zum Duerchwénken a Kopfnicke dohinner ze leeën, do fille mir eis veräppelt an hunn do-robber iwwerhaupt keng Loscht méi. An mir denken dass déi ugekënnegt Bereitschaft zum Dialog hei bei dësem Schäfferot just e Partizitainment gëtt, an domadder zum Scheitern verurteilt gëtt. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Merci. Nach weider Stellungnahmen?

**ROMAINE GOERGENG (DÉI GRÉNG):** Merci Här Buergermeeschter. Et ass effektiv en zimmlech emotionale Moment hei. Ech hoffen, dass ech net ze vill tuddelen. Also léif Kolleeginnen a Kolleegen, participativ Demokratie kann eis Gemeng gutt verdroen. Dofir wëlte mir mol kuerz widderhuelen, wat mer ënner participativer Demokratie verstinn. Nëmme kuerz, well mir et oft genuch hei gesot hunn. A well de Mouvement Ecologique an engem Gemengen-Ëmwelt-Info 2013 déi wichtegst Punkten eng Kéier publizéiert hat. E Méindeg huet e Professionelle vun der Kommunikatioun se am Kontext vun enger méiglecher Gemeengefusioun Nordstad an engem Interview vum Lëtzebuerger Wort och opgezielt. D'Madame Kayser huet déi wesentlech Saachen doraus zitéiert, an dat ass einfach genial gutt formuléiert. Den direkten Dialog mat Biergerinnen a Bierger sollt sech op konkret Froe bezéien, mat klere Virgaben, fir dass et net ze vill ausufert. Et kann och kee Wonschkatalog sinn, well soss ass de Frust scho virprogramméiert. Da sollt am Ufank eng gutt Informatioun gemaach ginn,



woubäi Informatioun net den Endzweck ka sinn. Fir déi Informatioun misste vill Kanäl genotzt ginn an net nëmmen Dossieren, déi an der Gemeng prettleie oder um Internetsite oder op enger App opzeruffe sinn. Wann et ëm Projete geet, da sollt dofir gesuergt ginn, datt déi Leit, déi am meeschte betraff sinn och sécher sollten abezu ginn. Dat ass besonnesch de Fall bei Bauprojekte fir bestëmmte Quartieren. Workshops sinn déi klassesch Method, awer dat, wat dobäi rauskënnt muss och weiderverschafft ginn. An zréckverméttelt. Dat soll och geschéien, wann net all Iddi kann opgegraff ginn. Zumindest sollen d'Leit mierken, dass sech domat ausereegsat gëtt. Fir d'éischt müssen d'Leit interesséiert ginn oder eeben erreecht réischt ginn. Also réischt interesséiert ginn. A virun allem musse se seriö geholl ginn. Dat heescht natierlech net, dass all Iddi muss iwwerholl ginn. Participativ Demokratie kënnt net vum Himmel gefall a fonctionéiert och duerch d'Widderhuelung an doduerch dass d'Leit net just fir eng Feiertagsveranstaltung geruff ginn. Zu Tübingen hunn ech mol erlieft, wéi dat ka fonctionéieren. Mee bleiwe mer bescheiden a probéiere mer, wéi mer et hei zu Diddeleng kënne besser maachen. Souwäit d'Theorie.

An der Praxis hei zu Diddeleng ass et jo net, dass et keng Usätz dozou géif ginn, awer mir fannen dass et bis elo leider nëmmen Usätz bliwwen sinn. Mir hunn e Kannergemengerot, et Jugendgemengerot, wou Kanner a Jugendlecher kënne matschwätzen. Et ass zu Biergerversammlunge komm beim PAG a bei NeiSchmelz. Leider waarden do d'Matwierkender nach ëmmer drop, zréckzehéieren, wat vun hiren Iddien zréckbehalen ginn ass. Quitt dass mir als Gemengerot Unhaltspunkten an enger vun de Presentatiounen vum Bureau d'études kritt hunn. Bei der Ëmgestaltung vun dem City-Bus ware schonn a Workshops deemools am Centre Hild Problemer genannt ginn, déi réischt nodréiglech an no ville Reklamatiounen a Befrounge konnte verbessert ginn. Selbstverständlech ziele mir d'Informationsversammlungen iwwer Projeten, déi scho prett waren, net dozou. Do goug et ëm reng Informatioun, zum Beispill iwwert de Shared Space, wou awer schonn alles beschloss war. Mir haten och mol e Biergerforum. Deen et awer net méi gëtt. Dofir ass en neie Biergerrot opgestallt gi mat zesummegewürfelte Leit, déi sollen diskutéieren, an déi hir Doleancé mol ugemellt hunn. Déi sech haaptsächlech op Verkéier bezéien. Ganz konkret war et bis elo net. Wouhin dat féiere kann ass net kloer. Et soll nach e Biergerpanel kommen. Aha! Gutt, dass d'Annoncéblat eis dann driwwer informéiert! Dir mierkt, et ass nach Loft no uewen. Déi Konventioun mat der Uni, fir der participativer Demokratie en neie Kader ze ginn, se ze begleeden an ze evaluéieren, fanne mir dofir a priori net schlecht. Wann et da keng eidel Hüls bleift, an net just gutt ass, fir Schlagzeilen ze kréien an eis no bausse gutt ze verkaufen als Pilotprojet, während dat vun de Leit an Diddeleng guer net sou empfonnt gëtt. D'Objektiver an d'Zilsetzungen, déi an der Konventioun festgehalen gi setzen e ganz vage Kader a sinn alles Anescht wéi konkret. Et ass och elo keen Här Kies hei, fir dat ze konkretiséieren. Mir fäerten dofir dass déi Konventioun net hëlleft fir an déi Richtung vu participativer Demokratie ze goen, wéi mir se gär hätten. Souwäit awer zum Inhalt.

Wat d'Ëmsetzung dovu betrëfft, fanne mer, dass mindestens eng Konditioun muss erfëllt ginn, fir dass domat vläicht d'Participatioun garantéiert gëtt, déi net gelenkt gëtt vun der Majoritéitspartei, an der eenzeg an eleng bestëmmender LSAP. De Steuerungsgremium vun der neier Ära vu participativer Demokratie wäert laut Konventioun zur Hallschent vun der Uni an zur Hallschent vun der Gemeng bestoen. Am Ufank gëtt de Prozess geleet vum Här Kies als Vertrieeder vun der Uni an engem Vertrieeder vun der Gemeng. Duerno soll dat erweidert ginn op e Komitee vu 6 Leit. Mir verlaangen dass bei deenen 3 Leit, déi d'Gemeng verrieden, d'Vilfalt vun der Zivilgesellschaft berécksiichtegt gëtt. Dat däerfe keng Leit sinn, déi der LSAP nostinn. Inhaltlech kéinte mer där Konventioun jo zoustëmmen. Wann déi Konditioun géif erfëllt ginn. Et kann een d'Hoffnung op méi Biergerparticipatioun jo net opgi wann och nach eng Uni hëlleft. Et ass awer wéi e Schlag an d'Gesicht fir d'gewielte Mandatairë vun deem Gemengerot, dass scho Pressekonferenzen an Zeitungsartikelen dës Konventioun breettrëppelen iert mer se hei am Gemengerot diskutéiert an approuvéiert hunn. Et wär sécher méiglech gewiescht, déi Pressekonferenz e puer Deeg méi spët ze maachen. An eise Vott hei ze respektéieren. Et hätt ee jo och kënne am Virfeld diskutéieren iwwert den Inhalt vun der Konventioun. Dass dat net gemaach gëtt hu mer jo schonn oft genuch hei erlieft. Dann hätt ech lech och diskret kënne drop opmierksam maachen, dass eng Berechnung vum Käschtepunkt net stëmmt. Fir d'Käschte vum Projet ass 2022 eng ganz Indextranche berechent ginn, amplaz se réischt ab August ze berechnen, wéi et an der Circulaire vum Inneministère virgesinn ass. Dat mécht ongeféier 2.500.-€ aus, déi, wann ee sech un d'Circulaire hält, ze vill berechent sinn. Also nach eng Kéier, : ab August ass d'Indextranche virgesinn an an deene Chifferen hei ass se ganz berechent. Den Hauptpunkt ass awer, dass der eis mat Ärer Virgoensweis bewisen hutt dass de Gemengerot net an e participative Prozess muss agebonne ginn. Dat ass eng Absurditéit sonnergläichen. Déi Form, wéi dat hei duerchgezu gëtt ass eng Farce. Dofir si mir och der Meenung, dass mir net brauchen hei am Sall ze bleiwe wann ofgestëmmt gëtt. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci. Nach weider Stellungnamen? Den Här Thill.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Merci Här Buergermeeschter. Ech ka mech ganz kuerz halen, well meng Virriednerin ganz kloer duergeluecht hu wat eis um Mo läit. An do kann ech mech nëmmen uschléissen. Ech rappelléiere vläicht dass ech 2016 d'Éier hat, an dësse Gemengerot eranzekommen. Eng vu mengen éischte Fuerderunge war, datt déi 157 Suggestiounen, déi am Biergerforum geäussert gi sinn, datt déi géife publizéiert ginn. Dat war anscheinend net virgesinn. Et soll een net ëmmer alles op d'Goldwo leeën, dofir maache mer och verschidde Saachen hannert de Kulissen. Virun net sou laanger Zäit hunn ech no der Sëtzung Är Fraktiounsspriecherin ugeschwat, dat do en Text eigentlech net an der Rei wier, an datt mir eis mat deem Text sou géifen iwwer gaange fillen. Wéi gesot, ech hunn dat net ëffentlech



gemeet. Jidderee ka mol eng Kéier dernieft leien. Mär och. Mee wéi meng Virgängerinnen et och gesot hunn, jo mir fillen eis einfach frustréiert a relativ iwwergaangen an dofir kann ech mech deem wat gesot ginn ass nëmme komplett uschléissen. Ech soen lech Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**  
Merci Här Thill.

**ALAIN CLEMENT (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, léif Frënn a Kollege vum Gemengerot. D'Madame Goergen huet de Shared Space ugeschwat. Ech kann lech meng Erfahrung dozou soen, lo net als LSAP-Mann, mee als Präsident vum Geschäftsverband. Fir déi 2. Phas ass d'Gemeng un eis erugetrueden, huet d'Geschäftsleit agelueden an huet de Projet – an ech wëll dat sou soen – fäerdeg – virgestallt. Duerno hunn dann d'Geschäftsleit, an net nëmme den FCAD, hir Do-leancen un den Dag geluecht. Den FCAD huet e Konzept op d'Bee gesat mat deene Punkten, wou se net d'accord waren, hannert déi sech d'Geschäftsleit jo och gestallt hunn. Also och eng Aart Biergerparticipatioun. A wat ech deemools erfuer hunn, do war ech jo nach kee Conseiller communal, do war et esou, dass déi sämtlech Punkten, déi deemools den FCAD gefuerdert huet, ugeholl gi sinn an an dat Konzept agefloss sinn. Also dat Konzept war lo net scho fäerdeg gebak an emgesat ginn ouni déi Bedeelegt mat anzebannen. Lo wëll ech awer e puer Saachen zou der Konventioun soen. Op déi Konventioun, déi mer hei als Gemeng Diddeleng mat der Uni Lëtzebuerg ënnerschriwwen hunn, bāi där et em eng enk Zesummenaarbecht an och d'Fuerderung vun demokratescher Participatioun vun eise Bierger geet, muss ech soen, si mir awer e bësse stolz. Oft wann een e Projet realiséiere wëllt, da luusst ee vläicht ronderëm sech fir mol ze kucken, wéi anerer a wat anerer schonn an deem Kontext grad maachen, oder schonns emgesat hunn. Well bei dëser Konventioun war et awer elo sou, dass d'Uni Lëtzebuerg gekuckt huet: Wou ass eng Gemeng, déi an der Vergaangenheet scho Projekte realiséiert huet, wou grad Projet lafen, a wou och neier ulafen oder geplangt sinn am Beräich vun der demokratescher Participatioun. An do ass d'Uni Lëtzebuerg op d'Gemeng Diddeleng gestouss. A sécherlech net dowéinst well hei alles schonn am Virfeld gebak ass. Sécherlech well och si rausfonnt hunn dass de Bierger hei eescht geholl gëtt. A well mir op deem Gebiet och schonn exemplaresch Akzenter gesat hunn an déi och zukünfteg wëllen a wäerte setzen. Domat huet d'Uni Lëtzebuerg bei der Diddelenger Gemeng den néidege politesche Wëllen entdeckt, dee fir sou e Pilotprojet muss do sinn. Fir nëmme e puer Beispiller ze nennen, wéi de Kannergemengerot, de Jugendgemengerot, de Biergerrot, Workshoppe fir NeiSchmelz an net ze vergiessen, den neie Biergerpanel. D'Biergerbedeelegung där mir als LSAP ëmmer méi Raum wëlle ginn ass an eise Aen e schéint, weidert a wichtegt Stéck geliefte Demokratie. Ënner Demokratie versti mir net nëmme, dass eis Bierger dierfen all 6 Joer 19 Gemengevertrieder wëlen, déi hir Interessen an der Lokalpolitik solle verrieden. Als LSAP sti mir fir eng Politik bei där sech eis Bierger bei enger Rei Themen mat hirer Siichtweis dierfen a sollen abréngen a de politesche Prozess, fir deen esou matzestalten. A well mir

zu Diddeleng dëse Wee ginn, maache mir dem Entwécklungsprozess vun der demokratescher Participatioun mat dëser Konventioun gären eng weider Dier op.

Mir si fest dovun iwwerzeegt, dass d'Uni Lëtzebuerg mat de Fakultéiten „Sciences Humaines“, „Sciences de l'Éducation“ a „Sciences sociales“ eis do kann tatkräfteg mat hire Méiglechkeeten a mat hirem Wëssen ënnerstëtzen. Duerch hir Analysen an Evaluatiounen vun eise lokale Projeten an och vu vergläichbare Projeten am Ausland kënnen Schwächen a Stärken ausgemaach ginn. Sou kënnen mir un de Stärken festhalen, eis hir Verbesserungsvorschläge zu Härz huele fir gegebenfalls méi schwach Punkten ze korrigéieren. Fir zukünfteg Projeten soll d'Uni Lëtzebuerg eis an deem Kontext mat hiren Iddien a Rotschléi begleeden. Um kommunalen Niveau gëtt e Website entwéckelt, dee liicht an allgemeng zougänglech gëtt, dee mat den Erfarungen vum nationalen Plang, mee awer virun allem vun deene vun der Stad Diddeleng gespeist soll ginn. Um nationalen Niveau gëtt en nationalen, wéi och e grousregionale Réseau op d'Bee gesat, dee sech soll méttelfristeg zu enger nationaler Referenzplattform an der demokratescher Participatioun entwéckelen. Um internationale Plang sinn eng Rei ëffentlech Evenementer, wéi Workshops, Webinaren, eng Optaktveranstaltung, souwéi mindestens eng international Veranstaltung am Joer virgesinn. An eng Rei vun deene Veranstaltungen sollen zu Diddeleng stattfannen. Dëst ass nëmme een Deel vun deem wat an deem Konzept an der Kooperatioun tëschent der Stad Diddeleng an der Uni Lëtzebuerg emgesat gëtt. Iwwerall, wou dann hei am Land an och am Ausland dee Sujet thematiséiert gëtt, wäert de Wee, dee mir hei zu Diddeleng mat de Bierger ginn an och eis Erfarungen, déi mir an deem Sujet scho gesammelt hunn an och zukünfteg wäerte sammeln, eng Roll spillen. A sou iwwerhëlt d'Stad Diddeleng am demokrateschen Participatiounsprozess eng Virbildfunktoun hei am Land an och sécherlech iwwert d'Grenzen eraus. A lo kommen ech nees un den Ufank zeréck. Dorop kënnen mer roueg stolz sinn. An dofir si mir als LSAP-Fraktioun zu 100% hannert dëser Konventioun. Ech soen lech Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)**  
Merci dem Här Clement. Nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da ginn ech d'Wuert weider un de Loris Spina an da géif ech den Ofschluss maachen.

**LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):** Jo Merci, Här Buergermeeschter, ech probéieren dann e bëssen inhaltlech a faktuell drop ze reagéieren, éier den Dan Biancalana warscheinlech och politesch wäert e Statement dozou maachen. Ech stellen op jidde Fall fest, dass d'Leit vun der Oppositioun net richtig nolauschten, wann ech de participative Projet erklären, bezéiungsweis erkläert hunn an deene vergaangene Méint a souguer Joren. Bon, ech probéieren dann u menger Kommunikatioun ze schaffen, dass dat méi kloer bei lech ukënnt. Well hei gi sécher rëm Saache matenee vermëscht. Dat eent ass déi gewielte Verrieder wou mär hei sinn, an dat anert ass, wou mer dem Bierger probéieren d'Wuert ze ginn an deenen nolauschten. An dee Programm, wou



mär do opgesat hunn – ugefaange mat Biergerforum viru souvill Joren – deen awer, an dat wësst Dir besser wéi ech – eng immens grouss Katztut ginn ass. Do hu mer da gemengt mir missten nei Weeër goen. Dat hu mer dann och gemaach. Ech hu probéiert, déi Weeër hei ze erklären, mee wéi gesot, d'Messagé sinn net ukomme, well de Biergerrot, de Biergerrot huet keen – net ee Projet, net ee Sujet – imposéiert kritt. De Biergerrot, sou wou wéi ech en hei presentéiert hat, deen ass zesummegegielt ginn e bëssen no deene Kritären, déi mer och an eiser Gesellschaft hunn. No Alter a Geschlechtsstruktur. An do si se zesummegegielt ginn, zesumme mat eise Service des Citoyens, an do konnten d'Leit hir Sujete virdroen. Si hu selwer decidéiert, iwwert wat diskutéiert gëtt. Mir haten en externe Moderater dobäi an och eis Servicer ware present, fir eeben d'Doleance vun de Bierger matzékriien. Doropshi si Rapporte gemaach ginn an am Austausch mat deene Participante sinn déi verschidde Sujete festgehalen ginn. An do kriien si dann och de Stand der Dinge matgedeelt.

Et ass effektiv rauskomm, dass sech ganz vill ëm de Verkéier gedréit huet, an do ass et, wéi Dir et alleguer heibanne wësst, net nëmmen d'Gemeng, wou Här a Meeschter ass. Quitt dass mer deen een oder anere Gendarme couché konnten installéieren a mir hunn och Miessunge gemaach, mir hunn och eis Pecherten a verschidde Quartiere geschéckt, wéi z.B. am Biergerrot proposéiert gouf. Awer verschidde Projeten, déi daueren eeben e bësse méi laang, do musse mer op d'Frënn vum Staat zrëckgräifen an déi hunn dat dann och per Courrier matgedeelt kritt. Dat zu deem een oder anere Biergerrot. Dat ass e Konzept, wou ech hei schonn e puer Mol virgedroen hunn, mee wou bei lech – anscheinend – net ukomm ass. De Biergerpanel, dat ass och net eppes, wat mir hei am Blidchen entdeckt hunn, dat hunn ech och hei scho presentéiert. Do ass et zu engem gewëssene spezifische Sujet, dee mär dann awer decidéieren, wou d'Bierger eng Rei vun Informatiounen kriien. Sou wéi d'Madame Goergen et dann och gesot huet, dass d'Leit sech mol mussen informéieren, éier se kënnen eng Meinungen kënnen dozou äusseren. An hei, am Kader vum Panel an der SUMP, wéi d'Claudia et virdrun och scho gesot huet, geet et eeben ëm de Verkéier. An do kriien se e Questionnaire. E Questionnaire, dee sou opgebaut ass, dass een net nëmme mat „Jo“ oder „Neen“ äntwert, mee et geet wierklech drëm, Stellung ze huelen. Dass, wann ech eppes net sou gutt fannen, och mer iwwerleeën: Wat fir eng alternativ Méiglechkeete kéint ech der Gemeng da proposéieren? Déi dann herno analyséiert ginn an zesumme mat eise Servicer ginn déi Weeër herno dann och diskutéiert a proposéiert. Dat ass de Biergerpanel. Do ass en Opruff gemaach ginn. D'Iddi war, wann Der iech erënnere kënnt, dass mer tëschent 200 an 300 Diddelenger Bierger fannen, déi do matdiskutéieren. Mir si relativ gutt ënnerwee, mir si knapp un deenen 200. An dofir ass elo nach eng Kéier den Appell gemaach ginn – a jiddweree soll dat wannechgelift deelen – maacht weiderhin deen Appell. Wat der do sech méi mellen, wat mir e besseren Avis vum Bierger kriien. Dat ass mengen ech jiddwerengem hei banne seng Aufgab, fir do mat Reklamm ze maachen, well d'sinn nach ëmmer Leit, déi dat net matkriien, oder

sech net trauen, matzemaachen, well, wéi mer virdru gesot hunn, engersäits fir d'Politik, dat stelle mer jo hei de Moie ganz kloer fest, dass d'Politik sech schwéier deet mat Biergerbedeelegung. Do gi ganz kloer Saache matenee vermëscht. An ech mengen dass d'Uni eis domadder och ka begleeden, dass mer selwer vläicht e bësse besser opgekläert ginn: Wat kann ech vun enger Biergerbedeelegung erwaarden? A wat kann ech dann, fir dat elo hei ze nennen, dëst Gremium vum Gemeengerot, erwaarden? A wou kënnen do Intersektiounen stattfannen, fir dass och deen een an deen anere säi Rôle kloer ka bäibehalen? An awer och de Bierger selwer. Ech mengen mir hunn net déi grouss Biergerbedeelegungskultur hei zu Lëtzebuerg, an do mussen och nach déi Diddelenger mat eis zesumme léieren, sech an engem Kader vun engem Workshop, vun engem Biergerpanel, vun engem Biergerrot, oder herno zu engem Bierger-Budget-participatif - deen ech och schonn hei erkläert hunn, et ass lo net, dass mir dat haut fir d'éischt erwänen – kënnen herno äusseren a matschaffen. An dofir ass et ganz sou, wéi den Här Clement gesot huet: Et ass net fir näischt, dass d'Uni un eis erugetrueden ass. Et ass sécherlech net perfekt, wéi et hei zu Diddeleng leeft. Mee mir si vill méi aktiv wéi ganz ganz vill aner Gemengen hei um lëtzebuergeschen Territoire, an dofir huet d'Uni eis als Partner an als Pilotgemeng erausgesicht. Dat kënnt net vun ongeféiert. Och dat muss een awer lo fairerweis net hei vergiessen, bei aller Polemik, bei aller Frustbewältegung, déi Der deelweis hei de Moie gemaach hutt, well Der Saache matenee vermëscht, déi net ze vermësche sinn.

An dofir mengen ech: D'Biergerbedeelegung hei zu Diddeleng – mir si ganz gutt ënnerwee. Mir hunn elo e kompetente Partner, fir dass mer déi Projeten nach besser kënnen ëmsetzen a fir dass mer zesummen aus där – awer fir Lëtzebuerg neier Erfahrung – déi richteg Léieren draus zéien, fir dass mer eeben hei an Zukunft nach besser kënnen opgestallt ginn. Voilà, ech mengen dat war et... Ah Neen, ech wollt nach eng Bemierkung maachen zum Komitee, do si jo e puer Bemierkungen komm. Also an deem Komitee sinn am Ament zwee Leit, déi sëtzen an deem Komitee, dat ass effektiv den Här Kies an am Ament war ech et als Vertrieeder vum Schafferrot. Deen ass am Ament just bei 2 Persounen. De Komitee kann erweidert ginn, wa mer – an Zukunft – dee Website opgemaach hunn. Wann aner Gemengen och bereet sinn, an déi Richtung konkret Projeten ze maachen, da kënne mer, vun aner Gemengen, hir Experten an dee Komitee invitéieren a mat bäihuelen. An dee Komitee begleet dann de ganze Prozess. Also de Moment sinn dat 2 Leit an dat bleift och vun Diddeleng Säit esou. Herno ass et dann dass, wann aner Partner am Land sech trauen, op dee Wee ze goen, déi da kënnen och an de Komitee geholl gi fir dass mer kënnen och mat hirer Experienz de ganze Projet weiderféieren. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):

Merci, dem Loris Spina, fir déi doten Erklärungen. Ech mengen, ech géif do weiderfuere, wou hien deelweis och opgehalen huet. D'Uni Lëtzebuerg huet bewosst d'Stad Diddeleng erausgesicht. Biergerbedeelegung ass e Wuert, wat an aller Munde ass. Et sinn eng ganz



Rei Gemengen, déi et méi oder manner, méi aktiv, méi zaghaft maachen, a mär sinn hei zu Diddeleng schonn eng ganz Rei Joren domadder ënnerwee. Et ass eis phaseweis ganz gutt gelonge mat Workshoppen. An d'Madame Goergen huet et scho gesot, Workshoppe ronderëm de PAG, Workshoppen och ronderëm de PAP NeiSchmelz, wou mer awer de Bierger e Retour ginn hunn am Kader vun den Informatiounsversammlungen. Mir hu sécherlech dem Gemengerot eng Réckmeldung ginn, dass déi Iwwerleeungen, déi d'Bierger gemeet hunn, dass déi agefloss sinn. Mir hunn awer och, am Kader vun deene ganz villen öffentleche Presentatiounen, déi mer hate ronderëm de PAG NeiSchmelz, respektiv generell ronderëm d'Virstellung vum PAG, déi mer hei haten, an och iwwer Visio-Konferenz a ronderëm déi 4 PAPen, hu mer zu kengem Moment net gesot, wéi mer d'Doleancen, d'Iwwerleeunge vun de Bierger mat afléisse gelooss hunn. Ech si ganz bei lech, wann Der sot, et si verschidden Iwwerleeungen, déi kann ee mat afléisse loossen, awer verschiddener och net, en fonctioun eeben, wéi d'Diskussiounen och lafen.

Dat heescht, mir hunn am Fong geholl e Fundus hei zu Diddeleng. An et ass dat och wat de Choix vun der Uni. lu guidéiert huet, op Diddeleng éischter zréckzegräife wéi op aner Gemengen, well awer eng Rei Erfarunge gemeet goufen, déi deelweis gutt sinn. Anerer déi sécherlech nach ze verbessere sinn. An da muss ech awer och soen: och bei der Uni ass d'Biergerbedeelegung oder d'Approche, dat wëssenschaftlech unzgoen, och en neie Moment. Dat heescht, mir hunn hei engersäits déi empiresch Erfarungen, déi mer um Terrain gemeet hunn, déi éischter vun der Politik initiéiert goufen. Déi wäerte mer dann elo wëssenschaftlech probéiere begleeten ze loossen, vun enger Wëssenschaft, wou och generell d'wëssenschaftlech Publikatiounen ronderëm d'Biergerbedeelegung sech a Moossen halen. Dat heescht, et ass do nach e Moment an awer och en interessanten Moment, fir dat unzgoen. Dann hunn ech awer och hei erausgespiert, an do wëll ech awer ganz kloer och lech hei confortéieren, fir et mol sou auszedrécken, dass, mat allem Engagement an Euphorie am och Seriositéit a Volontéit, déi ee wëll huele fir d'Biergerbedeelegung, dass dat natierlech, déi Demokratie participative, zu kengem Moment déi representativ Participatioun oder Demokratie... an et sinn déi 19 gewielte Leit, déi an deem Gremium sinn, wäerten ersetzen oder aushillegen. Et ass nach ëmmer de Gemengerot, bei all Projet, dee gemeet gëtt, deen do souverän wäert sinn a bleiwen. Bon, dat hu mer jo och an der leschter Vergaangeneheet gesinn, an deenen Diskussiounen, déi mer haten, ronderëm de PAG generell, ronderëm NeiSchmelz, ronderëm de PAP vun NeiSchmelz, dass schlussendlech de Gemengerot jo d'Decisioun geholl huet, inwiefern mer verschidde Saachen zréckbehalen an inwiefern och net. Da generell, an hei ass dat erausgehewe ginn, eng Konventioun ënnerschreiwen oder net. Et ass jo net déi éischt Konventioun, déi hei an de Gemengerot kënnt, déi vum Schäfferot ënnerschriwwen war, respektiv och vun där anerer Partei, déi sech an eng Konventioun mat engagéiert. Déi Réckmeldungen, déi mir bis elo ëmmer kritt hunn, och juristescher Natur, déi hu gesot, eng Konventioun soll ënnerschriwwen ginn, si soll an de Ge-

mengerot kommen an d'Ënnerschrëft och vum Schäfferot an och vun deenen anere Partner, dat prejudiciéiert jo nach net de politeschen Akt deen hei stattfënnt duerch de Gemengerot, wou da soit eng Unanimitéit ass, wou d'Konventioun gedroe gëtt, oder Leit dofir sinn, Leit sech enthalten, Leit dergéint sinn.

Ech mengen dëst Gremium ass nach ëmmer dat, wat d'Decisioun hëlt. An och duerch d'Ënnerschrëft vum Schäfferot ass d'Konventioun an d'Decisioun, respektiv d'Decisioun jo vum Gemengerot, kengesfalls prejudiciéiert. Well am Fong de Gemengerot nach ëmmer an der Demokratie representative dat leschte Wuert huet. An dat hu mer jo och gesi mat all deenen aneren Decisiounen, déi mer bis elo geholl hunn. Et ass ganz richtig ze soen, dass d'Biergerbedeelegung, ech well hei de Klaus Selle 4:35:56 zitieren, en aneren Expert an der Biergerbedeelegung. „Partizitainment“, dass et effektiv keng Showvirstellung soll ginn. An ech mengen, déi Chance, déi mer hei hu mat der Biergerbedeelegung, an de Klaus Selle huet eng ganz Rei vu Publikatiounen an der Biergerbedeelegung gemeet, ass och en Expert am däitschsproochege Raum. Och zu Tübingen aktiv, an och zu Tübingen ass net ëmmer alles gutt gelaf. Mee ech mengen, dat sinn déi Erfarungen, déi ee mécht, a wou een sech effektiv virtuascht. Et soll herno och gekuckt ginn, wat ass vun den Iwwerleeungen, déi vum Bierger komm sinn – an de Loris Spina ass drop agaangen – wat sinn déi Iwwerleeungen, déi éischter den Nimbi-Effekt hunn, a wat sinn awer och Iwwerleeungen, déi och dem Interêt général zegutt kommen. An ech mengen et ass do dertëscht, wou och ze kucken ass an der Biergerbedeelegung: Wéi kënnen déi Iwwerleeungen, déi de Bierger mécht, eis alleguerten hei um Territoire vun der Stad Diddeleng weiderbréngen? Dat e bëssen déi méi generell Consideratiounen, déi ech wollt maachen. An nieft den Initiativen, déi mer um Lafen hunn, kéint ech mer och gutt virstellen, dass mer natierlech, vu dass dat heiten en neie Prozess ass, och a verschiddenen Zäitraum oder duerch informell Gemengeréit och mol soen, wéi de Projet leeft. Well dat hei jo wierklech e komplett neie Moment fir eis ass. An och fir dat dote mol wëssenschaftlech begleeten loossen. Wëssenschaftlech begleeten loossen ass mengen ech och an der Biergerbedeelegung en zimmlech neien Aspekt.

Dat waren déi méi generell Consideratiounen. Par Rapport zu deene Froen, déi gestallt goufen... Ech hat dat nämlech och scho virdru ganz kloer gesot, dass mat där Konventioun vun 2018, wou mer jo 20.000.- € virgesinn hunn – déi deselwechte Wee heihinner fonnt huet, wéi och déi heite Konventioun – dass mer do mam Zentrum fir Zäitgenësses Geschicht, den C2DH, mam Andreas Fickers a mam Denis Scuto e Fuerschungsprojet hunn iwwert Migratioun am Quartier Italien. Mam Centre Doc zesummen. Ech hat dat kuerz ugerass am Kader vun der Budgetpresentatioun. Dat heescht, do schaffen och Fuerscher drop. An engem Thema, dee mer an der Konventioun festgehalen hunn, wéi gesot, d'Migratioun. An effektiv dann och mam Centre Doc. Dat leeft zimmlech gutt virun. An do ass och d'Iwwerleeung, dass dee Projet fir 2022 soll fäerdeg sinn. Well jo och do Migratioun en Thema ass, dat net oninteressant ass.



Do kann een och kucken, wann den Thema méi gräifbar ass, a mir schwätze jo nach iwwer 2022 souwisou hei am Gemengerot, datt een och dat ka virstellen. Mee de Moment leeft d'Fuerschung, do kann een elo direkt nach keng Kommunikatioun maachen. Mee op alle Fall ass och d'Uni Lëtzebuerg do als Partner drop. Wat de Salaire ugeet, wou d'Madame Kayser gesot huet. Hei ass alles couvréiert. Déi 253.000.- €, déi mer eis zu 50% deelen, dat beinhalted alles, souwuel de Volet vum Här Kies, wéi och vun der Mataarbechterin, d'Coördinatrice, déi dat och deementspriedend wäert maachen. Dann nach zu der Remark vun der Madame Goergen wat d'Indextranche ugeet. Jo, effektiv, de Budget ass sou opgestallt ginn. Dat ass awer och net dramatesch. Am schlëmmste Fall ass dat doten eng Depense, déi wäert manner ufalen am Budget, souwuel fir d'Uni wéi och fir eis. An och par Rapport zu där Tranche, déi mer, wéi gesot, fir dëst Joer agesat hunn. D'mécht jo och net par Rapport zum ganze Volume vill aus. Mee dann hu mer eeben déi Depense manner. Dann nach par Rapport zu der Stellungnam vum Här Thill. Bon, do sinn ech och scho méi wéi eng Kéier drop agaangen. Dat waren net 154 individuell Suggestiounen, dat waren 154 Formulatiounen, wou der eng ganz Rei an déi selwecht Richtung gaange sinn a wou mer opgeschafft hunn, a wou mer och op den Internetsite vun der Stad Diddeleng gesat hunn. Et huet kee Sënn 154 individuell Iddien, wou déi eng a verschidde Richtunge ginn a verschiddener an eng aner Richtung ginn, déi sou dropzesetzen. Mir hu se iwwerschaft, a mir hunn am Fong iwwert deen dote Wee deem déi néideg Publicitéit a Visibilitéit ginn. A se si jo och um Internetsite abléckbar. Deementspriedend ass also och déi Aarbecht gemeet ginn an et ass och deem ganz kloer Rechnung gedroe ginn. Voilà, ech menge mir hate probéiert, op déi verschidde Punkten anzegeen. Ech kommen, wéi gesot, ganz gären drop zrëck zum gegebene Zäitpunkt. **Gutt, da géife mer ofstëmmen. (D'Oppositioun verléist de Sall an hëllt net um Vote deel). Wien ass dofir? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP.**

### 3.19. SUBSIDES COMPENSATOIRES FIR D'ANNULATIOUN VUM CHRËSCHTMAART

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Da géif ech nach proposéieren Subsidë virzehuelen, dat ass de Punkt 3.19. Da géif ech vläicht drop agoen, dass mer hei fir de Chrëschtmart, fir d'Joer 2020... Dir hutt am Fong d'Lëscht virleie vun deene 16 Veräiner, 16 Associatiounen, déi sech gemellt hate fir bei dëser Editioun scho matzemaachen. Wou och schonn Informatiounsversammlung, Organisatiounsversammlung war. Déi 16 waren also bereet matzemaachen no deen Appell, dee mer gemaach hunn. Bon, vu dass duerch d'Begeebheete de Chrëschtmart huet missen ofgesot ginn, war hei, vu dass mir Organisateur si vum Chrëschtmart, d'Iwwerleeung, hinnen och eng Kompensatioun ze ginn, an dat an der Héicht vu 500.- €. Vläch wëll de Loris dann nach am Detail drop agoen.

**LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):** Jo, Merci Här Buegermeeschter. Am Prinzip ass alles gesot. Mir wollten am Fong eiser Linn trei bleiwen, wéi mer et jo och

schon hei gemaach hu fir de Veräiner e bëssen ënnert d'Äerm ze gräifen, déi bei verschidde Gemengemanifestatiounen dobäi waren, oder gewiescht wäeren, oder déi déi lescht Joren dobäi waren. A fir an där Linn och konsequent hei ze sinn, eebe fir dat Fest, dat wéinst der Covid-Pandemie net konnt stattfannen. A wéi gesot, hei op där Lëscht sinn nëmmen déi Veräiner an Associatiounen erëmfannen, déi och aktiv gesot hunn am Virfeld: Mir maachen dëst Joer mat. Verschidden Associatiounen, déi vläch déi Jore virdrun dobäi waren, déi hate sech d'office zrëckgezunn aus ënnerschiedleche Bedenken. An dofir ass déi Lëscht eeben elo e bësse méi kleng, wéi se soss gi wär, wann een eeben déi gekuckt hätt vum leschte Joer.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci Här Buegermeeschter. Et ass awer leider e ganz groussen Oubli hei derbäi. Well zënter 10 Joer hu Kriibskrank Kanner e Stand hei zu Diddeleng. An do war awer 100%eg en Interêt do, fir dëst Joer och, grad fir den 10. Anniversaire ze feieren, déi hätten e Stand souguer op der Hauptplaz gehat. An ech froen, ob mer do net kéinten eng kleng Ajoutte, awer grad de Kriibskranke Kanner do dee selwechte Subsid zoukommen ze loosse, wéi deenen anere Veräiner.

**LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):** Villmools Merci fir déi dote Bemierkung well effektiv, d'Sonja war an der Versammlung derbäi, an et ass e ganz trauregen Oubli an deem Sënn. Mir wäerten dat natierlech rectificéieren. Merci fir déi Bemierkung.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Also mir setzen dat drop. Keng Diskussioun. OK. Ass de Gemengerot mat deem heite Subsid averstane fir d'Veräiner? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

### 3.20. EXTRAORDINÄR SUBSIDEN

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

An dann dee leschte Punkt, éier mer an d'Paus ginn, dat sinn dann d'Subsid extraordinaires. Engersäits 120.- € fir „Natur an Ëmwelt“ an déi 30.000.- € fir „Diddeleng hëlleft“. Madame Kayser.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci Här Buegermeeschter. Ech wollt awer kuerz e Wuert soen zu deenen 30.000.- € fir eis Asbl „Diddeleng hëlleft“. Mir ënnerstëtzen dat selbstverständlech. Wat och ganz flott war, an hirer Broschür, déi mir zougeschéckt kritt hunn, do huet een och gesinn, wéi gutt déi Sue verdeelt ginn, déi se asammelen. Ënner anerem krute jo och d'Tornado-Stied eppes. A wat mir immens gutt huet, a wat ech awer vläch och eng Kéier wëll hei ervirsträichen, dat ass déi Aktioun „Diddeleng – Resto solidaire“, wou mer a verschidde Restauranten hei zu Diddeleng eng kleng Spuerbéchs histellen, wou d'Leit da kënnen eppes spenden, fir „Diddeleng hëlleft“. An am Kader vun der Pandemie a vum Stress a vun der, soe mer mol Rezessioun an deene verschiddene Restauran-



ten, huet „Diddeleng hëlleft“ decidéiert, deene Restauranten, déi do matgemaach hunn, net nëmmen dat wat si geschenkt hunn erëm zrëckzeginn, mee dat och ze verduebelen. An dat fannen ech einfach en immenst Zeeche vu Solidaritéit. Dat fannen ech super. An do kann ee wierklech soen, Diddeleng hëlleft och Diddeleng. An ech denken dat ass awer och eppes, wat een eng Kéier ka mol ënnersträichen. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi doten Zouso. Effektiv „Diddeleng hëlleft“ hëlleft Diddeleng, dat ass ëmmer an där dote Philosophie wou mer probéieren ze schaffen, wou et eis méiglech ass. Ass d'Gemeng dann och mat deenen doten 2 Subsidien averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.14. MODIFICATION VUM KAPITEL XXXV – TAXE D'OCCUPATION TEMPORAIRE DU DOMAINE PUBLIC

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Ech proposéieren, dass mer op eisen urspréngleche Punkt 3.14. zrëckkommen, dat ass am Fong d'Taxe d'occupation temporaire du domaine public, wou eng Rei vu Modifikatiounen sinn. Dofir begrëissen ech och de Pit Demuth hei an eise Gremium, de Chef vun eise Service de Circulation, an ech ginn dem Claudia d'Wuert, fir duerch d'Taxe-Reglement ze féieren.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Jo, Merci Här Buergermeeschter. Rebonjour alleguerten. De Service Circulation deen huet sech Gedanke gemaach zum aktuellen Taxe-Reglement vum 17. Dezember 2010 a seng Modifikatiounen vum 10. Juli 2016 betreffend d'Benotze vun effentleche Flächen, op Franséisch eeben „Occupation temporaire du domaine public“ an huet et nach eng Kéier iwwerschaft, an dofir begrëisse mir dann och de Pit Demuth, eisen Ingenieur hei, fir vläicht herno op déi méi technesch Saachen anzegoen. Folgend Modifikatiounen huet de Service virgeschloen: Am Artikel 1, amplaz vum Trottoir gouf „Domaine public“ geholl, fir juristescht richteg do ze stoen. „Domaine public“ ass alles, wat fir d'Effentlechkeet zougänglech ass an och sou erkennbar ass. Z.B. Trottoiren, Strooss, Vëlosweeër, Parksträif. Et gouf och en Differenz tëschent „Echafaudage non-génant“, wou een als Foussgänger oder Vëlofuerer nach laanscht kënnt a „génant“ gemaach. De Präis gouf vun engem Mount op eng Woch ofgebrach. Firwat? Bon, déi meescht Demanden, déi am Service Circulation erakommen, si fir 1-2 Wochen. Laut alem Taxe-Reglement muss ëmmer fir de ganze Mount bezuelt ginn. Wann also z.B. een eng Stee fir 14 Deeg, fir Enn des Mounts ufreet an déi bis zum Ufank vum nächste Mount am Domaine public steet, hätte laut alem Reglement missen 2 Méint Taxe bezuelt ginn. Mam neie Reglement muss ee just déi 14 Deeg bezuelen. Et gouf och e Verweis op d'Conditions générales vun der Autorisatioun gemaach.

Artikel 2: Nieft dem Terme „Domaine public“ goufen och déi mobil Toiletten, déi Dixie-Toiletten, déi Dir alleguerten kennt mat an d'Reglement geholl. Well een déi ëmmer méi op de Baustellen där gesäit, a wann et dann herno ëm d'Verrechne geet, da ginn ëmmer Diskussiounen lass,

well se eeben net explizitt am ale Reglement opgeléicht sinn. An deem Artikel, deen d'Beleë vum Domaine public mat Material, Stee oder soss och aner Materialer behandelt, gouf den Tarif och op d'Woch erofgebrach, ouni datt sech awer eppes un der Gesamtzomm ännert. Dat bleift alles d'nämmlech. E weidere wichtege Punkt an deem Artikel ass: Wann den Trottoir beluecht ass an dowéinst fir de Foussgänger gespaart ass, muss Minimum ee gesécherte Couloir vun 1 Meter breet laanscht de Chantier fir de Foussgänger virgesi sinn. Wann eng Parksträif do laanscht ass, muss dëse Couloir d'office op der Parksträif do ugeluecht ginn an déi betraffe Parkplaze gi verrechent. An deem Artikel geet et awer och eng Kéier drëms, eng Parkplaz mol ze definéieren. Mir verrechnen eng Parkplaz, déi benotzt gëtt mat 5 Meter Längt an net an der Breet. A wann een haut am Parking résidentiel, wou et payant ass, de ganzen Dag eng Parkplaz blockéiert, da muss ee 7,50.- € bezuelen. Dofir gëtt d'Tax pro Dag, déi ee fir eng Parkplaz am Quartier résidentiel ufreet fir säi Chantier vun 10.- € den Dag op 7,50.- € den Dag erofgesat. Well d'Taxen op eng Woch erofgebrach gi sinn, ass d'Zomm, déi ee minimal muss bezuelen op 10.- € erofgesat ginn.

Artikel 3: Bis elo hate mer am Fong keng Handhab wann eng Maschinn - ech ginn eng Kéier e Beispill - eng Betonnière, e mobile Kran, wann déi den Trottoir besat hu fir eng Facture kënnen ausstellen, well des Taxen op d'Voie publique, d.h. op d'Fuerspuer definéiert waren. Lo gëtt et op de ganzen Domaine public definéiert. Wann also elo eng mobil Maschinn, ech soen nach eng Kéier, eng Betonnière oder e mobile Kran, eng Spuer vum Domaine public, den Trottoir, d'Parksträif, Fuebunn oder och de Vëloswee späert, da muss en 30.- € pro Dag bezuelen. Den duerchgeeenden Traffic ass ëmmer garantéiert. A wann d'Fuerspueren, dat heescht d'Voie publique, komplett blockéiert sinn duerch eng Maschinn, da gi 60.- € pro Dag verrechent. An deem Fall sinn d'Trottoiren an d'Vëlospiste fir de Public op. Un de Präisser huet sech näischt geännert, mee et gouf méi genau definéiert, wat ka gespaart ginn, woumadder a wat een och muss bezuelen. Zur gespaarter Spuer, d'Fläch am Domaine public gehéiert och de Couloir vun 1 Meter breet fir d'Foussgänger, wou ech virdrun erwänt hunn, fir datt d'Leit kënne laanscht de Chantier devéiert ginn.

Artikel 4. Hei goufen d'Artikelen 4 a 5 aus dem alen Taxe-Reglement zesummegeleecht, well se zesummegehéieren. Fir all Ofstelle vun engem Container, Monte-Charges oder Camion am Kader och vun enger Liwwerung oder och wa Leit plënnere, kritt ee fir een Dag, 15 Meter Parkplaz fir näischt, do wou d'Parkplaz gratis sinn. Firwat nëmme méi nach een Dag? Ma well eis opgefall ass, datt vill Leit mat deem aktuelle Reglement, wat mer lo wëllen ofänneren, Abus dreiwen. Si hu fir 3 Deeg Parkplaz virun hirer Dier reservéiert am Kader eebe vun enger Liwwerung oder och vu Plënnere. D'Aarbechte selwer daueren awer dann nëmmen een Dag, a si hunn dann eng gratis a garantéiert Parkplaz bei hinne virun der Dier. An dëst geet just nach do, wou nach kee Parking payant ass. Alles wat iwwert déi 15 Meter erausgeet, gëtt weiderhi mat 5.- € pro weiderem Meter pro Dag berechent. An de Zonen, wou et payant ass kritt



ee mam neie Reglement nëmme méi 1 Parkplaz gratis fir 1 Dag, fir eng Liwwerung oder Plënneraktioun. A fir all weider Parkplaz am Dag muss een 7,50.- € bezuelen. Artikel 5. Bon, dat ass den alen Artikel 7, deen an zwee gespléckt ginn ass. Alleguer d'Reglementer betreffend d'Verkafsstänn ausserhalb vun engem Geschäft an enger ëffentlecher Aktivitéit, wéi z.B. eng Braderie, eng Journée commerciale, goufen op een Artikel resuméiert. Aus der „Voie publique“ gouf elo do „Domaine public“. Och rëm eng Kéier fir, wéi gesot, juristesches propper do ze stoen.

Artikel 6. Den alen Artikel 7 betreffend d'Terrassen. Hei gouf et keng Taxenännerungen. Textuell ass et Folgendes: aus der „Voie publique“ gouf elo „Domaine public“. Rëm eng Kéier, ech hunn et schonn e puer Mol gesot, fir juristesches korrekt do ze stoen.

Artikel 7. Fir dass d'Gemeng dann awer och eng Méiglechkeet kritt, fir géint déi Entreprises oder déi Leit virzegoen, déi sech net un d'Reglementer halen, och wa se keng Autorisatioun bei de betreffende Servicer ugefrot hunn, wëlle mer mat dësem Artikel eng Penalitéit vun 100.- € aféieren. Zousätzlech kommen nach déi normal Taxen derbäi déi ufalen, wann d'Leit oder eng Entreprise eng Demande gemaach hätt. D'Penaliteite ginn ausgesprach wann e Feelverhale festgestallt ginn ass a vum betreffende Service och dokumentéiert ginn ass. An ech verstoppen lech net, datt dat ganz dacks de Fall ass, datt mär näischt dovunner wëssen, datt d'Leit eppes zousetzen.

Artikel 8. Dëst ass den alen Artikel 6, deen drop hiweist, dass d'Taxe gëlle bis zu deem Zäitpunkt, wou den Domaine public an dee selwechte propperen Zoustand och erëm herno gesat ginn ass.

Artikel 9. Bon, dee widderhëlt nach eng Kéier dass d'Benotze vum Domaine public a Parkplazen am Kader vun engem Maart oder Kiermes am Artikel 14: „Jeux, kermesses et amusement public“ an am Artikel 18 „Marchés“ vum Taxe-Reglement vum 26. November 2001 behandelt a verrechent gi sinn. Bon, dat war am Telegrammstil elo eng Kéier d'Infoen zum Text. Dir hutt och deen alen Text mam „Track and Trace“ matgeschéckt kritt. An Dir hutt en do nach eng Kéier op der Leinwand. Wéi gesot, eise Service Circulation huet sech laang dorüwer Gedanke gemaach, huet den Text a Fassong bruecht. An deen Text ass och nach eng Kéier vun eisem Gemengesekretär iwwerkuckt ginn, wéi gesot, fir datt mer juristesches och propper do stinn.

A wann elo nach Froe sinn, dann ass de Spezialist vum Text, de Pit Demuth, och do. Si befaasse sech all Dag mat deene klengen oder grouse Problemer, déi sou e

Reglement mat sech bréngt an hie kann lech sécherlech eng Äntwert ginn op all Är Froen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Merci Claudia fir déi doten Erklärungen. D'Diskussioun ass op. Här Gangler.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV)**

Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt just froen, wann ech elo vun der Gemeng eng Benne ufroen, fir z.B. Entrümpelung dranzemaachen, oder gëtt et et och fir Grünschnitt? Dat gëllt jo dann dat selwecht. Et ass net de Proprietär vun der Benne, deen dat da bezilt, mee deen deen d'Plaz ugefrot huet fir ze blockéieren?

**PIT DEMUTH, SERVICE CIRCULATION**

Jo, dat ass richtig sou. Dat ass dann den Artikel 4, wou dat dann och rëm versinn ass. Dann hänkt et just dovun of, ob et eng Parksträif ass, well da komme jo zousätzlech Käschtchen derbäi, oder ob et um Trottoir, also am Domaine public ass.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)**

Merci fir déi dote Fro a Prezisioun. Nach weider Elementer? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deene Modifikatiounen hei am Taxe-Reglement averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech och hei dem Gemengerot Merci. Voilà, an de géife mer op de Punkt 4 iwwergoen. Ech soen och dem Pit Demuth Merci, dass en hei war.

## 4. OFFICE SOCIAL

### 4.1. APPROBATION VUM BILAN A VUM COMPTE DE PROFITS ET PERTES VUM EXERCICE 2017

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Wou och Mataarbechter dosinn, wou et virun allem drëms geet, de Bilan, de Compte de profits et pertes vum Joer 2017 virzestellen. Respektiv virun allem de Rapport d'activité vum Joer 2019 an d'Approbation vum Budget rectifié '20 a vum initial '21. An da géif ech hei nach dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

**RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN):** Bon, ech wollt lo net onbedéngt eppes soen. Mee ech mengen, et ass wichteg, eis Gäscht virzestellen, well lo net onbedéngt jidderee weess, wien als Gäscht invitéiert ginn ass fir de Mëtten. De Romain Zuang ass Präsidant vum Service Social. An dann, d'Carole Wagner fir eis Comptabilitéit, de Jacques Hansen eise Sekretär, an dann nei ass eise Chargé de direction, wou ech de Moie schonn erwänt hunn, de Marc Weis. Dat sinn eis 4 Leit, déi



eis da wäerten den Budget 2020-2021 presentéieren, respektiv de Rapport d'activité '19 presentéieren. Kollegen, Där hutt d'Wuert.

**ROMAIN ZUANG, PRÄSIDENT VUM OFFICE SOCIAL:** Jo Merci, René. Dat éischt wat mer musse kucken, dat ass eng Pro-formas-Saach. Ech soen dat all Joers. Dat ass d'Approbatoun vum Bilan des comptes de pertes et profits 2017. Mäer hunn dee vum Ministère de l'Intérieur erëmkritt. Dat ass alles OK. An et ass just eng Pro-formas-Saach, wéi gesot, dass dat nach eng Kéier hei an de Conseil muss kommen. Wann do nach een eng Fro dozou huet? Anerwäerts kéinte mer deen dann direkt approvouéieren? Keng Fro? Bon, d'Approbatoun dann.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Merci, effektiv fir d'Wuert ergraff ze hunn. Froen dozou? Neen? Da géif ech proposéieren, dass mer zur Ofstëmmung kommen. Wien ass mam Compte des profits et pertes vum Joer 2017 averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

#### **4.2. PRESENTATIOUN VUM RAPPORT D'ACTIVITÉ VUM EXERCICE 2019 AN APPROBATIOUN VUM BUDGET RECTIFIÉ VUM EXERCICE 2020 A VUM BUDGET INITIAL VUM EXERCICE 2021.**

**ROMAIN ZUANG, PRÄSIDENT VUM OFFICE SOCIAL:** Lo am Uschloss mécht dann d'Carole Wagner dee wichtigsten Deel am Fong geholl. Dat ass dann de Budget vun 2021. Ech mengen, da géife mer deen eng Kéier duerchhuelen. Och net ganz a senger Entitéit. Där hutt déi komplett Versioun. Mee d'Carole huet en lwwerblécks-Exels-Fichier gemeet fir dann duerch déi weesentlech Punkten ze goen. An duerno géife mer dann, wa Froe sinn, op déi Froen agoen. Merci.

**CAROLE WAGNER, OFFICE SOCIAL:** OK, da komme mer zum Budget rectifié 2020. Ech hunn eng Opdeelung gemaach pro Konventioun. Dat heescht mir hunn eis Konventioun 0: 50% Gemeng – 50% Ministère de la Famille, mat Recetten an Depensé vun 1.034.000.- €. Mir hunn eis Konventioun 1: 100% Gemeng, mat Recettë vu 779.000.- € an Depensé vu 659.000.- €, wou mer dann en Excedent hu vun 120.000.- €. Mir hunn eis Konventioun 2: Avances remboursables an d'Gestiounen, vun 1.540.000.- € Recetten an Depensen. Dovu sinn 1.400.000.- € reng d'Gestioun vum de Leit. Dann hu mer eis Konventioun 3, déi klengst Konventioun vum Ministère de la Famille fir 500.- € fir Secours urgents. Dann hu mer eis Konventioun 4, den UNIS, fir de Financement vum ARIS fir 334.000.- € Depensen a Recetten. Mir hunn eis Konventioun 7, fir den Tiers payant social, wou finanzéiert gëtt vum Ministère de la Santé, fir 15.000.- € Recetten an Depensen. Sou dass mer am Budget rectifié 2020 en Total vun 3.704.000.- € Recetten hunn an Depensé vun 3.584.000.- €. Mat engem Boni am Kont 2019 vun 116.204,81.- € komme mer op e Boni présumé 2020 vun 236.292,10.- €. Am Extraordinaire 2020, am Rectifié, hu mer eise Fonds de Roulement fir 43.264.- € Depensen a Recetten. A mat engem Boni am Extraordinaire vun 386.079,92.- €. De Budget initial 2021. Dat ass déi selwecht Opdeelung.

Mat eise Konventiounen. Fir d'Konventioun 0: 50% Ministère de la Famille a 50% Gemeng, hu mer Recetten an Depensé vun 1.007.000.- €. Fir eis Konventioun 1: 100% Gemeng, hu mer Recettë vun 774.000.- € an Depensé vun 596.000.- €, wat en Excedent gëtt vun 177.500.- €. Eis Konventioun 2, Avances remboursables an d'Gestiounen, do leie mer bei 1.655.000.- € Depensen a Recetten, wou d'Gestiounen och rëm 1.500.000.- € ausmaachen. Bei der Konventioun 3, Ministère de la Famille 100% sinn ëmmer déi 500.- € fir Secours urgents. Eis Konventioun 4, den UNIS, si fir 2021 337.000.- € Depensen a Recetten ageplangt. A fir de Ministère de la Santé, den Tiers payant social, och erëm 15.000.- €. Sou dass mer beim Budget ordinaire initial 2021 op en Total vu Recettë vun 3.789.000.- € kommen an d'Depensen 3.612.000.- €. De Boni présumé 2021 géif da bei 413.792,10.- € leien. Am Extraordinaire hu mer dann och nëmmen eise Fonds de roulement, wou u sech d'Augmentatioun ass vun der Populatioun, do leie mer da bei 1.428.- € Recetten an Depensen an e Boni, nach ëmmer vun 386.079,92.- €. Déi zweet Säit. Do hunn ech eng kleng Opdeelung gemaach vun eiser Konventioun 0: 50% Gemeng a 50% Ministère de la Famille. Weinst der Participatioun vun der Gemeng Diddeleng. Do si mer da fir déi 1.034.000.- € am Budget rectifié '20, bei enger Participatioun vun der Gemeng Diddeleng vu 509.576,37.- €. Wou géif ausmaache pro Habitant 24,17.- €. Beim Budget '21, fir déi Depensé vun 1.007.000.- €, do ass d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng fir 2021 vu 496.489.- €, wat ausmécht 23,32.- € pro Habitant. An da kënnt eng kleng Opdeelung pro Funktioun fir 2020 an 2021. Do gesi mer dass d'Organes politiques, do leie mer bei 12.500.- €. Dat bleift ëmmer d'selwecht. Dann hu mer eis Coordination administrative fir 2020 fir 246.000.- €, d'selwecht fir '21. Dat ass u sech haaptsächlech d'Personal administratif vum Office social. Dann hu mer eis „Aide aux nécessiteux“ fir 775.000.- € fir 2020 a fir 749.000.- € fir 2021. Do hunn ech dann och eng kleng Opdeelung nach drënner gemaach. Do gesäit een dass déi Aides aux nécessiteux ass komposéiert vun de Frais de fonctionnement fir 121.000.- € fir 2020 an 115.000.- € fir 2021. Personnel: d'Assistante socialen, déi vum Office social agestallt sinn. Fir 237.000.- € fir 2020 an 246.000.- € fir 2021. D'Assistante socialen, wou refacturéiert gi vun der Gemeng, fir 250.000.- €. Sou gutt fir 2020 wéi fir 2021. A d'„Aide aux nécessiteux“, dat heescht „Personnes dans le besoin“, dat sinn eis Secoursen. Fir 2020 leie mer bei 166.000.- € a fir 2021 bei 137.000.- €. An da kënnt nach eng kleng Opdeelung vun der Konventioun 1, wou 100% Gemeng ass. Fir d'Depensen, déi mer do hunn, do gesäit een, dass et haaptsächlech ass de Logement, wou mir fir 2020 645.000.- € Depensen hunn. A fir 2021 591.500.- €. Dat ass d'Personal. D'Loyereren natierlech, wou mer bezuelen. An d'Personal, d'Assistante sociale, d'administratiiv Personal, an d'Chargen, wou mer bezuelen. Merci.

**ROMAIN ZUANG, PRÄSIDENT VUM OFFICE SOCIAL:** Ginn et do vläicht Froen, déi mer direkt am Uschloss hei kéinte beäntweren?



**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Jo Merci. Ech war e bësse verluer elo, well ech hunn den Tableau récapitulatif do gekuckt vun der Säit 20, an do waren aner Zuelen drop wéi an deem Tableau dee mer lo virdru gewise kruten, dee mir jo am Virfeld net kritt hunn. Ass dat méiglech oder hunn ech do einfach eppes falsch gekuckt?

**CAROLE WAGNER, OFFICE SOCIAL:** Ech weess elo net genau. Dir hutt de ganze Budget kritt, an hei ass lo effektiv de Récapitulatif vum ganze Budget sou gesinn.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** De Recouvrement vun den Zuelen ass en aneren, mee d'Duerstellung ass déi selwecht, sou wéi ech dat verstanen hunn.

**JEAN-PAUL GANGLER (CSV):** Zum Beispill d'Recetten am Ordinaire, déi stinn hei bei mär mat 3799, an Dir hat se ugewise mat 3789.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Huet de Gemengerot den doten Tableau kritt, deen do projezéiert gëtt? Bon, mir kënnen dat nach eng Kéier iwwerpräiwen. Gegebenfalls kënne mir lech dat ouni Problem noschécken, wann dat net sollt drop sinn. Ech mengen dorunner soll et net hänken. Mir iwwerpräiwen dat nach eng Kéier vun eiser Säit aus, wat mer op d'OwnBox alles dropgesat hunn. Entweder si ass drop oder si ass net drop. A wa se net drop ass, da kritt Der se natierlech nogeschéckt. Ech mengen dat ass keng Diskussioun.

**CAROLE WAGNER, OFFICE SOCIAL:** Also ech kann lech et noschécken, natierlech. Awer wéi gesot, d'Montanten hei global, déi stinn normalerweis... den Tableau récapitulatif vum Budget. Wann Der lo kuckt beim Ordinaire, fir 2020 leie mer bei 3.704.000.- €, wat ech och hei a mengem Tableau hunn. A bei den Depensen, 3.584.000.- €, do ass et och d'selwecht. A fir beim Tableau récapitulatif am Budget 2021 hunn ech awer och hei 3.789.000.- € an 3.612.000.- € Depensen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Dat doten ass eng Presentatioun, déi kritt Der zougeschéckt dat gëtt nach eng Kéier duerchgekuckt. Wat Foi mécht, dat ass de Budget, deen de Gemengerot kritt huet, wéi och de Budget, deen de Moie presentéiert gouf. Et ass och dat Dokument, dat offiziell vun de Stellen approvuiert gëtt. An dat doten ass „just“ – entre Guillemets „just“ – eng Presentatioun, déi gemeet gëtt, dat doten ass net en Dokument, dat approvuiert gëtt. Ech mengen dat ass en Ënnerscheid. Dat, wat Foi mécht, dat ass dat Dokument, dat Der zougestallt krut als Gemengerotsmemberen. An et ass op dat, wat mer eis baséieren an op näischt Anesches. Ech mengen, wann elo awer d'Diskussioun hei wär par Rapport zum Budget an zu den Zuelen. Jiddwereen huet jo awer de Budget virun An. Gitt op déi Chifferen deementspreechend an, et sinn och déi, déi z'approvuiere sinn no der Diskussioun an nom Vott. Also wann elo Froe sinn. C'est le moment. Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, éier herno awer nach d'Presentatioun gemeet gëtt vum Rapport

d'activité. Wien ass mam Budget vum Office social, sou wéi en hei presentéiert gouf an och an der Box ass, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och hei dem Gemengerot Merci an ech ginn dem Office social och direkt d'Wuert weider fir dann d'Presentatioun ze maache vum Bilan.

**ROMAIN ZUANG, PRÄSIDENT VUM OFFICE SOCIAL:** Merci Här Buergermeeschter. Mir géifen dann an der 2. Etapp kuerz duerch de Rapport d'activité goen. Där hutt de ganze Rapport d'activité heemgeschéckt kritt, wat och erëm eng Kéier jett Säite sinn. Mir hunn awer wéi d'lescht Joren schonn eng Selektioun gemeet, mat den Eckdaten, déi mer als wichteg empfangen. Wann natierlech herno eng Fro do ass vun engem Slide, deen elo net agespillt gëtt, dann ass et selbstverständlech dass och déi Froe sou gutt wéi méiglech beäntwert ginn. Ech géif dem Jacques Hansen, dem Sekretär dann d'Wuert gi fir d'Presentatioun vun dësem Rapport d'activité.

**JACQUES HANSEN, OFFICE SOCIAL:** Jo Merci fir d'Wuert. Da komme mer dann zum Rapport d'activité 2019. Wéi de Präsident scho gesot huet, presentéiere mer dëst Joer och eng Kuerzfaassung, grad wéi d'lescht Joer. Fänke mer mat dem éischte Slide un: Dossier d'aides non-financières. Dat ass eng grouss Aarbecht, déi eis Assistantë am Office social maachen. Alles wat net financier ass, do kann ee soen, dass ronn zwee Drëttel vun der Aarbecht, 67%, op Demanden zrëckfalen, Formularen ausfüllen, Renseignement ginn iwwert Chômage, Aarbecht a Logement. Respektiv och Orientatioun, cibléiert, bei aner Servicer a Strukturen. 25% vun hirer Aarbecht falen awer och op Guidance-Gestiounen zrëck. Da komme mer bei d'Demandes de secours financier. Do gesäit een dass et par Rapport zum Joer 2018 65 Demandé manner waren. 241 Dossiere goufen accordéiert. 38 Dossiere goufe refuséiert. Mee dat heescht awer lo net dass da manner Secoursen ausbezuelte gi sinn. Dat gesäit ee gutt op deem nächste Slide. Do gesi mer dass fir 2019 121.800.- € Secourse bezuelt hunn. Dat ass eng Hausse vun 32.000.- € par Rapport zu 2018. Wat och dobäi ze soen ass: mir hunn och nach eng ronn 60.000.- € als Secours ginn, als Avance remboursable. Wou d'Leit sech engagéieren, eis déi Suen zrëckzebezuelen. Bei de Poste „Logement“, „Santé“ gesi mer dass déi sech d'Wo halen. Wat awer och ze soen ass, beim „Besoin quotidien“, dee Posten ass schéin an d'Luucht gaange par Rapport zu 2018, dat huet och ee Grond. Do ass eng Ännerung komm beim Ministère de l'Education nationale, wat d'Schüler betrëfft, déi am Ausland hir Secondaires-Studie maachen. Do muss eng Enquête sociale iwwert den Office social gemaach ginn. Dat eleng, do hu mer Subventiounen accordéiert fir 9.000.- €, wat bei deem Posten eng 40% ausmécht. Am Slide „Logement“, do gesäit ee gutt dass bei de Secoursen d'Loyeren eng 50%, also d'Hallschent uitgemaach hunn. Bei der „Santé“ gesi mer dass eng 61%, d.h. eng 30.000.- € eleng op Cotisatiounen an den Tiers payant social zrëckfalen. Cotisatiounen, wou mir d'Weiderversécherung vun der Krankekeess bezuelen. Komme mer bei d'Gestion financière, wat awer och e groussen Deel vun der Aarbecht ass. Do gesäit een och gutt, dass dat par Rapport zu 2018 och geklommen



ass. Eleng schonn eng Hausse vun 200.000.- € wat eis Assistenten an och déi an der Cellule Logement maachen. 2019 sinn och eng Rei Wunnenge bäikomm. Ergo sinn och méi Leit, déi dann an d'Gestioun kommen. Eleng do hate mer scho 69 Menagen, wat 170 Leit ausmécht. Nach e Wuert zu eisen ARIS-Leit. Zënter 2019 si se net méi kompetent fir Schëffleng. Eleng fir Diddeleng hate se 224 Dossieren, déi se traitéiert hunn. A bei der Aktivitéit, déi se maachen, do gesäit een dass 84 Leit am TUC sinn, dat ass Travaux d'utilité collective, wat fréier den ATI war. An 110 Leit si sans activité, dat heescht, déi sinn temporär an enger Stabilisatiounsphas, Coursen oder an enger Kur, Traitement asw.. An 30 Leit sinn dispenséiert. Krankheetsbedéngt oder well se op eng Invalidérent waarden. A beim Loyer, do géif ech d'Wuert zréckginn un d'Madame Wagner. Merci.

**CAROLE WAGNER, OFFICE SOCIAL:** Da komme mer op d'Partie vum Logement. 2019 hu mer fir d'Gemeingewinnungen 119.000.- € Loyer kritt. A fir eis Wunnungen, wou mer bei de private Propriétaires lounen, hu mer 108.727.- € rakritt, sou dass mer am ganzen 227.827.- € kritt hunn. Dat ass natierlech och an d'Luucht gaange par Rapport zu 2018, well mer och méi Wunnenge kritt hu vu private Propriétaires a leschter Zäit. An da komme mer zu de Fraise vum Logement. Do si mer 2019 bei engem Total vun 312.226.- €, wou natierlech och d'Loyeren dra sinn, déi mer bezuelt hunn. An d'Équipement vun eise Wunnungen, d'Chargen déi mer bezuele fir den Elektresch an de Gas, d'Taxes communallen an alles ugeet. Och do geet et natierlech an d'Luucht, well mer méi Wunnenge kritt hunn. Wat logesch ass. An dann zum leschte Slide. Dat sinn eis Interventions techniques. Do hate mer fir 2019 137 Interventiounen. Mer mussen an d'Wunnenge ragoen, fir Saachen ze flécken oder sou. Merci.

**JACQUES HANSEN, OFFICE SOCIAL:** Dat war also e kuerten Iwwerbléck vum Rapport d'activité 2019. Wann do nach aner Froen opgetaucht sinn och Sliden, déi net agespillt gi sinn hei?

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** D'Diskussioun ass op.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo, Merci Här Buergermeeschter. Wéi all Joer soe mer mol e grouse Merci, net nëmme de Representante vum Conseil a vum Office social, déi hei sëtzen, mee gitt dat och weider un är Leit. Well den Office social hei zu Diddeleng, deen huet ëmmer eng oppen Dier. En ass och bekannt dofir, fir séier an onbürokratesch ze hëllefen, Är Chifferen, déi weisen dat och. An den Här Manderscheid huet de Moie scho gesot, ouni d'Sozialtransferten hätte mer nach méi eng Aarmut wéi déi 18,7%. Ech war immens erschreckt, wou Der gesot hutt dass zënter 2011 den Aarmutsrisiko vun 13,6% vun eisen Awwuner op 18,7% eropgaangen ass. Dat ass dramatesch. Hei zu Diddeleng denken ech, huet sech eng gewësse Stabilisatioun ageschlach. Dir musst mech lo korrigéieren, wann ech dat falsch gesinn hunn. Mir hunn hei ausgerechent, 9% vun de Menagen, vun de Stéid hei zu Diddeleng, trieden un den Office social run. Ech mengen dat ass ëmmer

sou eng gewësse Stabilitéit, sou ëm déi 10%, souwäit ech mech kann erënneren hate mer ëmmer e bësselchen deen Taux. Wat awer nichtsdestotz awer eng dramatesch Zuel ass, well dat sinn awer net nëmme Chifferen, net nëmme Prozenter, dat si betrafte Leit. Wou ech ganz erstaunt war, dat waren déi ronn 5000 Dossieren pour Aide non-financière a virun allem déi 1600 Demande administrativen vun Ausfëlle vun Demanden.

Ech weess, dass vill Leit sech schwéier doe mat de Paperassen, déi hei zu Lëtzebuerg néideg sinn, fir eng Allocation familiale ze froen, fir Prestatiounen ze kréien, fir e Curriculum auszefëllen. Ech weess dass Dir och an déi Richtung do hëlleft. Fir Leit zum Beispill, wann déi sech wëlle bewerben, fir deenen op d'Spréng ze hëllefen, fir en uerdentlechen Dossier ze preparéieren. Ech denken, do muss ee sech och bewusst sinn, dass mer och vill Matbierger hunn, déi eise Sproochen net mächtig sinn an do e grouse Problem hu mam Sproochverständnis. Mir hunn 100 verschidden Nationalitéiten hei zu Diddeleng ass gesot ginn. An all déi Paperassen, déi sinn och net ëmmer an „einfacher Sprache“ wéi ee seet, an dat ass och en Appell, wou een och mol vläicht ka weiderginn am Gremium vum Office social, och op eis Ämter, dass een déi Dossieren och vill méi einfach muss redigéieren. Ech weess dass och eise Biergerbüro – an do e grouse Merci – och oft fir sou Saachen ugeschwat gi fir einfach en Ziedel auszefëllen. Well d'Leit einfach net verstinn, wat et ass, wat se sollen ausfëllen.

Wat ech e bëssen erstaunlech fonnt hunn, dat war an deem Slide „Demandes Aides financières“. Do sinn am grouse ganzen d'Demanden e bësse erofgaangen, mee d'Refusen sinn awer eropgaangen, dofir ass do d'Fro, wéi erkläert sech déi Augmentatioun vun de Refusen, obwuel d'Demande jo allgemeng ofgaange sinn. A wéi eng Ursaachen déi Refusen hunn. Dat ass lo vläicht net oninteressant. Dann, bei de Secours financiers. Do war ech e bëssen erstaunt. Ech war nämlech och e bëssen erschreckt iwwer déi Augmentatioun vun deene Secours financiers fir déi Punkte vun der Santé. Hunn ech dat elo richtig verstanen, dass d'Gemeng awer muss d'Cotisiounen, och fir Tiers payants-Beneficiairen och muss weiterbezuelen? Oder ass dat och just sou eng passagère Phas, bis déi da vum Tiers payant social ganz iwwerholl ginn? Also dat ass mer net ganz kloer. An natierlech ass och ganz dramatesch, déi héich Chiffer vun Demanden u Secours financier, wat de Logement ubelaangt. Dass d'Leit um éischte Wunnengsmaart Schwiereregkeeten hunn, fir eng Wunneng ze fannen, dat ass ganz kloer. Et gëtt ëmmer méi schwéier. Mëttlerweil musst De praktesch 2 Contrats à durée indéterminée presentéieren, fir iwwerhaupt mol eligibel ze sinn, fir eng Wunneng ze kréien. Mir wëssen dann och, dass zum Beispill d'Monoparentauxen direkt duerch de Grill falen a Leit mat engem prekären Emploi, mat engem Contrat à durée déterminée, déi falen natierlech ganz do raus.

Wat mech och ëmmer erëm dozou bréngt, ëmmer erëm all Joer dorop hinzeweisen, dass bei allen Aiden, déi mer hei maachen extrem vill Kanner betraff sinn. An dat ass eppes, wat mer net däerfe vergiessen. Kannerarmut ass erëm en extrae Problem. Dat ass och eng Stigma-



tisatioun oft vun de Kanner, an och eppes, wat sech och perpetuéiert. Et ass oft sou, wann d'Kanner an enger prekärer Situatioun opwuessen, ass et och ganz schwéier fir erauszekommen aus enger prekärer Situatioun. Den Encadrement ass och oft net einfach doheem, well och duerch déi prekär Familljesituatiounen et dann och un Energie an u Motivatioun feelt och vun den Elteren, fir dann och d'Kanner sou ze encadréieren, wéi mir an anere Famillen eis dat virstellen. An dofir gëtt dat oft sou eng Perennitéit an och eng generatiounsiewergräifend Prekaritéit, déi mer absolut net wëllen. A wou mer och probéieren op allen Niveauen, sief et an der Schoul, sief et duerch Crèche, sief et duerch Maison Relais, géigenzesteieren, wat mer absolut begréissen.

Dramatesch ass z.B. och beim Tiers payant social, dass do 60% vun den Demandeure Frae sinn. An et weess een, dass et haut awer ëmmer nach sou ass... Mir hate Rieds iwwer Chancëgläichheet, dass dat ëmmer nach net de Fall ass. Et ass oft bei Trennungen, bei Scheedungen, dass et oft d'Fra ass, déi kee Revenu op eng Kéier méi huet an einfach op der Strooss steet mat zwee Kanner. An natierlech och ganz ganz schwiereg rëm Fouss faasst, well se dann eng Crècheplaz fir hir Kanner muss hunn, wéi gesot keng Wunneng kritt, a sou weider. Do sinn d'Chifferen awer alarmant. An de Statistike weist Der dass do beim Tiers payant social 282 Frae betraff si géint 28 Männer an awer och 29 Kanner do dobäi sinn. Wat mer gutt fannen, dat ass natierlech déi Gestion financière volontaire an och ganz gutt dass eis Locataire vun eise Logementen automatesch mat dobäikommen, dass déi müssen eng Gestion financière volontaire ënnerschreiwen. Dat begréisst mer explizit. Well de But ass jo och deen, dass déi Leit net ëmmer an eise Wunnenge bleiwen. Dass déi och op d'Féiss gehollef kréien, fir awer um 1. Wunnengsmaart eng Wunneng ze fannen a fir déi Lokalitéiten erëm fräi ze maache fir nei Demandeuren. An ouni eng Gestoun oder ouni eng Hëllef, geet et oft leider net. Awer och hei vun deenen 170 Persounen, déi vun der Gestion financière betraff sinn, hu mer 87 Kanner, déi betraff sinn. Idem ass och vläicht eng Kéier ze erwänen, d'Allocation compensatoire. Dat sinn net nëmme just Taxes communallen, mee och do ginn 294 Studenten mat enger Prime postprimaire ënnerstëtzt. Dat heescht, dat sinn och 294 Kanner, déi an engem Stat wunnen, wou eng gewësse Prekaritéit ass. Och bei deenen neien Demanden, dat ass och erschreckend héich. 86 nei Demanden, fir e Logement social ze kréien. Do gesäit een, et ass e bëssen och e Faass ouni Buedem, mee mir sinn awer gewëllt, do mat op de Wee ze goen, iergend eng Kéier awer e Buedem an dat Faass vläicht ze leeën. Dass mer awer och do probéieren, Méiglechkeeten ze schafen, dass d'Leit awer ënnerdaach kommen. An hei ass och Rieds gaange vun 52 Famillen, déi betreit ginn. Och do rëm 60% vun deene Famillen hu Kanner, dat heescht 69 Kanner ënner 12 Joer sinn och do an deenen Dossiere mat dran. Dat dierf een och net vergiessen.

Meng Fro ass just bei den Demandë vum Logement social. Do steet och, dass mer gewësse Refusen hunn. Ech huelen och un dass et oft ass, well keng Plaz ass, oder well keen adequate Logement zur Verfügung steet.

Mee do ass och meng Fro: Wéi gi mer do vir, wann och Kanner betraff sinn? Ass do awer eng Prioritéit, dass déi Leit awer vläicht als éischt eng Méiglechkeet kréien, fir bei eis en Ënnerdaach ze kréien. Et ass eng gewëssen Inkoherenz an de Chifferen Säit 59, wollt ech awer just kuerz froen. Dee Slide war lo hei net virgestallt ginn. Mat den Délais d'attentes, do steet „moins de trois mois“ a „plus de trois mois“ an dann „plus de six mois“. Dat ass net ganz koherent. Dat heescht, wéi laang waarden d'Leit da lo, bis se eventuell bei eis eng Méiglechkeet kréien? Bezéiungsweis loosse mer déi sou laang op där Lëscht stoen oder gi mer déi awer weider un aner Institutiounen? Voilà, meng Haaptinterventioun wollt ech awer maachen zum Thema Logements sociaux. Mir als CSV hunn eis jo ëmmer staark gemaach, dass mer e kommunale Service Logement sollen op d'Bee stellen, dat ass jo och elo um gudden Wee. Ab nächst Joer ass dat jo och e richteg Service. A mir stinn och weider als CSV 100% hannert dësem Service a mir fannen et och gutt, dass mir net nëmme Logements sociaux – dépannages d'urgence ubidden, mee och déi Location à long terme, wéi lo z.B. mat den Haiser op Lenkeschlei. Dat fanne mer eng ganz gutt Saach. Meng Fro ass just do: Wéi ass do lo de Suivi geplangt? Do maache mer jo net eng Gestion financière volontaire, well dat ass jo sou geduecht, dass déi Leit méi laang sollen do wunne bleiwen. Mee ass do awer iergend ee klengen Kontrakt, dee mer do mat de Leit maachen? Net dass sech do sou e Laissez-faire op en Kéier aschläicht. A wéi eng Richtung hutt Der do geduecht? Voilà, natierlech ass den Appell weiderhin un eis Gemengeresponsabel, un eis allegueren, an dat Soziaalt an awer och an deen abordabele Logement ze investéieren. An de Martinis Claude hat d'leschte Kéier gesot, hie fënnt dat Wuert Sozialwunnengen e bëssen traureg, mee mir sinn éischer dofir, fir vun abordabelem Wunnraum ze schwätzen. Mee et ass awer zweeërlee. Sozial, dat ass wierklech dat, wat och e bësse méi soutenu ass. An dat abordabelt, dat ass eng aner Saach, mee ech mengen do musse mer eis awer nach aner Moyene gi fir an déi Richtung ze investéieren. Wat awer sécher vun der CSV ëmmer weiderhi wäert begleet ginn.

Ech wollt awer och emol profitéiere fir dem Här Fürpass a senger ganzer Ekipp vun den Oeuvres paroissiales hei vun Diddeleng e Merci auszeschwätzen. Grad un den Diskussiounen vun de Moien zu der Renovatioun vun der Kierch, ass dat heiten z.B. och e geliefte Beispill vum Chrëschtentum. Am Chrëschtentum ass och eng Prämiss, d'Ënnerstëtze vun de sozial Schwaachen, onofhängeg vun hirer Relioun an hiren Originen. An hei zu Diddeleng hu mer momentan mengen ech keen aneren Intervenent, dee sou vill a sou schnell sozial Wunnenge gebaut huet a geschaf huet, wéi d'Oeuvres paroissiales vun Diddeleng. Dat muss een awer vläicht mol eng Kéier soen. Dat ganz Veräinshaus gouf offerappt an nees opgeriicht an nieft dem Festsall an dem Parbüro ginn hei Wunnengen a Büroe geschafen. Déi ginn ausschliisslech u sozial aktiv Intervenante weiderverméttelt. Do kënnt d'APEM ran, do kënnt d'Caritas ran, Pro Familia, den Office social vun Diddeleng kritt do Wunnengen. Wann ech richteg de Moie matkritt hunn, kréie mir 2 Appartements an 8 Chambres meublées an et dierf een och



net vergiessen, déi zwee Haiser, déi och d'Oeuvres paroissiales am Ribeschpont opgeriicht hunn an d'Oeuvre paroissiale huet jo och an der Zinnen-Strooss, op hirer Parkplaz soziale Wunnensbau opgeriicht. Natierlech ass dat och dank grousszügger staatlecher Subventionne méiglech, mee se hätten zum Beispill awer och kënnen an de Privat-Wunnensmarché kënnen raklappen an d'Wunnengen zu anere Präisser bauen an och méi deier verkafen, mee déi karitativ Ausrichtung vun der OPD, déi wollt mer hei awer nach eng Kéier kuerz ënnersträichen, dass dat natierlech och ganz sënnavoll ass. Gutt ass natierlech och déi extrem gutt Kollaboratioun tëschent der OPD, dem Office social an der Gemeng. Dat ass och eppes wat ze ënnersträichen ass, dass do déi 3 Intervenante ganz gutt zesumme schaffen. An ech mengen dat huet och vill aner Gemengen incitéiert, an déi selwecht Richtung ze goen an och emol mat hiren Oeuvres paroissialen ze schwätzen. An ech weess dass ënner anerem Beetebuerg, Monnerech, Kielen och an déi selwecht Richtung ginn.

Voilà, dofir just eng Kéier fir ze soen, „Gelebtes Christentum“ dat gëtt et och hei zu Diddeleng, an doriwwer si mer och ganz frou an och e bësse stolz. Voilà. Also nach eng Kéier, allen Intervenanten um Terrain, awer virun allem eise kompetenten an engagéierte Leit am Office social drécke mer e grouse Merci aus. A mir wäerte weiderhi suivéieren, a wéi eng Richtung et geet a mir wäerten och weiderhin all Invest a sozial Gerechtegkeet weiderhi mat droen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**  
Merci der Madame Kayser.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Merci Här Buergermeeschter. Am Numm vun déi Lénk wollt ech heimat Stellung huelen, fir d'éischt zum Rapport d'activité 2019 vum Office social an dann och nach kuerz zu dem Budget. Wierklech nëmme kuerz. An eisen Aen ass den Office social ee vun deene wichtegste Servicer vun der Gemeng. Wéi demokratesch a wéi solidaresch eng Gesellschaft wierklech ass, erkennt een do drun, wéi se mat deene Leit ëmgeet, déi a Schwieeregkeete sinn, egal vu wou déi Schwieeregkeeten hierkommen. Déi allermeeschte Leit fille sech genéiert, wa se en anere mussen ëm Hëllef froen. Dofir ass et och wichtig, dass d'Maison sociale e schéint Haus ass, wou d'Dieren opsti fir jiddereen, a wou d'Leit seriö a kompetent empfaange ginn. Dofir dem ganze Personal vum Office social, a sengem Präsident, dem Här Zuang, eise Merci fir hiren Engagement an hir gutt Aarbecht, déi net ëmmer einfach ass. Wann een de Rapport d'activité 2019 vum Office social duerchgeet, 2019 war jo – tëschent Gänseféisercher – en „normaalt“ Joer, keen aussergewöhnlecht Joer wéi 2020 mat Covid, da falen engem folgend Saachen op. An deene leschte Jore gräfen all Joer ronn 10% vun den Diddelenger Menagen op d'Hëllef vum Office social zréck. Dat sinn der vill. D'Leit, déi ëm Hëllef froe sinn e gutt Spigelbild vun der aktueller lëtzebuergescher Gesellschaft. Et sinn all Nationalitéite vertrueden, all Altersstufen, vum Jugendleche bis bei de Pensionär, all Zivilstänn, bestuet oder célibataire, mat oder ouni Kanner, si vertrueden. An anere Wierder, et brauch kee vun uewen

erof op d'Beneficiairë vun enger sozialer Ënnerstëtzung erofzekucken, well et ka jiddereen treffen. Opgefall ass mer dann och déi kontinuéierlech Hausse iwwert d'Joren ewech, vun den net-finanziellen Hëllef. Also zum Beispill bei administrativen Demarchen. Do kann ech aus perséinlecher Erfahrung schwätzen, well ech bei der ASTI als Ecrivain public tätég si vun Zäit zu Zäit an dann och mat sou administrativen Demarchë konfrontéiert sinn. An obschonn dass ech meng ganz Karriär mat administrativen Demarchen op där anerer Säit, also der Säit vun der Administratioun gemeet hunn, kritt een do Demanden, déi si wierklech, also souguer fir Leit, déi vill Erfahrung domat hunn, äusserst komplizéiert. An dofir och e waarmen Appell fir d'administrativ Vereinfachung. Déi net nëmme fir eis Betriber wichtig wär, mee wéi mer hei gesinn, och fir d'Privatleit eng grouss Erleichterung kéint mat sech bréngen. Am Rapport fanne mer natierlech déi Problematik vum Manktem u bezuelbarem Wunraum hei zu Lëtzebuerg erëm.

An ech wollt dann och op déi 86 Demanden agoen, déi 2019 rakomm si fir eng Sozialwunneng ze kréien. Och Demandé queesch duerch déi ganz Alterspalett, bei alldéngs nëmmen 43 Wunnengen, iwwer déi d'Cellule de Logement social zu Diddeleng verfüügt huet. A richtig schockant fannen ech datt do vun deene 86 Demanden genau Hallschent, also genau 51% Leit waren, déi eng Schaff haten. An trotz hirer Schaff net hir Basis-Liewenskäschten hei zu Lëtzebuerg gedeckt kruten an eeben eng Hëllef beim Logement hu misse froen. D'Chambre des salariés an d'Caritas, déi weise säit e puer Joer op d'Problematik vun de „Working poor“ hei zu Lëtzebuerg hin. Also enger steigender Unzuel Leit, déi trotz enger bezuelter Aarbecht, an oft souguer fest Kontrakter, also net nëmmen Zäitkontrakter, net aus der Aarmut erauskommen. Dat ass en nationale Problem, deen och national muss geléist ginn. Do kënnen déi lokal Offices sociaux nëmme provisoersch Nout-hëllef ubidden. Mee an deem Kontext ass d'Adaptatioun vum Mindestloun ab 1. Januar vum nächste Joer ob jidde Fall mol e Schrëtt an déi richtig Richtung, och wann et bäi wäitem net duergeet. Wat eis beim Rapport d'activité e bësse feelt - dat ass awer lo wierklech als eng konstruktiv Kritik geduecht - dat ass e bëssen en Ausbléck an d'Zukunft. Et ass gewosst, dass Covid-19 verschidde Bevëlkerungsgruppe méi haart trëfft wéi aner. Dofir wär et interessant gewiescht, och en Aperçu ze kréien, wéi d'Demanden 2020 sech entwéckelen a wat méiglecherweis 2021 op den Office social duerkennt.

En Ausbléck hätt eis och interesséiert betreffend dat zukünftegt Zesummespill wat mir hunn, op jidde Fall denke mer mol, dass déi zwou Unitéiten nach bestinn, also d'Zesummespill vun der Cellule Logement social vum Office social an deem zukünftege Service de Logement bei der Gemeng. Mee den Här Zuang, deen verzielt eis jo vläicht nach eppes zu deenen Themen. Ech kommen dann nach kuerz zu de Budgeten, déi mer matgestëmmt hunn. Ech zitieren hei just d'Depensen. A ronnen Zuele belafen d'Depensé vum Office social sech op 3 Milliounen Euro an de Konten 2019, 3,58 Milliounen Euro am Budget rectificié 2020 an 3,63 Milliounen



Euro am Budget initial 2021. A wéinst der Covid-Kris hate mir eigentlech geduecht, déi Steigerung vun deenen Depensen, déi war méi grouss. Mir haten eis do méi Ausgaben erwaart. Wann ech awer richteg informéiert sinn, handelt et sech bei dëse Poste meeschtens ëm Crédits non-limitatifs, sou datt wa supplementär Besoin sech weisen am Laf vum Joer och méi Geld kann ausgi ginn. Zu deene Budgete vum Office social ass dann awer och ze soen, dass verschidde Sozialhëllef just vum Personal vum Office social virbereet ginn, mee net an hirem Budget stinn, well se direkt iwwert de Gemengebudget bezuelt ginn. An dat ass zum Beispill de Fall vum sougenannte „Grompergeld“, also wat mam richtigen offiziellen Term „Allocation compensatoire pour taxes communales“ heescht, déi jo op 45% vun der staatlecher „Allocation de vie chère“ festgeluecht gouf. Mär hu schonn héieren dass eis Regierung fir 2020 d'Allocation de vie chère verduebelt a fir 2021 op de Betrag vun 2019 nach eng Kéier 10% Supplement accordéiert. An als déi Lénk begréisst mer et ausdrécklech, dass un deem Facteur vu 45% net gefummelt ginn ass. Also datt am Diddelenger Gemengebudget de Gesamtmontant vun deem Grompergeld vu 650.000.- € 2019 op 1.300.000.- € 2020 erhéicht ginn ass, respektiv vu 650.000.- € 2019 op 750.000.- € 2021 klëmmt. Mir si wierklech der Meenung, dass dat Geld ass, dat ganz gutt ugeluecht ass. Wéi gesot, mär hu schonn d'Budgete matgestëmmt, a mir wënschen der Ekip vum Office social an hirem Präsident weiderhi vill Erfolleg an hirem ganz wichteger Aarbecht. Ech soen lech Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Här Thill fir seng Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Madame Goergen an dann den Här Claude.

**ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):** OK Merci. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, heimadde erlaben ech mer dann am Numm vun deene Grénge Stellung zu huelen, zu de Punkten, déi den Office social betreffen, insgesamt. Et ass eis wichteg, um Ufank der ganzer Ekip ze felicitéieren fir déi gutt Aarbecht, déi am Office social geleescht gëtt. Fir d'éischt wollt ech Merci soe fir d'Präsentatiounen hei am Gemengerot, der Madame Carole Wagner fir d'Comptabilitéit an d'Erklärungen dozou an dem Här Jacques Hansen fir d'Grafiken, de Rapport d'activité an och d'Erklärungen. Zousätzlech Merci ginn un d'ganzt Personal vun der Maison sociale a virun allem un eis Assistante socialen, déi kompetent a seriö op déi aginn, déi sech Hëllef beim Office social siche kommen. E leschte Merci – e kuckt mech schonn erwaardungsvoll un – un den Här Zuang fir seng Aarbecht als Präsident. Mir hoffen dann, dass den Här Weis als Chef vun engem zukünftege Service Logement him déi nächst Joren en Deel Aarbecht kann ofhuelen. Ech fänken da mat de Konte vun 2017 un. D'Konte ginn a Form vun engem Bilan présentéiert mat Chargen a Produiten, wat mer bei der Gemeng net kennen. 2017 läit och scho méi laang zrëck a mir hunn an der Tëschenzäit am Verwaltungsrot schonn d'Bilane vun 2018 an 2019 duerchgeholl, déi awer nach net gepréift si vun der staatlecher Instanz. Dat hëlleft dann déi Zomm vun den accumuléierte Résul-

tats d'exercice net iwwerzebewäerten.

Am Bilan vun 2017 mécht tatsächlech déi héich Zomm vu knapp ënnert 1 Millioun Euro als Résultat d'exercice stutzeg, well sou en héigen Excedent jo net d'Zil vun engem Office social ka sinn. Effektiv kënnt déi Zomm zustanen duerch Zouwendunge vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, déi sech am Laf vun de Joren ugesammelt hunn. An de Konte vun deenen zwee Joer duerno reduzéiert sech de Montant dann ëm 700.000.- € duerch d'Investitiounen an de Projet vu Sozialwunnengen, deen am ale Bauerenhaus, Rue du Commerce, am Gaang ass realiséiert ze ginn. Ech kommen dann zum Rapport d'activité. Am beschte kann een déi eenzel Aspekter vun der Sozialaarbecht aschätzen, wann ee sech de Rapport d'activité ukuckt. Dee wou mer virleien hunn bezitt sech lo op d'Joer 2019, also wou mer nach net mat COVID-19 ze kämpfen haten.

Dofir fanne mer och hei méi oder manner déiselwecht Situatioun erëm wéi dat Joer virdrun. Wesentlech huet sech net geännert. Et sinn ëmmer nach ongeféier 9% vun den Diddelenger Haushalter, déi sech Hëllef an de Büro vum Office social siche kommen. Dat ass souguer als Zuel a Proportioun e bësse manner wéi dat Joer virdrun. Dobäi wende sech och ganz vill Leit un eis Assistante fir Ufroen, déi net direkt zu enger finanzieller Ënnerstützung féieren. D'Zuel vun deenen, déi bei enger administrativer Demarche fir zu staatlechen Hëllef oder Änlechem ze kommen, hu musse gehollef kréien, läit dëst Joer bei iwwer 5000. Et kann een elo spekuléieren, ob dat domat ze dinn huet, dass et méi Hëllef gëtt, dass d'Formulare méi komplizéiert gi sinn, oder dass d'Clientèle vläicht och méi sproochlech Schwieeregkeeten huet. Ech kann dem Här Thill seng Demande vun enger Vereinfachung vun deenen Demarchen nëmmen ënnerstützen. Bei de rénge finanziellen Hëllef gesäit een da kloer, dass se och an enger Rei Fäll refuséiert ginn. De Grond dofir ass bal ëmmer ze wéineg Bereetschaft, sech op d'Recommandatiounen vun der Assistante, déi se betreit, anzeloossen. Oft sinn déi Finanzhëllef eeben u Konditiounen gebonne fir d'allgemeng Situatioun ze berengegen a Perspektiven ze ginn, z.B. op eng Aarbecht oder op e Revenu. En Deel dovun kann och zrëckgefrot ginn, wenn d'Situatioun et erlaabt. Wa Leit sech an eng Scholdefal eramanövréiert hunn, aus där se offensichtlech net méi eleng erauskommen, da kann dat dozou féieren dass hir Suen an enger sougenannter „Gestion volontaire“ verwalt ginn. Hei ass d'Zuel vun de Betreffene vun 61 op 69 fir d'Joer 2019 eropgaangen. Wat den Zweck vun de finanziellen Hëllef betrëfft, sou hänken 41% mat Gesondheetskäschten zesummen, chronesch Krankheeten, déi och psychologescher Natur kënne sinn, friessen de Leit grouss Deeler vun hirem Akommes op. An deem Sënn ass de System vun dem TPS eng grouss Hëllef. Et fält op, dass all Joers méi TPSen accordéiert ginn, bei deenen den Office social de Patientepart iwwerhëlt. Vun 2016 u sinn d'Käschte fir den Tiers payant social all Joers ëm ongeféier 2000.- € an d'Luucht gaangen.

Oft muss den Office social och d'Sozialversécherung iwwerhuelen, wa Leit hir Aarbechtsplaz verluer hunn. Et ass net verwonnerlech dass op där anerer Säit 41%



vun den Hëllef am wäitste Sënn mam Wunnen zesummenhänken, also mat Loyer, Heizkäschten, Elektresch a Gemengentaxen. Mir kennen d'Situatioun jo hei zu Lëtzebuerg. Déi lescht Jore gi manner Loyerer ausbezuelte, wat wuel domat zesummenhängt, dass den Office social selwer Wunnengen a Form vu Chambres meublées, Appartements an Haiser verlount, entweder déi vun der Gemeng oder vu Privatleit oder anere sozialen Instanzen. Dat waren an deem Joer insgesamt 43 Logementer, déi vun enger Cellule Logement verwalt ginn a wou d'Bewunner vun enger Assistante sociale suivéiert ginn. Souwuel dës Aarbecht, wéi och de Fait, dass déi Wunnengen eng Iwwerganksléisung solle sinn, fir duerno um kllassesche Wunnengsmaart eens ze ginn, bréngen e groussen Aarbechtsopwand mat sech, an d'Schafung vun engem Service Logement vun der Gemeng, deem nach ausgebaut soll ginn, ass kee Muttwëll. Vun de Bewunner, an hei muss ee ganz däitlech soe Bewunnerinnen, well d'Frae 66% vun den Beneficiairen ausmaachen, haten déi meescht eng Aarbecht – dat ass effektiv erschreckend – a waren trotzdeem an enger prekärer Situatioun.

Mär begrëssen dass de Volet Logement och weider ausgebaut gëtt. De Volet Aarbecht vum Office social gëtt iwwert den ONIS gereegelt a bitt Méiglechkeete fir eng Reinsertioun an d'Aarbechtswelt. All déi kuerz opgezielte Aspekter vun der Sozialaarbecht, déi iwwert den Office social lafen, kënnen nëmmen zustane kommen duerch d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng a vum Staat.

Da gëtt et och nach wichteg Konventiounen mat der Croix Rouge, Pro Familia, Jugend- an Drogenhëllef a sou weider. D'Verdeelung vun de Chargen op d'Gemeng an déi staatlech Acteuren ass an ënnerschiddleche Konventiounen festgehalen, fir déi all Joers e Budget virgesinn ass. Mir hunn haut de Budget rectifié 2020 an de Budget 2021 virleien. Ech faasse mech kuerz, well och hei huet sech un de Montanten net vill geännert, jiddefalls weening, wat an d'Gewicht fällt. Ee Montant mécht am ganzen net vill aus, et sinn dat 25.000.- € déi méi am Rectifié par Rapport zum Initial opgefouert ginn, an déi mer awer derwäert ass ze nennen. Déi Zäit, wou den Cent-Buttek zu Beetebuerg zou hat, dat sinn 2-3 Méint, huet den Office social dës 25.000.- € zousätzlech fir lessbongen missten ausginn. Dat entsprécht dann in etwa deem, wat am Cent-Buttek u Wuerenerausgi gëtt, déi kuerz virum Oflafe sinn an sou gerett an u Leit weidergi kënnen ginn. Et kann een och nach soen, dass d'Contributioun vun der Gemeng fir 2021 bii knapp ënner 500.000.- € läit an d'Gemeng zousätzlech Leit fir de Service Logement bezillt. Fir 2021 sinn net vill méi Ausgabe virgesi fir Hëllef, trotz den Auswierkunge vu Corona, déi warscheinlech wäerten ze spiere sinn, mee dat ass jo da fir d'nächst Joer. Ofschléissend wëlte mer soen, dass den Office social gutt fonctionéiert an déi néideg Hëllefstellung gëtt. Wann een awer d'Statistiken zur Aarmut hei zu Lëtzebuerg kennt, weess een awer, dass ze befäerten ass, dass d'Donkelziffer vun deenen, déi sech net trauen, am Office social uklassen ze kommen, sécherlech grouss ass. Ech wollt lo soen, mär géife matstëmme, dat hu mer scho gemaach. Also just nach Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Merci. Den Här Claude.

**BOB CLAUDE (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter. Als Member, no bal engem Joer, vum Verwaltungsrot, wëll ech lech meng Andréck matdeelen. Ech hu Mount fir Mount a gutt preparéierte Sitzungen enger soudéierter a kompetenter Ekip vum Assistante socialen nogelauschert, déi an hiren Ausféierungen déi verschidden Demanden op Hëllefsléischungen explizéiert an argumentéiert hunn. Dobäi sinn ech mer bewusst ginn, wéi e Mënsch op vill Manéieren an enger prekärer Situatioun liewe muss an oft nëmme ganz schwéier do erauskënnt. Dat geschitt mat den Hëllefsléischungen vum Office social. Op enger Säit déi net finanziell Hëllef, wéi Enquêtes, Guidancen, Ausfëlle vu Formulieren, Renseignements fir Chômage, Emploi a Logement, materiell Hëllef wéi Cent-Buttek a Kleederschaf Fréiseng, an op där anerer Säit déi finanziell Hëllef, wéi, ënnert anere, medezinesch Fraisen, Elektrizitéitsfraisen, Fraise vu Kannerversuergung, kommunal Taxen, sozial Kotisatiounen, Täschegeld, Loyer an den Tiers payant social. Verschidden Hëllef si remboursabel. Iwwert de Logement wäert meng Kollegin, d'Martine Kohn, schwätzen. Ob d'Demanden accordéiert oder refuséiert ginn, befollegen d'Membere vum Verwaltungsrot zum allgréissten Deel d'Argumenter vun den Assistenten. Et muss een awer och soen, dass déi meeschten Demanden ugeholl ginn an datt och bei engem Refus no Léisungen gesicht gëtt. Et ass mer opgefall datt vill Persounen an Nout aus Géigende vun der Welt kommen, wou si scho vun Ufank u keng Chance haten an oft Schwierigkeeten hunn, hei ordentlech Fouss ze faassen. Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech der ganzer Ekip vum Office social Merci soen. Ugefaange beim Präsident, de Robert Zuang, deem dat Ganzt „de main de maître“ leet, assistéiert vum Sekretär Jacques Hansen. Och him e grouse Merci fir déi exzellente Presentatioun. Net ze vergiessen d'Carole Wagner, responsabel fir d'Comptabilitéit an de Budget. Merci och him fir déi Opstellung. An dann e grouse Merci un déi ganz Ekip um Terrain, den Assistentes sociales a mat hinnen dem neie Chargé de direction, dem Marc Weis. E Merci all deenen, déi nach agestellt sinn, notament ONIS, ARIS an TUC, déi ech bis elo eigentlech nach net kennegeléiert hunn. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Merci Här Claude. Ech hat gemengt, Dir géift soen „de main de fer dans un gant de velours“ (Hilaritéit). D'Wuert weider un d'Madame Kohn.

**MARTINE BODRY-KOHN (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech kompletéieren nach just, wat hei gesot ginn ass, well viles ass jo scho gesot ginn an alles ass och richtig. Op déi vill gutt Initiativen, déi eis Regierung geholl huet am Beräich Logement, sinn och natierlech eis Gemenge gefuerdert, hiren Deel ze leeschten. An ob dat lo sozial Bauprojeten oder aner sozial Moossname sinn, fir et de Bierger ze erméiglechen, sech eng mënschlech Wunneng oder mënschewierdeg Wunneng ze kafen oder a sou enger ze wunnen. Well och am Locatif sinn d'Problemer grouss. Do wou den



Duerchschnëttsbierger scho Problemer huet, eng Wunneng ze fannen, gëtt et fir déi méi Schwaach an eiser Gesellschaft praktesch onméiglech, ouni Hëllef hei iwwert d'Ronnen ze kommen. Mir hate lo e puer Mol héieren iwwert déi bürokratesch Hürden. Et ass keen Zweifel, wa mir am Verwaltungsrot sëtzen, do stëmmen déi, déi mat mir do sëtzen zou, da gesäit een, wéi vill schonn d'Assistante socialen musse schaffen a sech ploen, fir nëmme keen Delai ze verpassen, fir nëmme alleguer d'Demanden anzereechen zum richtege Moment, komplett an ausféierlech a fir nëmme kee Formfeeler ze maachen. A wa si do schonn ausgefëllt sinn domat, da kann ee sech virstellen, datt ee Mënsch deen net onbedéngt doheem ass mat deem administrative Büroschesier, datt deen do verzweiwelt an och oft Feeler mécht, an déi hunn da schrecklech, heiansdo dramatesch Konsequenzen fir d'Existenz vu sou Familien. Hei iwwerhéilt also dann den Office social dës wichteg Roll. Am Joer 2019 goufen zu Diddeleng knapp 50.000.- € ausgi fir Leit ze hëllefen, eng nei Wunneng ze fannen, dozou kommen dann nach déi 60.000.- € contre Remboursement.

Wann een dat am Detail kuckt, waren dës Loyerer natierlech, mee awer och Kautiounen, Frais d'Agencen, eppes wat praktesch onméiglech ze stemmen ass, wann ee keng Récklagen huet. An ech mengen, een deen haut de Mindestloun verdéngt, an dat sinn der vill hei am Land, deen huet déi net. Deen huet keng Récklagen. Do geet, wann ee Chance huet, Null von Null geht auf. Do fir begreisse mer natierlech, an dat war eis e grousst Uleies och, datt de Mindestloun scho bei de leschte Walen an d'Luucht gaangen ass, mee awer och elo ass erëm eng Indexbranche fälleg, déi batter néideg ass. Aner Ausgabe waren Energiekäschen, Elektresch, Gas, Waasser an aner Taxen, wou d'Leit heiansdo net méi nokommen. Et ass ee vun de groussen Uleies vun dem Office social an och vun dëser Majoritéit, ze verhënnere, dass d'Leit hir Wunneng verléieren, d'Elektresch oder de Gas ofgespaart kréien. Eng Mesure, déi enger Wuelstandsgesellschaft wéi mir eng hunn, net gutt zu Gesiicht steet. Dës Majoritéit ass proaktiv virgaangen an huet no an no Wunnengen, bezéiungsweis Haiser kaaft, fir se dann deene Leit zur Verfügung ze stellen, déi um normale Marché kaum eng Chance hätten, en Ennerdaach ze fannen. Insgesamt stinn der sougenannter Cellule Logement momentan, wéi de René Manderscheid de Moie gesot huet, sou 70 Wunnengen zur Verfügung mat verschiddene Konventiounen, och mat aneren Träger. Wie sinn also elo déi Beneficiairen, déi a Fro kommen, fir sou eng Wunneng ze kréien? Wa mer déi Zuele mol méi genee kucken, da sinn déi Leit, déi sech melle fir e Logement ze kréien, zu 21% Leit, déi provisoresch bei Frënn oder Famill ennerkomm sinn, 8% liewen an engem Cafés-Zëmmer an awer 60% liewen an enger prekärer Situatioun, entweder vill ze kleng oder an engem miserablen Zoustand vun de Wunnengen. Déi gréissten Ursaach ass awer datt hire Kontrakt mam Proprietär op en Enn kommen ass an dat net méi verlängert gëtt. Dat si 36%. 22% entstinn duerch Scheedung oder Separatioun, wat dann e ganze Liewensplang op d'Kopp geheit, souwuel fir Erwuessener, mee nach méi fir Kanner. 2% vun de Leit ginn duerch en Urteel op d'Strooss gesat.

Dat ass dann déi allerkrasste Situatioun, déi engem ka passéieren. A ronn 5% kënnen de Loyer net méi opbréngen, well de Proprietär deen an d'Luucht gesat huet a si dat net méi kënnen bezuelen. Vun deene Familien also, vun deenen 69, hunn der 60 Kanner. 37 Familie ware monoparental, mir hunn dat schonn héieren hei. An 31 war eng Koppel. Déi Kanner, déi dann an deene Familien dovun betraff waren, waren 31 Kanner bis 5 Joer, 38 Kanner 6-12 Joer, 25 Kanner 13-18 an da waren nach 18 Kanner iwwer 18. An och do hu mer gesinn, déi brauchen och nach Ennerstëtzung, well hir Schoulausbildung fir eis essentiell ass, well dat och Chancëgläichheet bedeit. Dat heescht, och déi Kanner gehéieren, wéi alleguer déi aner, an eng Schoul no hirem Choix, wou se kënnen eppes léieren an herno kënnen mat engem Beruff op de Marché goen. Dovun, dat hate mer och schonn héieren, ware 66% Fraen, wat dramatesch ass. Heirunner gesäit een also wéi wichteg et ass, datt mir och weiderhin an déi dote Richtung schaffen. Mat der Schafung vun engem Service Logement wäert dat och de Fall sinn. E weidert Instrument ass - wéi de René Manderscheid et och scho virdru gesot huet an och d'Experten an d'Maataarbechter vum Office social - de Service Surendettement, awer och de Suivi, fir de Leit ze hëllefen, fir dass se hiert Liewe besser organiséiert kréien. Fir dass se et rëm an de Grëff kréien. Wëll d'Zil kann et och net sinn, fir d'Leit éiweg mat der Hand ze huelen. Mee d'Zil ass et, fir se fit ze maache fir iergendwann autonom rëm ze sinn. Ausserdeem de Contrôle vun de sougenannte „Cafés-Zëmmeren“ um fräie Marché. Hei gëllt et virrangeg ze verhënnere, datt Leit, déi souwisou an enger prekärer Situatioun sinn am Liewen och eventuell nach kéinten ausgenutzt ginn oder net mënschewierdeg ennerbruecht ginn. D'LSAP op alle Fall wäert alles maachen, fir dass all dës Efforte weidergefuert an ausgebaut ginn. Do, wou een nach ka verbessere, wäert verbessert ginn. Mäi Kolleeg Bob Claude huet schonn d'Mercie gesot, ma ech schlësse mech deenen häerzlech un. Der ganzer Ekip vum der Maison sociale, vun der Direktioun bis zu den Assistante socialen, vum Verwaltungsrot bis zu de Leit an der Verwaltung, e ganz ganz décke Merci fir hiren Engagement.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci. Ech wollt lech alleguer Merci soe fir Är Stellungnahmen an Interventiounen a ginn dann d'Wuert hei weider un d'Vertrieder vum Office social, well jo eng Rei Froen waren, fir do kënnen drop Stellung ze huelen.

#### ROMAIN ZUANG, PRÄSIDENT VUM OFFICE SOCIAL:

Merci Här Buergermeeschter. Bon, ech géif fir d'éischt mol e ganz grouse Merci un déi eenzel Fraktiounen soen, fir hir léif Wieder an hir Appreciatioun vun der Aarbecht, déi am Office social geleescht gëtt. Den Office social ass effektiv dofir do, fir eise Sozialfäll, fir Leit déi an Nout sinn, fir deenen ze hëllefen. Dat ass d'Mission primaire. All Mënsch huet Recht dorobber. An am Office social vun Diddeleng jiddefalls ass d'Dier ëmmer op. Ech wollt just soen, déi 5016 Dossieren, ech mengen dat beweist jo awer och, dass sech net do gelangweilt gëtt, dat ass eng Steigerung vun iwwer 1000 par Rapport zum leschte Joer. Dass dat awer weist, wéi vill Leit do an- an ausginn an dass déi natierlech do, sou



gutt wéi et nëmme méiglech ass, gehollef kréien. Et ass verständlech, dass no den d'Ursaachent vun de Refusen gefrot gëtt. Et kann een heiansdo de Leit sou gutt wéi méiglech hëllefen, an dofir sinn ech och frou, dass hei direkt 3 Vertrieder vun eisem Conseil d'administration sëtzen, déi dat kënne bestätegen... déi Dossieren... -all Mount hu mer jo eng Kéier e Conseil-, an dass mer déi Dossieren do wierklech suergsam duerchginn. Dat heescht, et gëtt net einfach farlāsseg e Refus ausgeschwat, mee dat gëtt wierklech gekuckt a begrënnt an et ginn eben nunn eemol Ursaachen, dass et zu Refuse kënt. Et ginn Leit, déi sech net un d'Spillreegelen halen, souwuel beim Logement, firwat dass do zu engem Refus kënnt, firwat dass mer se net op d'Liste d'attente setzen. All Mount hu mer eis Cellule Logement zesummen, wou och de Sozialschaffen als Beobachter dobäi ass, a wou mer da wierklech ee Fall nom aneren kucken, , wien berechtigt ass, op déi Liste d'attente ze kommen a wien net. Och do ginn et Konditiounen, déi mussen respektéiert gi vun den Demandeuren. A wann déi net gi sinn, da musse mer och do effektiv e Refus ginn. Grad wéi wann d'Leit, déi schonn e Logement kritt hunn an déi do net matmaachen... Ech widderhuele mech nach eng Kéier: An der Cellule Logement verwalt den Office social aktuell nach d'Gemengewunnen. Demandeuren déi eng Demande fir eng Wunning maachen mussen e Projet hunn, grad wéi eng gestion financière akzeptéieren.

Dat heescht, déi mussen e Projet de vie (no enger Aarbechter sichen, eng Sprooch léieren,...)hunn. An dee Projet, dee leeft bis maximal 3 Joer. Et sinn der awer scho vill, wou scho bäi 2 Joer, oder souguer schonn éischter, zwar ganz selten, mee awer och éischter, wou mer soen „Dat do huet kee Wäert. Dat doten dat bréngt jo näischt.“ D'Konditioun ass, dass d'Leit eng Gestion financière musse matmaachen, a wann een dann all gudden Dag der Assistante do urifft: „Hei ech brauch rëm souvill Suen, ech muss nach eppes kafe goen, e muss nach e Cadeau kafe goen oder oder...“ , jo dann kënnt een net virun. Ech mengen, wann een op eng Kéier mat 50.- Euro nach just do steet fir ze spueren, da komme mer op 600.- Euro d'Joer. Domat kënne mer näischt ufänken. Wa mer dat mol 2 Joer maachen, da hu mer mol net ee Loyer zesummen. Dat si Leit, déi wellen net. Déi akzeptéieren d'Konditiounen net. Et hëlleft ee ganz gären, mee wann een awer gesäit, dass een net viru kënnt, dann huet et kee Wäert. Voilà, wéi gesot, et gëtt iwwerall Grënn, gutt duerchduechte Grënn. Et ass garantéiert kee vun eis drop aus, fir een virun d'Dier ze setzen oder fir iergendeng Hëllef ze refuséieren, dat ass net de But vun eisem Conseil. An ech menge mir hunn do, wat de Conseil ubelaangt, mat den Aides secoursen, -do kënnen d'Kollegen hei dat bezeien-, dass mer do ëmmer Grënn hunn, firwat dass mer en Dossier refuséieren.

Dann ass nach drop higewise ginn, dass effektiv och am Logement um private marché d'Situation net einfach ass. Et muss een effektiv, wéi richtig gesot ginn ass, hautdesdaags en CDI hunn, soss brauch ee souguer net méi an enger Agence immobilière nozefroen. Mir kënnen dat net änneren. Mir kënnen de Leit just hëllefen, andeems mir hinnen d' Kautioun (2-3 Loyeren)

virstrecken. An dat klappt och heiansdo, net ëmmer. Herno, wann d'Leit d'Kautioun erëmkreien, ass et dann den Office social den dës erëmkritt. Mir strecke déi also just nëmme vir. Mee dat ass awer ganz oft lo schonn eng Hëllef gewiercht, dass d'Leit zu engem Appartement komm sinn. Besonnesch am Ufank, wou een da muss 3 Loyere virstrecken als Kautioun, plus nach eng Kéier e Loyer fir den Immobilienhändler, da si mer op eng Kéier bei enger Zomm, wou mer direkt iwwer 5.000 bis 6.000.- Euro schwätzen. An dat ass schwéier fir déi Leit, déi Suen do ze hunn. An dofir dann déi Hëllef, dass een d'Kautioun virstreckt, andeems een dann herno, wann de Projet ofleeft, vum Propriétaire déi Suen zrëckkritt.

Da waren nach Froe gestallt ginn iwwert nei Demanden, vu 86 Stéck. Jo sécher, do sinn der awer och ganz vill, déi op der Liste d'attente bei eis sinn, an déi dann awer och mol net den Anstand hunn unzeruffen an ze soen: „Hei et ass gutt, ech hunn eppes fonnt.“ Also och do misste mer am Fong geholl den Telefon huelen, éier mer de Rapport géifen definitiv schreiwen a soen: „Hei lauschter mol, wéi ass et gaangen? Du mells Dech net méi?“. Dann ginn et awer och déijéineg, déi kommen dohinner, déi kréien eng Wunneng accordéiert, d'Gestionnairen, d'Carole, geet da mat hinne kucken, an da gefällt déi Wunneng hinnen net. An da gi mer eventuell nach eng zweet mat hinne kucken no enger Zäit, an dat ass dat och nach net déi gebroden! An da seet een op eng Kéier: „M....., brauchs de Hëllef, oder wou si mer lo?“ Also e Katalog hu mer net. Mir fänken net un, wéi eng Agence immobilière nach op eng Kéier e Katalog do ze verdeelen, wou ee sech eng Wunneng kann eraussichen. Well et ass scho schwéier genuch. Mir hunn der vill. Mir hu gutt geschafft dëst Joer. 2020 hu mer lo wierklech e ganz grousst Potential vu Wunnenge bäikritt, vu privater Sait. Dir wësst jo, déi Wunnenge vun der Gemeng, déi mer bis elo ënner Gestiouen haten, déi gi jo lo, wann de Projet vum Locataire ausleeft, net méi vun der gestion locative sociale vum Office social besat.. Dës ginn dann an de Service Logement eriwwe. Dofir wëll ech dat nach eng Kéier betounen, de Marc Weis war virgestallt ginn als Direkter vum Office social, 50%.

Mee hie steet an den aneren 50% als Responsablen dem Service Logement communal viir. Wat positiv ass bei där Funktioun, ass dat mer de Service Logement do uewen an der Maison social usidelen. Dat heescht, de Marc ass zu 100% am Haus. An, wat mer jo och als But haten, dass mer d'Ressources humaines géifen am Fong op zwee opdeelen. Mir hunn do z.B. den Technikerposten,-dee mer nach ausgeschriwwen hun a wou mer bis elo nach keng Chance haten, een ze kréien- de M/F schafft 50% fir de Service Logement, fir déi Wunnengen a Schoss ze halen, an awer och an de Wunnengen, déi mir vun de Privatleit kréien, wou mer de Propriétaires verspriechen, dass mer déi Wunneng dann och sou zrëckgi wéi mer se vun hinnen kritt hunn. Dat selwescht geschitt mat der Assistante sociale, déi lo nach agestallt gëtt fir de Service Logement. An der Gestion locative hu mer elo 32 Wunnungen. Mir probéieren permanent Wunnungen baizekréien, dofir dann och déi vum Kierchefong. Madame Kayser, Dir hutt do den



Här Fürpass gelueft. Dat ass garantéiert ganz nobel, wat den Här Fürpass gemeet huet, mee et ass lo awer och net, dass mer déi Wunnenge geschenkt kréien. Dir wësst jo genau sou gutt wéi ech, dass mer do dee selwechte Metercarrés-Präis musse bezuelen, wéi wa mer et vun engem Privatmann kréien. Dat heescht och do 10.- € de Metercarré. An en plus kritt de Kierchefong jo dann awer och nach déi 100.- € pro Mount pro Wunneng vum Ministär du Logement. Dat heescht, dat ass also awer lukrativ, en fin de compte fir de Kierchefong. Also d'Iddi ass gutt, mee et ass awer lo net fir ze soen, dass mer do extra Konditiounen hätten. Mir bezuelen grad wéi um private Marché, a mir verléieren am Fong do, contrairement wéi bei deenen anere Privatwunnengen, déi 100.- € pro Wunneng, déi ee vum Ministère du Logement kritt.

Ech mengen dat wäeren déi Froe mol gewiescht, déi Dir gestallt hat. Den Här Thill... ass dat OK? Sinn déi Froe beäntwert? Du has nach gefrot wéinst dem Ausbléck an d'Zukunft, dass dat am Fong geholl och misst an engem Rapport d'activité stoen. Wéi gesot, e Rapport d'activité, dee soll jo soen, wat hunn ech dat eent Joer gemeet, wat ass geschitt. A wann ech da schonn all Kéiers misst eng Previsioun maachen, dann ass dat extrem schwéier. Wa mer 2020 uganks gewiescht wieren, dann hätte mer eng ganz aner Previsioun gehat wéi elo. Ech kann awer e puer Wuert dozou soen, dass 2020 effektiv e speziell Joer och war fir den Office social, wéi fir eis alleguerten. Et ass e Lockdown ginn ab Mëtt Mäerz. Wat fir en Afloss hat deen op den Office social?

D'ARIS-Leit hu, vum Ministère de la Famille aus, missen am Télétravail schaffen. Dat heescht, si hu keng Cliente gesinn. Si waren natierlech, awer just, telefonesch mat hinnen a Kontakt. Mee jidderee vun eis weess jo, dass dat net dee beschte Wee ass. De Secours vun den Assistante socialen, dee war ëmmer zu 50% besat. Mir hunn eis dat opgedeelt, datt ëmmer Presenz do war. Dat heescht, et sinn och Cliente gesi ginn. Net souvill. Am Mäerz huet dat sech e bëssen a Grenze gehalen, dat ass jo kloer. Well jidderee veronséichert war, fir virun d'Dier ze goen. Mee et sinn awer Cliente komm. Mir hatten awer 33 Dossieren an deem CA. Ech muss da just vläicht awer soen – net fir eis op d'Schëller ze klappen – mee mir waren ee vun den eenzege Office sociaux hei, well ech och am CA vun der EOS sinn, an der Entente des offices sociaux-, dass mer do effektiv déi eenzeg waren, déi normal CAe gefuer sinn, normal de Betrib sou oprechterhalen hunn, wéi keen aneren. Dat hu mer d'leschte Kéier an der Analys festgehalen, wéi mer den Tour de table gemeet hatten do. Also den Office social Diddeleng, deen huet seng CAen am Lockdown propper gefouert. Wéi gesot 33 Dossieren am Mäerz, awer da scho 45 am Abrëll an 48 am Mee. Dat heescht also, bal normal.. Et ass just esou, wéi d'Romaine Goergen gesot hat, dass d'Ufro vun den lessbongen e ganz weesentleche Volet gespillt huet, well eeben den Cent-Buttek während där ganzer Zäit, während deenen 3 Méint Lockdown, zou war.

Beim Logement, dat hat ech jo virdru gesot, do hu mer e ganz gudden Effort gemeet. Mir hu wierklech en décken Afflux vu Propriétaires déi eis kontakteiert hunn.

Dat heescht, mir hunn am Lockdown zwar keng Visitte gemeet, weder d'Assistante, wat jo kloer ass, awer mir och net, fir nei Appartementer kucken ze goen.. De 25. Mee si mer du gestart gestart an hun de Mount direkt 6-7 Wunnungen beienee kritt. Emmer mei Leit ginn hire Bien immobilier an eise Portefeuille. An deene Wunnungen elo, déi zréck un d'Gemeng ginn, do sinn der jo 11 konventionéiert - Pro Familia (5), Croix Rouge (5) an 1 fir Jugend- an Drogenhëllef. Déi aner gemengeneege Wunnungen ginn esoubal e Projet mam Locataire ofgeschloss huet, flott gemeet, fir kënnen an de Service Logement ze goen, wou dann elo déi Locatiounen à long terme kommen, wou natierlech Kritären vum 79er Gesetz, erfëllt musse ginn. Ech mengen, ech hätt elo dat Meescht beäntwert. Huet nach een e Besoin, oder hunn ech vläicht iergendeppes iwwersprongen? Dat ass net de Fall. Da géif ech nach eng Kéier Merci soe fir déi léif Wiederer un de ganzen Office social. Ech huele selbstverständlech déi Mercien do mat – dat hunn ech d'leschte Kéier jo och scho gemeet gehat. An deem Sënn, villmools Merci fir d'Nolauschteren.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Président, dass en nach op déi verschidde Punkten agaangen ass. Ech wollt nach eng Kéier bäifügen, well d'Diskussioun jo par Rapport zum Service Logement, dee jo am Office social ugesidelt ass, wann dee bis komplett funktionsfäeg ass, dass mer déi Diskussiounen, déi mer de Mueren ulässleg hatten – mir hunn zweemol driwwer geschwat iwwert - Lenkeschléi – ech denken och do un déi Gebailechkeet, déi Unitéiten, déi an der Rue du Commerce entstinn, respektiv an der Rue Nic Bodry, respektiv déi Gebaier a Wunnungen déi entstinn am PAP A Bëlleg. Déi wäerten alleguerten dem Service Logement affektéiert ginn. Et ginn awer zwou verschidden Approchen. Mir hu sécherlech nach Leit, déi weiderhin an der Gestoun bleiwen, déi och suivéiert ginn, well et e Projet de vie ass. A wéi der Romain Zuang gesot huet, mir hunn dat Gesetz vun 1979, wat awer sécherlech och wäert eng Kéier iwwerschafft ginn. Bon, dat si jo och Leit, wéi och schonn op anere Plazen, déi net onbedéngt e Suivi vum Office social brauchen. Net jiddereen, dee vun der Gemeng eng Wunneng zur Verfügung gestallt kritt brauch e Suivi vum Office social. Et ass jo net jiddwereen an enger Assistance-Situatioun. Et ginn och Leit, déi guer keng Aide sociale brauchen, déi eebe just an de Benefice komme vum '79er Gesetz. Also mir geheien och hei net jiddereen an een Dëppen. Hei ass och mat enger gewëssener Nuance, wou een un de Projet Service Logement wäert a soll erugeen.

Ech kann dat net vergläichen, well d'Madame Kayser iwwert d'Oeuvres paroissiales geschwat huet. Et ass richtig, d'Oeuvres paroissiales, déi si jo mam Projet komm. Hannendrun, do wësse mer jo och – an den Här Zuang huet jo och schonn dorop geäntwert – dass do e ganze Montage financier ass, fir dass deen dote Projet iwwerhaupt op geet. Do ass och e lichte Benefice, deen do hanne rauskënnt. An effektiv, duerch dee ganz gudden Kontakt dee mer jo och hunn, notament mam Här Fürpass, weess ech ganz genau, wéi dee Montage financier ass. Also et ass net zum Nulltarif, wou dat heite gebaut gëtt an och net zur Verfügung gestallt gëtt. A wann een



iwwert geliefte Chrëschtentum schwätzt, absolut gutt. Wien, wann net d'Chrëschte sollen dat liewen? Just de Contraire wär jo da wierklech dramatesch. Dofir wëll ech awer och hei relativéieren. Mee op alle Fall ass hei eng ganz pragmatesch Zesummenaarbecht. An déi ass och ganz gutt esou. Egal, wien hei eppes mécht fir de subventionéierte Wunnensbau – ech hunn dat schonn am leschte Gemengerot gesot – ob dat lo e Porteur ass fir eng Oeuvre paroissiale met engem Montage financier vun enger S.A. hannendrun. Oder, wéi gesot, d'Gemeng. D'Haaptsaach et gëtt eppes deementspriedend gemeet. An dem Här Thill wollt ech awer och nach soen, well en d'Ausso gemeet huet, dass d'Gemeng net gefudelt huet mat der Allocation de vie chère. Mir halen eis och hei, wéi ech lech d'leschte Kéier gesot hu par Rapport zu der Renovatioun vun der Fassad, mir beweegen eis hei am Kader vun engem Gesetz. An och par Rapport zu der Taxe, déi mer applizéieren zu der Subventioun. An dofir ass et fir eis ganz normal, dass mer effektiv do nozéien, wann d'Regierung decidéiert, dee Montant ze verduebelen an och do näischt verstoppen. Et kënnt jo grad deenen Haushalter zegutt, déi an enger sozialer méi schwacher Situatioun sinn. Dëst gesot...

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci. Ech hunn nach eng Zousazfro. Et ass lo e puer Mol dat Wuert gesot ginn, '79er Gesetz, ass dat, dat Prämisse setzt fir sou e Logement à longue durée à prix réduit ze kréien, sou wéi beim Fonds de Logement oder beim SNHBM? Vu wéi engem Gesetz schwätze mer do? An dann ass meng Fro fir déi Logementer, wou eebe kee Suivi méi muss gemaach ginn – dat war jo och meng Fro, ob dat gekoppelt ass oder net – gëtt et do eng Prioritéiteléisch, z.B. och fir Diddelenger Leit, déi vun Diddeleng kommen? Et wär vläicht net oninteressant, fir de Leit dobaussen dat ze soen. An da wollt ech awer och nach kuerz soen, de Benefice, deen d'Oeuvres paroissiales maache mat deenen Affairen, dee gëtt jo dann an nei Projeten an aner Gemengen investéiert. Dat wësst Der och.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Dat ass jo och ganz louabel. Neen, par Rapport zum '79er Gesetz, dat gesäit jo vir, dass, an dat ass e bessen anesches par Rapport zu de Projeten, déi mer lo hu mam Projet social, mat der Mise à disposition... Am Gesetz vun '79 gëtt jo och gekuckt, dass de Loyer en fonction vum Revenu berechent gëtt. Do komme mer an eng ganz aner Situatioun. Hei ass jo dann natierlech e klassesche Contrat de bail, dee wäert kommen, mat alle Rechter a Flichten, déi een de Part et d'autre huet, als Proprietär an och als Locataire. An natierlech ass kloer, wa mir hei zu Diddeleng déi dote Wunnengen... wann déi gebaut ginn, da solle se natierlech och Diddelenger zur Verfügung gestallt ginn. Ech mengen et huet ee jo och raushéieren, nieft deenen Demande, déi eng Fin de non recevoir kruten, sinn awer och Demanden do, déi ganz berechtigt sinn. Also et ass scho kloer, dass déi Diddelenger hei eng Prioritéit wäerte kréien.

**ROMAIN ZUANG, PRÄSIDENT VUM OFFICE SOCIAL:** Zum Beispill an der Cellule Logement, do mussen d'Leit mindestens e Joer hei zu Diddeleng wunnen. Da kann ee sech virstellen, dräi Joer, fir een dee wëllt e Logement

kréien am Service Logement. Also dat '79er Gesetz, dat geet eeben iwwert d'Location sociale. Do kënnt Der nokucken, dat ass e Gesetz, dat fannt Der op Internet, op Legilux. An dann d'autant plus dat ass iwwerschafft scho ginn an engem Règlement grand-ducal vun 2019, do ass et nach eng Kéier liicht iwwerschafft gi wat d'Salubritéit, d'Sécuritéit ubelaangt. Dat heescht, da huet schonn e Kader dat Ganzt an dat ass net fir do einfach Pabeier ze maachen. Dat muss ech eng Kéier wierklech däitlech soen: Also d'Cellule Logement behält déi Wunnenge mat Pläng, iwwert kuerz Zäit. An de Service Logement, dat gëtt Location à longue durée. Dat huet also näischt direkt, direkt mateneen ze dinn. Mir maachen eng Mise à disposition, an dat anert gëtt e Contrat de bail.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Här Thill.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Merci. Just ganz kuerz. Ech hat gesot „gefummelt“ net „gefuddelt“. Dat hunn ech eigentlech ganz positiv gemengt. D'Regierung huet jo decidéiert, déi Allocation de vie chère ze verduebelen, déi hätt jo dann och gläichzäiteg kënnen decidéieren, well d'Gemeenge vill manner Recettë kréien, mee Där Gemengen, Dir braucht awer Är Tax, wéi se dann eeben heescht, d'Grompergeld, net ëm dee Montant ze steigere. Also mär si wierklech frou, datt dat net geschitt ass an datt op deenen zwee Niveaue vill méi héich Betrag ausbezuelet ginn. An dat wollt ech eigentlech positiv raussträichen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Dann hat ech lech akustesches falsch verstanen an huelen dat zeréck, wat ech gesot hunn. Kee Problem. Merci Här Thill. Voilà. Dëst gesot mengen ech hätte mer op alleguerten d'Froe geäntwert, déi no der Presentatioun gestallt goufen. Da soen ech hei de Verrieder aus dem Office social villmools Merci, dass se haut de Mëtten hei waren. Dass se och hei déi néideg Erklärungen ginn hunn. Voilà. Ech proposéieren dass mer da mam Ordre du Jour weiderfueren.



## 5. APPROBATION VU CHANGE- MENTER AN AARBECHTSGRUPPEN

### 5.1. NOMINATION VU MEMBERE VU „GESOND DIDDELENG“

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Da komme mer op Approbation vu Changement an Aarbechtsgruppen. Do ass en Aarbechtsgrupp... ech weess net, wéi een Aarbechtsgrupp vir ass. Ech huele lo mol dee kengsten einfach. Dat ass den Aarbechtsgrupp „Gesond Diddeleng“. Do ass d'Proposition den Yves Vesque, dat ass den neien Zenter-Chef vum CGDIS hei zu Diddeleng an d'Madame Rizvic, déi am Service Santé scolaire ass, fir déi hei an de Grupp ze nennen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Jo? Ass dat unanime?

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Ech hunn eng Fro. Uewen, do steet awer just den Här Yves Vesque. Ech sinn net eens ginn. Ënne stinn zwou Persounen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Effektiv. Dann ass dat en Oubli. Et ass op alle Fall déi zwee. Hei ass jo effektiv e Projet vum Ordre du Jour. Mir completéieren dat a setzen dat derbäi. Et ass op alle Fall déi zwee, déi hei a Fro kommen. Den Här Thill. Dir hutt d'Wuert.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Et war déi selwecht Fro wéi déi vum Monique Heinen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** OK. Villmools Merci. Wéi gesot, dat sinn déi zwou Persounen, déi ze stëmme sinn a mär rectificéieren dat a maachen den Ajout och nach an der Deliberatioun. **Dat heescht, dat ass unanime? Merci.**

### 5.2. NOMINATION VU MEMBERE VUM AARBECHTSGRUPP SUMP

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech hu virdru beim Budget scho gesot, datt eisen Aarbechtsgrupp SUMP ugefaangen huet mat schaffen. Mir mussen en awer och nach eng Kéier offiziell hei am Gemengerot constituéieren. An ech zielen dofir d'Nimm eng Kéier op, wien an deem Aarbechtsgrupp dran ass: Vum Schäfferot Claudia dall'Agnol, vun de Parteien Alain Clement, Claude Martini, Carole Thoma an David Mahnen. Vun eise Servicer de Patrick Hoss, den Nick Krumlovsky, de Pit Demuth, de Micael Da Silva an de Steven Schaack. A vu Komobile, eise Experten-Büro, de Romain Molitor, d'Liette Clees an d'Christine Zehetgruber.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Ass d'Gemeng och mat dem Asaz vun deem dote Grupp averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

## 6. PERSONAL

### 6.1. APPROBATION VUM RELEVÉ VUN DE PER- SONEN, DÉI E CADEAUS-BONG GESCHENKT KRÉIEN WA SE AN D'PENSION GINN.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Do si Leit, Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi an hir wuelverdénge Pension ginn. A si kréien also e Cadeau fir bons et loyaux Services. Dat ass de Gérard Bausch, de Sylvain Halsdorf, d'Madame Silvana Pontelli an den Ecrem Rastoder. Ass de Gemengerot domat d'Accord, dass mer déi Leit goe loossen an och e Cadeau ginn? Jo. Villmools Merci. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia, well hei geet et dann ëm d'Museksschoul.

### 6.2. SCHAFUNG VU 6 POSTE FIR GEMENGEM- PLOYÉEN A SUPPRESSION VU 6 SALARIÉS- POSTEN (CHARGÉ DE COURS FIR DÉI REGIONAL MUSEKSSCHOUL)

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Jo Merci. Hei geet et ëm e Changement vum Statut vu Mataarbechter vun der Museksschoul, sou wéi et um Ordre du jour steet. Am Joer 2008 huet den deemolege Schäfferot zesumme mat der deemoleger Direktioun vun der Museksschoul e System ausgeschafft gehat, iwwert deen d'Enseignante konnten e Changement de Statut ufroen, wa se eng Rei Konditiounen géingen erfëllen. Ënner anerem hu se missen 10 Joer ugestallt sinn a konnten da vum Statut vum Salarié an de Statut vum Employé communal wiesselen. An zanterhier hunn eng ronn 15 Enseignante vun dëser Méiglechkeet kënnen profitéieren. Du koum e Règlement grand-ducal vum 28. Juli 2017 iwwert de Régime an d'Indemnitéite vun den Employés communaux, an du war de Changement de Statut eigentlech net méi avantagéis fir déi Leit an eng Décision de classement war zu deem Zäitpunkt am Enseignement net méi méiglech. Dee leschten Enseignant, deen du de Statut gewiesselt huet, war 2015. Zanterhier ass dee Règlement grand-ducal awer rëm eng Kéier reforméiert ginn, sou datt de Wiessel vum Statut rëm avantagéis an och accessibel ass fir déi Leit. An dofir kréien dann elo 6 Enseignanten, déi d'Konditiounen erfëllen, an déi och eng Demande agereecht hunn, d'Méiglechkeet, fir dee Statut ze wiesselen. Mir proposéieren lech also jeeweils déi Poste vum Salarié op den Employé communal ëmzewandelen, fir dann herno am Huis clos, d'Nomination an d'Décision de classement kënnen ze maachen an d'Nimm dovunner hat Der jo och am Dossier leien. Eise Bob, eisen Direkter vun der Museksschoul



kann haut leider net dobäi sinn, mee ech mengen, wann do nach technesch Froe sinn ass eise Personalchef hei, an dee ka sécherlech och do hëllefen.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia, fir déi doten Erklärungen. Si Froen dozou? Här Friedrich.

**JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV):** Mäer begreissen dat, dass déi 6 Poste suppriméiert gi fir aner 6 Posten ze maachen. En plus gëtt et deene Leit och nach eng aner Perspektiv a Sécherheet, fir dann och Employé communal ze sinn. Wat am Suivi vun der Museksschoul och en Intérêt ass, well mir gesi jo dass d'Museksschoul och ëmmer méi Schüler bäikritt. Dee Moment gëtt et deene Leit och eng Perspektiv, fir och an engem sécheren Ëmfeld mat hire Schüler kënnen ze schaffen. Also mir begreissen dat. Voilà.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi dote Remark. Da géife mer zum Vott iwwergoen. Wien ass mat der Kreatioun vun deene Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir lech hei villmools Merci.

### 6.3. SCHAFUNG VU 5 POSTE FIR EMPLOYÉS COMMUNAUX, INDEMNITÉITSGRUPP B1 (ÉDUCATIF A PSYCHOSOCIAL) (EDUCATEUR DIPLOMÉ) (SERVICE ÉDUCATION ET ACCUEIL)

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer iwwer op d'Kreatioun vu Posten Employés communaux an der Karriär vum Educateur diplômé, Service d'éducation et d'accueil.

#### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci. Dat do ass am Fong d'Kreatioun vun de Poste vun den Diploméen. Dir wësst dass mer d'Lenkeschléi lo opmaachen, dass mer do eng Partie Leit brauchen. Sief et herno och fir d'Crèche, wou Diplômée mussen drakommen an hei ass einfach lo mol d'Kreatioun vun deenen Diplôméeen, déi mer wäerte brauche fir déi nächst Strukturen opzemaachen.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Voilà. Merci Josiane. Froen dozou?

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci. Ech wollt awer eppes widderhuelen, wat ech scho gesot hunn. Ob mer lo d'Educateuren einfach an ee Pool setzen? Well mer jo gesot hunn, d'si jo awer verschidde Prämissen a verschiddene Maison Relais, wéi z.B. Lenkeschléi, déi jo awer wierklech vill méi interaktiv musse schaffen och mat dem Schoulpersonal, och wat hir Horairen ubelaangt, déi e komplett aneren Horaire hunn. Ass et net sënnavoll, awer méi spezifesch d'Posten auszeschreiwe fir z.B. lo an deem Projet Lenkeschléi komme jo warscheinlech nach aner Projekte mat anerer Schoule mat anere Maison Relais op eis duer. Dass een dat net soll méi spezifesch maachen? Och mat der Approche pédagogique vun de Crèchen. Ob mer do net solle méi genau d'Postebeschrëiwung maachen, a wéi eng Richtung wëlle mer eis do an Zukunft organiséieren? Merci.

#### JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Bon, ech ka vläicht ganz kuerz dorobber agoen. Et ass sou datt... mir maache jo fir d'éischt ëmmer e Recrutement interne, wou mer eis Diplomée froen: „Wien ass bereet ze wiesselen, wann e Post fräigëtt an enger Crèche?“ Sief et a Lenkeschléi. Déi ginn dann och gesinn, déi Leit. An déi mussen och wierklech entweeder spezifesch Formatiounen hu fir dohinner oder awer, wéi gesot, déi gi mol am Virfeld gesinn. Dat heiten, dat ass am Fong lo nach, vu que datt mer jo Leit ofzéien a Strukturen, well se sech intern an d'Lenkeschléi gemellt hunn an och do accordéiert krut hu fir dohinner, fir déi ze ersetzen. Hei ass elo eng Haaptpersoun, Dir wäert dat herno gesinn, déi wëlle mer bei d'Logo setzen. Awer déi huet och da wierklech deen néidegen Know-how. Awer fir d'éischt ass mol scho ganz kloer, fir d'éischt ginn déi Posten intern ausgeschriwwen. Do gi se gehéiert. Si se gutt fir dohinner? Passt dat dohinner? Passt dat an d'Lenkeschléi, op sou e Projet? An da kommen déi heiten an déi ersetzen am Fong déi Leit, déi mer ofzéien intern.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane. Nach weider Stellungnamen, Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, datt mer zum Vott iwwerginn. Wie mat der Kreatioun vun deene 5 Posten averstanen ass? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do Merci.

### 6.4. SCHAFUNG VUN ENGEM POSTE FIR E FONCTIONNAIRE COMMUNAL, GROUPE DE TRAITEMENT C1, ADMINISTRATIF (EXPÉDITIONNAIRE ADMINISTRATIF) (SERVICE SANTÉ SCOLAIRE)

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass och d'Kreatioun vun engem Posten als Fonctionnaire communal an der Karriär D1, 40 Stonnen, dat ass virun allem fir eise Service Santé scolaire. Do hu mer de Moment eng Persoun, déi d'Sekretariat mécht, déi awer elo deemnächst wäert an d'Pensioun goen. Am Laf vum Joer 2021. An hei gëllt et einfach de Posten ze schafen, fir en dann och kënnen auszeschreiwen, fir dann och kënnen déi Persoun ze rekrutéieren. Et ass e Service, dee mer opgestockt hunn iwwert paramedezinescht Personal, iwwert Infirmiëren. A mir bleiwe jo nach ëmmer eng vun deenen eenzege Gemengen, déi sou e Service hunn. An do kënn natierlech ëmmer méi administrativ Aarbecht ob eis duer. An hei geet et drëm, dee Posten ze schafen. An natierlech, wann déi Madame, déi de Moment de Poste besetzt an d'Pensioun geet, da kann een natierlech de Posten ofschaffen. Dat hei ass einfach mol fir auszeschreiwen, een anzustellen, fir dass en dann och de fliegende Wechsel maachen.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci Här Buergermeeschter. Mir si jo e bësse bekannt dofir, dass mäer ëmmer kritesch sinn, wann nei Poste geschaf solle ginn. Mee mir soen ëmmer, sënnavoll Posten, déi stëmme mer jo och mat. A mir si jo effektiv och ganz frou, dass mir nach eng vun deene wéinege Gemeng sinn, déi e Service Santé scolaire hunn. Mir ënnerstëtzen dat voll a ganz. A mir fannen et och ganz raisonnabel, dass hei e Changement de Carrière virgesinn ass, well et ass bis elo e



Posten, Employé communal dann der Groupe d'Indemnité D a lo soll et en C ginn. Mee do ginn och d'Ansprüche ëmmer méi héich, och wat déi redaktionell Aarbecht ass. A virun allem och déi Leit, déi op den Terrain ginn, also dat medezinescht Personal, d'Assistante-sociale-Personal, dass déi vläicht och eng Decharge kréien, begrëisse mer dat. A virun allem och, dass et eng parallel Virgab ass, dass mer herno deen anere Posten ofschaffen. Dofir droe mer dëse Posten och mat.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci. Ech mengen et ass virun allem och wichteg, dass hei d'Opbereedung vum Dossier sou ass, dass mer deene Leit, déi herno um Terrain schaffen, vun eisem Personal, vun eisen Infirmiëren, dass mer do ënnert d'Äerm kënne gräifen. Absolut. Do si mer eis eens. Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass dann unanime fir d'Schafung vun deem dote Fonctionnaire-communals-Posten.

#### 6.5. SCHAFUNG VUN ENGEM FONCTIONNAIRE COMMUNAL POSTEN, GROUPE DE TRAITEMENT B1, ADMINISTRATIF (REDAKTER) (SERVICE GAZ ET EAU)

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

An da gi mer op den nächste Posten iwwer, dee mer hei schafe wëllen. An dat ass an eisem Gas- a Waasserwierk, wou mer och e Redakteschposte schafe wëllen an der Carrière B1. Et ass virun allem well mir jo als Stad Diddeleng Proprietär si vum ganze Réseau, a well och mat där ganzer neier Oprëschtung déi mer hu mam Smart Metering, ech mengen och dat fällt alles op eis zeréck, mat der ganzer Digitalisatioun musse mer eis och do am Service verstärken. Wat awer mengen ech de Virdeel ass mat deem heite Posten, vu dass mer jo och hei mussen eng Comptabilité commerciale maaachen, ech mengen Dir hutt jo Begleetbréiwer allegueren dobäi, och vun der Etude Schwartz, respektiv de Brëfwiessel mam ILR, kréie mer deen heite Posten zu 100% finanziert. Dat heescht deen heite Poste kascht d'Gemeng näischt, well en iwwert de Präis dee fixéiert gëtt vum ILR, iwwert de Gas ka mat duerchgeholl ginn. Dat ass en Avantage, dass mer hei dann eis administrativ kënne verstärken duerch déi Méiaarbecht, déi op eis duerkënnt, ouni dass de Posten eis eppes an deem Sënn kascht.

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci. Do hunn ech eng Fro. Wann ech mech net ieren, ass mol do eng Indemnitéit bezuelt ginn. Ech mengen en Ingenieur vu Luxmetering – Accompagnement. Fällt dat ewech? Dat ass meng Fro. Ech hat dat lo am Budget vergiess nozekucken.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Neen, dat bleift. Well et ass den Ingenieur, deen eise Vertrieeder ass am Groupement d'intérêt économique Luxmetering, wou jo och nach eng ganz Rei... Allegueren d'Bedreiwer vu Gasreseauen hei am Land - mir si jo ee vu villen – déi oft Reuniounen hunn um ILR, déi och Verwaltungsrotssitzungen hunn. Do bleift am Fong eisen Ingenieur, eise Chef de Departement déi Persoun, déi eis do vertritt. Voilà. Ass de Gemengerot mat der Schafung vun deem heiten – ech wëll net soe Gratis-Posten, mee awer – deem heite Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

## 7. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

An da komme mer nach zum leschte Punkt an der Séance publique. Dat ass eng Fro un de Schäfferot, a déi ass gestallt gi vum Här Thill. An do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Jo. Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Den Här Thill freet am Numm vun deene Lénken, oder e seet, datt um EU-Niveau gouf d'Decisioun geholl, an och vum ILR guttgeheescht 2017, den analogen, also den traditionellen Telefon, deen Der allegueren nach vun doheem kennt. Datt dee soll deaktivéiert ginn an zwar um Enn 2024. D'Post hat eng Campagne lancéiert mam Numm „All IP“. An Diddeleng wier elo déi éischt grouss Stad, wou Ufank November d'Leit doriwwer informéiert gi wärend via Courrier. Den Här Thill nennt dee Courrier e secke Courrier. Wou se schreiwen datt d'Leit missten op den IP-Réseau ëmklammen, well soss d'Post ab den 2.2.2021 hinnen deen alen, also den analoge System, den Analog-Link, géing ofschalten. Den Här Thill seet och, datt en Aarbechter vun der Post, dee bei d'Leit heemgeet, fir dat do ëmzesetzen, him gesot hätt, dass d'Post Retard hätt an datt wéinst Covid dëse Retard eventuell nach kéint méi grouss ginn. Se also net prett wärend den 2. Februar 2021 an datt souguer wa vun der Post aus alles prett wär, verschidden Usageren trotzdeem nach aner Kabelen an hirem Doheem misste geluecht kréien, fir datt dat Ganzt iwwerhaupt kéint fonctionéieren.

An e seet och dass de fixen Telefon fir Leit, virun allem méi eeler Leit, deen eenzege Kommunikatiounskanal no bausse wär. An datt, wann dee géing ofgeschalt ginn, ouni datt eppes Anescht amplaz do wär, dat ganz grave Konsequenze kéint hunn, zum Beispill och bei engem medezineschen Noutfall. E seet dann och, d'Post hätt him gesot, datt wann den analoge System géing ofgeschalt ginn, aner Saachen, wéi z.B. Alarmanlagen, Feiertektiounssystemer an och Telefoner an de Lifter Problemer kéinte kréien. An e wëllt dann och vun eis wëssen, ob



mär dann och als Gemeng heiriwwer informéiert gi sinn, datt d'Post an 2 Méint wéilt ofschalten an ob de Schäfferot gedenkt, bei der Post ze intervenéieren, fir datt dat net geschitt, wa keen anere System en place ass dee fonctionéiert. Virun allem well den Delai, deen op EU-Niveau geholl gouf, jo nach wäit ewech wär: Souvill zu de Froe vum Här Thill am Numm vun deene Lénken. Bon, d'Post huet elo der Gemeng net telefonéiert, éier se hir Campagne gestart huet, mee ech mengen och datt net Diddeleng eleng sou e Courrier kritt huet. Well dat doten eppes ass, wat net nëmmen eis betrëfft, mee wat u sech d'ganz Land, ganz Lëtzebuerg betrëfft. A well et eeben och ganz Lëtzebuerg betrëfft huet en Deputéierter vum Här Thill senger Partei, den 10. November genau déi nämmlecht Question parlementaire gestallt, ausser eeben den Abschnitt vun Diddeleng ass et praktesch Wuert fir Wuert déi selwecht. Dir fannt déi Question parlementaire op [www.chd.lu](http://www.chd.lu) an dofir verweisen ech och op d'Äntwert op déi Question parlementaire. Déi Äntwert, déi misst an den nächsten Deeg kommen.

Dir wësst, den Delai ass ee Mount fir ze äntweren. Ech hu lo just nach eng Kéier gekuckt, se ass nach net online, obwuel den Delai schonn en Dag ofgelaf ass. Wann déi Question parlementaire bis do ass, da wësse mer méi. An da wësse mer och, ob mer sollen oder musse bei der Post vläicht nach eemol nohaken. Woubäi ech awer och wëll drop opmierksam maachen, datt déi lo sécherlech net alles wäerten op d'Kopp geheie just well den Diddelenger Schäfferot wäert bei hinnen intervenéieren. Ech menge ganz éierlech, datt do muss eppes op nationalem Niveau passéieren, well dat doten eppes ass, wat fir d'ganz Land gëllt. Mee wéi gesot, komm mir waarde mol of op d'Äntwert op déi Question parlementaire, do wäerte mer sécher méi Detailer gewuer ginn. Och déi Äntwert wäert, wéi gesot, an deenen nächsten Deeg op [www.chd.lu](http://www.chd.lu) ze fanne sinn. An da wësse mer méi, an da wësse mer och, wat mer nach an deem heiten Dossier kënnen ënnerhuelen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Dir wëllt d'Wuert kréien. Dir kënnt just nach eng Präzisionsfro stellen. Den Här Thill. Dir kritt ganz gären d'Wuert.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Ech wollt effektiv just ee Punkt präziséieren. D'Post gëtt déi Ëmstellungsarbechten an Opdrag. Et war net e Beamte vun der Post, et war ee vun der Firma ELCO, fir se mam Numm ze nennen, dee gesot huet, si krite dat net am Delai hin. Just als Präzisioun. Ech soen lech Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Merci. Da waarde mer op d'Äntwert, déi dann an den nächsten Deeg wäert kommen.

HUIS CLOS





#  
COVID

# DIDDELENGER IMPFBUS

## **Le Flexibus de Dudelage vous amène gratuitement au centre de vaccination COVID Belval**

### **Vous avez reçu une invitation pour la vaccination ?**

Le Flexibus amène gratuitement les habitants de la Ville de Dudelage de plus de 60 ans au centre de vaccination COVID à Esch-Belval. Profitez de notre offre et laissez-vous conduire depuis votre domicile afin de vous faire vacciner.

**RÉSERVATION DE L'ALLER/RETOUR MIN. 24H  
À L'AVANCE: TÉL. 8002 20 20**

## **Der Flexibus der Stadt Dödelingen bringt Sie kostenlos zum COVID-Impfzenter Belval**

### **Haben sie eine Einladung für die COVID-Impfung bekommen?**

Der Flexibus bringt alle Bürger der Stadt Dödelingen über 60 Jahre gratis zum COVID-Impfzenter in Esch-Belval. Profitieren Sie von unserem Angebot und lassen Sie sich zu Hause zum Impfen abholen.

**RESERVIERUNG DER HIN- UND RÜCKFAHRT  
MIN. 24 STD IM VORAUS: TEL. 8002 20 20**

Le collège des bourgmestre et échevins/Das Schöffenkollegium  
Dan Biancalana, bourgmestre/Bürgermeister  
Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins/Schöffen

DUDELANGE,  
ON DIRAIT  
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelage /// T 516121-1 /// ville@dudelage.lu  
www.dudelage.lu /// blog: www.ondiraitlesud.lu

f/villededudelage @villedudelage